n°9A / 2024














# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 6.12.2024

#maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Roby Goergen,
conseiller LSAP



Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP



Diogo Costa,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng



Marc Meyer,
conseiller DP



Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR



Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: Christiane Colbett / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°9A / 2024 - Parution: mars 2025 - Imprimé au Luxembourg sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE

Rapport sommaire en français 05

**1. CORRESPONDANCE** 08

**2. BUDGET RECTIFIÉ DE L'EXERCICE 2024 ET BUDGET INITIAL DE L'EXERCICE 2025** 08
Présentation et approbation du budget rectifié de l'exercice 2024 et du budget initial de l'exercice 2025

**3. « CHAIRE HISTOIRE ET MIGRATIONS »** 34
Approbation de la convention pour la création et la mise en oeuvre de la « Chaire Histoire et Migrations » entre la Ville de Dudelange, l'Université du Luxembourg et le Centre de Documentation sur les Migrations Humaines

**4. PROMOTION DE LA DÉMOCRATIE PARTICIPATIVE** 51
Approbation du 2e addendum à l'accord de collaboration avec l'Université du Luxembourg pour la promotion de la démocratie participative au Luxembourg

**5. FINANCES** 54
5.1. Modifications à apporter au chapitre IV : Chancellerie – du règlement-taxes général
5.2. Modifications à apporter au chapitre XXIV : Stationnement spécial – du règlement-taxes général
5.3. Approbation du règlement-taxe ayant pour objet le cautionnement lors de la réalisation de travaux le long de la voirie publique
5.4. Résiliation du contrat de bail commercial avec la société coopérative « Maison du Peuple » pour le local commercial sis, 31-35, avenue Grande-Duchesse Charlotte
5.5. Approbation d'un acte notarié avec les consorts Terreri pour l'acquisition d'une emprise sise, 15, rue de la Fontaine
5.6. Cession gratuite d'une parcelle de terrain sise 7, rue Théodore Thiel à la société anonyme « Oceane Group S.A. », la société civile « Ichiro s.c.i. » et les époux Francisco Brito Correia – Filomena Maria Monteiro Lopes Correia
5.6.1. Reclassement de la parcelle de terrain du domaine communal public en domaine communal privé
5.6.2. Approbation de l'acte notarié de cession gratuite
5.7. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux d'infrastructure visant l'extension du réseau de chaleur urbaine en vue de la connexion du nouveau bâtiment scolaire Baltzing
5.8. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de réaménagement de la cour de récréation de l'école Wolkeschdall
5.9. Approbation du devis remanié relatif aux travaux de réaménagement de la cour de récréation de l'école Boudersberg
5.10. Approbation du devis remanié relatif au réaménagement du hall ateliers locomotives au site NeiSchmelz
5.11. Approbation du devis remanié relatif à la nouvelle construction école Strutzbierg C – piscine et gymnase
5.12. Approbation du principe de contracter un emprunt de 15'000'000,- €
5.13. Allocation de subsides extraordinaires

**6. OFFICE SOCIAL** 79
Présentation du rapport d'activité de l'exercice 2023 et approbation du budget rectifié de l'exercice 2024 et du budget initial de l'exercice 2025

# RAPPORT SOMMAIRE

**Présents :** Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Semiray Ahmedova (à l'exception des points numéros 5 et 6 de l'ordre du jour), Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Diogo Costa, Jean-Paul Gangler, Roby Goergen ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler (à l'exception des point numéro 6 de l'ordre du jour), Françoise Kemp ; Messieurs Claude Martini, Marc Meyer, Yves Steffen ; Mesdames Rosella Spagnuolo, Carole Thoma et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. • **Absente :** Madame Fabienne Dimmer, conseillère communale, excusée. • **Délégations :** Madame Fabienne Dimmer, conseillère communale, a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte à Monsieur Roby Goergen, conseiller communal, pour tous les points figurant à l'ordre du jour. Madame Semiray Ahmedova, conseillère communale, a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte à Monsieur Yves Steffen, conseiller communal, pour les points numéros 5 et 6 de l'ordre du jour. Madame Michèle Kayser-Wengler, conseillère communale, a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte à Monsieur Claude Martini, conseiller communal, pour le point numéro 6 de l'ordre du jour.

## 1 – CORRESPONDANCE

Il n'y a pas de correspondance à l'attention du conseil communal.

## 2 – BUDGET RECTIFIÉ DE L'EXERCICE 2024 ET BUDGET INITIAL DE L'EXERCICE 2025

Les membres du collège des bourgmestre et échevins présentent le projet de budget rectifié de l'exercice 2024 et le projet de budget de l'exercice 2025. Les membres du conseil communal sont invités à prendre position par rapport aux documents dans la séance du conseil communal du 13 décembre 2024. Le vote sur ces deux points aura également lieu à la même date. Les deux tableaux synthétiques (Tableau « A » et tableau « B », issus du document budgétaire) permettent de visualiser l'évolution du budget rectifié de l'exercice 2024 par rapport aux prévisions budgétaires initiales et des prévisions budgétaires de l'exercice 2025 par rapport au budget rectifié 2024.

## 3 – « CHAIRE HISTOIRE ET MIGRATIONS »

Le projet « Chaire Histoire et Migrations » a été développé par l'Université du Luxembourg en étroite collaboration avec la Ville de Dudelange et le Centre de Documentation sur les Migrations Humaines. Le Luxembourg Centre for Contemporary and Digital History (C²DH) de l'Université du Luxembourg « met l'accent sur une recherche de haut niveau ainsi que sur l'analyse et la diffusion publique de l'histoire contemporaine du Luxembourg et de l'Europe en encourageant une approche interdisciplinaire avec un intérêt particulier pour les nouvelles méthodes et les nouveaux outils dans la recherche et l'enseignement historiques ». Le Centre de Documentation sur les Migrations humaines de Dudelange (CDMH) a principalement pour mission « d'administrer ses fonds documentaires, d'y accueillir le public et les visiteurs, de soutenir ou mener des recherches en relation avec ses fonds documentaires ou la thématique des migrations humaines (…) ». La Ville de Dudelange est prédestinée pour accueillir la Chaire, alors qu'elle est la « Cité idéale des migrations au Luxembourg (…) qui à travers son passé a participé aux mouvements migratoires majeurs ».

L'objectif de la « Chaire Histoire et Migrations » est de renforcer « (a) la recherche et l'enseignement de l'histoire et des migrations ; (b) le nombre et les compétences des candidats potentiels à l'emploi au Centre de Documentation sur les Migrations Humaines ; (c) les activités de sensibilisation relatives à l'histoire et aux migrations. » La convention entre parties règle, notamment la contribution des partenaires et prévoit un apport financier annuel de la Ville de Dudelange de 200'000,- €, soit un montant total de 1'000'000,- € pour la période initiale de la convention, ceci pour contribuer au financement de la Chaire. Le conseil communal, avec 15 voix et 4 abstentions, approuve la convention pour la création et la mise en oeuvre de la « Chaire Histoire et Migrations » entre la Ville de Dudelange, l'Université du Luxembourg et le Centre de Documentation sur les Migrations Humaines.

## 4 – PROMOTION DE LA DÉMOCRATIE PARTICIPATIVE

Depuis décembre 2020, la Ville de Dudelange et l'Université du Luxembourg oeuvrent ensemble dans le domaine de la démocratie participative, ceci à travers une convention de collaboration. La durée de couverture de ladite convention a été prolongée par un premier avenant. Il est proposé de compléter la convention par un deuxième addendum, afin d'adapter la durée du projet par l'ajout d'une année supplémentaire ainsi que ses modalités financières, plus précisément en ce qui concerne la réaffectation du budget disponible. Après discussion, le conseil communal marque unanimement son accord au deuxième addendum à l'accord de collaboration pour la promotion de la démocratie participative au Luxembourg, passé avec l'Université du Luxembourg en date du 11 novembre 2024. Ainsi, le projet est prolongé du 1er décembre 2024 jusqu'au 31 décembre 2025 sur la base du budget encore disponible, sans entraîner de coûts supplémentaires par rapport ou budget initialement retenu.

# TABLEAU « A »

## RECAPITULATIF DU BUDGET RECTIFIE DE L'EXERCICE 2024

### - Budget initial 2025 comparé au Budget rectifié 2024 -

| | Budget initial 2024 | | Budget rectifié 2024 | |
|---|---|---|---|---|
| | ordinaire | Extraordinaire | ordinaire | extraordinaire |
| total des recettes | 136.058.941,96 | 61.778.061,40 | 147.738.651,99 | 44.527.858,66 |
| total des dépenses | 135.038.301,33 | 64.495.163,20 | 132.216.898,41 | 63.745.245,25 |
| boni propre à l'exercice | 1.020.640,63 | | 15.521.753,58 | |
| mali propre à l'exercice | | 2.717.101,80 | | 19.217.386,59 |
| boni budget rectifié / compte 2023 | 2 040 276,02 | | 10.993.625,09 | |
| mali budget rectifié / compte 2023 | | | | 0,00 |
| boni général | 3.060.916,65 | | 26.513.378,67 | |
| mali général | | 2.717.101,80 | | 19.217.386,59 |
| transfert ordinaire – extraordinaire | - 2.717.101,80 | 2.717.101,80 | - 19.217.386,59 | 19.217.386,59 |
| boni définitif | 343.814,85 | | 7.295.992,08 | |
| mali définitif | | | | |

| Service ordinaire<br>Δ entre Initial 2024 et Rectifié 2025 | | |
|---|---|---|
| | Δ en montant | Δ en % |
| recettes ordinaires | 11.679.710,03 | 8,58% |
| dépenses ordinaires | -2.821.402,92 | -2,09% |
| impact sur le boni propre à l'exercice | 14.501.112,95 | 1420,79% |

# TABLEAU « B »

## RECAPITULATIF DU BUDGET DE L'EXERCICE 2025

### - Budget rectifié 2024 comparé au Budget initial 2025 -

| | Budget rectifié 2024 | | Budget initial 2025 | |
|---|---|---|---|---|
| | ordinaire | extraordinaire | ordinaire | extraordinaire |
| total des recettes | 147.738.651,99 | 44.527.858,66 | 151.649.830,00 | 45.929.487,00 |
| total des dépenses | 132.216.898,41 | 63.745.245,25 | 144.197.203,88 | 56.871.339,77 |
| boni propre à l'exercice | 15.521.753,58 | | 7.452.626,12 | |
| mali propre à l'exercice | | 19.217.386,59 | | 10.941.852,77 |
| boni compte 2023 / rectifié 2024 | 10.991.625,09 | | 7.295.992,08 | |
| mali compte 2023 / rectifié 2024 | | | | |
| boni général | 26.513.378,67 | | 7.295.992,08 | |
| mali général | | 19.217.386,59 | | 10.941.852,77 |
| transfert ordinaire - extraordinaire | - 19.217.386,59 | 19.217.386,59 | - 10.941.852,77 | 10.941.852,77 |
| boni définitif | 7.295.992,08 | | 3.806.765,43 | |
| mali définitif | | | | |

| Service ordinaire<br>Δ entre Rectifié 2024 et Initial 2025 | | |
|---|---|---|
| | Δ en montant | Δ en % |
| recettes ordinaires | 3.911.178,01 | 2,65% |
| dépenses ordinaires | 11.980.305,47 | 9,06% |
| impact sur le boni propre à l'exercice | -8.069.127,46 | -51,99% |

**5 – FINANCES**

Le conseil communal approuve unanimement toutes les décisions inscrites au point numéro 5 de l'ordre du jour – Finances, à l'exception toutefois du point numéro 5.10. :

5.1. les modifications du règlement-taxes général en ce qui concerne les taxes de chancellerie (chapitre IV), plus spécialement les taxes pour les autorisations de construire qui sont désormais fixées comme suit :

| | | | |
|---|---|---|---|
| a. | Maison unifamiliale | | 150,- € |
| b. | Maison de commerce et établissement industriel | | |
| | Superficie exploitée | < 100 m² | 50,- € |
| | | ≥ 100 m² et < 500 m² | 100,- € |
| | | ≥ 500 m² et < 1.000 m² | 250,- € |
| | | ≥ 1.000 m² | 500,- € |
| c. | Immeubles plurifamiliaux | | 250,- € |
| d. | Annexe, garage, par box, hangar transformation | | 50,- € |
| e. | Clôture, mur, enseigne lumineuse, vitrine, percement de porte, fenêtre | | 25,- € |
| f. | Monument funéraire, échafaudage | | 25,- € |
| g. | Autorisation de morcellement | | 50,- € |

5.2. les modifications du règlement-taxes général en ce qui concerne les dispositions du stationnement spécial (chapitre XXIV). Dorénavant une taxe forfaitaire unique de 15'000,- € est due par unité d'emplacement de stationnement pour véhicules manquante dans les constructions nouvelles, les reconstructions et les immeubles transformés, situés dans la zone d'habitation MIX-u•s de la Ville, conformément aux dispositions du plan d'aménagement général en vigueur ;

5.3. l'introduction du principe de cautionnement lors de la réalisation de travaux le long de la voirie publique. Toute exécution de travaux de gros-oeuvre et/ou de travaux de raccordement le long d'une voie publique, susceptibles d'apporter des dégâts aux installations et aménagements publics, est soumise au paiement d'une caution. Sont visés, les travaux en relation avec la construction d'un nouvel immeuble d'habitation, d'un édifice agricole, artisanal, commercial ou administratif, les travaux de transformation ou d'agrandissement d'envergure et tous les travaux quelconques nécessitant une intervention sur le domaine public.

La caution sert à couvrir les dégâts éventuels qui pourront survenir à l'infrastructure publique lors de l'exécution des travaux prémentionnés. La caution est également retenue pour le cas où les travaux ne sont pas exécutés conformément aux dispositions de l'autorisation de bâtir et/ou du passeport énergétique (CPE). La caution est fixée à un montant forfaitaire de 5.000,- € pour une maison unifamiliale et de 15.000,- € pour une maison plurifamiliale, un immeuble mixte, commercial, artisanal ou industriel ou une station-service ;

5.4. la résiliation du contrat de bail commercial avec la société coopérative « Maison du Peuple » pour le local commercial sis, 31-35, avenue Grande-Duchesse Charlotte ;

5.5. l'acte notarié avec les consorts Terreri pour l'acquisition d'une emprise sise, 15, rue de la Fontaine ;

5.6. l'acte notarié de cession gratuite d'une parcelle de terrain sise 7, rue Théodore Thiel à la société anonyme « Oceane Group S.A. », la société civile « Ichiro s.c.i. » et les époux Francisco Brito Correia – Filomena Maria Monteiro Lopes Correia. En amont de l'approbation de l'acte notarié, le conseil marque son accord au reclassement de la parcelle de terrain du domaine communal public en domaine communal privé ;

5.7. le devis estimatif, établi par le bureau d'études Schroeder & Associés S.A., pour un montant de 530'000,- €, toutes taxes comprises, relatif aux travaux d'infrastructure visant l'extension du réseau de chaleur urbaine en vue de la connexion du nouveau bâtiment scolaire Baltzing à celui-ci. Les travaux sont nécessaires, sachant que la Ville prévoit la démolition de l'école Baltzing près de la rue Robert Schumann, puis la construction d'une nouvelle école sur le même site. Le projet nécessite la pose d'un nouveau réseau de chaleur afin de répondre aux besoins énergétiques du projet. De ce fait, il est prévu de réaliser la pose de deux conduites depuis le réseau existant dans le carrefour rue Pasteur/rue Pierre Dupong en passant par la rue Theodore Thiel pour se raccorder à la future école Baltzing ;

5.8. le devis estimatif du bureau d'urbanisme et d'architecture du paysage Andrea Weier pour un montant de 520'000,- €, toutes taxes comprises, relatif aux travaux de réaménagement de la cour d'école Wolkeschdall ;

5.9. le devis remanié, établi par le service communal des travaux publics, pour un montant de 585'00,- €, toutes taxes comprises, relatif aux travaux de réaménagement de la cour de récréation de l'école Boudersberg ;

5.10. avec 15 voix oui et 4 abstentions est approuvé le devis remanié, établi par le service de l'Architecture et des Domaines, Travaux neufs, estimant les travaux de réaménagement du hall ateliers locomotive au site NeiSchmelz à un montant de 5'440'000,- €, toutes taxes comprises.

5.11. le devis remanié, établi par le service de l'Architecture et des Domaines, Travaux neufs, d'un montant de 26'000'000- €, toutes taxes comprises, relatif à la nouvelle construction École Strutzbierg C – piscine et gymnase ;

5.12. le principe de contracter un emprunt de 15'000'000,- €, destiné à équilibrer le budget de l'exercice 2024. L'emprunt servira au financement des grands travaux extraordinaires d'infrastructure, prévus au budget des dépenses extraordinaires et pour lesquelles un plan de paiement exige le respect des délais ;

5.13. l'allocation des subsides extraordinaires suivants : 30'000,- € à l'a.s.b.l. « Diddeleng Hëlleft » en tant que subvention pour l'aide au tiers monde ;
200,- € à Aikido-Dojo Diddeleng, Aéro Club Diddeleng, APELNB Elterekommitee LNB, Astronomes Amateurs

du Luxembourg, Badminton Club Diddeleng, Basket T71 Dudelange, Boxing Club Dudelange, Cercle de Billard Dudelange, Comité Les Bons Voisins, Commission des jeunes du basket T71 Dudelange, Diddelenger Turnveräin, Fuerveräin Knabbermais, Judo et Ju-Jitsu Dudelange, Rugby Club Terres Rouges, Union luxembourgeoise des femmes Baha'ies, Ecole de Théâtre de Dudelange a.s.b.l., Harmonie Municipale Dudelange, pour avoir participé à l'édition 2024 de Summer, Spill a Spaass ; 211,- € à l'a.s.b.l. des Amis des Brigades internationales – Luxembourg en tant que subside ordinaire pour soutenir ses activités de promotion des valeurs démocratiques ; 6'000,- € à l'Amicale des Enrôlés de Force pour couvrir les frais de présence de personnel lors de l'ouverture du Musée des Enrôlés de Force en 2024.

## 6 – OFFICE SOCIAL

Après la présentation du rapport d'activité de l'exercice 2023, le conseil communal avalise avec toutes les voix le budget rectifié de l'exercice 2024 et le budget initial de l'exercice 2025 de notre Office social.

*L'ordre du jour, n'ayant pas été épuisé, le conseil communal marque son accord pour procéder à la suite des discussions et des décisions lors de sa prochaine séance en date du 13 décembre 2024. Fin de la séance vers 18.00 heures.*

# GEMENGEROTSSITZUNG VUM 6. DEZEMBER 2024



## 1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, e schéine gudde Mueren an häerzlech wëllkomm hei bei der Gemengerotssëtzung vum 6. Dezember, wou virun allem och d'Presentatioun vum Budget rectifié 2024 a vum Budget initial 2025 um Ordre du jour steet an dann deen normalen Ordre du jour. Der Form halber, wëll ech soen, dass d'Fabienne Dimmer sech formméisseg ofgemellt huet fir dëse Gemengerot an dem Roby Goergen eng Procuratioun ausgestallt huet.

## 2. BUDGET

**Presentatioun an Approbatioun vum Budget rectifié vum Exercice 2024 a vum Budget initial vum Exercice 2025**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà haut ass de 6. Dezember. Mir haten d'Éier dass de Kleeschen innerhalb vun enger Woch zweemol op Diddeleng komm ass, wch mengen dat ass e gutt Zeechen. An d'Zeeche sinn och esou gestallt, dass mer lech da presentéiere wäerten, wat am Fong alles vu gudde Saachen 2025 op Diddeleng wäert duerkommen, fir dat am Kader vum 6. Dezember ze deiten. Mir wäerten also virun allem de Bilan zéien am Kader vum Budget rectifié 2024. Mee virun allem am Budget initial 2025 wäerte mer als Schäfferot hei zesummen d'Prioritéiten an d'Invester vun enger ganz Rei Beräicher presentéieren, virun allem natierlech de Fokus op d'Joer 2025. An ech mengen et sinn eng Rei Dokumenter an deem Kader, déi lech zur Verfügung stinn.

Mir hunn eng PowerPoint-Presentatioun opbereet, sou wéi mir dat och all Joers maachen, déi engem an d'Zuelen Abléck ginn. Dir hutt och d'Budgetsdokument. Mir haten net méi spéit wéi dëse Méinden, also den 2. Dezember Finanzkommissioun, de Rapport, dee läit och vir. A wéi gesot dann och dat ganzt Budgetsdokument. Also mengen ech alleguerten d'Elementer stinn zur Verfügung. An haut geet et jo da virun allem drëm, och déi Zuelen oder déi plakeg Zuelen, déi am Budget stinn, mat Liewen ze fëllen an och ze soen, wéi eng Prioritéiten hei deementspriechend och gesat ginn. Mee virop wéilt ech vun dëser Plaz e ganz, ganz grousse Merci soen dem Pascal Poull, eisem Comptabel a senger ganzer Ekipp, sengem ganze Service. Déi lescht Woche ware fir si zimmlech intensiv, dat muss ee soen. E Budget opstellen ass a bleift ëmmer eng Erausfuerderung. Dofir geet natierlech och e Merci och un eis verschidde Servicer, déi och gehollef hunn, dëse Budget mat opstellen a sech och ganz aktiv hei mat abruecht hunn.

Wat sinn am Fong déi makroekonomesch Virgaben, déi eis zur Verfügung stinn, wa mer hei de Budget presentéieren? Bon, à la base, wéi all Joer, hu mer d'Circulaire budgétaire vum 17. Oktober, déi eis zougedroe ginn ass vum Inneministère. Bon, déi fousst natierlech och op Zuelen, op deene vun de Staatskonten, vum Kont vum Joer 2023, dee virläit an deen net méi spéit wéi a plus/minus zwou Wochen an der Chamber och wäert gestëmmt ginn. Mee wéi gesot, déi Zuele leie vir. An do gesäit een natierlech an deenen Zuelen, an deene staatlechen Dotatioune vis-à-vis vun de Gemengen insgesamt hei am Land eng positiv Evolutioun bei der Gewerbesteier, beim Impôt commercial communal, deen de Staat anzitt an de Gemengen natierlech weidergëtt, well et eng kommunal Steier ass, notamment um Niveau vum Taux, dee mer jo festsetzen. Do gesäit een am Budget rectifié 2024 e Plus vun 13,4 % par rapport zum Kont 2023 an e Plus vu 17,4 % fir den Initial 2025 par rapport zum Kont 2023. An da mengen ech deen anere Volet, dat ass de Fonds de Dotation Globale des Communes, den FDGC, wat mengen ech dee gréisste staatlechen Apport ass a punkto Dotatioun, do gesäit een e Plus vun 12,8 % am Rectifié 2024 par rapport zum Kont 2023 an e Plus vu 17,2 % am Initial 2025 par rapport zum Kont 2023.

Dat sinn also déi makroekonomesch Virgaben, déi mer hunn an d'Prozentsätz, un deene mer eis also orientéieren, wa mer dëse Budget opstellen. An hei spezifesch och natierlech dann am ordinäre Beräich. Wann een natierlech de Kont 2023, dee läit jo och beim Staat, wéi gesot, vir. Ergo läit och de Kont 2023 vun der Gemeng vir, deen hu mer jo och hei mat ageschafft. An dat spillt natierlech bei der Opdeelung engersäits hei vum Rectifié a vum Initial och deementspriechend eng Roll. An et ass och an deem Kontext, an deem generelle Kontext, an deem mer eis beweegen. Et ass awer natierlech och esou, dass de lokale Kontext, Dir hutt et eraushéieren, sech och am Kader vum nationale Kontext beweegt. An deen natierlech mécht net Abstraktioun vum europäeschen a respektiv internationale Kontext vun den ëffentleche Finanzen au sens large. An do mierkt een, dass d'Situatioun insgesamt net méi esou staark an awer nach weider liicht ugespaant bleift a verschidde Beräicher. Ech wäert herno nach drop zréckkommen.

Wa mer elo e bëssen an de Budget initial 2024 andauchen. Wat sinn elo do d'Eckdate vun deem Budget rectifié 2024? Um Niveau vun de Recetten am ordinäre Beräich hu mer 147.738.651,99 €. Wa mer d'Depensë kucken, am ordinäre Beräich sinn 132.216.198,41 €. Dat mécht eis ee Boni am ordinäre Beräich vu 15.521.753,58 €. Wann een et vergläicht mam Initial 2024 hate mer e Boni vu liicht iwwert enger Millioun.

Also et ass eng ganz säfteg Steigerung vun 1420 %, e jamais vu à ce stade hei zu Diddeleng. Dann hate mer am extraordinäre Beräich Recettë vu 44.527.888,66 €. An um Niveau vun den Depensen: 63.745.245,25 €. Dat mécht eis e Mali vun 19.217.336,59 €. Wa mer dann de Boni eriwwerhuele vum Kont 2023, déi 10.993.625,09 €, da komme mer op e generelle Boni vu 26.513.378,67 €. A wa mer do déi 19,2 Milliounen ofzéien, schléisse mer de Budget rectifié mat engem Boni vu 7.295.922,08 € of. An dat sinn am Fong ganz positiv Zeechen, wann een och gesäit, dass mer den Initial 2024 mat engem Boni wollten ofschléisse vun 343.814,85 €.

Wat fënnt een am Budget rectifié 2024 erëm? Dat sinn eng Rei Elementer. Engersäits am ordinäre Beräich um Niveau vun de Recetten. Engersäits natierlech, klassescherweis, de Restanten. Dat si 744.483,66 €. Am Kont 2023 waren et nach 824.779 €. De Restante geet konsequent a kontinuéierlech erof. Ech mengen Dir wësst jo, dass dee Montant am Fong d'Schëldner, d'Personnes physiques an d'Personnes morales erëmspigelt, déi vis-à-vis vun der Stad Diddeleng an der Kräid stinn. A mir hate jo net méi spéit wéi virun e puer Wochen hei am Gemengerot an och dem Receveur eebe gréng Luucht gi fir effektiv déi Montanten, déi nach opsti weider ze poursuivéieren. De Restanten hëlt of, ass nach ëmmer do. Mee am Fong an deem Sënn ass dat positiv, dass e weider ofhëlt. An op der enger Säit, also am Rectifié hei effektiv och e Bestanddeel ass.

Dann hu mer d'Gewerbesteier. Dat ass 1,6 Milliounen Euro. Déi geet natierlech, wat de Pourcentage an der Circulaire ugeet, liicht erop, par rapport zu deem wat initialement virgesi war an der Circulaire. Wann een awer natierlech elo, par rapport zu eisem Initial kuckt, da geet e vun 2,1 op 1,6 Milliounen erof. Dat weist natierlech nach ëmmer, dat hunn ech ëmmer hei gesot, dass d'Gewerbesteier eng ganz volatil Steier deementspriechend ass.

De Fonds de Dotation Globale des Communes, FDGC, ass liicht iwwert 93 Milliounen Euro, ass also eng Hausse unnähernd vun 10 Milliounen Euro par rapport zum Initial 2024, dee louch bei 83,4 Milliounen Euro. Dat huet eebe mat deene Prozentsätz ze dinn, déi ech lech virdru gesot hunn, déi mer eeben asetzen, och par rapport zum Kont, déi deen Ënnerscheed ausmaachen. Soss am ordinäre Beräich sinn och d'Contributioune vum Staat, par rapport zum Fonctionnement vun eise Maison-relaisen, vun eise Crèchen, vun eiser Musekschoul, déi mer jo an Eegeregie deementspriechend och hei bedreiwen. An dann och natierlech d'Gemengentaxen.

Dann um Niveau vun den Depensen am ordinäre Beräich. Virop bemierkt, dass mer jo am September keng Liste modificative an de Gemengerot bruecht hunn. Dat mierkt een och hei um Niveau vun den Depensen, déi manner héich ausfalen insgesamt am ordinäre Beräich, wéi dat wat am Initial geplangt war. Mir hunn déi Annuitéite vu 6 Milliounen Euro.
Dann och natierlech eng Rei Verschibungen, wat d'Astellung vu Personal ugeet, Astellung vun neiem Personal, dat sech och nach hanne verlagert huet. Wat natierlech awer nei dobäi kënnt, dat ass en neie Moment, an och dat stoung an der Circulaire, dat ass eis Contributioun zum Fonds pour l'Emploi. Et stoung an der Circulaire. Et ass e Projet de loi, dee jo virläit, fir am Fong déi Contributioune vun de Gemengen ze iwwerschaffen. Mir hu bis elo ëmmer null Euro bezuelt. Dat gëtt jo am Fong ausgemeet als Orientatioun un der Moyenne, déi een huet, wou een drënner ass oder driwwer ass par rapport zu der Gewerbesteier. De Prinzip ass elo, dass een d'office 2 % soll bezuele vun der direkter Contributioun, déi een am ICC huet. Dat soll scho fir de Rectifié an den Initial spillen. D'Gesetz ass esou ausgewisen, och wann et nach net gestëmmt ass an der Circulaire. Ech mengen dass mer einfach emol déi Montant sollen drasetzen, wat mer gemeet hunn. Soudass dat am Rectifié 2024 mat 200.000 € zur Buch schléit, wou et am Initial 0 € deementspriechend war.

Dann, wat awer am Ordinaire och ass, dat verlagert sech natierlech op den Initial 2025, do kommen ech herno nach eng Kéier drop zréck, dat ass déi Indextranche, bon, déi insgesamt jo ewechfält dëst Joer, well d'Inflatioun sech awer agependelt huet, net esou héich ausgefall ass, wéi dat och d'Pronosticken an d'Prognose ware vum Statec. Déi Verschibung also, wéi gesot, vun 2024 op 2025, déi spillt natierlech och an den ordinären Depensen deementspriechend mat, nieft dem Fait, dass mer awer och insgesamt iwwert dat ganzt Joer eng virsiichteg Ausgabepolitik bedriwwen hunn. Sou dass mer op där enger Säit am Rectifié, wat d'Recetten am ordinäre Beräich ugeet, eng Hausse vun 8,6 % hunn a bei den Depensen eng Baisse hu vun 2,1 %. An ech mengen dat spigelt sech och dann deementspriechend an deem Sënn erëm.

Wa mer eriwwerginn op den extraordinäre Beräich am Rectifié, an de Recettes extraordinaires. Bon, ech mengen Dir wësst, dass mer am Initial en Emprunt virgesinn hate vun 43 Milliounen Euro. Deen hate mer theoreetesch ageschriwwen. Schlussendlech gesitt Der och am Rectifié, dass er just 35 Milliounen an Usproch huelen. Also net déi 43, déi mer ageschriwwen hunn, mee just 35. 20 Milliounen hu mer jo scho gezunn. Dat hate mer jo schonn hei am Gemengerot. An am Laf vum Dag, et ass jo och ee Punkt um Ordre du jour, steet jo nach deen Emprunt vu 15 Milliounen Euro, dee mer wëllen zéien. Mee insgesamt hu mer jo och den Emprunt vill méi spéit gezunn, wéi dat wat initial virgesi war. Den Emprunt ass, wéi gesot, am Hierscht gezu ginn, deen éischten. An insgesamt brauche mer 8 Millioune manner Emprunt wéi dat wat initial am Initial dann eebe geplangt war. An deen Emprunt brauche mer fir natierlech gréisser Projeten, sief datt d'Renovatioun vun der Briller Schoul, de Centre sportif hei um Strutzbierg, d'Gemengenatelieren, d'Déierenasyl an eng ganz Rei Logementswunnengen, abordabele Wunnraum. Also et sinn awer wichteg a grouss Infrastrukturprojete fir Diddeleng.

An do natierlech, nieft dem Emprunt kommen awer och dann d'Subside vum Staat, Subsiden, déi un eebe Projete gebonne sinn. Bon, an hei mierkt een och am Inital 2024 par rapport zum Rectifié 2024 an och par

rapport zum Initial 2025, do ginn et eng Rei Verschibunge säitens vum Ausbezuele vum Staat vun de Subside säitlech vun der Stad Diddeleng um Niveau vum Timing. Mee do si mer drop. Ech mengen déi Suen hu mer zegutt an déi kréie mer och. Et ass eebe just eng Verschibung, déi an deem Kontext stattfënnt. Dann, par rapport zu den Depensen. Den Investvolumen gëtt héich gehalen. Mir haten am Initial 54,5 Millioune virgesinn. Am Rectifié 63,8 Milliounen Euro. D'Projeten, déi lafen op Héichtouren, e puer Reporten, wéineg Kreditter, déi mer hei am Gemengerot bis dato nogestëmmt hunn. An de Mëtten hu mer nach eng aner Diskussioun. Mee wéi gesot, et ass mat engem Projet, deen 2020 ugefaangen huet, ronderëm de Complexe sportif Strutzbierg. Mee à ce stade, generell kann ee soen, dass mer ronn e Boni hunn, wéi ech virdru gesot hunn, vu 7,3 Milliounen Euro am Rectifié. Déi spillt eis gutt an d'Kaarten. An deen huele mer also eriwwer an den Initial vum Joer 2025. Dat e bëssen d'Ausgangsbasis vum Rectifié vum Joer 2024.

Wann ech dann iwwerginn an den Initial 2025, wat eise Plat de résistance ass. Wann ech do op d'Zuelen aginn. Do hu mer engersäits am ordinäre Beräich, wann ech mat de Recetten ufänken, 151.649.830 €. Depensen am ordinäre Beräich 144.197.203,88 €. Dat mécht eis e Boni am ordinäre Beräich vu 7.452.626,12 €. Am extraordinäre Beräich hu mer Recettë vu 45.929.487 € an Depensë 56.871.339,77 €. Wat dann e Mali mécht am extraordinäre Beräich vun 10.941.852,77 €. Wa mer dann déi 7,2 Millioune vum Boni vum Rectifié mat eriwwerhuelen, wéi gesot, an effektiv dann dee Mali vun 10,9 Milliounen ofzéien am extraordinäre Beräich, da lande mer op engem viraussiichtlech definitive Boni vun 3.806.765,43 €. Dat ass emol sou wéi mer, wéi gesot, den Initial opgestallt hunn.

Ech hat virdru gesot, ech géif drop zréckkommen, wat ass am Fong dat ekonomescht, dat wirtschaftlecht Ëmfeld, an deem mer eis beweegen? Ech mengen Dir konnt liesen, dass, bon, d'Reprise um nationale Plang awer op sech waarde léisst, och wann et liicht positiv Unzeeche ginn, zu Lëtzebuerg an och am Euroraum. Am Bau an an an der Industrie bleift d'Situatioun kritesch. D'Demande hëlt zou, mee net exponentiell. Bon, dobäi kënnt, dass, laut och weidere Prognose vum Statec, dass den Emploi nëmmen ëm 1,5 % soll wuessen. De Chômage a Richtung 6 % geet. Voilà, d'Situatioun um Aarbechtsmarché net evident ass. D'Indextranche, déi dëst Joer fale sollt am 4. Trimester gëtt op 2025 reportéiert an impaktéiert natierlech och do d'Depensen. Dat muss ee soen. A wéi gesot, d'Croissance insgesamt soll e Plus vun 2,7 % erreechen.

D'Logementspräisser fänken erëm och unzezéien. Dir wësst, den Energiedeckel verschwënnt, dee gëtt 2025 ofgeschaaft. Also e richtegen Decollage gesäit kloer aneschters aus. De Krich an der Ukrain, deen hält och deementspriechend un. An deem Kontext sinn natierlech och de Staat respektiv dann och d'Gemengen, déi eng Rei Initiativen huelen. Op där anerer Säit, an dat mierkt een och um Niveau vun der Circulaire souwuel am Rectifié wéi och am Initial. Duerch méi Lounsteier a méi TVA, déi am Fong och de Fonds de Dotation Globale des Communes speist, an déi och natierlech dann de Staat kritt, fléisst natierlech méi an de Fonds de Dotation Globale des Communes. An dovunner profitéieren d'Gemengen. An d'Gemenge profitéieren natierlech och vu méi Gewerbesteier, déi deementspriechend erakënnt an déi och generéiert gëtt. An ech mengen, dass dat gutt ass.

An deene leschte Joren, Dir wësst et, mat engem klengen Abroch 2020, gouf et konsequent eng Erhéijung vun der staatlechen Dotatioun vum FDGC. An dat mierkt een och, wann een op d'Tableaue kuckt hei zu Diddeleng. Dat mierkt een am Budget rectifié 2024 an och am Initial 2024. An zemools jo och de Kont 2023 besser ausgefall ass wéi initial geplangt. Déi positiv Situatioun, dat muss een awer och soen, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn duerch déi staatlech Dotatiounen, déi de Gemengen zegutt kommen, ass awer eng ganz aner an eisen Nopeschlänner. Wann ee gesäit, an der Belsch an a Frankräich, wou staatlech Dotatioune vum Zentralstaat vis-à-vis vun de Gemenge gekierzt ginn. An dës zu Onmutt bei ganz ville Gemengen a lokalen Exekutive féiert an déi dat och zum Ausdrock bréngen, si mer awer insgesamt hei zu Lëtzebuerg nach an enger ganz confortabeler Situatioun, wann ee gesäit wéi eis Homologen an eisen Nopeschlänner, wéi déi am Fong d'Gemengen-, d'staatlech Finanzen, awer och d'Gemengefinanzen deementspriechend och handhaben a meeschtere mussen. A mat dëser Viraussetzung, mat dëse Prämisse mengen ech ass et awer wichteg, grad eebe mat där Reprise, déi awer net esou richteg ukënnt, ass a bleift et wichteg, an ech mengen de Budget, den Initial 2025 ass awer e Spigelbild dovun, ass et wichteg, dass mer och als Stad Diddeleng eis Contributioun bréngen an och den Investvolumen héichhalen. Dee läit bei 56,8 Milliounen Euro.

Dass mer weider, wat mer bis elo och ëmmer gemeet hunn, antizyklesch handelen, also den Investissement public weider héichhalen. An awer och eng erhéichte Wachsamkeet üben, eng virsiichteg Finanzpolitik bedreiwen, déi eis awer, mengen ech, an deem Kader an deem mer eis beweegen, och den néidege Gestaltungsraum léisst fir kënnen awer och nach, virausschauend ze handelen, well och dat ass weider ugesot. Dëse Schäfferot, dës Majoritéit huet sech virgeholl, an ech mengen am Laf vum Muere wäerten hei d'Kolleegen aus dem Schäfferot op déi verschidde Punkte vun hire Ressorten agoen. Mir hunn eis virgeholl als Schäfferot, als Majoritéit weider un der Entwécklung vun Diddeleng, vun eiser Stad, ze schaffen. Eng Stad, déi vill verschidde Facetten huet an eng Stad, déi vill Potenzial huet. Bon, dat ass eng Responsabilitéit, déi mer virun den Diddelengerinnen an Diddelenger deementspriechend hunn.

Zu Diddeleng an deene Projeten, déi mer bis elo ëmgesat hunn, déi elo amgaang sinn an déi mer wëlle weider plangen, do ginn et, soen ech ëmmer erëm, keng Pronkbauten, do gëtt et keen "nice to have" mee dat sinn am Fong Projeten, déi stets no Analys vun der Méiglechkeet, der Nëtzlechkeet an dem Méiwäert ëmgesat ginn. Am Bléck natierlech awer och ëmmer vun de gesetzleche Flichten, vun de Missions obligatoires, déi mer och als Gemeng deementspriechend hunn. Méi no de Missions obligatoires wéi no de Missions faculta-

tives, quitt dass natierlech och d'Missions facultatives ee ganz wichtegen Aspekt sinn am gesellschaftleche Liewe vun enger Gemeng. Dofir ass net vun ongeféier, dass dëse Budget sech der sozialer Kohäsioun, dem gesellschaftlechen Zesummenhalt an och der Resilienz verschreift, an och natierlech weider Akzenter, punkto Ëmsetzung vun eiser Schäfferotserklärung wäert enthalen. Dir wäert dat am Laf vum Mueren nach gesinn.

Am Joer 2025 gi besteeënd Projeten ofgeschloss, vum Gemengerot scho gestëmmte Projeten, déi gi realiséiert. A mir wäerten d'Planung vu weidere generatiounsiwwergräifende Projeten entaméieren. Déi Projeten, déi ginn nohalteg geplangt, si droen zur Resilienz bäi a si sinn no un de reelle Besoinen orientéiert. Si solle mat Verantwortung ausgefouert ginn, well mer an enger Situatioun sinn, wou de Bestand natierlech muss renovéiert ginn, notamment vill Mise en conformité am Kader vu legalen Texter, déi eis virleien an awer och Neibaute plange. Projeten also, déi zwéngend néideg sinn. An dat erkläert och insgesamt an der Ausriichtung vun deene 56,8 Milliounen Euro, dass 8,4 Milliounen Euro, also 14,8 % an nei Projeten investéiert gëtt. Et gëtt investéiert a Kannerbetreiungsinfrastrukturen, an den abordabele Wunnraum, a Sportinfrastrukturen, Urbanismus a Stroossebauinfrastrukturen, also Projeten, déi zur Resilienz bäidroen. An dat sinn natierlech Projeten, wéi gesot, déi och wichteg deementspriechend sinn.

Wann ech elo e bëssen andauchen an de Budget initial 2025, an de Recetten, gesamt ordinaires an extraordinaires, am Joer 2025, do gräife mer net op eis Reserv insgesamt zréck. Dir wësst, déi Reserv, an dat konnt een och am Budgetsdokument erëmfannen, déi ass op 9,8 Milliounen Euro, op dräi Fonge verdeelt. Een iwwert de Klimapakt, een iwwert de Fonds de péréquation communale an dee klassesche Gemengefong, d'Gemengereserv. Dir hutt an der Circulaire och konnten noliesen, dass e Projet de loi an der Maach ass fir de Fonds communal de péréquation ofzeschafen. Dee gouf 1967 an d'Liewe geruff als Instrument de crise, wou souwuel de Staat an d'Gemengen an dee Fong abezuelt hunn. An deem Fong hu mir liicht iwwer 3 Milliounen Euro. A wann dee Fong opgeléist gëtt, wäerte mir déi 3 Milliounen, déi an deem Fong sinn, eraushuelen an an de klassesche Gemengefong iwwerdroen, sou dass dat just eng comptabel Verschibung ass, mee un de Montanten ännert sech näischt. Eis Reserv bleift insgesamt bei 9,8 Milliounen Euro.

Beim Impôt foncier, dee schléit mat 1,1 Milliounen zu Buch. Also wéi gesot, als Recette. Den Impôt commercial 1.660.000.- € hu mer agedroen. Och do loosse mer och emol klassesch, grad eebe well e sou volatil ass, de Principe de prudence walten. Well normalerweis hätte mer kéinten 1,7 Milliounen aschreiwen. Also 100.000 € manner ageschriwwen. Dat hu mer souwuel am Rectifié gemaach wéi och am Initial. An am Fonds de dotation globale des communes, do si 96,7 Milliounen Euro. Am Initial 2024 hat ech virdru gesot waren 83,4 Milliounen Euro. Also hei e Plus vun 13,4 Milliounen Euro wat de Fonds de dotation globale des communes ass. An déi staatlech Dotatiounen insgesamt maache 65,7 % aus. Dat sinn déi sougenannte Recettes non-affectées. An et sinn natierlech och déi Recetten, déi zu der Autonomie communale bäidroen. An déi eis och, mengen ech, dee Gestaltungsraum ginn, dee mer och deementspriechend brauchen.

Dann, an der Recette ordinaire, hu mer natierlech och d'Apporte vum Staat. Wéi gesot, d'Frais de fonctionnement, déi mer hunn, fir eis Maison relaisen, d'Crèchen, d'Museksschoul, d'Personalfraisen, déi mer zréckbezuelt kréien, d'Initiatives sociales respektiv awer och Infrastrukturen, déi mer dem Staat zur Verfügung stellen a wou de Staat bei eis Locataire ass. Ech denken do un de Centre sportif René Hartmann. Diddeleng ass eng vun deene Gemengen, wou de Staat net allze vill gréisser Infrastrukturen huet, wou mir notzen, mee et ass éischter ëmgedréit, respektiv hu mer dat a Collaboratioun gemeet hunn. Dofir bezilt de Staat eis eng Locatioun. An dofir hu mer natierlech och, op där anerer Säit, punkto Apporten, och eis Gemengentaxen: Gas, Waasser, Ofwaasser, Taxe de Stationnement, Durchlaufgebühr, ech mengen dat alles kennt Der.

Mee och do de Message 2025 wäert, an deem Sënn, wat déi doten Taxen ugeet, keng Erhéijung och deementspriechend stattfannen. Well mer jo och wëssen, dass aner Momenter nach am Kader vum Joer 2025, wat Haussen ugeet op eis duer wäerte kommen. Dann déi extraordinär Recetten. 45,9 Milliounen Euro staatlech Subsiden natierlech zu de Projeten, déi mer wëllen ëmsetzen. Sief dat am Sport, am Logement, an der Kannerbetreiung, am Klimaberäich. Fir d'Joer 2025 hu mer, viraussiichtlech, viraussiichtlech mol e Montant vu 25 Milliounen ageschriwwen als Emprunt. Ob mer dee Montant komplett zéien, komplett brauchen, dat gesi mer dann, wann de Kont vum Joer 2024 virläit. Wéi gesot, och am Initial 2024, Rectifié 2024, wësst Der, ech hat et virdru gesot, war en Emprunt vun 43 Millioune virgesinn. Schlussendlech hu mer der just 35 déi mer zéien. Hei gesi mer also am Laf vum Joer 2025, ob mer dann déi 25 Millioune brauchen oder net. Falls mer déi 25 Millioune brauchen, och dat gesäit een am Budgetsdokument, wäert eis Gesamtschold op den 31.12.2025 op ronn 110 Milliounen Euro sinn.

Wann ech elo eriwwerginn op d'Depensen am ordinäre Beräich, och do mam Bléck op d'Circulaire vum 17. Oktober 2024, hu mer bei zwou Contributiounen zwee komplett nei Momenter. Engersäits, virdrun hat ech et schonn e bësse gesot, am Budget rectifié, do kënnt mengen ech déi Contributioun schonn dran. Am Fonds pour l'emploi, do geet, wéi gesot, eis Contributioun jo am Rectifié vun 0 op 200.000 € erop. Am Initial geet deen op 220.000 € erop. Dat ass am Fong eis Contributioun, dat ass jo dann den Impôt de solidarité. Ech hat virdru gesot, dass dee Calcul gemeet gëtt iwwert d'Gewerbesteier. Dat heescht, do bezuele mer eng Depense méi wéi dat wat mer bis elo ëmmer haten. Dat heescht, do bezuele mer da méi. Op där anerer Säit, deen zweeten neie Moment, do hu mer eng Depense manner. Dat ass d'Contributioun vum CGDIS. Ech mengen do ass jo d'Decisioun geholl gi vum Verwaltungsrot vum CGDIS, deen zu 50 % vu staatleche Vertrieder, zu 50 % vu Gemengevertrieder zesummegesat ginn ass, dass engersäits déi 2 % TVA, déi normalerweis ëmmer an de CGDIS gespeist gouf de Gemengen elo

zegutt kënnt, well de CGDIS iwwert déi lescht Jore genuch iwwert déi Contributioun vun deenen 2 % TVA ëffentlech Gelder och krut, fir kënnen déi verschidde Projeten ëmzesetzen, déi elo an der Maach sinn. Vun nei effektiv de Centre d'Intervention, notamment deen hei vun Diddeleng. An ech wäert herno nach eng Kéier drop kommen.

An natierlech och de Staat, deen decidéiert huet op de Remboursement vum CNIS, déi national Instanz ze verzichten. Esou dass mer elo statt gewinnten 1 % vun eisem Budget, also statt 1,2 Milliounen Euro Depensen am Ordinaire, just nach 346.200 Euro an de CGDIS abezuelen. An Dir gesitt an Ärer Circulaire, dass dat am Fong e Minus ass vun 69,4 %. Also eng manner Depense. Dann, wat dobäi kënnt, eng Depense, déi weider unzitt, also dem ganzen Uschäin no kommen d'Membere vum Diddelenger Gemengerot dem Gemengebudget deier ze stoen. De Fonds pour dépenses communales, dat ass d'Ausbezuele vum Congé politique, dee war bis elo ëmmer bei 374.000 €, dee klëmmt op 561.000 €. Mat manner Emprunt, deen, wéi gesot, och gezu gouf. Dat muss een och soen, um Niveau vun den Depensen, manner geplangt war fir 2024, leie mer och bei den Annuitéiten. insgesamt bei engem Ratio vu 5,4 % am Joer 2025. Also déi klammen op 8,2 Milliounen Euro, d'Annuitéiten, par rapport zum Emprunt, 5,4. Wann ee weess, dass d'rout Luuchten am Inneministère bei 15 % uginn, dat si mengen ech déi national Virgaben. Aktuell mengen ech ass d'Situatioun gutt ënner Kontroll, wat deen dote Volet och deementspriechend ugeet.

Da fannt Der an eisem Budget och nach déi néideg Kreditter erëm, 100.000 € wat eisen Apport zu der internationaler Solidaritéit ugeet. Dee bekräftege mer nach ëmmer iwwert d'Prise en charge an d'Zesummenaarbecht mam Roude Kräiz wat den Accueil vun den Demandeurs de protection internationale ugeet hei aus der Ukrain. An d'ailleurs muss ee soen, an dat vergësst een heiansdo, dass jo säit 2016 vun do un, wou mer hei zu Diddeleng eng Struktur hu fir den Accueil vun den Demandeurs de protection internationale, leeft am Fong de Accueil an de Vivre ensemble an dëser Stad ganz gutt, wann een och heiansdo verschidden Discoursen nolauschtert, déi effektiv méi op engem rietse Bord deementspriechend och geschüert ginn. Wat awer och eng weider Bestriewung bleift, an dat fënnt een och hei am Budget erëm, dat ass d'Bestriewung, de lokalen Handel an eisem Stadkär ze stäerken, deen ze ënnerstëtzen. Am nationale Verglach hu mer hei zu Diddeleng wéineg Leerstand, dat mierkt een. Dat ass gutt, dat ass positiv. An déi volontaristesch Approche, Geschäftslokaler unzelounen, weider ze verlounen, respektiv och de Rôle als Interlocuteur anzehuelen, fir dass qualitativ Commercen sech hei zu Diddeleng usidelen, dat ass mengen ech gutt. Wa se sech herno fest etabléieren, ass et nach besser. Op alle Fall mierke mer, dass dat seng Friichten dréit. Also e Coup de pouce kënnen ze ginn, fir sech duerno kënne fest ze etabléieren, mengen ech, ass dat ganz wichteg.

Et brauch een natierlech e laangen Otem. Deen ass sécher néideg. Et ass och néideg eng reegelméisseg, an dat maache mer, Ofstëmmung mam Geschäftsverband ze maachen an och mam Observatoire du Commerce a mat der Luxembourg Confederation. Dat si wichteg Elementer fir déi Strategie, déi mer eis ginn, fir de lokale Commerce och ze stäerken. An nieft der geziilter Sich, an dat hu mer jo och déi lescht Jore gemeet iwwert eise City Management, vu Commercen, déi eng Diversitéit an eist Stadbild bréngen nieft de scho besteeënden a laangjäreg etabléierte Pilieren an eiser Geschäftswelt, vun eiser Geschäftswelt, biergt d'Stad Diddeleng awer och eng Attraktivitéit an eng Dynamik, déi mécht natierlech, dass och Betriber, Geschäfter, déi eng national Renommée hunn, och decidéiere sech hei zu Diddeleng nidderzeloossen. Dat schwätzt sech erëm. An och dat ass positiv.

An all déi Efforten, wëlle mer natierlech 2025 weiderféieren. Zemol déi aluedend Atmosphär vun eiser Stad, dat schwätzt sech erëm. An duerfir setze mer dann och e Kredit a vun 120.000 € fir d'Promotioun vum Centre commercial. Also Standuertstrategie bleift am Fokus vun eisem Budget an och vun eisem City Management, do schaffe mer drun. Bei der wirtschaftlecher Entwécklung wäerte mer awer och zesumme mat den nationalen Acteure wéi mat Luxinnovation an och mam Technoport un eisem Innovation Hub weider schaffen an deen och weider vermaarten. Ech mengen Dir wësst, dass do d'Aktivitéite vun eise Startuppen, déi sech dem Beräich vun den Ekotechnologie verschriwwen hunn, déi weider eng Pepinière an eisem Startup-Ekosystem bleiwen. Si hunn hire Siège hei zu Diddeleng. A mir hunn hei mengen ech e ganz positiven Afloss op deen Ekosystem, dee ganz aktiv och deementspriechend ass, dee mer 2017 an d'Liewe geruff hunn, mir hunn op alle Fall do méi Afloss wéi op eis national Aktivitéitszonen, déi mer hei zu Diddeleng hunn. An ech denken do un déi ganz rezent Faillite vu Liberty Steel, déi s ganz anere Sphären, ekonomeschen a wirtschaftleche Sphären ass, wéi effektiv eis Startuppen, wou jonk, dynamesch, engagéiert jonk Leit probéieren, am Beräich vun den Ekotechnologien, duerchzestarten a mir se als Gemeng dobäi ënnerstëtze mat nationalen Acteuren.

2025 ass awer och, an ech mengen et ass e Punkt um Ordre du jour haut am Gemengerot, ass awer och kloer e Joer, wou mer verstäerkt a geziilt eis Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg ausbauen a festegen. Mir setzen hei ganz kloer e weidere Punkt aus der Schäfferotserklärung ëm, en neie Moment fir d'Uni, en neie Moment fir d'Lëtzebuerger Land, en neie Moment fir Diddeleng. Et ass am Fong en Novum, well mer de Léierstull fir, also eng Chaire fir Migratiounsfuerschung an d'Liewe ruffen an Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg, mam Zentrum fir digital an zäitgenëssesch Geschicht an och an Zesummenaarbecht mam Centre de Documentation sur les Migrations Humaines als Partner. Et ass duerno e Punkt um Ordre du jour, wou och Vertrieder vun der Uni Lëtzebuerg wäerte kommen. An dat Engagement gi mer a fir fënnef Joer. Eisen Apport pro Joer sinn 200.000 € iwwert eng Konventioun. Migratioun gehéiert zu der DNA vu Lëtzebuerg, vun Diddeleng. Grad an Zäite wou Migratioun als Gefor duergestallt gëtt, huet d'Migratioun zur Entwécklung an Entfalung vun eiser Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg bäigedroen. Si huet se façonéiert. Si huet se gestalt. An déi Migratiounsfuerschung wäert, wat

d'Land betréfft, intern Migratiounsfuerschung sinn, Migratioun intern hei zu Lëtzebuerg, Leit, Mënschen, déi vu Lëtzebuerg fortgaange sinn an d'Ausland, Leit, Mënschen, déi aus dem Ausland op Lëtzebuerg kommen, aus verschidde Grënn. Ech mengen dat wäert am Zentrum stoe vun der Migratiounsfuerschung an engem sozialen, gesellschaftspoliteschen an historesche Kontext. An ech mengen, dass dat, wéi gesot, wäert herno nach zur Diskussioun kommen. Mee op alle Fall hei och e weidere Punkt vun der Ëmsetzung vun eiser Schäfferotserklärung. An awer och en Novum, mengen ech, ganz kloer hei zu Lëtzebuerg.

An am Fong kann ee soen, mir verschreiwen eis iwwert dat hei, iwwert dee Léierstull vun der Migratioun, huele mer hei eng lokal Responsabilitéit fir e Sujet, deen am Fong eng national Portée huet. An am Fong um nationale Plang muss een awer och hei einfach kuerz, Klammer op, Klammer zou, bemierken, dass nach wéineg an deem  Sënn um Niveau vun der Fuerschung, gemeet gouf. National denken ech do un national Responsabelen, déi sech där Thematik verschriwwen hunn am Kader vun der Fuerschung. Mee et ass, wéi gesot, ni ze spéit. Mir maachen als Diddeleng ganz gären den Ufank a si ganz gäre Laboratoire an deem dote Kader.
Da weider Punkten, déi mer am Laf vum Joer 2025 wäerte fäerdegstellen, nodeems mer 2024 intensiv dru geschafft hunn. De Plan local de sécurité, dee souwuel preventiv wéi och repressiv Mesuren enthält, ouni awer an, ech géif soe virun allem sécher, kee Law-and-Order-Schema ze verfalen. Ech menge mir hunn deen ausgeschafft mat der Police a mat de sozialen Acteure vum Terrain, wou mer Analyse gemeet hunn, Bestandsopname vun der Sécherheetslag hei zu Diddeleng. Mir wäerten dee fäerdegstellen. Dee wäert och an der Sécherheetskommissioun weider thematiséiert ginn. Dat war do schonn de Fall. An da wäerte mer de Plan local de sécurité etappeweis och ëmsetzen.

Ech mengen Dir wësst, dass et en Acquis ass am Kader vum Projet NeiSchmelz, dass de Staat op der Fohrmannsplaz en neit, modernt Policekommissariat baut. Déi zwee viregt an den aktuelle Policeminister stinn zu deem Projet. An dat ass ganz gutt, dat ass och ganz wichteg, souwuel fir d'Personal vun der Police, dass se och kënnen a modernen Infrastrukturen hir Aarbecht maachen. Ech ka mer awer och gutt virstellen, awer nëmmen, wéi gesot, no enger definitiver Analys, no engem definitive Bilan vum Pilotprojet vun der Unité de Police locale, a wann och déi legislativ Prozedur entaméiert ass, dass mer e weideren Akzent setzen op d'Proximitéit an op d'Preventioun an dass mer och fir déi Demarche ze stäerken, eng Unité de Police locale ufroen, no der Analys vun den dräi Krittären, déi am Raum stinn. Well Proximitéit a Preventioun, well dat e wichtege Bestanddeel och  ka sinn am Dialog mam Bierger, awer och nëmmen dann, wa ganz kloer déi Leit, déi an der Unitéit sinn, och zousätzlech zu deene Leit kommen, déi de Moment um Diddelenger Kommissariat sinn, fir där Proximitéit a Preventiounsaarbecht och Rechnung ze droen. Mee wéi gesot, mat enger ganz Rei Konditiounen, déi musse virleie fir dat kënnen ze maachen.

Dann e weidere Punkt, un deem mer 2024 geschafft hunn, dee mer 2025 wäerten ëmsetzen, dat ass de Plan local de santé. Och dee wäerte mer fäerdegstellen. Et ass e Punkt aus der Schäfferotserklärung an dee wäert och bei „Gesond Diddeleng" virgestallt ginn, mat agebonne ginn an och mam Gesondheetsministère ofgestëmmt ginn.

De Budget, dee mer haut virstelle mat de Projeten déi mer ëmsetze wëllen, bon, dat maache mer jo och, wéi gesot, als Schäfferot net eleng, mee mat engagéiertem, motivéiertem a gutt ausgebiltem Personal. Aktuell schaffe 785 Leit op der Gemeng a ville verschiddene Servicer. Bon, dobäi kommen nach ëm déi 200 Enseignanten. Si all stinn natierlech fir e gutt funktionéierenden ëffentlechen Déngscht um Bierger, direkt an indirekt. D'Masse salariale, wann een do kuckt, déi geet ëm 5,7 Milliounen erop. Dat si virun allem d'Biennallen, déi ausbezuelt ginn, den Index, deen 2025, wéi gesot, ausbezuelt gëtt an nei Posten, liicht iwwert 600.000 Euro. Brutto bleiwe mer bei 55 %, netto bei 40 %. Mer louche soss ëmmer mam Netto bei 45 %. Also, wéi gesot, och dat geet erof, also mengen ech och hei an deem Sënn eng positiv Evolutioun. An och als Arbeitgeber huele mer och eise Rôle weider wouer als Ausbilder. Sief dat bei Apprentien, bei Stagen, bei Stagiairen, déi mer hei encadréieren, ophuelen. An awer och bei Studentenjobben, déi mer verginn, virun allem an der Summervakanz.

Wa mer dann e Bléck setzen op eis Einnamen am extraordinäre Beräich, ech hunn et virdru kuerz ugedeit, wéi gesot 45,9 Milliounen Euro. Dovu 25 Milliounen Emprunt. 20,9 Millioune lafen iwwert staatlech Subsiden.
An, wéi gesot, d'Reserv, déi mer jo net untaaschten, dat hat ech jo virdru schonn ugedeit. A wéi enge Beräicher wëlle mer elo dann eis Invester tätegen, vun deene 56,9 Milliounen Euro? Dat sinn a verschiddene Beräicher, ech hat se virdru gesot. Wéi gesot, an der Kannerbetreiung, do investéiere mer ronn 9,2 Milliounen Euro, am Logement abordable 7,2, am Sport 7,3, an an de Stroossebauinfrastrukture bei, wéi gesot, 8 Milliounen Euro, an och am Ëmweltberäich. Dat sinn alleguerte Projeten, déi en cours sinn. Projeten, déi entaméiert wäerte ginn am Joer 2025, a Projeten, déi mer och wäerten an d'Planifikatioun deementspriechend och huelen. Fir Iech eng Kéier kuerz ze visualiséieren, wéi eng Projeten de Moment amgaange sinn. Dat ass engersäits de Bau ronderëm eist regionaalt Déierenasyl, eis Gemengenatelieren, de Complexe sportif Strutzbierg, d'Renovatioun vun der Briller Schoul. Dat sinn awer och déi ganz Wunnengsbauprojeten, déi abordabel Wunnengsbauprojeten an der Rue Nic Bodry, an der Rue des Champs. Dann och d'Renovatioun vun der Gafelt, déi ofgeschloss gouf dëst Joer. Awer och de Modulbau ronderëm d'Danzschoul, also d'Museksschoul respektiv d'Danzdepartement, déi goufen, wéi gesot, ofgeschloss.

Déi aner sinn nach am Gaangen. Projeten, déi votéiert goufen, déi dëst Joer exekutéiert ginn, dat ass engersäits d'Indoor-Hal fir den CAD respektiv den Tennis an d'Aarbechte ronderëm d'Butschebuergerstrooss, déi wäerten 2025 entaméiert ginn. An d'Planung, respektiv och Projeten, déi entaméiert ginn, definitiv re-

spektiv an der Planung, dat sinn d'Tribüne vum Stade Nossbam, d'Photovoltaikanlage ronderëm de Centre sportif René Hartmann, d'Conduite de refoulement punkto NeiSchmelz mam Rückhaltebecken, awer och d'Planung vun enger Balzenger Schoul, vun enger Maison relais Butschebuerg, vun enger Crèche a Bëlleg. Alleguerten dat, wéi gesot, sinn tragend wichteg Projeten, déi am Raum och deementspriechend stinn. A mir wäerten am Laf vu Mueren nach am Detail drop och agoen. Virop och net virenthalen dass och deen een oder aneren, oder ee Projet, ausfält, an ech wäert herno nach eng Kéier drop agoen.

Dës Projete schreiwen sech also, wéi gesot, an déi konsequent Ëmsetzung vun der Schäfferotserklärung an. Se sinn amgaang, respektiv fänken un. An, wéi Dir gesitt, en fonction vun hirer Envergure a vun hirer Ausriichtung, droe se natierlech zu der Liewensqualitéit bäi, si wäerte se och laangfristeg ofsécheren. A si droen och zu der Modernisatioun vun Diddeleng bäi. Also zu Diddeleng wäert et weider kee Stëllstand deementspriechend ginn. Well och déi Projete generatiounsiwwergräifend sinn. An da mengen ech dass awer och déi Gesamtentwécklung vun der Stad Diddeleng gutt ukënnt, dass se eng positiv Ausstralung huet. Bon, dat hu mer och virun e puer Woche gesinn, wéi mer den Empfang hate vun den neien Awunner, wat hir Motivatioun och war, op Diddeleng ze kommen, déi e resolutte Choix getraff hunn, op Diddeleng wunnen ze kommen, well et engersäits eng dynamesch Stad ass, well et eng familljefrëndlech Stad ass a well et eng Stad ass, wou se eng gutt Liewensqualitéit fannen. Ech mengen, dass dat ëmmer ganz flott Ambassadeure kënne sinn, wa Leit, wéi gesot, vu baussen de Choix treffen, op Diddeleng wunnen ze kommen an hei eng Rei Saache fannen, déi se virdrun an de Gemengen, wou se se virdru gewunnt hunn, eeben net fonnt hunn oder net zum selwechten Degré fonnt hunn.

Wann ech op meng Ressorten, wéi gesot, aginn, dat ass d'Stadentwécklung an Urbanismus. Klassesch, bei Stadentwécklung an Urbanismus, do si mer effektiv beim Plan d'Aménagement général. Ech menge viru gutt eng, zwou Wochen hate mer d'Reunioun hei ronderëm d'Modifikatioun vum PAG vun eisen Tiny Houses. Ech mengen dat wäert eis 2025 begleeden um Niveau vun der Ëmsetzung, op alle Fall och dat ass an der Prozedur. Mir hunn eng ganz Rei PAPen, déi an aktiver Planung sinn, wou de Gemengerot gestëmmt huet. Ech denken hei un de PAP Citroën, un de PAP vun der Pasteurstrooss, PAPen, déi an der Prozedur sinn. Ribbeschponter Geriicht wäert am Laf vun 2025 an de Gemengerot och kommen. Also eng Rei PAPen, déi och natierlech zur Entwécklung vun Diddeleng bäidroen an natierlech och déi néideg Infrastrukturen och mussen no deementspriechend zéien. Och dat hu mer an der Planung virgesinn. Ëmgestaltung vun enger Rei Plazen a verschiddene Quartieren, d'Place de la Résistance oder zu Tattebierg an der Entrée vum Quartier Italien. Plazen, déi mer also méi frëndlech wëlle gestalten a wou mer och Kreditter virgesinn hunn.

Am Kader vum Urbanismus, Stadentwécklung ass och de Quartier NeiSchmelz. Dir gesitt, dass d'Sanéierungsaarbechten op Héichtoure lafen, souwéi och d'Ofrappaarbechten. An och do musse mer natierlech Kanalisatiounsaarbechte plangen. Och dat si Virgabe vum Wasserwirtschaftsamt. An Dir hutt och gesinn, dass nieft dem VEWA an dem Lokomotiv-Atelier och de Modulbau fir d'Musekschoul oder fir d'Danzschoul fäerdeggestallt gouf. Also, wéi gesot, och dat wichteg Elementer. Mir wäerten natierlech d'Planung vun der Schoul op NeiSchmelz, wéi gesot, weiderféieren awer och kucken eis strateegesch eeben opzestelle par rapport zu de Planungen um Site, well mir wëssen, dass säitens vum Fonds du Logement si d'Zil mol hunn, ob se et erreechen, ech weess net, ech hoffen, 2028 déi éischt Wunnenge wëlle liwweren. Mee, wéi gesot, mir hunn e Kredit emol fir Dudelange Sud virgesi vun 140.000 €.

Direkte Lien mat der Entwécklung vun NeiSchmelz huet déi véiert Phas vum Shared Space ronderëm d'Gemeng, d'Gemengeplaz, mat der Gemengeplaz, respektiv bis bei d'Fohrmannsplaz. Déi Phas 4, déi wäerte mer verleeën, déi wäerte mer reportéieren. Net well mer de Projet net wëlle maachen, net well mer de Projet net gutt fannen oder net flott fannen, mee well einfach, mengen ech, am Kader vun den Aarbechte ronderëm NeiSchmelz, Dir wësst, d'Route de Thionville, déi soll jo verluet gi Richtung Eisebunnsschinn. Ponts & Chaussées, mat hirer Ofstëmmung, déi mer haten, huet virgesinn, am éischten Trimester 2026 mat deenen Aarbechten unzefänken. An et hat, wéi gesot, an där Zäitfënster, dee mer hunn, sécherlech kee Sënn, déi véiert Phas ze maachen. Well engersäits, wann ee kuckt, wéi d'Prozedure sinn, wann een déi duerchleeft mat den Ausschreiwungen, mat den Aarbechten, selwer punkto Ëmsetzung, mengen ech wär dat zäitlech net iwwertenee gaangen. Sou dass hei dann d'éischter d'Decisioun geholl ginn ass, dass Ponts & Chaussées, déi doten Aarbechte ronderëm d'Route de Thionville soll virzéien a mir dann eréischt, wann déi Aarbechte fäerdeg sinn, aus aktueller Sicht dann de Projet reportéieren.

An eisen nationalen Zonen, jo, do huet den neie Wirtschaftsminister eis gefrot, ob mer dem Staat eng Hand kënne mat upake fir Proprietären ze iwwerzeegen, déi hei zu Diddeleng wunnen, Terrainen ze verkafen, fir, wéi och déi national Zonen, fir déi kënne weider ze entwéckelen. Sief et ronderëm Koibestrachen respektiv och Helper, fir do mat de staatlechen Instanzen, fir deenen ze assistéieren. Do hëllefe mer gären, do wou mer kënnen, mat deem Afloss, dee mer kënnen hunn. Mee, wéi gesot, sou Diskussioune sinn a bleiwen net evident, wann een och weess, dass wéineg Proprietäre vill Terrainen an deenen nationalen Zonen hunn. Wéi gesot, de Staat ass gewëllt do aktiv erunzegoen an huet eis ëm Assistenz an deem Sënn gefrot. Op Wolser, wou mer als Gemeng, dat ass jo och eng national Zon, ech gi Richtung Husky, well déi ganz Zone jo elo Wolser heeschen op Wolser, wou mer als Gemeng den Terrain preparéiert hu fir de PAG fir de gemeinsame CGDIS, fir de gemeinsamen Zenter Diddeleng-Beetebuerg, wäert de CGDIS jo als Bauhär de Projet ëmsetzen. De Verwaltungsrot vum CGDIS wäert deemnächst mam Projet am Laf vum Joer, am éischte Semester mam Projet befaasst ginn. De Projet ass also tipptopp op der Schinn. Et leeft. An et ass ganz



gutt fir d'Stad Diddeleng an och, mengen ech, fir de gemeinsamen Zenter Diddeleng-Beetebuerg.

A generell wëll ech awer insgesamt betounen, dass mer op Nofro och vun der aktueller Regierung confirméiert kruten, dass sech d'Engagementer, déi déi viregt Regierung, och vis-à-vis vun der Stad Diddeleng hat, respektiv huet, dass déi Engagementer gehale ginn an dass déi och ëmgesat ginn. An dat kann een als ganz positiv deiten. Dat ass en État d'esprit an deem ee ka sécherlech partnerschaftlech gutt wieder schaffen am Interêt vum Land an och am Interêt vun Diddeleng. D'Aarbechte ronderëm eis Gemengenateliere schloen 2025 och zu Buch, si ginn 2025 fäerdeg. Do gëtt et jo e modernen an nohaltege Bau vun de Gemengenatelieren och fir eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter. Dat si 7,1 Milliounen Euro.

Dann awer och d'Demolitioun um Site selwer vum ale Gebai Primavera. Wéi gesot 880.000 Euro. Mir hate jo hei am Gemengerot de Budget jo och, de Projet deementspriechend gestëmmt. Dann am Fuerpark, do hu mer zwee Camion-grue an eng Remorque, bon, déi allen dräi iwwer 20 Joer hunn. Och déi ginn ersat. Et ass souguer ee Camion, deen der zwee ersetzt. Se sinn dagdeeglech am Asaz. se sinn oft an der Reparatioun. Wéi gesot, de Fuerpark 1 Millioun Euro. A mir setzen och elo e klenge Kredit a fir eng Ausschreiwung, déi mer plange  an déi mer 2026 tätege wëllen, fir och en neie Müllwon. Ech mengen Dir wësst, dass dee ganze Müllmanagement integral vun der Stad Diddeleng als ëffentlechen Acteur geréiert gëtt. Mir hunn historesch gesinn hei ni Outsourcing bedriwwen. Si wäerten natierlech och mat engem décke Montant, wéi gesot, am Budget dann 2026 zu Buch schloen. Elo hu mer einfach mol d'Kreditter virgesinn, fir d'Ausschreiwung och ze maachen.

Dann, mir haten am leschte Gemengerot d'Diskussioun ronderëm d'Kapell am Quartier Schmelz. D'Kierch hei, d'Église Saint-Martin, wou mer Proprietär sinn, och do hu mer Kredit virgesi vun 150.000 € fir eng Rei Reparatiouns- a Renovatiounsaarbechten am Banne-Beräich, respektiv liicht am Bausseberäich, an dat ass och mat de lokalen Acteuren ofgestëmmt. Dir konnt ech erënneren, dass mer eis viru Joren e Strategiepabeier ginn hunn „Schoul a Sport 2025". Mir wëlle par analogie zu deem Strategiepabeier mengen ech nach eng Kéier erugoen an eis erëm ee strateegescht Dokument ginn, wou mer prioritär Schoulinfrastrukturen, Maisons relais, Crèchen, a Sportsinfrastrukture mat Fokus op 2035 wëlle ginn, wou mer am Fong och do e bëssen eng Chronologie wëllen erabréngen. Wat sinn déi Gebaier, déi historescher Natur sinn, déi mer musse renovéieren? Wat sinn déi Gebaier, déi mussen ausgebaut ginn? Wat sinn déi Gebaier, déi nei musse gebaut ginn, also Neibauten? Also och do mengen ech ass eng gewësse Chronologie bis 2035 ginn, also eng Planung vun 10 Joer.

Mir kënnen op alle Fall soen, dass dat Dokument, dat mer deemools opgestallt hunn, Richtung 2025, dass mer dat ofgeschafft hunn an elo gëllt et nach eng Kéier viraussiichtlech, wéi gesot, no vir ze kucken an eeben och ze kucken, wat an nächster Zukunft deementspriechend op eis duerkënnt. An ech ka mer ganz gutt virstellen, dass dat och, dat Dokument wann dat bis fäerdeg ass, wéi mer dat och deemools mat deem Strategiedokument 2025 gemaach hunn, dass mer dann och an de Gemengerot kommen an och dat hei virstellen. Well d'Konsequenz dovun ass jo dann, dass dann och de Gemengerot mat deene jeeweilege Projete befaasst gëtt, déi an déi dote Richtung ginn, also eng logesch Konsequenz eeben och deementspriechend wäert och hunn. Dann hu mer och eng hallef Millioun ageschriwwe fir d'Acquisitioun vun Terrainen, wa Geleeënheete sech bidden, respektiv, wann interessant Terraine fräi ginn oder wa mer eist Virkafsrecht zéien. Och do soll ee sech déi néideg Kreditter ginn.

Ech komme sou lues zum Ofschloss vu menge Ressorten. An da ginn ech d'Wuert weider un d'Kolleegen. Mer mussen ëmmer en A behalen op eis Gemengesyndikater. Insgesamt tätege mer hei en Invest vun ordinär an extraordinär zesumme gemëscht vun 11,6 Milliounen Euro. An natierlech déi zwee, am Joer 2025 déi zwee gréisste Syndikater, wou mer eis abréngen. Dat ass de STEP mat 6,1 Milliounen Euro an den TICE mat 2,9 Milliounen Euro. Dat mécht insgesamt 77 % aus vun de Contributiounen un de Gemengesyndikater, déi natierlech grouss Gemengesyndikater sinn, déi regional Missiounen hunn. Mee och do ass et natierlech wichteg ze kucken, wéi finanztechnesch och déi Gemengesyndikater evoluéieren. Mee bon, do si mir net eleng als Stad Diddeleng betraff, do sinn alleguerten déi Gemenge betraff, déi natierlech och Member an deene jeeweilege Syndikater sinn, ob et déi 5 STEP-Gemenge sinn oder déi 9 Gemengen, déi am TICE deementspriechend och sinn.

Dat war et fir mäin Deel, wou ech op déi verschidde Projeten agaange sinn. An ech mengen, dass ech elo d'Wuert weiderginn hei un d'Kolleeginnen an d'Kolleegen aus dem Schäfferot. Si wäerten dann op hir jeeweileg Ressorten an och op déi Projeten agoen, déi, wéi gesot, 2025 wäerten ëmgesat ginn. An dofir ginn ech hei d'Wuert weider un den éischte Schäffen, de Loris Spina. Merci.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert, léif alleguerten och vu menger Säit aus en häerzleche schéine gudde Moien. Ech hoffen, Dir hutt genuch Energie matbruecht fir dee laange Gemengerot, deen op eis waart. Jo, vu mir aus och virun allem dem Pascal Poull a sengem Service e grousse Merci, deen an Zesummenaarbecht mat deenen eenzele Servicer et dann awer fäerdegbruecht huet, dëst komplext Dokument op eng méi oder

wéineger verständlech Aart a Weis duerzestellen, sou dass mer eng flott Basis hunn, fir kënnen de Moien an de Mëtten ze diskutéieren, bezéiungsweis d'nächst Woch.

Ech fänke ganz uewen am Alphabet un. Nom A kënnt B wéi Biergerbedeelegung. De Budget 2025 fir de Service de la Démocratie participative, dee steet fir Innovatioun, laangfristeg Investissementer an eng durabel Biergerbedeelegung hei zu Diddeleng. Virop ass et wichteg ze soen, dass Diddeleng landeswäit déi eenzeg Gemeng ass, déi sech esou e Service leescht, wou d'Haaptmissioun eeben d'Biergerbedeelegung ass. Nodeems d'Vanja dat zwee Joer laang gutt gemaach huet an am Fong geholl eng ganz Rei vu Projete lancéiert huet, huet elo de Félix Bonne iwwerholl. An déi, déi d'Chance haten, scho mam Félix ze schaffen, ech mengen déi stëmme bestëmmt zou wann ech soen, do wäert et net un Dynamik an Innovatioun feelen. De Budget participatif, dat ass nieft dem Biergerrot an dem Biergerpanel ee vun eise stäerksten Instrumenter an der direkter Demokratie um lokalen Niveau. Aktuell gi mer do e bësse méi thematesch un dës Projeten erun. Dat ass am Fong geholl eng Weiderentwécklung vun dëse Prozesser. Net ze vergiessen, Kannergemengerot a Jugendgemengerot. Mir fänke ganz jonk un, d'Leit mat op dee Wee ze huelen dass se herno kënne responsabel Adultë sinn. An dat sinn ëmmer ganz flott Projeten. Nach brauch ee Leit, déi dat ëmsetzen. Dofir nach eng Kéier op dëser Säit och dem Barbara an dem Rolando Merci fir de Kannergemengerot. An dem Emir, dass hien am Jugendgemengerot eis do méi wéi eng Hand upaakt, well, wéi gesot, d'Projeten, dat ass eng gutt Iddi, ma nach brauch ee Leit, déi dat herno um Terrain ëmsetzen.

Et ass evident, dass mer 2025, wéi annoncéiert, déi 100.000 € virgesinn am Budgetsdokument fir eeben d'Ëmsetzung vun deene Projete vum Budget participatif. Bei dëser zweeter Editioun goufen 29 Propositiounen eragereecht. Am Kader vun deem Reglement, wou mer hunn, konnte 6 fir de Vott zougelooss ginn. Innovatioun, laangfristeg Investissementer an eng durabel Biergerbedeelegung bedeit awer och, sech kritesch ze hannerfroen, Erfarungen opzeschaffen, ze evaluéieren an eeben och konkreet Upassungen, Verännerunge mat u Bord ze huelen. Dofir ass et fir eis flott, dass mer esou e qualitativ héichwäertegen akademesche Partner wéi d'Uni Lëtzebuerg hunn, déi eis do zur Säit stinn. Schonn haut kënne mer feststellen, dass d'Kommunikatioun an deem ganze Bierger-bedeelegungsprozess ee ganz wichtegen Deel ass. 2025 wäerte mer dofir intensiv un enger laangfristeger Kommunikatiounsstrategie schaffen, déi eis erlaabt, engersäits den Evenementer an de Prozesser eng onverkennbar Visibilitéit ze schenken an awer och der Diversitéit vun eiser Populatioun Rechnung ze droen. Den Haaptusazpunkt ass d'Accessibilitéit vun der Informatioun, wou mir duerch Méisproochegkeet, liicht an einfach Sprooch, grad esou wéi der inklusiver Kommunikatioun fir Grouss a Kleng eis Ambitioun, eng méiglechst breet Spart vun eisen DiddelerengerInnen ze erreeche Rechnung wäerten droen. Den Ofschloss vum Partenariat mat eisem akadeemesche Partner wäert eng Konferenz sinn. Do wäerte mer zesummen hei zu Diddeleng eng Konferenz organiséieren, déi eeben op d'Entwécklung vun der Demokratie um lokale Punkt wäert agoen. Do wäerte mer Plaz schafe fir en Echange an awer och e gemeinsame Bléck an d'Zukunft ze stellen. Eist Zil ass a bleift, mir wëllen Diddeleng zesumme mat eisen DiddelengerInne gestalten, fir eis Stad nach méi liewenswäert ze maachen an der Demokratie dee Stellewäert ze ginn, dee se zegutt huet.

Weider geet et mam Sport. Jo och do ass natierlech den Austausch mat all eise Veräiner ganz, ganz wichteg an intensiv. Diddeleng wiisst an d'Veräiner deementspriechend mat. D'Demanden un eis als Gemeng ginn dann och an d'Luucht. Et ass wierklech eng sportlech Erausfuerderung fir eise Service des Sports, fir do kënne matzehalen an deem sou gutt wéi et geet gerecht ze ginn. Engersäits den Niveau vun eisen Infrastrukturen héichzehalen an awer och logistesch de Veräiner déi Ënnerstëtzung ze ginn, déi si brauchen.
Mir hunn et héieren, de Strutzbierg ass opgaangen. Dat ass sécherlech eng grouss Entlaaschtung virun allem punkto vun der Schwämm. Dir wësst, dass vun där Sportsinfrastruktur Schoule wäerte profitéieren, Maisons relais. Mir sinn och frou, dass den Dëschtennis do elo op enger Plaz ënnerdaach ass. Dat vereinfacht et fir eis als Gemeng vill Transporter an awer och si fir als Veräin, do wäert sécherlech nach eng nei Dynamik an dee Club kommen, well's de do als Ganzt kanns dengem Sport nogoen an dat ass bestëmmt och en Atout fir hir Zesummegehéiregkeetsgefill. De Schwammveräin wäert och do ënnerdaach kommen, zum Deel awer och de Public ënner anerem mam Babyschwammen an eisen T71 geet och ab und zu dohinner shooten.

E flotte Projet, deen 2025 op eis waart, dat ass de Coordinateur sportif. Do ware mer laang Zäit am Echange mam Sportsministère. An déi ginn och de Kader vir. Finanziell ënnerstëtze si dee Projet och ganz, ganz seriö, wat eng flott Saach ass. Flott ass et, dass se d'Tâchen an de Profil vun deem Coordinateur sportif mat eis Diddelenger zesummen ausgeschafft hunn. Ech mengen dat weist, dass mer och gutt Aarbecht am Kader vum Sport maachen an och mam Ministère zesummen do e flotte Konzept ausgeschafft hunn.
D'SportlerInnenéierung ass natierlech och d'nächst Joer rëm um Rendez-vous. Do hu mer en neie Moment als Sportskommissioun probéiert ze setzen, andeems mer en Appell maachen, dass déi sportlech Performancen, déi am Fong geholl net an deen normale Kader passen, dat heescht Landesmeeschter, national Rekord- oder Coupe-Gewënner. Et ginn awer mol Leit, déi exzellent sportlech Leeschtunge maachen, déi dann net an deen dote Kader falen. A voilà, mer wollten déi awer och zu Éiere komme loossen, dass vläicht och de Fräizäitberäich do e bëssen ervirgehuewe gëtt. An do maache mer dann en Appell, wou mer da gespaant sinn, wat do erakënnt. D'LASEP ass och e flotte Projet, dee mer zesumme mat der Schoul hunn. An do, nodeems d'Claudine Goergen dat wärend ville Jore gemaach huet, si mer dann och frou, dass een déi Fakel do iwwerholl huet an d'Celia Pinto do säin Asaz mat erabréngt.

Dat heescht insgesamt hu mer am Budget ordinaire 8,5 Milliounen, déi mer hei zu Diddeleng an de Sport

investéieren. D'Subside ordinairen, vläicht nach e Wuert dozou, déi sinn am Moment nach d'selwecht wéi mer dat bis dato haten. Mir wollten eis awer 2025 op de Wee ginn, fir e bëssen den Austausch mat de Veräiner ze sichen, fir e bëssen och do nach eng Kéier ze kucken, nodeems d'Welt e bësse weider gedréit huet an deene leschte Joren, wou sinn do eventuell nei Besoinen, déi opkomm sinn, wou gesinn si d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng? A gläichzäiteg si mer och am Austausch mam Sportsministère, deen am Kader vum Qualité Plus nei Akzenter wëll setzen. A vläicht ass dat och eng Méiglechkeet fir eis als Gemeng, do an de Subside ordinairen en neie Moment mat eranzebréngen.

D'Budgetsdebatte sinn och ëmmer e bëssen de Moment vun de Statistiken. 2024 hate mer an eiser Schwämm am Hartmann 3.800 Entréeën. An der oppener Schwämm waren et der iwwer 78.000. Mir hunn iwwer 46.000 Stonne Sport notéiert op eisen Terrainen, Halen, Gymnasen. Jee, do huet de Schoulsport, Fondamental awer och de Lycée, wéi eis Veräiner, de grand Public an och d'Maison relais, déi sech konnte sportlech betätegen. Bei de Recettë sinn et déi gewinnten Entréeën, déi mer vun der Konventioun mat eisem Partner, dem Lycée eebe kréie fir d'Notzung vum Centre Hartmann an déi verschidde Schwämmen.

Am Fräizäitberäich si mer immens frou, d'nächst Joer eng Etapp vun der Flèche du Sud hei zu Diddeleng ze empfänken. An, Dir hutt et bestëmmt gesinn, "Dudelange on wheels reloaded". Mir haten eng Entrevue mat der ASBL a si wëllen erëm lues a lues ufänken. Dat gëtt elo net déi Envergure, déi mer vläicht viru Jore kannt hunn. Mee si wëllen awer erëm lues a lues ufänken, fir erëm do Liewen an deen dote Event ranzebrénge fir dass se herno, wa se definitiv geplënnert sinn, och prett sinn, fir vläicht nees e groussen "Dudelange on wheels" ze organiséieren.

Mir hunn et schonn héieren, am Kader vun den Ausgaben am Budget extraordinaire ass virun allem de Kennedy, deen eis an d'A fält, mat der Indoorhal fir den CA Diddeleng an awer och déi Tennis- a Paddelterraien, déi do entstoe wäerten. Alles dat geschitt natierlech am Dialog mat all de Veräiner, déi de Kennedy notzen. An Dir kënnt Iech virstellen, dass déi Iwwergangsphas bis dann deen neie Komplex steet, extreem spannend an erausfuerdernd fir eis alleguerte wäert sinn. Dat heescht d'Koordinatioun vun de verschiddenen Trainingen an Eventer, déi do wäerte stattfannen, déi muss gemaach ginn, wéi awer och, jo, d'Buvette, d'Büroe solle weider fonctionéieren. Eng anstänneg Installation de chantier an de Stockage muss nach weider garantéiert sinn. Um Nossbam hu mer effektiv och schonn héieren, dass mer do am Kader vun den Tribüne wäerte weiderschaffen. Do si Gelder virgesinn. An och plange mer do eng nei Buvette. Net ze vergiessen, dass mer 130.000 € an d'Clôture vun dem Aeroclub investéieren. Och dat e flotte Projet um Bierg.

Jo, Kultur. Hei zu Diddeleng ass all Joers Kulturhaaptstad. Mir schaffe mat dräi externe Beroder am Moment zesummen, fir den Diddelenger d'Kulturentwécklungsplang auszeschaffen. Bis elo sinn eng ronn 100 Interviewe gefouert gi mat lokalen an nationalen Acteuren. An do si mer natierlech gespaant op deen dote Rapport an op déi Analys. An op déi Envergure wäerte mer och zesummen eng Kéier hei agoen. 2024 waren eis kulturell Instituter 335 Deeg op. Wuelverstane fir den Accueil vu kulturellen Eventer. Am August an och iwwert d'Feierdeeg am Dezember ass an deem Sënn Paus. Natierlech muss dann an den Haiser un der Maintenance geschafft ginn. Et kann ee soen, dass de Service culturel 172 Manifestatioune geréiert huet 2024. A 86 % dovunner waren och dann effektiv kulturell Manifestatiounen. All zweeten Dag ass eeben zu Diddeleng e kulturellt Event wat stattfënnt. An eisem Kulturzenter oder eisem Centre d'Art oder eeben dobaussen. Ronn 20.000 Visiteuren hu mer bis elo gezielt. 11.700 bezuelten Entréeën. 5.700 gratis Entréeën hate mer och, ouni elo déi Entréeë vun der regionaler Museksschoul oder vun eisen Harmonien dobäizerechnen.

Eis kulturell Manifestatiounen haten iwwer 2.300 Visiteuren. Sou dass ee ka soen, da sinn iwwer 37.000 Visiteuren nach dobäi komme vun eisen Open-Air-Manifestatiounen, Fête de la Musique, den USINA oder de Virowend vum Nationalfeierdag, d'Fête des Cultures oder de Summer Stage. Dir kennt se am Prinzip.
Wichteg ass hei ze erwänen, dass et keng Course soll sinn, dës Zuelen all Joers erëm no uewen ze drécken. Well mir komme lues awer sécher un eis Limitten. An dat engersäits fir qualitativ de Programm héichwäerteg ze halen. Awer och sécherheetstechnesch musse mer jo do konform bleiwen.

An eise Centre d'Arts kommen an der Moyenne tëschent 200 an 250 Visiteure pro Expo. Dëst Joer hate mer der am ganze 7. Aktuell leeft d'Retrospektiv vum, jo, leider kierzlech verstuerwenen Diddelenger a nationalen Konschtpräislaureat, de Marc-Henri Reckinger, wou awer schonn iwwer 500 Leit drun deelgeholl hunn. 2024 hunn also am Ganzen iwwer 60 000 Visiteuren un de kulturelle Manifestatiounen hei zu Diddeleng deelgeholl. 58 % vun deenen Artisten, déi hei zu Diddeleng opgetruede sinn an ausgestallt hunn, waren national Artisten. Do si mer jo dann erëm komplett an eisem Rôle fir d'Ënnerstëtzung vun der Lëtzebuerger an nationaler Kulturzeen. Et goufen awer och nach 20 Residenzen, wou 80 Kënschtler aus dem Jazz, Pop, Rock, Theater, Danz oder Arts visuels proposéiert goufen, ënnerdaach komm sinn, fir an hiren eenzele verschiddene Beräicher eebe kulturell aktiv ze sinn. An dat awer och deelweis a Kollaboratioun mat eise Partner, wéi dem CNA, de FIMOD oder de Centre Doc aus dem Quartier Italien. Eist Dudehouse an d'Appartement iwwert der Dominique Lang waren deemno 110 Nuechte beluecht. An dat gëtt och geréiert vun eiser Ekipp aus dem Centre Culturel.

E puer Highlights 2024. Dir kënnt Iech vläicht nach erënneren um USINA, ënner anerem de Cro, de Joris oder d'Tali, wou och d'Kollaboratioun vun eisem Service mat dem Atelier an dem Gudde Wëllen eis nees onvergiesslech a flott Momenter offréiert hunn. Déi nei programmatesch Richtung vum zweeten Dag um USINA, wou mer verstäerkt op Familljepublikum gesat hunn, war e vollen Erfolleg. Et muss ee soen, dass eng flott Ambiance kreéiert gouf an deene verschiddenen

Atelieren an d'Stëmmung war excellent. Ee groussen Highlight war natierlech d'Fête de la Musique, wou dëst Joer mam Michel Schulte, Clockclock oder De Läb 25.000 Visiteuren ugezunn hunn. De Zeltik an den Jazz Machine, zwee Festivallen, déi dëst Joer erëm ausverkaf waren, si sécherlech och ëmmer nees en Highlight. Am Kulturzentrum Opderschmelz goufe verschidden Zykle wéi We love Girls, Diddelenger Geschichten, The Be_Offline erëm presentéiert an haten och do hiert Publikum fonnt. Natierlech schaffe mer och do mat eiser Museksschoul weider gutt zesummen an eis Harmonien hunn och hir Optrëtter. Ganz houfreg ware mer natierlech, dass de Weltstar Fish seng Europatournée hei zu Diddeleng ugefaangen huet an och ofgeschloss huet. Eng Rei vun Albumreleasen hu mer all Joers och hei zu Diddeleng. A ganz, ganz flott war sécherlech déi lescht Release mat Dreamcatcher an eiser Harmonie. E weideren emotionalen Owend war sécherlech den Tribute Night zu Éiere vun eisem Frënd, de Michel Pilz.

2025 wäerten och erëm spannend Nimm a grouss Cruen op eis waarden. De Curtis Stigers oder de Jools Holland kommen zréck an och de Joris oder de Kamrad sinn erëm op der Affiche. Den Danzspektakel, The Danceperados of Ireland, op déi kënne mer se och alleguerten erëm freeën. Aner grouss Nimm sinn natierlech d'Jupiter Jones, den James Walsh, de Gavin James oder awer och am Jazz den Joe Sanders. Ganz flott a wäert och dëst Joer am Kader vum zéngten Anniversaire vun eiser Chorale Cantus Gaudium sinn, de Festival Mines en Chœur. Eis Klengste ginn natierlech och erëm verwinnt. De Peppa Wutz, de Janosch, de Feuerwehrmann Sam wäerten op Besuch sinn. An natierlech de Kanner- a Jugendbicherdag mat villen Auteuren, Editiounshaiser, Poppentheater an nach ville spannenden Aktivitéiten. Bei all deem eis Budgeten ze halen, ass sécherlech och eng kreativ Aufgab fir eise Service. Net nëmmen, dass d'Cachete lues awer sécher och eropginn, mee Dir wësst et sécherlech alleguerten, alles dat wat ronderëm esou Eventer ufält, Technik, Material, Kommunikatioun, Sécherheet an och de Catering gëtt ëmmer erëm méi deier.

An um Niveau vun de Recetten, jo, Dir hutt et matkritt, gouf erfreelecherweis gesot, dass mer eeben zolidd Haussen am Beräich vun de bezuelten Entréeën hunn, wéi d'Zuelen dat eeben elo gewisen hunn, an dat ëmmer nach bei attraktive sozialen Tariffer. Um Niveau vum Sponsoring schéngt et och an déi richteg Richtung ze goen. Do si mer frou, wa Partner un eis gleewen an eis ënnerstëtzen. An als Musterschüler an der Kultur gi mer natierlech vum Kulturministère weiderhin ënnerstëtzt. Dir musst och wëssen, dass deen Invest an d'Kultur sech awer och an der lokaler Ekonomie erëmspigelt, well do déi Leit, déi hei op Besuch kommen, déi wäerten och dann ëmmer erëm e bëssen Euroen hei zu Diddeleng loossen. De Kulturpass ass weiderhi bei all eise Manifestatiounen um Rendez-vous an e gëtt do ëmmer erëm akzeptéiert, egal ob dat en eenzelen Event ass oder souguer bei de Festivallen.
Am Resumé kann ee soen, dass eis kleng Ekipp vum Service Culturel en exzellente Programm op d'Bee gestallt huet, deen eis all vill Freed a spannend, ënnerhalend a qualitativ héichwäerteg kulturell Momenter hei zu Diddeleng wäert presentéieren.

Ee weideren Acteur an dëser Kulturlandschaft zu Diddeleng ass eis regional Bibliothéik. Natierlech si mer weiderhin do en Deel vum nationale Bibliothéiksreseau a schaffe weiderhi mat um e-Booksprojet. Mir hunn aktuell 38.500 Titelen hei zu Diddeleng. Dëst Joer, Stand bis den 1. Dezember, hate mer 330 nei Memberen ze verzeechnen. Ronn 11.000 Visiteure ginn do an an aus. Fir d'nächst Joer hu mer ënner anerem e Bicherboxprojet virgesinn, wou mer eng Bicherbox wäerten an der Bibliothéik virgesinn. Dat hu mer ënner anerem gesi bei eiser Visitt zu Lauenbuerg, déi eng ganz flott a spannend Bibliothéik do hunn, déi d'Chance haten do matzegoen. Wann net, wann Der eng Kéier an der Géigend sidd, maacht et, déi hunn och en däitsche Präis kritt. A mir hunn eis do inspiréiere gelooss a wäerten do esou eng Bicherbox installéieren. A mir iwwerleeën eis awer och eng alternativ Méiglechkeet, wou een d'Bicher kann ofginn, fir dass een net nëmme muss dat an der Bibliothéik maachen. Mir denken do virun allem un eisen Accueil hei am Haaptgebai. Nodeems d'Friederike Migneco a seng wuelverdéngte Pensioun gaangen ass, si mer ganz, ganz frou no engem flotten a spannenden Entretien eng nei Responsabel fonnt ze hunn, déi zesumme mat der ganzen Ekipp motivéiert ass, fir d'nächst Joer dat Schëff do ze iwwerhuelen, an da si mer mol gespaant, ob do nach flott nei Momenter wäerten entstoen.

Weiderhi schaffe mer natierlech mat eise Schoulen a mat de Maison relaisen an dat net nëmmen am Kader vun der Rucksakbibliothéik. Samschdes moies wäerte weiderhi flott Workshoppen an divers Aktivitéite ronderëm d'Buch an d'Liese bei eiser Bibliothéik stattfannen. De Centre Doc gëtt weiderhi mat 50.000 € subsidéiert. Aktuell leeft do eng Expo ronderëm d'Presenz vun de Lëtzebuerger a Rumänien. An och duerno nach eng flott Kooperatioun mam historesche Science-Zenter C2DH, déi mer mëttlerweil och kennen an der Chercheur Inna Ganschow iwwert déi sowjetesche ZwangsaarbechterInnen hei zu Lëtzebuerg am Zweete Weltkrich. A weiderhi wäerte si eng ganz Rei vu Konferenzen an Aktivitéiten organiséieren. Eiser aktiver Kulturkommissioun ënnert der Leedung vum Martine och nach eng Kéier e grousse Merci fir hiert Engagement an och déi gutt Kollaboratioun mat all dëse genannte Partner.

Dir wësst et, et ass zu Diddeleng eng Traditioun, iwwer 10 % vun eisem Budget fléissen hei an d'Kultur. Fester a Manifestatioune sinn e feste Bestanddeel an der DNA vun eis Diddelenger. Mir feiere gären, mir feiere vill, mir komme gären zesummen a liewe gäre flott a spannend Momenter, begéine Frënn a Kolleegen an ameséieren eis eebe gären hei am Duerf an och soss op anere Plazen hei zu Diddeleng. Dat zeechent eis aus. A mir freeën eis op déi verschidden Traditiounen a Fester. Ab und zu kënnt emol en neien Impuls a mir sinn ëmmer erëm oppen dofir. Och hei ass et änlech wéi an der Kultur. Fir dës Budgeten ze stemmen, dat bleift eng Erausfuerderung. D'Sécherheet gëtt ëmmer groussgeschriwwen, d'Kommunikatioun gëtt ëmmer méi wichteg, well, jo, d'Konkurrenz national an an der Groussregioun ass grouss. Mir sinn a wëllen eng lieweg an attraktiv Stad bleiwen. D'Highlights, déi kennt Der aktuell. Dat gesi mer virun der Dier, de Chrëscht-



maart, d'Butschebuerger Mëttelalterfest, alternative Maart, zesumme mam Sweet Event, eis Mäert, eis Kiermessen. Mat de Kiermessen hutt Der gesinn dass mer do en neie Libellé an de Budget eragesat hunn, well eeben déi Fraise ronderëm de Gardiennage an den Nettoyage zougeholl hunn. Mir wollten dat awer e bëssen do, dass een dat och propper kann novollzéien. A wat d'Kiermessen ubelaangt, do ginn eis Manègen all Kéier virum Startschoss vu LuxControl kontrolléiert an dat huet eeben och säi Präis.

Nohaltegkeet gëtt do maximal grouss geschriwwen. An änlech wéi mer dat scho gemaach hu wäerte mer och 2025 nach eng Kéier mat deene Veräiner zesummekommen, och mam Gréngen Haus, fir do eis eng gemeinsam Strategie ze ginn. De Prix du Bénévolat fënnt sécherlech och nach statt fir deene Leit Merci ze soen, déi sech do benevole engagéieren. An d'nächst Joer schaffe mer och un engem Prix Citoyen d'honneur, wou Der och schonn Akzenter an dësem Budgetsdokument gesitt.

De Buergermeeschter huet et ugeschwat. D'Syndikater sinn e wichtege Volet. Ech vertrieden ënner anerem eis Gemeng am SES, wou de Waasserpräis op 1,96 € de Meterkibb liicht eropgaangen ass. Do wäert et awer an Zukunft nach weider an déi Richtung goen, dass et ëmmer méi deier gëtt. Dir wësst, mir musse käschtendeckend fueren, dat ass eebe vum Waasserwirtschaftsamt esou virgesinn. De Budget gouf unanime am Kommitee votéiert an ugeholl. Mir hunn och als SES net ganz vill Sputt. Dir wësst, dass virun allem de SEBES an d'Part salariale dëse Budget bis zu 90 % ausmaachen. Fir de Rescht leeft et virun allem an d'Modernisatioun an d'Securisatioun vun eisem Reseau. Déi eenzeg Recetten, déi mer als SES hunn, ass de Verkaf vum Waasser. Dat heescht wat mer méi Waasser verkafen, wat d'Leit méi Waasser verbrauchen, ginn d'Recetten an d'Luucht. Nach ass de Message awer, dass ee spuersam soll domadder ëmgoe mat dësem elementar a wichtege Gutt. Also dat ass vill méi wichteg, wéi do Recetten ze generéieren. Loyerskommissioun hu mer och eng zu Diddeleng. Do hate mer u sech dëst Joer, e bësse méi e rouegt Joer, mir haten eng richteg Kommissioun an eng consultativ Kommissioun. De Rescht huet eise Sekretär, den Yves Goergen a priori iwwer Telefon oder iwwer Mail eleng oder mat mir konnte léisen.

Voilà, éier ech d'Wuert elo weiderginn nach dat heiten. Dir hutt elo ganz vill Argumenter presentéiert kritt, déi net nëmmen Iech motivéiere sollen, dëse Budget matzestëmmen, mee och virun allem nozevollzéien, dass et genau déi richteg Projete sinn, déi mer hei zu Diddeleng zu dësem Moment brauchen. Och wann et vill Beem hei zu Diddeleng gi wuessen se hei net an den Himmel. An dofir muss ee verantwortlech a bewosst mat dëse Moyenen a Ressourcen ëmgoen. Mat dëse Propositioune bleiwe mer weiderhin eng dynamesch a lieweg Stad, wou mer eis gutt a wuelfillen, egal ob een hei vun Diddeleng ass oder vun auswäerts kënnt. Et kann ee sech mat abréngen, et kann ee matschwätzen a souguer matdiskutéieren. A selbstverständlech gi mat dësem Dokument weider Punkte vun eiser Schäfferotserklärung ëmgesat. Well mir huelen eist Versprieche mam Bierger ganz, ganz eescht a respektéieren dësen Deal deementspriechend zu 100 %. Merci fir d'Nolauschteren.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Villmools Merci, Här Buergermeeschter. Ech géif dann och, wéi de Schäffe virdrun, op meng Ressorten agoen. Ech mengen ech fänken do, wéi gewinnt mam Enseignement, d'Maison relais an d'Crèchen un. Wann eng Stad wiisst, da wësst Der, datt mer andauernd nei Strukture brauchen. An déi fannt Der dann dëst Joer och am Budget rëm.

Balzeng. Do ware bis elo ëmmer nëmmen Etüden dran. Dat ass dee gréisste Projet, dee mer de Moment lafen hunn. Duerfir, 2025 wäerten do déi éischt Aarbechten um Site ufänken, wou ee mierkt, datt do eppes geschitt. An déi éischt Aarbechte si virun allem d'Reewaasserachs an der Flemingstrooss, awer och d'Kräizung Pasteurstrooss an d'Théodore Thiel, wou mer d'Ubannung un de Chauffage urbain leeë fir dëst Gebai do unzebannen. Dat sinn déi éischt Aarbechten. D'Ofrappe vum Gebai selwer, dat wäert Enn 2025 stattfannen. Da wäert déi al Struktur ofgerappt ginn. De Moment ass WW+ jo amgaang, den Avantprojet definitiv auszeschaffen. Dee wäerte mer dann och, soubal mer deen hunn, am Gemengerot eng Kéier presentéiere fir datt Der all um selwechte Stand sidd. Dës Aarbechten alleguerten, déi kaschten 2,3 Milliounen am Budget.

Dat ass schonn e groussen Invest, fir nach am Fong just Aarbechte ronderëm d'Gebai ze hunn. D'Mise en conformité, den Här Buergermeeschter hat et ugeschwat. Mir gi fäerdeg am Brill. Déi Aarbechte lafe gutt, mir hu bal all Stack gemaach. Elo bleift nach de Keller dee mer maachen. An da wäerten do fir d'Rentrée 2025 natierlech och déi Aarbechten ofgeschloss sinn. Do ass et dann och esou, dass mer d'Schoul an d'Maison relais, well déi jo um Balzeng mussen eraus, déi wäerte mer dann an d'Containere huelen am Briller Schoulhaff. Mir hunn, ier am Fong d'Aarbechten um Balzeng uginn, hu mer en Agrement ugefrot, fir d'Maison relais, awer op dat ganzt Gebai, fir net zweemol unzefänken. Deen hu mer och kritt. Mir wäerten awer d'Maison relais ënnen an op den éischte Stack setzen an d'Schoulklassen, déi wäerten op den zweete Stack kommen an de Containeren.

Wat awer wichteg ass, Dir wësst et alleguer, mir hunn de Moment scho Waardeléschten och nach an eise Maison relaisen. Hei wäerte mer vu 36 bestoende Plazen, déi de Moment um Balzeng sinn, wäerte mer

op 80 Plazen eropgoen. Dat bedeit virun allem, dass mer bei onnéidegen Transporter Sue spueren, och well d'Kanner mussen hin- an hiergefouert ginn. Déi wäerten da kënnen op deem Site bleiwen, a mir wäerten natierlech och kënnen nei Kanner eranhuelen. Mir mussen awer Mobilier kafe fir d'Maison relais. Ech mengen déi hunn eng aner Ausstattung wéi eng Schoulklass, déi de Moment dran ass. Dat fannt Der och am Budget rëm mat 190.000 €.

Dann awer, wéi et schonn ëmmer ugekënnegt ass, mir maachen net nëmmen Neibauten, mir halen och eis bestoend Gebaier a Stand an och eis Maison relaisen. Do ass virun allem nach virgesinn, den Daach vum Gymnase vum Brill, dee muss nei gemaach ginn, d'Toiletten zu Butschebuerg, déi an engem ganz schlechten Zoustand sinn, d'Ventilatioun am Keller. An dann den Daach vum Wolkeschdall, deen ass ondicht, do reent et eran, awer scho méi laang, a mir kréien dat net gefléckt, sou datt mer och deen Daach mussen erneieren. An der Gaffelt, och do gëtt d'Ventilatioun am Judossall ersat. A mir maachen nach eenzel kleng Aarbechten, well fir dat neit Gebai am Fong, oder fir dat aalt Gebai un dat neit Gebai PMR-gerecht unzebannen. Dat heescht, do sinn nach Trape vum ale Gebai an dat neit an déi wäerte mer dann och nach maachen. Wat awer an der Gaffelt och nach ass, Dir wësst datt d'Portierswunneng fräi ass, dat war eng relativ grouss Wunneng. A mir hunn do en Aarbechtsgrupp en place gesat, fir en Teamraum doraus ze maachen, well mer jo kee Portier méi an de Gebaier hunn. An déi hunn an engem Aarbechtsgrupp e Projet opgesat, wéi se zesumme kënne mat der Maison relais do schaffen, gemeinsam Raimlechkeeten an d'Notzung vun deene Raimlechkeeten. Wuelwëssend, datt an déi Wunneng, keng Kanner däerfen. Dat ass reng Personal, d'Educateuren an d'Enseignanten.

Da kommen ech, an den Här Buergermeeschter huet et schonn ugedeit, zum Projet Strategie 2035. Ech menge mir haten Iech viru Jore jo déi bis 2025 virgestallt. An et ass elo esou, datt mer an Optrag ginn hu fir eng Kéier dat Ganzt ze préiwen. Den Här Buergermeeschter sot et, d'Schoulen, d'Sportinfrastrukturen bis 2035, déi mer Iech dann och wäerte virstelle wa mer se hunn. Et ass e wichtegen Outil fir eis alleguer, fir d'Entwécklung an eise Quartieren ze iwwerkucken, fir ze gesinn: Wat musse mer wou? Wou musse mer norüsten? Wou musse mer bäibauen? Da méi intensiv, an dat wëll ech eng Kéier soen, dat ass schonn déi drëtt Schoul, déi ech da wäert matplangen a menger kuerzer Zäit, wou ech hei sinn. Dat ass dann d'Planung vun der Schoul op NeiSchmelz. Ech mengen déi hate mer schonn dran. Do wäerte mer eis elo méi intensiv domat beschäftegen.

An dann den Ausbau natierlech vun der Schoul Deich. Dir wësst et, mir mussen iwwerall eng Mise en conformité maache vun eise Schoulgebaier an och eiser Maison relais. Do sinn dann Etüden dran. Elo Etüden, fir mol ze kucke wéi, wat brauche mer an deem Quartier? Wat kënnt do op eis duer? Wat sinn d'Challengen? Elo mam Projet Alphabetisatioun komme mer zimmlech op eis Limitten an d'Maison relais, déi muss zum Deel schonn op de Strutzbierg erofgoen. Fir wat réckele mer? Ma mir réckelen dee Projet liicht no hannen. Ech soen awer firwat. Well d'Aarbechte ronderëm den Nosbaum awer och mat der Turnhal net nach e Chantier zouloossen op deem Site. Sou datt mer waarde bis dat do ofgeschloss ass an da wäerte mer och do vergréisseren.

Da kommen ech, an deen Devis hu mer jo och am Gemengerot virleien, dat ass de Wolkeschdaller Schoulhaff, ech mengen do ginn Aarbechte gemaach. Wat wichteg ass bei deenen Aarbechten, obwuel de Projet eigentlech relativ deier ass, mir vergréisseren deen, ronn iwwer rëm 200 m2 gëtt dat méi grouss, doduerch datt mer d'Plaz eigentlech virun der Dier bis och säitlech mat eranhuelen. Dat ass natierlech e bësse méi en deieren Invest, mee ech mengen et ass e Schoulhaff, deen an d'Jore komm ass an et ass onbedéngt néideg, datt mer do eppes maachen.

De Strutzbierg, dat ass elo kee neie Moment, dat hat mer dran, dat gëtt elo ofgeschloss. Ech muss awer soen, mir hunn nach e klengen Deel am Budget, et ass awer e relativ exzeptionelle Projet. An ech kann och soen, mir kruten, wann Der Iech en ukucke gitt, do net fir näischt de Präis “Méi Natur an eise Schoulhäff”. Gitt Iech en ukucken, et ass derwäert. Wéi gesot, dee Projet gëtt och elo ofgeschloss. Dann hu mer eng Etüd drastoen. Do waren éischt Gespréicher. Mir hunn elo d'Etüd dann dragesat, dat ass d'Maison relais zu Butschebuerg. Dir wësst hannert der Schoul, do gehéiert eis den Terrain hannert dem Turnsall, an do wëlle mer eng Maison Relais plangen. Et ass ganz kloer, datt den Drock zu Butschebuerg extreem héich gëtt, do kommen ëmmer erëm nei Awunner bäi. De Moment féiere mer d'Butschebuerger Kanner zum Deel an de Ribeschpont, fir z’iessen, wat och erëm en Transport ass deen net muss sinn.

Precoce: viru Jore hu mer am Fong d'Precoce-Klass zougemaach. Et ass elo esou, datt ganz vill Bëbeeë bäikomm sinn, sou dass mer och erëm eng Precoce-Klass do musse maachen. An duerch de Projet Alphabetisatioun, dee viraussiichtlech ab 2026 leeft, brauche mer net duebel Klassen, mee mir brauchen awer Raim, fir dann och kënnen esou ze schaffen. Mir hunn och do Virgespréicher, soubal mer do méi intensiv ginn, wäerte mer och do en Aarbechtsgrupp asetzen. Well et soll jo dann awer erëm déi Duebelnotzung sinn, an do brauch een da Leit vun den Enseignanten awer och vun den Educateuren.

Dir wësst et, och wa mer an der Gaffelt an am Brill nei Plaze schafen, bleift d'Tendenz steigend. De Moment leie mer bei ronn 70 % vun eise Kanner, déi an enger Structure d'accueil sinn. Ech wëll do e puer Zuelen nennen, well dat awer impressionnant ass. An deene leschte 5 Joer si 654 Kanner bäikomm an eise Structures d'accueil. Ech mengen déi gréisste Steigerung, déi hate mer d'lescht Joer, do waren direkt 85 nei Kanner, wat awer scho ganz vill ass, wann esou vill Kanner bäikommen. An dee gréissten Drock, an dat mierke mer, well mer de Moment nach Transporter musse maachen, dat ass an der Mëttegstonn. Also et ass wierklech esou, datt d'Gratuitéit vum Iessen awer e gewëssenen Impakt do drop huet.

Da kommen ech zur Crèche. Déi steet och am Budget. Dir wësst, datt jo a Bëlleg deen neie Quartier entsteet, an de Moment hu mer dräi Strukturen: mir hunn Italien, dat voll ausgelauscht ass, mir hunn natierlech och d'Nuddelsfabrik an d'Minettsdäpp. Mee vu que, datt hei en neie Quartier entsteet, soll och hei eng Crèche geplangt ginn. Déi Crèche, déi soll iwwer zwee Stäck sinn, do hu mer eng Capacitéit virgesi vun 44 Kanner. An am Budget hu mer dëst Joer 3 Millioune virgesinn. Well ech menge mir bezuele jo och do den Terrain, an dat sinn dann éischt Investissementer, déi mer do musse maachen. Dir wësst et ganz kloer, datt de Staat entweeder d'Personal iwwerhëlt oder deelweis d'Käschte vum Bau. Hei ass et esou, datt d'Gemeng ëmmer d'Käschte vum Bau iwwerhëlt an de Staat dann herno 100 % vum Personal.

D'Blockhütt, dat ass e Projet, dee gëtt einfach no hanne geréckelt. Net well mer net prett sinn. Mee et ass esou, datt déi Blockhütt eréischt gebaut gëtt um Site an déi da wann se gebaut ass, integral eriwwergeholl gëtt an d'Waldschoul.

Da géif ech nach e bëssen op den Ordinairen agoen. Ech mengen och dat ass eppes, dat ganz vill Sue kascht. Dir gesitt dat am Budget selwer, wann Der e bëssen derduerch gitt. Ech géif emol ufänke mam Enseignement. Do eleng de Budget Informatik. Mir mussen dauernd neit Material kafen. Et ass och esou, datt d'I-Paden, déi mer viru Jore kaaft hunn elo schonn erëm mussen erneiert ginn, dat fannt Der am Budget rëm.
An awer och d'Begleedung an d'Consultance fir an de Schoulen, fir wa Saachen net fonctionéieren, wann Appe musse rofgeluede ginn, och déi Consultance, déi fannt Der am Budget erëm an dat si reng 95.000 €.

Matériel pédagogique. Ech soen dat am Virfeld, do ass just e Feeler am Libellé. Et ass C1 bis C4. Mir hunn déi zwee Budgeten zesummegelooss, et steet C2 bis C4, mee den C1 ass awer mat dran. Déi hu mer zesummegeluecht, well dat Sënn ergëtt, fir do net zwee extra Budgeten ze féieren, obwuel den C1 vill méi Matériel pédagogique brauch, mee dat gëtt jo dann iwwert de Schoulservice gereegelt. D'Schoulbicher: 275.000 €. D'Bicher gi méi deier, dat wësst Der alleguer. An dann hu mer och den Transport scolaire an d'Activités an d'Kolonien zesummegeluecht, d'Aktivitéiten, well dat einfach eng Vereinfachung ass vun deem Budget. Heiansdo hu mer nach Sue bei den Aktivitéiten, awer keng Sue méi um Transport oder ëmgedréint. A wann déi zwee Budgeten zesummegehéieren, da kann ee souwuel vun deem enge wéi och vun deem anere profitéieren.

De Budget Santé scolaire, dee fannt Der och erëm. Dat ass eppes, déi leeschten ganz, ganz vill Aarbecht um Terrain vun der Gemeng Diddeleng, dat ass eng gutt Zesummenaarbecht. An do wäerte mir Iech de Bilan da wéi gewinnt och an der Schoulkommissioun presentéieren. Wéi gesot, och dee Budget ass eis ganz wichteg.

Activités pédagogiques fir d'Schoul an d'Maison relais. Dat si virun allem déi Projete "Mënsch an Natur" an Zesummenaarbecht mat co-labor. Do ass et de Strutzbierg, deen als Cité jardinière vum Schoulgaart profitéiert. An der Lenkeschléi an um Däich hu mer där Projeten och, Schoulgäert. Dat ass eppes, wat d'Kanner ganz gären hunn an och ganz vill do matschaffen.
De Märchebësch, dee mer hannert der Gemeng hunn, deen ass ganz beléift. Virun allem geet ganz vill d'C1 vun der Gafelt dohinner, awer och aner Schoulen oder Crèchen.

D'Budgete vun de Crèchen, Maison relais ass dat selwecht materiell, et gëtt net méi bëlleg. Och do brauche mer ëmmer erëm neit Material an dat fannt Der och erëm mat 135.000 €, de Mobilier an d'Ekipementer 220.000 €.

D'Restauratioun fir d'Crèche an d'Maison relais, ech wëll soen, datt dat deen deierste Posten ass. Och wann een do seet, et ass fir näischt. Ech muss Iech awer soen, datt dat bei wäitem net ëmmer duergeet. Dat kascht, obwuel de Staat e groussen Deel iwwerhëlt, kascht et d'Gemeng extreem vill Suen. A firwat? Ech wollt et och eng Kéier ganz kuerz just soen, eleng all déi Entretiensaarbechten, d'Renovatiounen, d'Ekipementer, net nëmme bei der Restauratioun, mee insgesamt d'Transporter, d'Aktivitéiten, dat fält alles zu Laaschte vun der Gemeng. Och wann ee seet, mir iwwerhuelen 75 % vum Personal, nach musse mir awer anert Personal asetzen, de Portier, dovunner schwätzt da keen. Ech mengen dat ass en Invest vun der Gemeng, dee mir natierlech gär maachen. Ech mengen hei geet et ëm d'Betreiung vun eise Kanner, an do ass dat eis dann och wichteg.

Vakanzenaktivitéiten. Nach eng Kéier ganz kuerz dozou. Mir haten iwwer 500 Kanner ageschriwwen an eise Vakanzenaktivitéiten. Do wëll ech awer eppes bemierken. D'Leit schreiwen hir Kanner an, mëttlerweil schreiwen och d'Leit hir Kanner an an d'Structures d'accueil a si mellen sech dann net méi of. Dat heescht, dat sinn da sou Saachen, déi si jo fir näischt an da melle mer eis net of. Dat bedeit awer och, ech muss et awer och éierlech soen, éischtens huele mer an de Structures d'accueil Leit, déi vläicht eng Plaz bräichten, Plazen ewech, well mer einfach soen: "Oh, mir melle se un. A wann et dann net geet, dann ass dat egal." Dat selwecht an de Vakanzenaktivitéiten. Mir huelen do ëmmer erëm Studenten eran a wann da 60 Kanner manner sinn, also ech mengen dat ass dann och fir eis net esou gutt.

An dann, gutt Besser SEA Diddeleng. Do war e Kick-off d'lescht Joer. Dëst Joer hu mer da gesinn, wéi wichteg eigentlech dat Ganzt war, eis eng Kéier a Fro ze stellen a virunzeschaffen. Eleng den Echange tëschent den Haiser, wou déi sech e gesinn. A wéi méchs du et? Dat ass wichteg. An ech wëll soen, dat ass och e ganz flotte Projet, dee mer Iech dann och wäerten presentéieren.

Dann eppes, wat awer ganz nei ass, wat bis elo nach net de Fall war. Mir wäerten eng Équipe multidisziplinaire an eise Maison relaisen op d'Bee setzen. Dir wësst, datt mer säit 2022 eng Responsable à l'Inclusion hunn, déi mat eise Kanner schafft, déi sech ëm d'Kanner këmmert mat spezifesche Besoinen, awer och mam Personal zesumme kuckt, wéi kënne mer déi

Kanner besser encadréieren. Et ass esou, datt am Enseignement hu mer eng ESEB, en IEBS, hu mer Psychologen. Ech mengen do sinn d'Kanner, wa se spezifesch Besoinen hunn, gutt encadréiert. Bei eis ass et d'Personal um Terrain, dat net ëmmer forméiert ass, fir mat esou Kanner ëmzegoen. Ech fannen dat eigentlech e ganz wichtege Message. A just mat enger Persoun, bei 12 Maison-relaisen a bei 1300 Kanner, ka se sech net intensiv genuch mat all Kand, ëm all Kand këmmeren. Do wäerte mer dann, niewent der Responsable à l'Inclusion, wäerte mer eng Infirmière hallef Zäit asetzen, well et ganz oft och gesondheetlech Problemer sinn, mat deenen eist Personal um Terrain eigentlech net forméiert ass. Et ass e Pédagogue curatif, deen dann och eist Personal soll begleeden an och eng gutt Prise en charge assuréieren, wann et dem Kand net esou gutt geet an eeben eng Eenzelbetreiung braucht. Eng gutt qualitativ Aarbecht um Terrain, ech mengen déi ass eis immens wichteg. An doduerjer solle mer dann och dat ënnerstëtzen.

D'Zesummenaarbecht mat der Santé scolaire, déi ass excellent, dat wëll ech eng Kéier soen, do ass e gudden Echange. Mee och si hunn e grousse Koup Aarbecht. De Pédagogue curatif gëtt natierlech vum Ministère ënnerstëtzt. A mir wäerten do iwwert den Dekont remboursséiert ginn. Dës Equipe, déi mer elo en place setzen an da kucke wéi et sech entwéckelt och fir d'Formatioune vun eise Leit um Terrain a wann et nach soll ausgebaut ginn, an dat war och ëmmer, mengen ech, heibannen eng Doleance, dat ass eng Psychomotricienne anzestellen an eise Maison relaisen, fir datt och si sech besser kënnen ëm d'Kanner këmmeren. Nei Posten an de Maison relaisen, d'Educateuren um Terrain, do hat ech dat schonn an der Finanzkommissioun gesot, dat waren zwee C1 a 4 B1-Posten, déi mer rekrutéieren dëst Joer, fir well mer jo och erëm Plaze bäikréien.

Da géif ech op mäin nächste Ressort agoen, an dat ass d'Jugend. Ech mengen et gëtt ganz vill iwwert d'Jugend geschwat. Also schwätzen ech elo e bëssen iwwert d'Jugendhaus, awer och iwwert eisen Outreach. A mir haten elo d'Plattform. Dir wësst, datt mer eemol d'Joer d'Plattform hu mam Ministère. An déi hunn eis gelueft fir déi gutt Aarbecht, déi do geleescht ginn ass. Säit 2024 ass d'Ekipp erëm komplett. Dat heescht, mir hunn erëm all Educateur agestallt. Mir haten, an dat muss een einfach mol eng Kéier iwwerleeën, wäit iwwer 6.000 Besich am Jugendhaus vu Jonker. Dat sinn zwar deelweis d'selwechter. Mee si si 6.000 mol, si musse sech ëmmer aschreiwen, wa se eraginn, da si 6.000 mol ageschriwwen, also dat ass schonn impressionnant. 83 Aktivitéite si gemaach ginn, sief an der Rencontre Indoor Outdoor. D'Collaboratioun, an dat ass eppes, dat fänkt elo un ze wierken, dat ass natierlech mat der Maison relais, mam Cycle 4.2, déi zesummen och mat hiren Educateure ganz oft an d'Jugendhaus ginn. Weider d'Zesummenaarbechten Aktiv+, de Service Emploi, Égalité des chances, awer och de Lycée ass e feste Partner vum Jugendhaus.

Den Outreach, an dat ass och ganz wichteg, deen huet 16 Jugendlecher begleet, déi Problemer haten. Meeschtens sinn dat Problemer Schoul, Ausbildung, Beruff. Ech mengen och deen, deen huet seng Aarbecht gemaach. Wat awer wichteg ass, vun deene 16 Stéck, sinn der 14, déi sinn net méi an der Begleedung. Dat heescht, déi hunn eng aner Léisung fonnt, déi hunn entweeder en Apprentissage oder esou fonnt. Ech mengen dat ass wichteg. Et kommen zwar all Dag neier bäi. Mee ech mengen och do gëtt d'Aarbecht gemaach. Dat Eenzegt wat e bësschen schued war dëst Joer, doduerch datt den Outreacher am Fong och nach de Responsabel vum Jugendhaus war, well mer e Congé de maternité haten, konnt e sech net esou intensiv wéi déi Jore virdrun dorëmmer këmmeren. Et ass awer sou, well den Outreacher zum Jugendhaus gehéiert, fanne se ëmmer genau déi Persoun um Terrain, wou se se se da brauchen.

Da wëll ech op den Jugendsummer vläicht eng Kéier kuerz drop agoen. Dir wësst et, dat waren 3 Wochen, dat ware 421 Inscriptiounen. Dat ass e wierklechen Erfolleg gewiescht. De Youth Supercup, och do maachen 132 Jugendlecher mat. Also et gesäit een, dass de Fussball awer nach ëmmer ganz beléift ass. Dat wäert och weidergefouert ginn. An dann, eppes wat ech elo grad scho gesot hunn, eleng doduerjer, datt mer de 4.2 eranhuelen, koum e Mentalitéitswandel eigentlech am Jugendhaus. Soss war et ëmmer e bëssen esou: Oh nee, do gi mer net hin. Mir hunn de 4.2, déi kommen elo dohinner, déi si frou fir dohinner ze kommen. An déi kommen och wa se bis am Lycée sinn. Dat heescht, dat ass ganz flott. Wat mer awer feststellen, si si vill méi, wa se kommen, sinn et éischter Jonker, déi un Aktivitéite wëllen hëllefen, si bedeelegen sech, si maache ganz vill benevol Aarbecht. Dat ass schonn e ganz flotte Message. Fir 2025 wäerte mer e neien Educateur astellen. Mir haten e scho virgesinn iwwert d'Konventioun a mir wäerten deen dann astellen.

D'Jugendfest, ech mengen den Här Costa wäert vläicht e bësse méi intensiv dorobber agoen. Ech mengen dat ass och eppes, wat mer maachen. An da wëll ech e leschte Message einfach vun der Jugend soen: mir fänken un, un d'Limitten ze kommen am Haus. Ech menge wa mer hei schwätze vu 6.000 Besich, dann ass dat eppes wat enorm ass. Also mir wäerten do an Zukunft misste plangen an da kucke wéi mer weiderfueren.

Zur Famille. Ech wëll och do ganz kuerz op d'Famille agoen. Och 2025 gesitt Der all déi Saachen, déi mer weiderféieren, fir d'Familljen ze ënnerstëtzen. Sief dat am Alldag sief dat awer och fir de Familljen, an dat ass eppes, wat zu Diddeleng awer e bëssen exzeptionell ass, flott Saachen zur Verfügung ze stellen, wou se sech an der Natur mat hire Kanner kënnen de Weekend beschäftegen. De Service Jeunesse-Famille, dee steet natierlech weider de Familljen zur Verfügung, wa se Berodung oder Hëllef brauchen. Eltereschoul, dat ass eppes, wou déi och ëmmer ganz vill present sinn um Terrain. Mëttlerweil si se um Maart oder op de Spillplazen och unzetreffen, awer och an eise Maison relais.
Babyplus ass och e Budget, dee mer natierlech weiderféieren. Dat ass eigentlech d'Hëllef fir wann eng Famill e Puppelche kritt, fir d'Leit doheem e bëssen ze begleeden. Dat selwecht Planning familial, obwuel dat Jugendlecher betrëfft. Sou ass dat esou, datt mer och do weiderfueren. Des weideren, an dat ass ep-



pes, wou mer schonn e bësse méi laang amgaang sinn, mir wëllen natierlech och en Eltereforum op Diddeleng kréien. An och do si mer a Gespréicher a mir sichen natierlech eng Struktur, fir och den Eltereforum op Diddeleng ze kréien.

Flott Eventer, ech mengen do geet den Här Goergen vläicht drop an, dat ass de Familljendag. Dir wësst, dee gëtt ëmmer méi grouss, méi flott, an et kommen ëmmer méi Leit op Diddeleng. An da Projeten, déi weiderlafen, dat ass natierlech de Lauschterwee, de Buerfousswee, de Kannerwanderwee, eis Bongerten, d'Blummewiss, alles dat si Saachen, déi lafe virun. D'Spillplazen. Dir wësst, mir hunn der ganz vill, mir hunn iwwer 60 Spillplazen zu Diddeleng. Mir hunn och do de Label "Sécher Spillplazen". Mir loossen eis Spillplazen ëmmer kontrolléieren, fir datt och näischt geschitt. Dëst Joer hu mer och do erëm en Invest natierlech dran. Dat ass am Hansendall, dat Spill soll ersat ginn, d'Rue de la Brasserie, an och an der Lenkeschléi muss ech soen déi Spillplaz, déi do bei der Schoul ass, och do musse mer Saachen ersetzen, well déi wierklech net méi an der Rei sinn.

Da géif ech op e leschte Volet agoen, an dat ass d'Informatik. Ech mengen dat ass e bësse méi technesch. Ech probéieren et dann a menge Wierder ze erklären. Wann ech dem Chef de Service säi Rapport, dee mécht eis e superflotte Rapport, ganz am Detail mat alle Projeten, déi mer hunn an deem Service vun 81 Säiten, wann ech deen elo géif virliesen, ech mengen dat wär fir jiddwereen e bëssen ze schwiereg, dofir wëll ech ganz kuerz dorobber agoen. Do sinn awer ganz vill, dat ass e Beräich, dee mer net méi ewechdenke kënnen, d'Informatik, sief et Telefon, sief et iPad, sief et Computer. An dee geet natierlech an d'Luucht. Do ass d'Entwécklung extreem schnell. An duerfir géif ech elo op e puer Budgetsposten agoen. An zwar am Ordinaire, do gesitt Der, datt dee Budget ëm 600.000 € an d'Luucht klëmmt, wat extreem vill ass. Ech wëll awer soen, dat kënnt ganz vill doduerjer, datt mer Augmentatiounen hu bei de Lizenzen. Ech mengen d'Lizenze ginn ëmmer méi deier an do kann een net soen, neen, mir huelen se net, well dann hutt der op eemol keng Programmer méi vu Microsoft oder och Adobe. Dat sinn alles Saachen, déi ginn an d'Luucht, do hu mir keen Afloss drop.

Dann, wat awer och ganz wichteg ass, mir brauchen en zweete Serverraum. Et ass esou, dass mer d'Donnéeën op enger zweeter Plaz musse stockéieren. Well wann hei eppes géif geschéien an eisem Serverraum, da mussen déi Ofsécherungen an engem zweete Raum sinn, fir datt mer net bei null erëm ufänken an déi Donnéeën awer nach zur Verfügung hunn. An do wäerte mer eis aloune, e Rack lounen am Datazenter zu Beetebuerg, do loune mer eis an. Dat ass eppes, wat och ganz wichteg ass. D'Migratioun vum WIGES ass och eppes, wat ganz deier ass, dat kascht 480.000 €. An och dat soll am Datazenter goen. Nei informatescht Material wat mer kafen. Dir wësst et alleguer, den iPad an de Computer, den Telefon, dat geet esou séier, och do investéiere mer 500.000 € fir alles nei ze ekipéieren. Do hate mer d'lescht Joer scho 570.000 € drastoen. Informatescht Material, hat ech virdru gesot, och an eise Schoulen bleift d'Entwécklung net stoen, mir mussen dauernd nei erneieren. E System vun de Reservatioune vun de Säll, dat ass och virgesinn. Dat ass e Programm, dee virgesinn ass, an dat ass virun allem fir déi Leit, déi erakommen, fir d'Visiteuren, déi solle vun do ënne kënne kucken a wat fir engem Sall, wat fir eng Reunioun stattfënnt. Da laaft der net méi blann ronderëm, mee da gesäit een direkt wann ee erakënnt, wou wat fir eng Reunioune stattfannen.

De Parcours Citoyen. Dat ass och e System, dee mer wëllen en place setzen. An deen hëlleft virun allem bei den Demarchen, déi een online ka maachen. Och ganz wichteg, well net jiddwereen awer esou eens gëtt, wéi mer eis dat virstellen. De SIGI, ech kommen nach eng Kéier op de SIGI, dee Budget bleift stabil. Do ass just eng liicht Augmentatioun vum Budget. Firwat? Ech kann Iech dat kuerz erklären. Et ass esou, datt mer net wëlle mat de Präisser an d'Luucht goen, well mer einfach der Meenung sinn, datt mer elo mol sollen de Gemenge liwweren, ier mer schonn erëm Saache bäifügen. An déi Saachen, déi en place sinn, déi sollen entwéckelt ginn an net erëm nei Saachen erfannen.

Do gëtt et e Groupe informatique, dat ass awer wichteg ze wëssen, deen, do sinn all d'Informatiker aus grousse souwéi och aus klenge Gemengen dobäi. An dat ass eppes, déi schaffe wierklech um Terrain an déi wësse wou d'Besoine sinn an hiren eegene Gemengen an dat fonctionéiert ganz gutt. An e lescht Wuert, d'Informatikscoursen, déi lafe weider. Do kann ech vläicht just soen, mir haten 28 Coursen, mir hate 5 Formateuren. Dat geet vun Ëmgang mat Computer, Internetfürerschäin, Programmatioun. A mir haten och e Cours fir Kanner. An och do waren 12 Kanner ageschriwwen. Voilà, ech wär duerch meng Ressorte gaangen. Ech wëll awer virun allem emol jiddwerengem Merci soen, mat deenen ech am Laf vum Joer geschafft hunn, vun egal wat fir engem Service. Mee awer e grousse Merci un de Pascal, deen eis begleet huet beim Budget a mir wierklech eng flott Zesummenaarbecht mat him haten. Voilà. Merci.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter. Ech fänken dann traditiounsgeméiss mat mengen zwee gréisste Ressorten un. Dat ass dat Soziaalt alles an dat ass d'Ëmwelt. Ech géif beim Sozialen dann ufänken, d'Affaires sociales. Dir wësst, dass hei zu Diddeleng d'Sozialpolitik als iwwergräifend Thema behandelt gëtt, well hei zu Diddeleng si Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet Grondwäerter. D'Lutte géint d'Aarmut a sozial Onsécherheet souwéi d'Ënnerstëtzung fir Biergerinnen a Bierger a schwierege Liewenssituatioune waren net nëmmen 2024 oder

ginn elo 2025, mee gi wärend der ganzer Amtsperiod eng Prioritéit vum Schäfferot duerstellen. D'Gemeng Diddeleng wäert weiderhin am Sozialberäich hir Verantwortung droen an och iwwerhuelen. Mir hunn hei zu Diddeleng am soziale Beräich sechs Pilieren: Dat ass den Office social, dat ass eise Service emploi, eise Service à l'égalité des chances et la non-discrimination, eise CIGL, eis Cellule Logement, d'GLS an eise Service Logement.

D'Aarmut zu Lëtzebuerg ass och eng Saach vun der Definitioun. Wat Aarmut ass, mengt vläicht jiddwereen ze wëssen, mee eng exakt Definitioun ass ganz schwéier ze maachen. De Begrëff Aarmut léisst sech nëmme subjektiv deiten, dat heescht all Mënsch versteet eppes anescht ënnert deem Wuert Aarmut. Dobäi soll ee wëssen, dass d'Aarmut jee no Gesellschaftsform, sozial Roll a Geschlecht fonctionéiert. Déi lescht Zuele vum Statec, hunn ech gekuckt gehat, weisen, dass de generellen Aarmutsrisiko hei zu Lëtzebuerg geklommen ass. Virun allem sinn elengerzéiend Stéit betraff, mat iwwer 43 %. Och staark betraff si jonk Erwuessener am Alter tëschent 18 a 25 Joer, sou wéi Kanner. Et muss een och wëssen, dass all 4. Kand hei zu Lëtzebuerg riskéiert an d'Aarmut ze falen. Dir gesitt, d'Situatioun ass net gutt. An an engem Land wéi Lëtzebuerg ass et a mengen Ae relativ onwürdeg, dass mer esou Zuelen a esou Situatiounen hunn.

Ouni déi staatlech a Gemengenzouwendungen, dat heescht déi sougenannte Sozialtransferten, wéi zum Beispill d'Allocation familiale, d'Allocation de vie chère, de REVIS, de Chômage an esou weider, wieren et awer nach vill méi Leit, déi vun Aarmut betraff wären. D'Aarbechtslosegkeet, den deiere Loyer, Unfall, eng Scheedung, eng Faillite, alles dat sinn Ursaachen, firwat d'Leit ënner anerem bei eis den Office social mussen a wäerten opsichen. Eis Maison sociale, wou d'ARIS-Leit schaffen an och eisen Office social doheem ass - op den Office social wëll ech dann hei elo op dëser Plaz net agoen, do hu mer de Mëtten nach eng Kéier d'Geleeënheet am Detail iwwert den Aktivitéitsbericht an och iwwert dee Budget ze schwätzen. Ech loossen dann deene Leit d'Tribün do de Mëtten.

Zum Service social gehéiert awer och ëmmer nach eis Cellule Logement, d'GLS, eise Service Logement an och eis Cellule de contrôle logement. Déi prekär Situatioun vum sougenannte fräie Wunnengsmaart ass bekannt. Fir vill Leit si d'Loyeren ze héich an och d'Offer vu Wunnengen ass ze knapp. Duerfir bedreift d'Diddelenger Gemeng scho säit Joren eng aktiv Wunnengsbaupolitik. A wärend dem Laf vun der Amtsperiod gi weider Projeten zur Schafung vu bezuelbarem Wunnraum geschaf. Eise kommunale Wunnengsbestand wäert weider wuessen an och ausgebaut ginn. An eis GLS, vum Office social geréiert, wäert eebenfalls duerch d'Verloune vu besteeënde Wunnhaiser u Persounen a schwierege Liewenssituatioune weidergefouert ginn. Konkret hu mir als Gemeng fir 2025 an doriwwer eraus geplangt, déi al Eecherdaller Schoul ëmzebauen. 51, Route de Luxembourg sinn Etüde gemeet gi fir dräi Wunnunitéiten ze schafen. An der 36, Rue de la Fontaine eebenfalls, ginn do dräi Etüde geschaf. De PAP a Bëllech, do hu mer am Fong geholl zwee bis dräi ganz Gebaier, wou mer mat 28 Unitéite wäerten dobäi sinn. An dann hu mer an der Rue de la Paix 71 och eng Unitéit wëlles ze kafen, fir do ee Familljenhaus opzepäppelen. An dann nach an der Rue des Champs hu mer op 218 e VEWA-Konstrukt, wou mer och 4 Unitéite wäerte schafen. Alles dat si konkret Projete fir 2025 a wéi gesot och doriwwer eraus.

Selbstverständlech féiert eis Cellule de contrôle logement och hir reegelméisseg Kontrolle weider, dat heescht Kontrollen an deene sougenannte Chambres meublées respektiv Cafészëmmeren. Da wëll ech awer och nach op déi gutt Zesummenaarbecht mat all eise Partner agoen, well d'Sozialaarbecht ass net nëmmen eng One-Man-Show, do musse mer awer mat ganz vill Acteuren zesummeschaffen, dat wär d'AIS, d'Croix-Rouge, d'Jugend- an Drogenhëllef, de Service sur l'endettement, de LISKO, d'Pro Familia, de Cent Buttek an och de Fréisenger Kleederschaf. A fir datt d'Solidaritéit an d'Zesummeliewe klappt, hu mer nach follgend d'Zesummenaarbecht säit Joren, dat heescht mat der Aide familiale, dat ass d'Ënnerstëtzung am Stot, zum Beispill bei enger Krankheet, d'Subventioun beim Kaf vu Schoulmaterial, de Plan d'action Canicule, de Repas sur roues, den Telealarm, de Weltbuttek, eise Label Fairtrade-Gemeng an och d'Entwécklungshëllef. D'Solidaritéit hält net op der Diddelenger Grenz op, andeem mer "Diddeleng Hëlleft" wäerte subventionéieren. An dëst Joer och ganz nei hu mer mat co-labor zesummen e Frigo solidaire an d'Liewe geruff, deen och do op der Plaz steet.

Weider Solidaritéit ass mam SPAD, wou mer natierlech als bal déi eenzeg Gemeng am Land d'Kastratiounscampagne fir Honn a Kaze wäerte weiderféieren. A selbstverständlech ass den Neibau, respektiv Ausbau vum neien Déierenasyl op der Affiche. Eebefalls wäerte mer weider ënnerstëtzen eise Centre de soins pour la faune sauvage, eis Fleegestatioun fir wëll Déieren, och déi gëtt vergréissert a renovéiert, an och do ass d'Gemeng Diddeleng ënner anerem och finanziell dru bedeelegt, respektiv iwwerhuele mir wéi ëmmer all d'Energiekäschten, Gas, Waasser, Poubelle, dat ass alles zu eise Laaschten. An dann nach ganz vill Klengegkeeten, déi Dir am Budget net erëmfannt oder bal net erëmfannt, déi awer fir d'Organisatioune ganz wichteg sinn, an ech huelen der just zwee eraus. Dat ass de Cent Buttek zum Beispill, wou mer reegelméisseg eng Annonce schalten, dass se kënnen Done sammelen. A virun allem hu mer och säit dem leschte Joer hir Camionnettë geholl, fir se an eiser Waschanlag ze wäschen.

Och dat sinn da Montanten, déi si am Budget net méi belaaschten, a mir als Gemeng Diddeleng weisen eis solidaresch, andeem mer hinnen domat hëllefen. An déi zweet Societéit ass Kolping, d'Aktioun Aalt Gezei. Och do muss ee wëssen, dass déi Leit net méi déi Leit zur Verfügung hunn, fir do ze hëllefen. Sou dass d'Gemeng Diddeleng wäert ënnerstëtzen, andeem mir hinnen déi Plastikstuten ausdeelen op eis Käschten. A virun allem fannen se och keng Benevolle méi, fir herno de Ramassage vun der Kollekt ze maachen, sou dass d'Gemeng Diddeleng och do Camionen zur Verfügung stellt, mat 6 bis 8 Leit Personal, fir kënnen dann do déi Tuten anzesammelen.

Aarbecht a Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet, do kuckt Diddeleng op eng ganz laang Traditioun zréck. Dir wësst, dass d'Gemeng Diddeleng nach ëmmer déi eenzeg Gemeng ass hei am Land, déi sech e Service Emploi leescht an ubitt. De Service Emploi, deen 1994 als Pilotprojet gegrënnt ginn ass, a säitdeem gëtt hei bei der Weideraféierung vun Aarbechtsloser eng virbildlech Aarbecht geleescht. Säit 1997 huet d'Gemeng Diddeleng mam Service Emploi mat eiser Initiative sociale eng Berodungsstell fir aarbechtssichend Leit. Am Service Emploi schaffen aktuell 4 Mataarbechter, déi d'Leit individuell bei der Aarbechtssich begleeden a betreien. D'Aarbecht vum Service Emploi ass d'Betreiung a Berodung vun de Leit, déi eng Aarbecht sichen, d'Betreiung vun der Initiative sociale an eise Léiermeedercher a Léierbouwen an d'Zesummenaarbecht mat verschiddene Partner, de Lycée Nic-Biever, de Service à l'Égalité des chances, den Office social, den ARIS, de Service Ensemble, d'ALJ, d'Jugendhaus, d'Chambre des Salariés, d'ADEM, de City Manager an all eis Betriber hei um Site vun der Gemeng Diddeleng.

Eise CIGL, et ass nach ëmmer d'Haaptzil vun der Aarbecht vum CIGL de Leit ouni Aarbecht eng Perspektiv ze ginn. Duerfir kréien se da beim CIGL eng Aarbechtsplaz ugebueden, respektiv och e ganze Koup Weiderbildungsméiglechkeete fir erëm op den éischte Marché dann och erëm eng Kéier zréck kënnen ze kommen. Duerch de CIGL kréien d'Diddelenger Bierger awer och eng Verbesserung vun hirer Liewensqualitéit gebueden, duerch déi Déngschtleeschtungen, déi se ubidden. Dat ass virun allem de Coup de main, de Service de proximité fir déi Leit ab 60 Joer an och eise Recycler. Weider Aarbechten déi de CIGL leescht, ass ënner anerem och am Kader vum Second-Hand-Shop, zesumme mam STEP, dee Buttek do ze geréieren. A weider Espaces verts, wou se dann och Entretiensaarbechte wärend dem ganze Joer maachen. Dat ass d'Cité jardinière, de Märchepark, de Park Le'h, de Lauschter-Wanderwee, de Butschebuerger Schoulgaart a sou weider, respektiv eis Bongerten an der Rue des Champs, Angeldall an natierlech och de Fauchage tardif an der Zone industrielle Riedchen a Wolser vun November bis Mäerz.

Chancëgläichheet a Solidaritéit ass en Haaptuleies nach ëmmer vun der LSAP gewiescht, Chancëgläichheet a Solidaritéit fir jiddereen. Mir wëllen, dass déi bis elo gefouert Politik a Saache Chancëgläichheet an Integratioun konsequent weidergefouert gëtt. Mir si mat der Schafung vun eisem Service à l'Egalité des chances et la Non-discrimination deemools nei Weeër gaangen. Zesumme mat eisem Service fir Chancëgläichheet wäerte mer eis weiderhi fir Gläichstellung asetzen. Nieft der Berodung kréien d'Leit konkreet Hëllef ugebuede fir eng Léisung fir hir Problemer ze fannen, zum Beispill Zougang zum Aarbechtsmaart, Vereenbarkeet vu Famill a Beruff an den Ofbau vun häuslecher Gewalt. Weider Missioune vum Service à l'Egalité des chances sinn, ënner anerem d'Chancëgläichheet vu Fraen a Männer op lokalem Plang ze promouvéieren. An eiser Gesellschaft soll et grondleeënd Viraussetzung sinn, dass Fraen a Männer d'selwecht behandelt ginn, gläichwäerteg ugesi sinn an och gläichgestallt bedeelegt sinn.

Hir Aktivitéite sinn ënner anerem weiderhin eng berodend Fonctioun par rapport zur Gemengepolitik ze bedreiwen, Chancëgläichheet an der Verwaltung an an de Betriber, Chancëgläichheet fir Biergerinnen a Bierger. A fir hinnen dat Thema méi no ze bréngen, organiséiert dëse Service och reegelméisseg Informatiouns- a Sensibilisatiounscampagnen, Ausstellungen, Konferenzen, Workshoppen an och Formatiounen. D'gratis Bereetstelle vun Hygiènesartikelen an ëffentlechen Toiletten a Schoule gëtt weider ausgebaut an natierlech d'Ëmsetze vun eisem Aktiounsplang fir d'Gläichstellung vun de Geschlechter. Dir wësst deen Aktiounsplang mat deenen 111 Mesuren, deen en vigueur ass. Dann nach zwou Saachen déi dobäikomm sinn. De wësst, dass vum 25. November bis den 10. Dezember d'Orange Week ass, eng international Campagne géint d'Gewalt vu Fraen a Meedercher. An och do bitt eise Service neierdéngs Berodungen un, an zwar op Rendez-vous.

E weidere Punkt, dee mer an eiser Schäfferotserklärung kënnen ofhaken, a wat e Walverspriech vun der LSAP ass, ass gewiescht mat LGBTIQ+ Centrum Cigale wäerte mer ab November Spriechstonnen aféieren. Déi wäerten den nächste Mount am Bliedchen och offiziell publizéiert ginn. Dat sinn da Spriechstonnen, wou een da ka Rot kréien, Ënnerstëtzung kréien, wou een och en offent Ouer fënnt fir seng Suergen a fir seng Problematik.

Deen zweete grousse sensibele Ressort ass d'Klima, Ëmwelt, Naturschutz an d'Energie. Dat ass ganz breet gefächert. Dir wësst, dass den Ëmweltschutz längst net nëmme méi Natur- a Landschaftsschutz ass. Ëmwelt- an Naturschutz ass eng partnerschaftlech Zesummenaarbecht vu Staat a Gemengen, zesumme mat der Wirtschaft, Verbänn a Bierger. Op lokalem Plang sinn d'Gemenge gefuerdert, hei ganz kloer eng Virreiderroll ze spillen. Als Klimaschutzgemeng an als Standuert vun engem vun deene gréissten Naturschutzgebidder d'Haard, huet d'Gemeng Diddeleng d'Verflichtungen nohalteg mat hiren natierleche Ressourcen ëmzegoen, d'Aartevillfalt ze schützen an domat eng aktiv Ëmwelt- an Naturschutzpolitik ze bedreiwen. D'Diddelenger Gemeng muss a wëll sech konsequent hirer ökologescher Verantwortung stellen. Et gëllt global ze denken a lokal ze handelen. Ëmwelt- an Naturschutz geet bei jiddwereen engem vun eis un.

Fir 2025 wëll ech awer fir d'éischt e klenge Réckbléck op 2024 ginn. An 2024 louch eist haaptsächlecht Uleies nieft dem Daily business op d'Erstellen an d'Finaliséiere vun Etüden am Kader vun der Klimawandelupassung mam Fokus op Vulnerabilitéit, Hëtzt a Staarkreen. Dës Etüde sinn ofgeschloss a waren Theemen, déi den 23. November dëst Joer, um zweete Klimadag, mat de Bierger traitéiert gi sinn. D'Ëmsetzung vun de Moossname wäerten dat kommend Joer konkreet ugepaakt ginn. De Klimapakt no der Goldzertifizéierung zu Lörrach an dem Europäeschen Energieausweis am November 2023 an der nationaler Auszeechnung am Juni 2024 duerch den Ëmweltministère gëtt sech ganz kloer drop konzentréiert, deen héijen Niveau ze halen. Doduerch huet d'Stad eng Prime kritt vun iwwer vun 387.500 €, déi op de Budgetsartikel Fonds de réserve Pacte climat fléissen, mat deem verschidden nohalteg

Projeten an Aktioune wäerte finanzéiert ginn. Iwwert den ordinäre Budgetsartikel si verschidden Ënnerstëtzungsleeschtungen am Kader vum Klimapakt bezuelt ginn, wéi zum Beispill d'Aktualiséiere vun der Energiebuchhaltung mam Enercoach, verschidde Berodungen am Beräich Energie wéi den Héichbau, d'Ufänke vum Ausschaffe vun enger Checklëscht fir d'Energiekonzepter an de PAPen, och d'Animatioun vum Gemeinschaftsgaart op der NeiSchmelz gëtt op dësen Artikel verbucht.

En neie Volet sinn awer och d'Déngschtausflich, fir mat Servicer a politesche Vertrieder aus anere Stied mat Virreiderprojeten an e konstruktiven Echange ze trieden an Inspiratioun oder konkret Iddie fir eis Gemeng matzehuelen. Hei war 2024 e serviceiwwergräifenden Ausfluch op Karlsruhe, fir do hiert Klimawandelupassungskonzept an hir Moossname kënne kennenzeléieren. Déi eenzel Bewäertungsrubriken am Klimapakt kruten dëst Joer nees eng nei Gewiichtsverdeelung, erëm eng Kéier, soudass mer am Moment nach just bei 74,4 % sinn, also knapp 0,6 ënnert der Goldzertifizéierung. Allerdéngs sinn nach net all d'Moossnamen an dee Kader agefloss, sou dass mer mat ganz rouegem Gewëssen an e Re-Audit 2026 kënne goen an awer do erëm eise Goldaudit wäerte behalen. Den 23. November huet, wéi gesot, eisen zweete Klimadag stattfonnt, wou et ëm d'Themen extreem Hëtzt a Staarkreen gaangen ass. Heiriwwer nach e puer Wuert zum Schluss beim Réckbléck.

Am Kader vum Klimapakt ginn elo zwou Miessungen zesumme mat der Ëmweltverwaltung aus der Schwäiz weidergefouert. Dës Miessunge lafe kontinuéierlech weider a sinn och Thema am kommende Joer, andeem mir ënner anerem probéieren d'Loftqualitéit, déi souwisou scho bei eis gutt ass, nach ze verbesseren. Den héichsten Duerchschnëttswäert louch 2023 bei 19 Mikrogramm pro Kubikmeter an der Lëtzebuergerstrooss an domat wäit ënnert dem europäesche Grenzwäert vu 40 Mikrogramm pro Kubikmeter fir d'Joresmoyenne.
De Jardin communautaire, do engagéiert sech d'Gemeng fir d'Animatioun vun deem Gemeinschaftsgaart ze garantéieren. Et ass dat eng wichteg Aufgab, am urbane Raum d'Verbindung mat der Natur e Stéck ze behalen an ze wëssen an ze weisen, wou eis Liewensmëttel entstinn a wou se hierkommen.

Den Nohaltegkeetsmasterplang, dee jo och den Aktiounsplang vum Covenant of Mayors duerstellt, ass 2023 an d'Ëmsetzungsphas gaangen. An dat leeft och iwwert dem Budget vum Klimapakt.

Den Naturpakt, do huet eis am Laf vum Joer d'Nouvelle erreecht, dass eisen Naturpakt-Beroder säi Posten als Chef de service am SICONA getauscht huet. Do ware mer da sechs Méint ouni konkrete Beroder. Et ass awer elo erëm an d'Rei kritt, mir hunn elo erëm en neie Beroder kritt. An eise Service huet awer do entretemps net d'Hänn an de Schouss geluecht ouni eise Beroder a sou weidergeschafft. A mer sinn elo vu 40 % op knapp 55 % geklomm. A mir wäerten elo den 12. Dezember dann an den Audit mat engem ganz rouege Gemitt goen, fir dass mer do kënnen op Bronze klammen. Bei 60 % géife mer da Sëlwer kréien. An och do wäerte mer dann 2025 verstäerkt déi Moossnamen ëmsetzen, déi mer geplangt hunn. D'Prioritéite ginn, wéi gesot, nom Audit zesumme mat eise Beroderinnen da festgeluecht. Am Kader vum Naturpakt ass awer och ugefaange ginn un engem Gréngflächemanagementsplang ze schaffen, deen engersäits den Inventar vun all deene gemengeneegene Gréngflächen duerstellt an anerersäits och festleet, wéi dës Flächen ze bewirtschafte sinn. Och gouf e groussen Insektenhotel vum SICONA bei de Scouten um Mont-Saint-Jean opgeriicht.

Nohaltegkeet macht Schule, dee Projet mat der Energieagence ass wéi all Joer duerchgefouert ginn. Dëst Joer hu 5 Schoulen un der Campagne deelgeholl. Dat waren d'Schoule Butschebuerg, Deich, Gafelt, Brill, Strutzbierg an de Ribeschpont. D'Campagne ass positiv vun de Schoulen opgeholl ginn. An och de Feedback vun den Elteren, deenen hir Kanner participéiert hunn, war ganz positiv.

D'Klimabündnis. Diddeleng huet un all deene Klimabündnisversammlungen deelgeholl. Diddeleng ënnerstëtzt och an deem Kader säit 2019 am Kader vun der Nord-Süd-Kooperatioun am Klimabündnis de Projet Mesipac op de Philippinnen, deen d'Eegeversuergung vun de lokale Räisbaueren, d'Ernierungssécherheet an d'Biodiversitéit vum Räissaatgut an d'Upassungsstrategien un de Klimawandel soll förderen.

D'Subventioune wéi alternativ Energien, Stand Enn November 2024, hate mer vun de Bierger a Biergerinne 646 Demanden erakritt fir vu Subventiounen am Energieberäich kënnen ze profitéieren. Ech picke just e puer grouss Voleten eraus. Dat waren 139 Demandë wéi normal Véloen, 114 fir de Pedelec, 44 Casquen, 19 elektresch Autoen, 33 Luedebornen an 8 Energieberodungen si gefrot ginn. Donieft och nach 6 Solaranlage fir Waarmwaasser a 37 Photovoltaikanlagen, 11 Wärmepompelen an 146 Wäschmaschinnen, 50 Trockner a 67 Reparaturen hunn d'Bierger an Usproch geholl, déi mir och alles ënnerstëtzt hunn. Et sief awer gesot, dass dëse Programm e ganz wichtegen ass fir déi energeetesch Transitioun op Niveau vun de Stéit ze förderen. A virun allem bei der Photovoltaik an och bei de Wärmepompele gesi mer eng grouss Hausse, genau esou wéi bei de Wäschmaschinnen, d'Reparaturen, ech hunn Iech d'Chiffere genannt.

Et ass awer och wichteg ze bemierken, dass mer d'energeetesch Renovatioun mat der Isolatioun vun der Face, Daach a Kellerbuedem weider fërdere mussen an dass d'Isolatioun vum Haus an domat d'Reduktioun vum Energiebedarf ëmmer virum Kaf vun enger neier Heizung, wéi zum Beispill enger Wärmepompel, soll stoen.
D'Subventiounen: fir d'Kollekt vum Reewaasser hate mer 2024 5 Demandë kritt. Dat waren der vill méi wéi an deene leschte sechs Joer bal zesummen.
Offallwirtschaft: Den Taux de recyclage läit Enn 2023 bei 59 %, also 3 % méi héich wéi nach 2020. Ob dat ënner anerem och Auswierkunge vun der Upassung vum Taxe-Reglement, an deenen domadder verbonnene Kommunikatiouns-Campagnë sinn, gëllt et an deenen nächste Joren dann ze iwwerpréiwen.

De Superdreckskëscht-Label fir Betriber, do ass dëst Joer kee Betrib bäikomm. Mir mussen awer wëssen, dass de Groussdeel vun eise Servicer a Gebaier schonn alleguerten dee Label hunn.

Sensibilisatioun an Aktioun, ee groussen Deel vun deem Budget ass fir de Service écologique an e leeft ënnert alljärlech Aktiounen, wéi zum Beispill d'Schoulufanksfest, wou mer am Kader vun der Offallvermeidung 208 Kanner och dëst Joer am Cycle 1.1 eng Schmierekëscht an e Bidon aus zirkularem héichwäertegem Kunststoff iwwerreecht hunn. Dobäi kruten se och nach sou e Gymbag, also Strandsäck aus Fairtrade, Bio-Kotteng, vu dass mer jo eng Fairtrade-Gemeng sinn, an deem Sënn och eng Verantwortung droen.

De Floumaart, den 11. Mee 2024 hu mer als Green Event organiséiert, och e grousse Succès, well do hunn 79 Stänn matgemaach. Fairt Frühstück, den 29. Juni 2024 organiséiert ginn, och als Event mam Green Label klasséiert, war och eebenfalls e grousse Succès. Iwwer 400 Leit sinn dee Muere bei eis passéiert, fir dann do mat eis zesumme Kaffi ze drénken an och déi Fairtradeprodukter kennenzeléieren. D'Fairtrade-Gemeng vum 1. bis 15. ass och dëst Joer erëm d'Semaine Fairtrade organiséiert gi wou verschidde Restauranten, Bäckereien a Caféë matgemaach ginn, respektiv e Menü, e Plat oder iergende Produit mat Fairtrade-Produiten ugebueden hunn.

Mir als Gemeng hunn am Service GMP och T-Shirte fir d'Ekipp vum Service Nettoyage a vum Travaux généraux kaaft, an och fir d'Equipe polyvalente hu mer d'Tricote kaaft aus Fairtrade Kotteng.

Den Nationalen Dag vum Bam an Zesummenaarbecht mam Service Jardinage an de Scoute „Les peaux rouges“ war dëst Joer de 16. November, an do sinn dann och iwwerall Hecke geplanzt ginn. Des Weideren huet de Veräin Soroptimistes Minett eis wéi ëmmer de Bam vum Joer geschenkt. Dës Kéier hu mer dee geplanzt hannert der Deich-Schoul an deem klenge Park. An och wéi d'lescht Joer hu mer dëst Joer erëm am Park Le'h eng symbolesch Planzaktioun fir déi neigebuere Kanner. Do hunn d'Elteren da fir hier Kanner dann entweeder en Äppel-, Biere-, Kiischten- oder Quetschebam offréiert kritt, dee konnten se da bei sech doheem planzen.

D'Baumpatenschaften, och dat gëtt weidergefouert. Do hate mer Stand haut 200 Baumpaten, déi dat nach matmaache wäerten. An och déi interesséiert Baumpate ginn da mat engem Staudekuerf belount, fir dass se dann hiert Engagement hei esou an d'Fënster stellen. 114 Baumpaten hunn och déi Offer ugeholl. 2024 hu mer wëlles, dann déi Baumpatekonventioun, déi mer iwwerschafft hunn, dann nach eng Kéier dobausse virzestellen, dass mer dann nach e bësse méi Leit kréien, déi déi Baumpatenschaften matmaachen. A se ginn an där Konventioun drop higewisen, dass d'Insele solle méiglechst naturno an och insektefrëndlech gestallt sinn, a virun allem sollen se op Steng verzichten.

De Léiergaart gëtt nach ëmmer vum Claire Thill a vum Thomas Steimann zesumme weidergefouert, dat ass eng Offer fir d'Schoulen, wou d'Schoulklassen de Gaart am Wandel vun de véier Saisone kënne kenneléieren.

Repair Café. 2024 hunn zwou Editioune stattfonnt am VEWA. De Service écologique huet och en Opruff gemaach, fir dass d'Leit sech kéinte mellen déi Erfarung a Freed um Reparéieren hunn. A mir haten och Chance, dass 7 Leit sech doropshi gemellt hunn, an déi waren och mat groussem Asaz bei deenen zwou Editiounen dëst Joer dobäi. Editiounen, déi och iwwregens e décke Succès waren.

Naturschutz SICONA, och do ginn d'Aarbechten am Beräich Naturschutz weidergefouert. Heckeschnëtt, den Entretien vun de Weieren, Biotopen an d'Natura 2000-Zone sinn am Kader vun der Memberschaft am SICONA duerchgefouert ginn. An och eist Brutkäste fir d'Schmuewele goufen installéiert an d'Aktioun Päiperlek war en Thema. Des weidere ginn eng ganz Rei schoulesch Aktivitéiten och vum SICONA duerchgefouert an offréiert, grad esou wéi all Joer. An och d'Action Natur for People gëtt weidergefouert. De Plan vert, do gi verschiddene Budgetsartikelen, ënnert anerem ass dat den Heckekadaster, wat weiderhin d'Grondlag ass fir den Heckeschnëtt duerch de SICONA ze organiséieren, dee wäert dëst Joer ganz aktualiséiert ginn. An déi nei Donnéeë wäerten eis uganks d'nächst Joer komplett virleien.

Mir haten nach eng Kéier iwwert d'Kueben eng laang Diskussioun, wou mer och eppes gelount haten. Do wollt ech Iech awer weider soen, wat domat geschitt ass. Ënnert dësem Budgetsartikel ass dëst Joer och de Suivi vum Monitoring gelaf vun de Kueben op der Place Hôtel de Ville mat deene verbonnenen Aarbechten. Ufanks vum Joer goufen no enger Analys vun engem Bureau d'Etude eng ronn 95 Kuebe gezielt, déi op der Stadhausplaz iwwert d'Joer Positioun bezunn hunn. Dës Kolonie gouf da Richtung Stadperipherie ëmorientéiert a mir hunn och 12 eidel Näschter erofgeholl a mir hu si an déi Parzell ubruecht. A mir wëllen hoffen, dass dat dann effektiv dann hir nei Plaz gëtt, dass mer dann hei d'Gemengeplaz kënnen entlaaschten. Dat wäerte mer da gesinn. Zousätzlech hu mer awer dann d'Äscht vun deenen 30 Platane ronderëm d'Stadhausplaz an och déi 45 op der Place Fohrmann hu mer sou geschnidden, dass do am Prinzip keng nei Näschter sollte méi entstoen. Loosse mer eis emol iwwerraschen.

Am extraordinäre Budgetsartikel ass d'Klimawandelupassungskonzept a Planung. Am Hibléck op de Klimawandel a seng Konsequenzen ass e Konzept ausgeschafft gi fir ze ermëttelen, wéi mer eis am beschte kënne schützen a wéi mer eis Infrastrukture kënnen upassen. Agefloss sinn d'Risikoanalys, déi am Kader vum Convent of Mayors erstallt ginn ass an och eis Staarkreen-Risikokaart an och eist Staarkreen-Managementkonzept. Zesumme mat dem Bureau BEST, RGL an RSS Hydro sinn eng Rei Analyse gemaach ginn, an op dëser Basis ass ee Moossnamekatalog erstallt ginn, deen an Zukunft mat de verschiddene Servicer konkretiséiert gëtt. Routinenaarbechte vun eisem Service, d'Berodung vun de Bierger an de Servicer, d'Traitéiere vu Subventiounsdemanden, d'Ausschaffe vu

kommunale Reglementer, d'Opstelle vum Offallkalenner, d'Reklamatioune wéinst dem Kaméidi, d'Ausschaffe vun Energie- a Klimatipps fir d'Beleegschaft, d'Gestioun an den Archivage vu Kommodo-Inkommodo-Dossieren, d'Schreiwe vun Avisen, d'Bedeelegung u Projete vu verschidde Servicer an d'Deelhuelen un interkommunalen Aarbechtsgruppen, respektiv och nach d'Sammele vun Donnéeë fir de Klima- an Naturpakt, dat ass alles, wat zum daily Business vum Service écologique gehéiert. An dann hunn se och Echangë mat aner Servicer fir eng besser Symbios a Kohärenz an deene verschiddene Projeten ze kréien. Dat ass de Service Architecture et Domaines, wou se sech eemol de Mount treffen, mam Service FEMA och reegelméisseg treffe fir dat ze organiséieren a mam Service Communicatioun bei verschidde spezifesche Projeten, notamment der Anti-Littering-Campagne, Offallkalenner a Broschüren opstellen.

Mam City Manager gëtt och ganz vill am Kader vum Klimapakt zesummegeschafft, mat de Commercen an och mat de Betriber. Och eng direkt Zesummenaarbecht mam Service Jardinage fir d'Realisatioun vun eise Bongerten an d'Schafe vu weidere flotte Projete gëtt gemaach. Ausbléck 2025: De Klimapakt gëtt weider geschafft, fir eng Rei Mesurë ëmsetzen ze kënnen. En Highlight ass ganz kloer 2025, dat ass de Klimapaktdag, deen nationale wäert zu Diddeleng stattfannen, dat ass dat ee Rendez-vous säit Joren, e feste Rendez-vous fir all Klima- an Ëmweltinteresséierten aus deene verschiddene Gemengen. Et ass och dës d'Geleeënheet, bei där och d'Gemengen dann offiziell erëm vun hirem Ministère zertifizéiert ginn.

D'Aktualiséiere vum Leitbild, dozou zielt och d'Aktualiséierung vum Leitbild, wat mer säit 2021 hunn. Hei gëtt iwwerpréift, ob mer déi Ziler, déi mer eis virun dräi Joer gesat hunn och erreecht hunn. Et ginn zwee Projeten ëmgesat, déi vum Klimateam ausgeschafft gi sinn. Hei geet et engersäits drëm, den Zougang zu de staatlechen a kommunalen Aiden ze vereinfachen. Heifir gi kuerz Videoe produzéiert, wou ëmmer erëm deeselwechte Personnage ënnerschiddlech Situatiounen a Froestellunge presentéiert. Anerersäits solle gelonge Beispiller vu Renovatioun ënnert den Nopere gewise ginn, fir sou den Echange tëschent Bauhär, Expert an Interesséierten ze encouragéieren.

Energieverbrauch an de kommunale Gebaier, dee gëtt am Kader vum Klimapakt gefouert. Mir probéieren awer och weiderhin eisen Energieverbrauch vun de Gemengegebaier an och dem Fuerpark ze verfollegen an natierlech ze optimiséieren. Mir erfaasse weiderhin d'Donnéeën, wat déi eenzel Beräicher si vu Gas, Pellets, Stroum a Waasser an de kommunalen Infrastrukturen. Energiekonzept wéi PAPen, do ass eng Aarbechtsgrupp weiderhin amgaangen ze schaffen un enger Checklëscht fir de Volet Energie beim Ausschaffe vun neie PAPen ofzedecken. Et ass eng Aarbechtshëllef fir déi Büroen, déi PAPen entwéckelen, fir sécherzestellen, dass all neie PAG eng méiglechst erneierbar, effizient an nohalteg Energieversuergung ka kréien.

Den Nohaltegkeetsmasterplang steet och dëst Joer um Programm an dee wäerte mer aktualiséieren. Hei ginn all d'Moossnamen nach eng Kéier duerchgekuckt an evaluéiert, wéi mer op deene verschiddene Punkte weiderkomm oder net weiderkomm sinn an och gëtt eis CO2-Bilanz am Kader vum Covenant of Mayors aktualiséiert.

Loftqualitéit. Am Kader vum Klimapakt ginn d'Analyse vun der Loftqualitéit an Zesummenaarbecht mat der Ëmweltverwaltung weidergefouert. D'Resultater ginn och reegelméisseg um Internetsite vun der Stad publizéiert. 2025 ginn dann déi fënnef Miessstatiounen a Betrib nach eng Kéier geholl, de Rond-point Route de Lëtzebuerg - Route de Burange, d'Rue du Commerce am Shared Space, d'Kräizung Rue du Centenaire an d'Rue de la Liberatioun an och Route de Boudersberg gëtt weidergefouert. Do wäer et interessant ze gesinn, wa mer elo d'Butschebuergerstrooss nei gemeet hunn, wéi dann do d'Miessunge mat deem neie Belag, wéi dat dann do wäert ënnerschiddlech sinn.

De Gemeinschaftsgaart NeiSchmelz, deen aus dem Forum NeiSchmelz entstanen ass, leeft ënnert dem Budget vum Klimapakt weider.

Erneierbar Energien, Photovoltaik. Op all eisen Neibaute ginn d'office PV-Anlagen mat ageplangt. Déi geplangte Machbarkeetstudie fir d'Photovoltaik vum Daach vum René Hartmann vum Centre sportif ass ofgeschloss. Aktuell gëtt gepréift, wéi eng Zort Moduller op den Daach wäerte kommen. A wann d'Statik vum Gebai et erlaabt, kënne mer méi performant Moduller wiele wéi déi dënn a liicht Moduller, déi elo aktuell op der Plaz sinn. An de produzéierte Stroum gëtt och genotzt fir eisen eegene Bedarf am Centre sportif zum Deel ze decken.

Den Naturpakt, wéi gesot, do wäerte mer weider dru schaffen. Mir hunn elo en neien Naturpaktberoder a mir hunn och wëlles, 2025 d'Finalisatioun vun eisem Gréngfläche-Managementplang ofzeschléissen. An dëser Phas geet et haaptsächlech drëms, zesumme mat eisem Service Jardinage ze kucke wéi déi eenzel Typpe vu Fläche kënne bewirtschaft ginn.

D'Klimabündnis. Do bleiwe mer natierlech weiderhi Member och 2025. Dat gëtt natierlech als Austauschplattform mat deenen anere Gemenge genotzt. An och de Projet Masipack gëtt weidergefouert.

Nachhaltigkeit macht Schule. 2025 leeft deen Turnus weider fir d'Kanner aus de Cyclen 3.2, do kënnen dann d'Kanner un deenen Deeler dann deelhuelen.

Den SDK-Label fir Betriber, do hu mer am Moment 26 kommunal Gebaier, dovun all eis Schoulen, déi gi kontrolléiert. An dee Label gëtt all zwee Joer nei verginn. D'Sensibilisatioun an Aktioun mat 100.000 € am Budget. Dat ass ënner anerem de Floumaart, am Mee 2025 d'Fairt Frühstück, Green Events, alles dat, gëtt doriwwer mat bezuelt.

Manifestatiounsreglement. Opgrond vun enger Ännerung, déi am nationalen Offallgesetz vum 1. Januar virgesinn ass, musse mer eist Manifestatiounsreglement natierlech upassen. An ab 1. Januar, wéi gesot, sinn

all déi Artikelen à usage unique verbueden. Dat bedeit, datt op all eise Fester, Manifestatiounen e gelounte Mehrwegsystem fir Geschier muss genotzt ginn. An dat gëtt dann och deementspriechend kommunizéiert an och de Veräiner sou matgedeelt.

D'Baumpatenschaften, wéi gesot, dat gëtt och weidergefouert. Den Dag vum Bam, dee mer scho säit 1997 weidergefouert hunn, gëtt och weidergefouert.
An dann eis Anti-Littering-Campagne, Zigarettestëmp. Säit 2024 schaffen zesumme mam Lycée Nic-Biever un engem Konzept mam Service Communicatioun a mam Service écologique, fir eng Anti-Littering-Campagne mam Fokus op Zigarettestëmp ze leeën. Natierlech ass ganz kloer d'Zilpublikum do, net nëmmen déi Jonk, mee alleguerten. Et si verschidden Aktioune geplangt an dat gëtt an enger Campagne och d'nächst Joer virgestallt.

An da gëtt et e ganz neie Projet Survcoin. Ech si jo selwer net am Coup, mee ech hu mir dat och emol soe gelooss. Do ass eng Société à impact social, déi eis un eis ugetrueden, nodeems se hire Pilotprojet an der Stad Déifferdeng haten am Kader vum MobiDiff. An deen Test hunn se do erfollegräich ofgeschloss. Survcoin ass eng Applikatioun fir de Smartphone fir d'Mobilité douce mat Hëllef vun engem Belounungssystem ze fërderen. A ganz groussen Zich funktionéiert dat esou, dass den Handy mierkt wann een entweeder trëppelt, Vëlo, Bus, Zuch oder mam Co-voiturage fiert. An dat kritt een dann en fonction vun der Ustrengung an Distanz als Form vun enger Belounung an enger virtueller Mënz op säin Handy. Wat kann ee mat deene Mënz da kafen? Mir sinn do a Kooperatioun mat de Geschäftsleit a mam City Manager, déi dann do wäerte probéieren iwwert déi App dann déi Leit ze belounen, déi ganz vill, wéi gesot, ëffentlechen Transport huelen an zu Fouss ginn. D'Gemeng wäert dann dee Survcoin am Ufank nach rembourséieren. Et soll awer duerno sinn, dass d'Verkeefer vun de Butteker et awer herno selwer sollten a Rechnung huelen. Dat, wéi gesot, ass elo en Test, mol kucken, wat dobäi erauskënnt.

Nieft dem Service écologique wéi gesot, ass dann do och d'Service Circulatioun an de City Manager am Boot. Dat ass da fir d'nächst Joer geplangt. Am Plan vert, nieft deene rekurrenten Aarbechten, déi iwwert dësen Artikel lafen, gëtt d'nächst Joer och nach eng nei Commande vu Bechere fir eise Pfandsystem gemeet. Leider kréie ganz vill Becheren, trotz der Kautioun, awer bei den Eventer op eemol Been a fannen de Wee net méi bei eis zréck, soudass mer mussen do eise Stock opfëllen.

Am Kader vum SICONA gi verschidden Aarbechten am Beräich Naturschutz weidergefouert mat engem Fokus op Moossnamen am Kader vum Aarteschutz, den Heckeschnëtt, d'Ënnerhalen a Schafe vu Biotopen a Programmer wéi Natur genéissen an och d'schoulesch Aktivitéite gi weidergefouert.

Subventioune fir alternativ Energien. Och do gëtt 2025 dat Reglement un dat neit ugepasst, virun allem d'Elektrogefierer musse mer do virhuelen an och gi Moossnamen am Beräich vum Klimawandelupassungskonzept integréiert. Subventioune wéi Collecte de l'eau de pluie gëtt och weidergefouert mat 5.000 Euro fannt een dat am Budget rëm.

An dann en neien ordinäre Budgetsartikel hu mer gemeet, Divers ateliers participatifs et Repair Café, dee mat 10.000 Euro dotéiert ass. An deem Artikel ginn d'Organisatioun an d'Realisatioun vun de Repair Caféen organiséiert. An och wat nei ass, et gëtt en Atelier deen all Mount wäert funktionéiere fir d'Flécke vu Vëloe matfinanzéiert. Dëse gëtt mat der ASBL Vëlo Diddeleng am VEWA ugebueden, an d'Zil ass et, dass jiddweree léiere kann, wéi e ka säi Vëlo selwer flécken. Eemol pro Mount kënnt e Mecanicien vum Projet Haus vum Vëlo vun Esch hei op Diddeleng, fir dann deen Atelier do ze animéieren. En extraordinäre Budget hu mer och virgesinn, an dat ass och e laangjärege Projet, dat ass d'Stadbegréngung. An enger Aarbechtsgrupp, wou déi verschidde concernéiert Servicer vertruede sinn, ass dëst Joer ugefaange ginn, sech iwwert d'Stadbegréngung auszetauschen. An et gëtt och e konkreete Plang opgestallt. Hei geet et drëms, de Stadzentrum an d'Quartiersplazen no an no méi gréng ze gestalten. Ugefaange gëtt 2025 mat der Plaz am Duerf, dem Shared Space an der Niddeschgaass an um Parvis vum CCAD vum CNA. Fir 2025 hu mer 150.000 Euro virgesinn an all déi weider Jore wäerten 100.000 Euro virgesi sinn, fir do weider ze schaffen. An zesumme mam Märchebësch a Lauschter-Wanderwee gëtt de Stadbegréngungsprojet als Projet fir d'LUGA proposéiert.
Och Gréngt Klassenzëmmer, e Projet fir d'Kanner méi mat der Natur a Beréierung ze bréngen, gëtt weidergefouert.Domat géif ech dann den Ëmweltberäich ofschléissen, ouni gewosst ze sinn, dass ech net ganz komplett war. Mee wann ech dat alles gesot hätt, wat eis Projeten nach sinn, da géife mer hei fräi Nuecht ufroen.
Senioren. Diddeleng huet e gudden Ambiente, dass sech eis eeler Matbierger kënne wuelfillen an e Liewen an der Gemeinschaft an der Autonomie kënne féieren. Diddeleng bitt eisen eelere Matbierger en Doheem. En altersgerecht Liewen ze garantéieren, ass a muss ee vun eisen Ziler sinn. Diddeleng verfüügt iwwer ganz vill Mesuren. Senioregeneratiounen halen eng wichteg Plaz hei an der Diddelenger Gesellschaft an. Fir et kuerz ze halen, och am Alter léisst et sech hei gutt zu Diddeleng liewen. De Club Senior Schwaarze Wee, deen huet 2023 seng zwanzeg Joer gefeiert a vergiess deen Numm Club Senior, wéi gesot, ab 2023 ass et de Club Aktiv+, se hunn en neit Logo kritt an och d'Altersgrenz ass opgehuewe ginn. De Club Aktiv+ hei zu Diddeleng ass aus dem Liewen hei net méi wechzedenke wann ee wëllt sech mat Gläichgesënnten treffen, nei Erfarunge sammelen, säi Wëssen a  Kënnen erweideren, aktiv um sozialen a kulturelle Liewen deelhuelen oder einfach nëmme Gesellschaft genéissen, dann ass een am Club Aktiv+ op der richteger Plaz. Weider Offere fir eeler Leit hei zu Diddeleng, de Senior+. An Zesummenaarbecht mat der Stëftung Hëllef doheem bitt d'Gemeng Diddeleng de Service Senior+ un. But ass et, d'Awunner ab 60 Joer an hirer Autonomie ze stäerken an d'Gefill vum Elengsinn ze verhënneren.

De Service Senior+ gëtt a bitt éischtens Rotschléi an zweetens fachkënneg Ënnerstëtzung fir Senioren, déi

mat sozialen a gesondheetleche Problemer konfrontéiert sinn, mobil ageschränkt sinn oder eleng sinn a perséinlech Schwieregkeeten hunn. Déi zweet Mesure ass de Flexbus, fir jiddwereen ab 60 um Gebitt vun der Stad Diddeleng e gratis Service. Repas sur roues, eng Déngschtleeschtung, déi mer scho säit 1975 ubidden, awer net nëmme fir eeler Leit, mee awer och fir Leit mat engem Handicap oder déi temporär duerch Krankheet net méi kënne selwer kachen. Telealarm, eng Déngschtleeschtung, déi mer säit 1991 ubidden, hei hu mer zwee Ubidder: Help a Sécher doheem. An dann, wéi gesot, eise CIGL eebenfalls, de Service de proximité an de Recycler, sinn Instrumenter, déi den eelere Matbierger hei d'Liewen erliichteren.

An dann am Club Aktiv+ hu mer eis Handy- an d'Internetstuff, wou d'Zil ass, den eelere Leit um Wee vun der Autonomie a Benotzung vum informatesche Material an och e bësse méi sécher domat kënnen ëmzegoen an ze begleeden. Et ass eng Zesummenaarbecht mam Club Aktiv+, de Projet Ensemble, de Lycée Nic-Biever a mam Jugendhaus. Fir et kuerz ze halen: jonk Leit hëllefen hei eelere Leit, besser mat deem Instrument eens ze ginn. Weider Infrastrukturen um Gebitt vun der Stad Diddeleng ass eise Servior, de Foyer du jour vun der Croix Rouge, d'Dagesstätt vun der ALA an och eis Geriatrie am CHEM. An net ze vergiessen eise Fitnessparcours am Schnauzelach, sou wäert d'Gemeng och 2025 an doriwwer eraus all eis Veräiner, déi am Domaine vum Drëtten Alter aktiv si finanziell, materiell a logistesch ënnerstëtzen.

Hygiène a Proprietéit. Mam Wuesse vun eiser Stad an der Entwécklung vun eiser Bevëlkerung stelle mer ëmmer méi Erausfuerderungen an Ufuerderungen un eis Gemeng fest. Nei Ufuerderungen a punkto Propretéit an Hygiène op den ëffentleche Plazen, Parkanlagen, Trottoiren, Stroossen, déi mussen alleguerte gefleegt an an engem proppere an akzeptabelen Zoustand sinn. Jiddereen, d'Gemeng an och eis Bierger, sollen zu enger propperer Stad bäidroen. Eis Gemengeservicer hu mer verstäerkt, fir d'Propretéit an eiser Gemeng ze garantéieren, an ech hunn et scho puer gesot, +/- 35 bis 40 Leit sinn all Dag um Territoire vun Diddeleng amgaang, fir dass d'Diddeleng effektiv eng propper Stad bleift. Eis Sensibiliséierungscampagnë gi weidergefouert, "De richtege Reflex" "Zéro mégots" "Fir eng propper Stad". An och eis Investitiounen an ëffentlech Toiletten an och a Muppentoiletten si weider virgesinn. All Bierger soll matmaachen a bestrieft sinn, an enger propperer a liewenswäerter Stad ze liewen.

Gas, Waasser, Kanalisatioun. Konsequent Weiderféiere vun eisen Efforten am Beräich Ofwaasserentsuergung a Kanalwiesen am Sënn vum Ëmweltschutz a Preventioun vun Iwwerschwemmunge wäert weidergefouert ginn. An och eist Ofwaassersystem gëtt permanent erneiert an ausgebaut. Dat sinn alles ganz vill Gelder, déi fléissen, déi een awer optesch net esou gesäit, well se am Buedem sinn, ass awer ganz néideg.

Dann nach e ganz kuerzt Wuert zu de Syndikater. SICONA si mer Member säit 1989, säit 2001 pardon. Do wäerte mer och weider eis Verflichtunge wouerhuelen. De STEP, do hate mer, wéi gesot, am Juni dëst



Joer e groussen informelle Gemengerot, wou Der alles gewuer gi sidd, wat op de STEP duerkënnt. Dir wësst, de STEP dat sinn déi fënnef Gemengen Diddeleng, Beetebuerg, Réiser, Keel a Rëmeleng. An ugeschloss un d'Kläranlag sinn dann och e puer Partnergemengen aus Frankräich. Déi Anlag ass 2005 nei gemeet ginn, mat enger Gréisst vu 95.000 Einwohner Gleichwerter. A wéi mer lech jo am Juni gesot hunn, musse mer elo déi Anlag vergréisseren an erweidere mam Horizont 2060.

Déi wäert elo ausgebaut ginn, och mat enger véierter Stuf, wou een ënner anerem och ka Medikamenter erausfilteren. Dat bedeit natierlech fir eise Budget an nächster Zäit eng relativ Hausse. A wéi gesot, déi Anlag gëtt ausgebaut op 180.000 Einwohner Gleichwert, also dat gëtt sech verduebelt. An deementspriechend wäerten dann och d'Montanten am Budget klammen.
Minettkompost, eebenfalls. Do ass de Budget stabil. Do ass näischt anescht ze soen, et ass just dass d'Anlag vergréissert ginn ass, erneiert ginn. An se ass, wéi gesot, verfarenstechnesch optimiséiert ginn. An d'SIDOR, och do si mer scho laang dobäi. A wéi gesot, och do ass de Budget stabil. Et ass och e gesonde Syndikat, deen eis net wäert weider mat Haussë belaaschten. An deem Sënn, soen ech lech Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo merci. Dir krut elo scho ganz vill Informatiounen zum Rectifié an zum Initial 2025. Ech probéiere wierklech esou kuerz wéi méiglech duerch meng Ressorten ze goen, ouni lech mat eenzelnen Zuelen an dem klengsten Detail ze erschloen. Ech géif dann ufänke beim Verkéier a Mobilitéit. A wann De Ren lech elo belount huet mat senger neier App, da probéieren ech lech net ze strofe mat eisen en total 213 Parkaueren, déi mer mëttlerweil hei zu Diddeleng hunn an de 16 30-Minutte-Bornen. Dir wësst, datt mer viru sechs Joer de System IndigoNeo agefouert hunn, wou Der mat der App kënnt Äre Parkticket bezuelen. Deemools ware mer Virreider, an dee System, deen ass esou flott gewiescht, datt ganz vill aner Gemengen och hei am Land eis kopéiert hunn. An e kënnt och hei nach ëmmer gutt un, well op de Stéchdatum 31. Oktober hate mer eng ronn 50.000 méi Transaktiounen, wéi mer dat d'lescht Joer haten. Der gesitt also, datt déi App gutt ugeholl gëtt a weiderhi vill Succès huet. Se geet och erëm am Duerf. Dir kënnt lech erënneren, déi ware gehackt ginn. Dat klappt awer elo erëm, d'Placke vun den Autoe ginn erëm erkannt. Eis Techniker waren och op der Plaz, well dee Parking jo awer elo schonn e puer Joer huet, fir eng Kéier d'Material ze kucken, an Dir kënnt lech virstellen, d'Technologie, déi geet relativ séier weider, sou

datt do och dat Material net onbedéngt méi den haitegen Technologien entsprécht an do wäert och mussen ëmgerëscht ginn. An dofir sinn eis Techniker mam Gestionnaire vum Parking a Kontakt.

D'Vignetten, do hu mer vum 1.12.2023 bis den 30.11.2024 5.854 éischt Vignetten ausgestallt an 2.474 zweet Vignetten. Eis Agenten, déi waren och fläisseg op hiren Tier. Déi hunn op deen nämmlechte Stéchdatum eng ronn 17.824 Protokoller opgeschriwwen. 655 Camionnettë wärend hiren 300 Camionnettëkontrollen an deem Zäitraum.

Den Ausbau vun den Elektrobornen hu mer och weidergedriwwen. Ufank des Jores hate mer nach 12 Plazen op ëffentleche Parkingen. 2024 koume jo do nach, wéi Der wësst, d'Statiounen um Kennedy, also beim Stade Kennedy an op de Parkinger Bessemer an Dominique Lang bäi. An am leschte Gemengerot, dofir ginn ech och net méi an den Detail elo an, hu mer jo driwwer diskutéiert, datt 2025 och nach eng Kéier aacht Plaze bäikommen.

Ëffentlechen Transport. Jo, d'CFL bitt weider hire Modell Flex un, dat schonn zënter ronn fënnef Joer. E puer Zuelen: 2024 goufe vu Januar bis November zu Diddeleng ronn 875 där Faarte gemaach, wat am Total ongeféier 38.368 Kilometer mat deenen dräi Autoen ausmécht. En moyenne gëtt esou en Auto zu Diddeleng 4,03 Stonne benotzt an 43,85 Kilometer domadder gemaach. Gesamt sinn et eng 3.530 Stonnen. An d'Autoen si vu ronn 129 verschiddenen Utilisateure benotzt ginn. An doduerch datt dee Flex eeben esou gutt benotzt gëtt, kréie mer ronn 40 % vun eise Käschten erëm.

Da kommen ech direkt zum TICE. Bon, do si mer nach ëmmer an den Diskussioune mam Staat iwwert déi nei Konventioun. Mir hunn eng Iwwergangskonventioun fir ee Joer elo mol ausgeschafft, déi ass awer nach net ënnerschriwwen zréck vum Staat. Wéi et dann ab 2026 weidergeet, bon, dat kann ech Iech de Moment nach net soen. Wéi ech Iech sot, mir sinn de Moment nach ëmmer an Diskussioune mam Staat. De Ministère huet wëlles, d'Linneféierung am Süden, ergo deemno och zu Diddeleng, ze änneren. Dat heescht, datt mer op dat Thema mussen zréckkommen, wa mer hei alles um Dësch hunn. Ech mengen da wär et dee Moment och am beschten, datt mer géifen eng Verkéierskommissioun an en informelle Gemengerot zesummeruffe fir alles erkläert ze kréien, am beschten dann natierlech vun der ATP selwer. Voilà. Wat geschitt, falls mer 2026 nach ëmmer net alles gekläert hätte mam Staat fir eng nei TICE-Konventioun? Jo, da wäert warscheinlech erëm eng Kéier mussen eng Iwwergangskonventioun gemaach ginn. Ech verstoppen Iech net, datt den Däiwel hei am Detail läit. Ech mengen et ass op ville Plazen driwwer diskutéiert ginn, a mir wäerte weider och driwwer diskutéieren, fir en Accord ze fannen, deen all déi Gemengen, déi am TICE sinn, an natierlech och dem Ministère schmaacht, well de Ministère soll a muss och d'Gemenge finanziell entlaaschten. An déi nächst Diskussiounsronn, déi mam Staat virgesinn ass, déi ass de 17. Dezember. De Budget vum TICE allerdéngs, dee gouf schonn de 14. November unanime vum Kommitee ugeholl.

De Flexbus, de Ren ass virdru schonn drop agaangen, dee gëtt och weider benotzt. Bis den 30.11. hu ronn 5.100 Diddelenger dee Service genotzt, wat eng ronn 26.000 Kilometer mat deem Elektrogefier ausmécht.
2023 hate mer jo déi Linn agefouert, déi Quartier Vallée a Rue des Champs aschléisst, an déi gëtt och elo endlech un de Panneauen ugewise bei der Gare a bei der Gemeng. Dir wësst, datt mer dat e puer Mol hei diskutéiert hunn an ëmmer weiderginn hunn. An dat funktionéiert och elo. Et ginn och reegelméisseg Zielungen op där Linn gemaach. An do gesäit een datt pro Woch, genau wéi d'lescht Joer och, ronn 550 Biergerinnen a Bierger dee Service notzen. An op engem Donneschdeg, wou Maart ass, kënnen et bis 150 Passagéier sinn.

Fir de Service beim ëffentlechen Transport nach ze verbesseren, hu mer fir déi Bushaltestellen, wou déi meeschte Busser laanschtfueren, jo esou Real-Time-Anzeige bestallt, fir datt d'Utilisateuren eebe gesinn, a wéi vill Minutten deen nächste Bus kënnt. De Fournisseur huet déi nach net geliwwert, en huet eis awer gesot, datt dat nach géif am Dezember geschéien. Da pake mer Holz un, datt dat och esou ass. A soubal se ukomm sinn, hänke mer déi natierlech op. Dann hu mer och dëst Joer dräi nei Bushaisercher opgeriicht, déi elo eng Photovoltaikanlag an e gréngen Daach hunn. Där hu mer dann aktuell 14 hei zu Diddeleng, a 2025 sollen nach där Haisercher zu Butschebuerg an an der Rue du Pasteur erneiert ginn.

2019 hu mer jo ugefaangen, all eis Foussgängersträifen op de Leescht ze huelen. Déi solle sécher sinn, se solle gutt beliicht sinn, behënnertegerecht sinn, an natierlech de Virschléi vun der staatlecher Verkéierskommissioun entspriechen, do musse mer eis drun halen. de Ponts & Chaussées och natierlech, an der ADAPTH, déi déi virginn, gerecht ginn. A mir wäerten dann och 2025 mat der zweeter Phas, déi am Oktober ausgeschriwwe gouf, dann och weiderfueren.

Mir wäerten och weider un eisem Vëlosreseau schaffen an nei Routen entwéckelen. Dir wësst, et ass scho ganz vill an de leschte Jore geschitt, och wat de Marquage oder och d'Beschëlderung ugeet. Och domat wäerte mer natierlech weiderfueren. Net nëmmen natierlech mat der Beschëlderung, mee zum Beispill och mat iwwerdeckte Vëlosstänneren.
2024 goufen d'Iwwergäng an der Fleming a Pierre Krier, sou wéi hei bei der Gemeng a beim Schwaarze Wee gemaach. Op ville Plazen hu mer de Marquage erneiert, an do wäerte mer, wann d'Wieder elo erëm besser gëtt, natierlech erëm domat weiderfueren. D'Situatioun an de béiden Tunnellen ënnert der A13 gouf entschäerft. An och Hiweisschëlter op de Geforepunkte goufen erstallt.

De Verkéiersgaart, deen ass vun NeiSchmelz bei d'Schoul Ribeschpont geplënnert. Do gouf zwëschent der Schoul an der Maison relais d'Surface reamenagéiert, an et hu well eng Rei aner Gemengen aus dem Süde gefrot, fir heihinner fir hir Coupe scolaire trai-

néieren ze kommen. Dat weist jo, datt et gelongen ass.

Wat ass fir d'nächst Joer, also fir 2025 um Programm? Ma de Vëloswee Route de Luxembourg soll bis d'Rue Jean Simon weidergefouert ginn, fir eeben eng besser Verbindung un d'national Vëlospist vu Beetebuerg op Diddeleng ze gewäerleeschten. Hei hu mer dann endlech déi néideg Autorisatiounen zesummen. Mir hu jo och d'Etüd ugefaangen, fir an der Rue Mayrisch de St Hubert en definitive Chemin mixte Foussgänger-Vëlo kënnen ze bauen. Den Avant-projet sommaire, ofgekierzt APS, ass ausgeschafft an d'Etüde fir de Projet détaillé, déi si lancéiert, a mir hunn et och der Verkéierskommissioun scho virgestallt gehat. Mir wäerten och beim Vëlossummer d'nächst Joer erëm dobäi sinn. Deen ass 2025 allerdéngs vum 19.07. bis de 17.08. Deen huet den zoustännege Ministère 14 Deeg no vir verluecht. Frot mech net firwat, deen Datum, dee stoung einfach esou am Circulaire, dee mir vum zoustännege Ministère kritt hunn.

De Service Circulation, dee wäert nach Récksprooch mat de Vëlo Diddeleng an der Police huelen. Duerno wäerte mer natierlech eng Verkéierskommissioun nach eng Kéier driwwer kucken. A mir wäerte jo herno och hei am Gemengerot nach eng Kéier mussen e Verkéiersreglement zum Vëlossummer stëmmen. D'Gemenge Fréiseng a Réiser, déi ware jo 2024, also dëst Joer, fir d'éischt dobäi. Déi maachen och d'nächst Joer erëm mat. Vun Diddeleng schafe mer eng Direktverbindung iwwert de Wal op Helleng. A Richtung Beetebuerg geet et laanscht de Cactus. Deen initiale Familljentour, dee bleift awer bestoen. Mir schaffen och nach mat der Gemeng Beetebuerg zesummen un engem Logo. Do si mer nach amgaang deen auszeschaffen. Wann natierlech een eng Iddi huet, dann ass déi sécherlech och ëmmer wëllkomm. Mat ProVelo hu mer dëst Joer jo och erëm eise Cours ugebuede fir Leit, déi net Vëlo fuere kënnen, an dat maache mer natierlech och d'nächst Joer rëm.

An dann de Service des Sports, dee proposéiert och reegelméisseg Vëlosexkursiounen, zum Beispill all sonndes, fir Leit iwwer 55 Joer an dann och mat der Maison relais a Schoulklasse sur demande. A jiddereen, deen zum Beispill sonndes do wëll matfueren, dee ka sech gären am Service des Sports mellen. A wa mer scho bei de Vëlosweeër sinn, mer wëlle jo owes duerch Beweegungsmelderen an LED-Luuchten am Park Le'h ee Wee beliichte fir datt een och do mam Vëlo kann duerchfueren. An nom Passage géingen déi Luuchten dann och erëm direkt ausgoen. An heivir hu mer no laangen Diskussiounen, méi wéi véier Joer ware mer amgaang, endlech d'Autorisatioun vum Environnement lo kritt. Wann ech bei Luuchte sinn, da vläicht och zu der Luuchtenanlag op der Kräizung Kierfecht, déi gouf jo och erneiert dëst Joer. D'Gemeng setzt beim Erneiere vu sengem Fuerpark op Elektromobilitéit, ech mengen do ass den Här Manderscheid schonn drop agaangen.

Och op NeiSchmelz huet sech vill gedoen. D'Place van Werveke gouf fir de motoriséierten Trafick gespaart, an um Vëloswee bei der provisorescher Danzschoul hu mer eng Vël'OK Statioun gebaut. Eise Service huet dëst Joer och erëm gekuckt, wou nach op ëffentleche Plazen iwwerall Vëlosstänner gefeelt hunn. Neier ginn et elo beim PAP A Bëlleg laanscht d'Lëtzebuergerstrooss hannert der Gemeng um P&R hannert dem neien Hall polyvalent an an der Rue du Parc bei der Maison Relais an der Schwämm. A wann elo nach Plaze sinn, wou et Sënn mécht, der se maachen, einfach ee Coup de telefon an de Service Circulation an da kucke si dat natierlech.

Vëlo. 2024 hu mer dräi nei Statioune gebaut. Am PAP Bëllech, déi wou bei der Barrière war, déi gouf heihinner verréckelt, an op der Birenger Kiermesplaz. Idem och bei der provisorescher Danzschoul, dat sot ech schonn. Domat hu mer dann och deen neie Quartier ofgedeckt. Fir 2025 hu mer wëlles, bestoend Statiounen auszebauen, respektiv déi ze reparéieren, wou an d'Jore komm sinn. Da kënnt 2025 och nach eng Statioun op der neier Plaz virum Centre sportif Strutzbierg dobäi. Ech mengen dat hate mer scho gesot, deemools wou mer de Projet hei virgestallt hunn. Fir 2024 op Demande vum CIGL Esch si 15 Vëloen ersat ginn an 10 neier komme bäi. Déi sinn nach net geliwwert ginn, dofir sot ech, se komme bäi. Soudatt mer, wann se ukomme ronn 60 Vëloen hei fueren hunn, an domat komme mer dann der Demande no, déi Vëloen no an no ze ersetzen an eis Flott deemno och ze erneieren.
2025 gëtt dann de Rescht vun ënner Gänseféisercher "eelere Modeller" ersat. Dat heescht nach eemol 10 Stéck. An déi lescht 10, déi ginn 2026 erneiert.

Projeten Nightrider an Nightlifebus gi weidergefouert an och eise Mobilitéitsdag organiséiere mer erëm.

Projet SUMP, Sustainable Urban Mobility Plan, en Nohaltegkeetsplang fir d'Mobilitéit an der Gemeng. Deen hu mer jo 2023 ofgeschloss. An d'Broschür SUMP dat ass, wéi hat ech et deemools ausgedréckt, elo den technesche Servicer hir nei Bibel. Si versichen all nei Stroossen no de Recommandatioune vum SUMP ze plangen an ze bauen an zousätzlech baséieren se sech awer och op déi nei Mobilitéitskonzepter vum Ministère, dat heescht de Plan national de la mobilité 2035.
2025 wäert den Aarbechtsgrupp SUMP erëm zesummegeruff ginn. Mir plangen dat fir Summer oder Hierscht, fir eeben den éischte Bilan no den zwee Joer ze maachen, sou wéi dat virgesinn ass. Eis Servicer hu mat der neier Broschür vum Mobilitéitsministère, déi heescht „Apaisement de la circulation", e Plan de mobilité och fir Diddeleng erstallt. Dee wäerte mer och der Verkéierskommissioun virstellen. An an Zukunft ginn dann eis Stroosseprojeten no dëse Consignen entwéckelt. Zum Beispill ass dann doranner definéiert, wéi déi verschidde Stroosse kënne gestalt ginn, datt eeben zur Vitessreduktioun bäigedroe gëtt. Well mer awer net allze groussen Afloss op d'Kontroll vun der gefuerener Vitess hunn, hu mer, an dat wësst Der, op neuralgesche Punkte Vitessanzeigen opgestallt. Aktuell hu mer der 25 Stéck. 2024 sinn der an der Wuermerengerstrooss der nach zwee bäikomm an et goufen awer och e puer al Apparater, déi an d'Jore komm waren, ersat.

Eis City App gëtt um Volet Mobilitéit ausgebaut. D'Applikatioune Bus, Parking a Vëlo gi moderniséiert an de Standuert vun den Horodateuren, dee soll hei och bäikommen. D'Applikatioun, déi soll och mat IndigoNeo gekoppelt ginn, dat heescht, datt ee keng zwou Appe méi muss opmaachen. Mir wëllen och déi nooste fräi Elektrobornen uweisen an och CFL Flex-Autoen. Dir kënnt Iech awer virstellen, vu datt mer hei mat externe Partnere mussen zesummeschaffen, datt dat e bësselchen dauert.

Zur Voirie. Ma mer hunn natierlech och d'nächst Joer déi néideg Montanten am Budget stoe fir eng Partie Stroossen, net nëmmen ënnerierdesch, mee och dat wat ee gesäit, nämlech d'Strooss selwer ze erneieren. An och eng Partie Râclagen hu mer virgesinn. Op déi war ech schonn eng Kéier an engem vun de leschte Gemengeréit agaangen, wou mer den Devis gestëmmt hunn. Am Ufank 2025 mécht d'Ponts & Chaussées d'Butschebeuergerstrooss frësch. D'Rue de l'Indépendance an d'Rue des Ecoles, déi solle viraussiichtlech am Fréijoer fäerdeg sinn an och de Projet Conduite de refoulement geet weider. Projete fir Vëlos- a Foussgängeriwwergäng an der Route de Luxembourg, Simon, Abbé Lemire, dann awer och Lenz, Edison a Zoufftgen, Kräizbierg, Rue des Genêts, déi mer den 11.11. hei gestëmmt hunn, ginn iwwert d'Joren 2025 an 2026 gemaach. Do hate mer jo och an engem vun de leschte Gemengeréit rieds.

A wa mer scho bei de Foussgänger sinn, am Kader vun der éischter Ronn vun der Biergerparticipatioun hu mer an Zesummenaarbecht mat der ANF, den Nopeschgemenge Keel a Rëmeleng an och dem ORT Sud e Panneau erstallt, deen alleguerten d'Wanderweeër op der Haard erëmgëtt. Um neien ekologesche Parking an op der Haard selwer, wou dee Panneau steet, an et stinn der och an der Entrée vu Keel a vu Rëmeleng natierlech, aus op d'Haard kann ee sech do säi Wee ukucken an e QR-Code op sengem Smartphone ofspäicheren an domat weess een da genau wou een drun ass, an et geet een hoffentlech net verluer. Fir 2025, op d'Râclagë mengen ech sinn ech agaangen, do schafft awer och d'Post weider um Ausbau vum Glasfaser.

An da kéim ech vun der Voirie direkt eriwwer bei de SICEC. Dat ass e wäite Sprong op de Crematoire op Hamm vun de Râclagen a vum Glasfaser. Mee mir kréien deen awer hin. De Crematoire, dat heescht d'Gebai, dat gëtt jo grad ausgebaut. Ech mengen, dat wësst Der, am Oktober war do d'Straussfeier. An dat heescht, datt all Gemengen och hei mussen dozou bäidroen an déi néideg Zommen an hirem Budget virgesinn.

D'Museksschoul, Dir wësst, mir hunn eng ganz aktiv regional Museksschoul an déi waren och dëst Joer erëm eng Kéier all Dag um Dill fir méi wéi 1500 Kanner, Jugendlechen, mee awer och Adülte qualitativ héichwäertege Museksunterrecht unzebidden. Ech ginn elo net méi am Detail op d'Museksschoul an. Ech mengen den 11. November hate mer eréischt déi 2. Deliberatioun vun der Schoulorganisatioun hei gestëmmt. Eisen Direkter war deemools hei fir op all Froen an Detailer anzegoen. Dofir just e puer Bemierkungen. Wann ech soen, et si méi Schülerinnen a Schüler, dann heescht dat och generell natierlech méi Ausgaben, zum Beispill wat och d'Instrumenter, déi mer generéieren, ubelaangt. Et sinn der mëttlerweil bal 800. An natierlech och den Entretien dovunner, dee muss assuréiert ginn. Fir de Rescht, mengen ech, ass eis Museksschoul mat ronn 150 Manifestatiounen am Joer omnipresent. Déi Manifestatioune sinn natierlech net all hei zu Diddeleng, mee natierlech och an eise Partnergemengen uechtert Lëtzebuerg mee awer och bei europäeschen Echangen. Dat geet vun enger Klassenauditioun, iwwer Stagen an och Echangë bis hin eeben zu gréissere Manifestatiounen.

A fir all déi Evenementer a Manifestatiounen op d'Been ze stellen, do brauch een natierlech déi finanziell Moyenen, fir dass eeben d'Museksschoul sech kann ënner gudde Konditiounen no bausse ka weisen. An déi hu mer natierlech och dëst Joer am Budget virgesinn.
Tourismus. Mir organiséiere weider eis Visites guidées, déi d'Leit kënnen hei an der Gemeng buchen. Mir schaffen natierlech mam ORT Süden weider zesummen. Mir hunn nei Miwwel kaaft fir eise lokalen Office du Tourisme méi attraktiv ze maachen. Ech denken am Detail wäert sécherlech nach d'Representant am Comité vum ORT an och d'Presidentin vun der Kommissioun sécher nach op dës Saache kënnen agoen. Den ORT Sud plangt fir 2025 zesumme mat der ANF, do hat ech virdru scho kuerz driwwer geschwat, d'Weemarkéierunge vun de verschiddene Wanderweeër op der Haard ganz ze erneieren. An dëst op Basis eebe vun deem Panneau, vun deem ech Iech virdru geschwaat hunn, deen d'Stad Diddeleng am Summer produzéiert huet. An dee Projet, dee wäert dann och d'Beispill si fir all nei Weemarkéierungen am Süde vu Lëtzebuerg a gi vum Groupe de Travail Natura 2000 am Süde vu Lëtzebuerg begleet.

Zum Jumelage. Bon, do mengen ech do wäert d'Kommissiounspresidentin sécherlech och nach eppes dozou soen. Dofir probéieren ech mech kuerz ze faassen. Wéi all Joers maachen ech den Opruff, wann eis Clibb mat eise Partnergemenge wëllen zesumme kommen, deen een oder deen anere Projet wëllen ugoen, d'Gemeng an natierlech och sécherlech déi zoustänneg Kommissioun seet bestëmmt net Neen, fir see ze ënnerstëtzen. Dëst Joer war jo, an dat wësst Der, Feltre op Besuch bei eisem Buergfest, et koum ganz gutt un. De Schäfferot war zu Lebork invitéiert an d'Kommissioun an de Schäfferot waren och nach zu Lauenburg present, wou mer och invitéiert waren.

Vu Lauenburg ass et net wäit zur Integratioun. Mir hunn d'Chance hei zu Diddeleng iwwer 100 verschidden Nationalitéiten ze hunn, déi gutt zesumme liewen. An eis Integratiounskommissioun, déi hat jo och dëst Joer erëm d'Fête des cultures organiséiert, e bësse méi fréi am Joer, zesumme mat eisem Drëttweltmaart. An et war trotzdeem, datt Samschdegowend huet misste wéinst dem Stuerm éischter agepaakt ginn e ganz, ganz groussen Erfolleg. Zu dem Volet Integratioun gehéieren natierlech och eis Sproochecoursen. Do hate mer de leschte Gemengerot schonn driwwer rieds. A mir bidde via eise Service Ensemble jo och nach eise Café des langues un. De Service Ensemble, dee bitt jo och eng ganz Rei aner Saachen un, déi Der alleguerte kennt, eebe wéi gesot vu Sproochecoursen iwwer

Permanence socialen, Infoversammlungen an Atelieren. An natierlech wäerten se dat weidermaachen a sech bestëmmt och déi eng oder aner nei Aktioun afale loossen.

An dann hu mer dëst Joer, an do ginn ech och elo net méi am Detail drop an, well dat och réischt de leschte Gemengerot war, de Pacte à l'intégration ënnerschriwwen. An dee gouf jo och hei den 11. November dem Gemengerot virgestallt. Voilà. Domat kéim ech schonn zum Schluss. Dës Majoritéit presentéiert och dëst Joer e Budget deen de Prinzippie fir déi d'LSAP steet gerecht gëtt, nämlech Fräiheet, Solidaritéit, Gerechtegkeet a Sécherheet. Et war dëst Joer mäi 25. Budget, an domat soen ech Iech merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci och dem Claudia Dall'Agnol, fir, wéi gesot, nach eng Kéier d'Presentatioun vun de Prioritéite wat seng Ressorten ugeet. Ech mengen d'Kolleegen aus dem Schäfferot hunn Iech elo Abléck ginn, a wéi eng Richtung de Budget 2025 goe soll. An, wéi gesot, Rendez-vous ass da fir nächste Freiden, den 13. Dezember, wou dann d'Gemengeconseillere vun der Majoritéit a vun der Oppositioun da kënnen hir Vue op de Budget deementspriechend ginn. Voilà. Wëllt Der eng kleng Paus maachen? Okay, da maache mer eng kleng Paus. 3. Approbatioun vun der Konventioun fir d'Kreatioun an d'Mise en oeuvre vun der „Chaire Histoire et Migrations" tëschent der Stad Diddeleng, der Universitéit Lëtzebuerg an dem Centre de Documentation sur les Migrations Humaines.

## 3. CHAIRE HISTOIRE ET MIGRATIONS

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech begréissen hei ganz häerzlech och d'Vertrieder vun der Uni Lëtzebuerg, notamment vum Zentrum fir digital an zäitgenëssesch Geschicht, den Denis Scuto an den Hervé Müller. Schéine gudde Mueren an häerzlech wëllkommen. Jo, dee Punkt, dee mer haut hei um Ordre du jour hunn an dee mer och dem Gemengerot wëlle virstellen, ech hat ugangs bei der Virstellung vum Budget, war ech schonn e bëssen drop agaangen, dat ass engersäits d'Ëmsetzung vun engem Punkt aus der Schäfferotserklärung. An et geet am Fong hei ëm eng Chaire, ëm e Léierstull iwwert Migratioun a Migratiounsfuerschung, déi mer als Stad Diddeleng zesumme mat der Uni Lëtzebuerg an och a Partnerschaft mam Centre de Documentation sur les Migrations Humaines an d'Liewe ruffen. Et muss ee soen, dass dat awer schonn, dëse Léierstull, eng Première ass, en Novum ass hei am Lëtzebuerger Land. Et ass awer och en Novum fir d'Uni, och wann d'Uni scho méi laang an der Migratiounsfuerschung awer aktiv ass duerch eng ganz Rei wëssenschaftlech Kontributiounen. An et ass awer och an deem Sënn en Novum fir Diddeleng.

Mee och wann Diddeleng historesch gesinn och schonn d'Migratioun besat huet. Just fir e bëssen de Kader hei ze erklären. Mir hunn hei engersäits eng Konventioun virleien, Dokumenter vum Gemengerot, déi op de Léierstull dee mer hei schafen, aginn. An de Gemengerot hat awer och de Concept Paper virleien, wat am Fong de Contenu vun der Chaire iwwert d'Geschicht respektiv d'Migratiounsfuerschung, d'Migratiounsgeschicht deementspriechend och ass. Ech mengen dat sinn déi zwee Dokumenter déi virleien. Wat ze approuvéieren ass, ass natierlech d'Konventioun. Mee d'Concept Paper, mengen ech, dréit dozou bäi, dass een d'Konventioun, déi virläit och deementspriechend hei kann novollzéien. Ech wäert op eng Rei Punkten agoen, firwat dass et fir eng Stad Diddeleng wichteg ass, finanziell, organisatoresch, esou e Léierstull an d'Liewen ze ruffen zesumme mat eise Partner an och finanziell ze ënnerstëtzen. An duerno wäerten och natierlech sécher hei d'Vertrieder vun der Uni, den Här Scuto an den Här Müller drop agoen, firwat dass et fir eng Uni Lëtzebuerg, respektiv fir en Zentrum fir digital an zäitgenëssesch Geschicht eeben och wichteg ass, sou e Léierstull an d'Liewen ze ruffen. Et ass e bëssen esou wéi mer eis hei d'Aarbechten de Mueren opgedeelt hunn.

Dir wësst, dass d'Migratioun insgesamt, d'Migratiounsflëss an engem historesche Kontext hei zu Lëtzebuerg an der Nord-Süd-Achs awer och Mënschen, déi aus Lëtzebuerg fortgaange si fir an d'Ausland schaffen ze goen, awer och ëmgedréit Mënschen, déi aus dem Ausland hei op Lëtzebuerg kommen, an engem soziale Kontext, an engem historesche Kontext, an engem gesellschaftspolitesche Kontext. Migratioun huet dëst Land façonéiert. D'Migratioun gehéiert zu der DNA vu Lëtzebuerg, gehéiert och zu der DNA vun Diddeleng, wann een historesch kuckt, wéi Diddeleng deementspriechend och entstanen ass. An notamment effektiv duerch déi ganz Industriegeschicht, déi sech och hei ofgewéckelt huet. An Diddeleng ass eng multikulturell Stad mat 116 verschidden Nationalitéiten. Mee de Fait, dass mer natierlech, nieft deem historesche Kontext deen och Diddeleng ausmécht, och déi Volontéit hunn, dëse Léierstull anzeféieren, huet och domadder ze dinn, dass et awer och eng Rei Étapes charnières hei zu Diddeleng gouf, wou mer eis ganz kloer zu der Migratioun au sens large bekannt hunn.

No der Kulturhaaptstad an an der Foulée vun der Kulturhaaptstad ass 1995 de Centre de Documentation sur les Migrations Humaines entstanen. A méi rezent si mer als Stad Diddeleng Member ginn um Niveau vum Conseil de l'Europe vum Réseau Intercultural Cities. Dat war 2019. An nach e puer Jore virdrun si mer Member gi vum Europäesche Reseau vun de Stied géint de Rassismus, den ECCAR. An Dir kënnt Iech jo erënneren, dass ech am leschte Gemengerot gesot

hunn, dass mer 2025 vun ECCAR jo och e Präis kréie wéinst dem Mois du respect a fir d'Initiativen, déi mer an deem Kader geholl hunn. Hei zu Diddeleng wunne 60 % Lëtzebuerger 40 % Net-Lëtzebuerger. Mee bei deene 60 % Lëtzebuerger sinn der natierlech ganz vill dobäi, déi och e Migratiounshannergrond hunn.

Ech mengen dat, wat mer hei maachen, hei zu Diddeleng, bon, mir probéiere mat der Uni zesummen a mat eise Partner e Volet lokal ze besetzen, mee deen alles méi wéi net nëmmen eng lokal Konnotatioun huet, Et ass virun allem eppes, en nationale Sujet Migratioun, deen eis beschäftegt an engem historesche Kontext awer och an engem aktuelle Kontext, a Migratiounsfuerschung ka sécherlech och zum Verständnis féiere vu, mengen ech, verschidden Enjeuen, déi d'Migratioun mat sech huet iwwert déi legal an och déi manner legal Weeër, déi et och an der Migratioun ginn. Mee awer och, wéi gesot, wéi d'Migratioun d'Lëtzebuerger Land façonéiert huet iwwert déi lescht Joerhonnerten.

An do ass Diddeleng och ganz kloer en Deel dovun. An deem Kader, dee mer eis hei ginn, och déi Objektiver vun der Chaire, wou och sécherlech d'Uni herno wäert drop agoen, ass et natierlech fir eis och kloer, dass mer iwwert deen heite Léierstull natierlech och d'Recherche weiderdreiwen um Niveau vun der Migratiounsfuerschung, awer och den Enseignement an awer och eng Rei Seminairen an och Aktivitéite ronderëm Migratiounsfuerschung hei zu Diddeleng kënne stattfannen. Sief dat am Centre de Documentation sur les Migrations Humaines, respektiv awer och an Infrastrukture vun der Stad Diddeleng. An awer och dee Reseau, an deem mer eis elo scho befannen als Stad Diddeleng mat eise Partner am Kader vun der Migratiounsfuerschung, dass mer deen nach weider verdéiwen an deementspriechend och stäerken. An natierlech iwwert och déi wëssenschaftlech Contributiounen, déi och zum Verständnis kënne bréngen, wat den historesche Kontext vun der Migratioun ass, awer och wat den aktuelle Kontext vun der Migratioun ass.

Et geet also net nëmmen drëms, an d'Vergaangenheet ze kucken, mee awer och den aktuelle Kontext, respektiv awer och an d'Zukunft, wann Diskussioune gefouert gi fir iwwert Migratiounsweeër Talenter hei zu Lëtzebuerg unzezéien. Haut schwätze mer vun Talenter. An an der Vergaangenheet gouf vu Fachkräfte geschwat, déi d'Land gebraucht huet, fir d'Land och ekonomesch opzebauen, well d'Migratioun och zum Räichtum vun dësem Land bäigedroen huet. Mir huelen also als Stad Diddeleng hei eng Initiativ fir en Thema, wéi gesot, dat nationale Charakter huet. Also hei och e bësse mat der Expertise, déi d'Uni mat erabréngt an och déi Expertise, déi de Centre de Documentation sur les Migrations Humaines och huet. En Thema, wéi gesot, besetzen, wou mer hoffen, dass mer als Stad Diddeleng net eleng bleiwen als Laboratoire fir dat ze besetzen, mee dass och déi national Acteuren sech der Thematik hei unhuelen. An de Léierstull ka sécherlech e ganz kloren Ustouss sinn. Hoffentlech, well mer jo och hei eis an engem Kader beweege vun enger Konventioun vu 5 Joer, déi mer mat der Uni Lëtzebuerg ofschléissen, wou d'Stad Diddeleng all Joer 200.000 Euro zu der Contributioun vun deem Léierstull bréngt. Mir wäerten herno op d'Finanzen nach agoen, do sinn och nach aner Depensen, déi stattfannen, déi elo net vun der Stad Diddeleng ofgedeckt ginn. mee fir Iech déi ganz Envergure vu sou engem Léierstull ze faasse ginn.

Mee effektiv an deem nationalen, am Kontext transfrontalier, am europäesche Kontext, am internationale Kontext, déi Fuerschung och deementspriechend hei weiderdreiwen. An ech war virdrun natierlech op déi verschidde Momenter agaange vun Infrastrukturen, vun europäeschen a respektiv internationale Reseauen, deene mer eis natierlech och ugeschloss hunn.
Mee et däerf een awer och net vergiessen, dass 1995 schonn d'Ausstellung "Mémoires croisées" 2007 wéi d'Kulturhaaptstad war, mir d'Ausstellung hei zu Diddeleng "Retour de Babel" organiséiert hunn. An effektiv 2022 d'Ausstellung "Re-Retour de Babel" a "Moving Lusitalia", wou iwwert déi portugisesch Migratioun geschwat gouf. An natierlech och hei zu Diddeleng déi d'Charakteristik jo hu vum Quartier Italien, wat e Lieu de mémoire par excellence ass iwwert d'Migratioun hei zu Diddeleng, mee och deementspriechend hei am Land.
Also Migratioun, déi zu nationaler Identitéitsbildung bäigedroen huet, déi se och deementspriechend geformt huet. A mengen ech dass et elo hei wichteg ass, dat op en zousätzlech méi héijen Niveau ze setzen am Kader vun der Fuerschung, fir awer och iwwert deen dote Wee, iwwert déi wëssenschaftlech Contributiounen, déi kommen, mat awer och Studenten, déi net nëmmen op d'Uni kommen, op de Belval, mee awer och op d'Diddeleng kommen, well jo och eng Rei Seminären hei sollen och stattfannen, dass iwwert déi wëssenschaftlech Apporten, awer och natierlech um Niveau vun de sougenannte Politiques publiques och weider politesch Akzenter kënnen analyséiert ginn um nationalen Niveau an och ëmgesat ginn. An ech mengen et schwieft eis vir. Mee wéi gesot, do si mer net eleng. An dat fënnt een och an deem Concept Paper, wéi gesot. Et schwieft eis vir engersäits natierlech duerch de Léierstull, de grand Public awer och ze sensibiliséieren wat Migratioun a Migratiounsfuerschung ass a wat déi Contributioun ka si vun der Migratiounsfuerschung an engem historeschen an och an engem aktuelle Kontext, par rapport awer zu e bësse méi reaktionären Discoursen, déi elo gefouert ginn, ouni awer mengen ech d'Fuerschung hei ze politiséieren. Loin de là, ech mengen et ass och net effektiv dat wat mer wëlle maachen, well mer hei an engem wëssenschaftlech Kontext sinn. Mee si kënnen awer Elementer bréngen, par rapport zu de politeschen aktuellen Discoursen.

Natierlech awer och en Apport bréngen zu jiddereen, dee sech fir d'Migratiounsgeschicht interesséiert. Et muss een net onbedéngt Student op der Uni Lëtzebuerg sinn, fir sech fir dat ze interesséieren. Mee ech mengen dat kann awer och fir de grand Public interessant sinn, iwwert déi Contributiounen, déi elo scho bestinn, mee och nach déi wieder, déi komme wäerten. An natierlech och iwwert deen dote Wee, de Centre de Documentation sur les Migrations Humaines, deen jo och eng dediéiert Bibliothéik huet ronderëm Migratiounsfuerschung, dee schonn e bëssen awer e Centre d'excellence iwwert seng Bibliothéik an deem Kader och deementspriechend ass, och weider nach sollicitéiert

ka ginn iwwert Studenten, awer och iwwert de grand Public. An natierlech sinn et zwee Punkten, déi mer awer och am Kader vum Léierstull viséieren. Mee wou mer, wéi gesot, natierlech mir maachen hei eng lokal Kontributioun zu engem nationalen Thema, wat awer, mengen ech, ganz kloer en Zil ka si fir zwou Aktiounen. Engersäits eng Ausstellung, déi e permanente Charakter huet iwwert d'Migratioun hei am Land, wat d'Migratioun hei am Land war. Ech mengen dat kann en Zil sinn, mee dat maache mer als Stad Diddeleng a mat der Uni net eleng, do brauche mer och nach aner Acteuren. Mee dat heiten, mengen ech, kann et den Usaz sinn, fir dat unzekuerbelen.

Dat ass deen een Deel. Also eng permanent zukünfteg Ausstellung iwwert d'Migratioun. A Migratioun, wéi déi d'Land am Fong gestalt huet. An natierlech awer och, liebäugelen, firwat och net, wann ee gesäit, dass zu Rëmeleng et en nationale Musée des Mines gëtt an och mengen ech, mir hu viru kuerzem Bärbelendag gefeiert, de 4. Dezember, do hu mer de Musée national des Mines, deen och mengen ech eng wichteg Kontributioun ass, och historescher Natur, wat mengen ech och zum Räichtum vum Land gefouert huet, d'Biergaarbecht, d'Biergaarbechter, och, firwat och net e Musée uviséieren, en nationale Musée iwwert d'Geschicht vun der Migratioun hei zu Lëtzebuerg. Natierlech och mat där Iddi dat kënnen, oder probéieren hei zu Diddeleng unzesidelen, dass dat och e Passage obligé deementspriechend gëtt, wann ee seet Rëmeleng, de Musée des Mines oder effektiv Belval, mat där ganzer Renovatioun, wou och do jo Visitte gemeet gëtt, wat d'Vestigë vun der Erzindustrie och deementspriechend sinn. Dass deen Deel vun der ADN vun der Migratioun och hei zu Diddeleng ka verankert ginn. Mee dat wëlle mer net eleng maachen, dat wëlle mer natierlech och ganz gäre mat anere staatlechen Instanze maachen ab deem Moment, wou natierlech och um nationale Plang de Mehrwäert unerkannt gëtt vun der Migratioun a Migratiounsfuerschung, fir an déi dote Richtung ze goen. Do si mer nach net. Mee et ass op alle Fall dat, wat mer unzilen, wat mer uviséieren. A mengen ech, haut setze mer do ganz kloer en Zeechen an déi dote Richtung, well mer jo och als Stad Diddeleng en interkulturelle Kontext hunn, an deem mer eis deementspriechend beweegen.

Dat e bëssen zu den Erklärungen, wat mengen ech d'Bestriewung ass a wat d'Motivatioun ass vun enger Stad Diddeleng, fir esou e Léierstull mat ze finanzéieren. Net onschëlleg drun, ech mengen dat hei fousst awer och op scho méi länger Diskussiounen, déi mer mat der Uni Lëtzebuerg haten, déi mer haut hei probéieren iwwert dës Konventioun an iwwert dës Virstellung ze konkretiséieren an och deementspriechend ëmzesetzen. Dat waren déi Erklärungen, déi ech wollt gi par rapport zu eise Bestriewungen als Stad Diddeleng. An ech géif ganz gären och d'Wuert elo hei weiderginn un d'Vertrieder vun der Uni Lëtzebuerg, déi sécherlech och nach vun hirem Point de vue och nach wäerte matdeelen an och soen, wat fir si mengen ech och d'Wichtegkeet ass vun engem Léierstull ronderëm d'Migratiounsfuerschung. Merci.

DENIS SCUTO, DEPUTY DIRECTOR OF THE C2DH (UNI.LU): Jo, léiwen Här Buergermeeschter, léif Membere vum Schäffen- a Gemengerot, léif Membere vun der Press, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt fir d'éischt Merci soe fir d'Invitatioun, dat hei kënne virzestellen. Merci virun allem soen, well et eng Éier ass fir eisen Zenter, den Institut fir Zäitgeschicht, mir hunn e bëssen e komplizéierten Numm, C2DH, Luxembourg Center for Contemporary and Digital History, eng Éier fir d'Uni, eng Éier fir mech perséinlech, fir den Hervé Müller, deen den Directeur administratif vun eisem Zenter ass, fir dat hei ze presentéieren. Well, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, et ass e Pionéierprojet, en Novum hei am Land. Ech mengen dat ass en éischte Punkt, wou ech wollt erwänen.

Dat Zweet ass, an ech mengen den Här Buergermeeschter huet et och scho kloer erkläert, wann et an engem Land Sënn mécht, verstäerkt Recherchen zu Migratiounen ze ënnerhuelen, Expertisen och ze deele mat politeschen an ekonomeschen Decideuren, se engem gréissere Publikum, a virun allem och de jonke Generatioune verständlech ze presentéieren, dann ass et natierlech zu Lëtzebuerg. An ech mengen et ass, den Här Buergermeeschter huet déi flott Expressioun, dat gehéiert zum DNA effektiv vun dësem Land an natierlech och zu Diddeleng, dee mam Quartier Italien de bekannteste Lieu de mémoire zur Immigratioun huet a mam CDMH, den Zenter, deen zënter drësseg Joer och Pionéieraarbecht an deem Beräich leescht a mat deem mer och scho laang zesummeschaffen.

Bon, Lëtzebuerg, wat Dir gesitt, an Dir wësst et, huet haut eng Populatioun déi praktesch zur Hallschent aus Lëtzebuerger an zur Hallschent aus Net-Lëtzebuerger besteet. Virun allem awer huet eist Land eng Migratiounsgeschicht. Migratioun, dat ass kee rezente Phänomen hei zu Lëtzebuerg an och keen exceptionellen, mee ee ganz alen. An ech wollt kuerz op e puer Kontinuitéiten, awer och Rupturen agoen, déi een natierlech als Historiker besonnesch interesséieren.

Kontinuitéiten, fir d'éischt, ech mengen zënter zwee Joerhonnerten a méi eigentlech d'Antoinette Reuter, d'Séil vum CDMH, wann et hei wier géif et et confirméieren, well hatt interesséiert sech eeben och scho fir Migratioun am Ancien Régime, wou et der och scho ganz vill gouf. Also zënter Joerhonnerten si Mënschen, déi ausgewandert sinn, et sinn anerer, déi hei agewandert sinn, op der Sich no engem bessere Liewen. Mee virun allem well se geruff gi sinn, fir am Commerce, an der Industrie, am Artisanat hir Kompetenzen ze ginn.
An zënter méi wéi 100 Joer, sinn der ganz vill, déi net laang hei bliwwe sinn, mee et sinn der awer och déi, déi bliwwe sinn. Am Nationalarchiv gëtt et, 1890 ass d'Friemepolizei agefouert ginn, déi ass et an där Form bis 1972 ginn. Am Nationalarchiv fannt Der eng Millioun Dossieren zu Familllen, zu auslännesche Famillen. déi hei op Lëtzebuerg komm sinn. Also wann déi all bliwwe wieren, dann hätt Lëtzebuerg nach vill méi Awunner. Mee ech menge Mobilitéit, an op där anerer Säit sesshaft ginn, oder Sedentaritéit, sinn ëmmer zwee Volete vun där selwechter Medail.

Da ginn et awer och natierlech Rupturen oder Ënnerscheeder, wa mer zréckkucken. Wat geännert huet, dat sinn, dat ass déi grouss Tendenz an de Migratiounen. Am 19. Joerhonnert war Lëtzebuerg en Auswanderungsland. Dat heescht, et sinn der vill méi fortgaang vu Lëtzebuerg wéi déi, déi heihinner komm sinn. Haut, am 21. Joerhonnert, si mer ganz kloer en Immigratiounsland. Mee mir vergiessen, dat hei ze soen, et sinn och weiderhi Leit, déi auswanderen. Bon, mir hunn deen ee Phänomen déi lescht 20 Joer, d'Leit wanderen aus hei an d'Grenzgebitt. Mee mir hunn och zum Beispill, wat een nennt eng Wuelstandsmigratioun vu Leit déi an hirer Pensioun an en anert Land, wou et e bësse méi waarm ass wéi hei, ginn.

Wat geännert huet och ass natierlech déi eenzel Secteuren. Am 19. Joerhonnert si Leit heihinner komm wéinst Landwirtschaft, wéinst der Textilindustrie, wéinst den éischte Minnen, och schonn déi éischt Schmelzen. Da vun 1873 war et weiderhin d'Stolindustrie, Minnen, Schmelzen, mee do och ëmmer méi Konstruktioun. An haut ass et weiderhin d'Konstruktioun bleift e ganz wichtegen Deel, firwat d'Leit heihinner geruff ginn. Mee natierlech de ganze Finanzsecteur, Commerce, kleng Entreprisen, dat si Rupturen. Eng aner wichteg Rupture hänkt dann och leider domat ze zesummen, datt d'20. Joerhonnert an d'21. Joerhonnert leider geet et weider, och gepräägt ass doduerch datt vill Mënschen an ëmmer méi och Gruppe vu Mënsche verfollegt ginn, opgrond vun hirer Nationalitéit, vun hirer Relioun, vun hirer politescher Astellung an doduerch flüchte mussen.

Ech wollt awer och, an dat ass en Exercice, dee ka vläicht och jiddweree fir sech maachen, kuerz iwwer mäin eegene Bezuch zu deene Migratiounen, an ech menge jiddwereen, wann en hei am Land an och hei am Sall vläicht deen Exercice mécht, hu vill Leit en änleche Bezuch vläicht.

Eng Zuel, dat ass elo dee leschte Recensement vun 2021. 50 % vun de Lëtzebuerger, dat heescht Leit mat Lëtzebuerger Nationalitéit, hunn en direkte Migratiounshannergrond. Dat heescht, déi hunn op d'mannst een Elterendeel, deen net hei zu Lëtzebuerg gebuer ass. Wa mer déi ganz Populatioun kucken, si mer bei 74 % vun de Leit. A wa mer warscheinlech bei d'Grousseltere ginn, Urgrousselteren, da wäerte mer schonn no bei 100 % sinn.

Ech mengen, bei mir, wann d'Leit mäin Numm héieren, denken se natierlech un eng bestëmmte Migratioun aus Italien. Ech hunn hei eng Foto gemaach, ënne gesitt Der, dat ass lénks deen Här, dat ass mäi Papp, deen um Héichuewe B geschafft huet zu Belval, deen aus Sizilien heihinner komm ass. Och dat typesch fir d'Migratiounen, et geet iwwer Familljekontakter. En ass fir d'éischt bei säin Zio Vito op Hayange komm, hei vir ware jo och vill Schmelzen. An iergendwann ass en heihinner komm, och en plus déi Zäit als Monteur, Voltigeur fir den Héichuewen A ze bauen 1963.

An du huet en dann eng Lëtzebuerger Fra kennegeléiert, huet sech an déi verléift, d'Thérèse Hoscheid, dat ass meng Mamm, déi als Vendeuse am Monopol geschafft huet. Woubäi ech net weess, et ginn zwou Storyen. Entweeder se hu sech am Monopol kennegeléiert oder beim Hein am Dancing, dat kréien ech och als Historiker net gekläert, dat sinn déi Legenden, déi dann erzielt ginn. Mee déi Geschicht ass och eng Migratioun. An ech mengen och déi musse mer studéieren. Dat ass, vun där gëtt manner geschwat, dat ass eng Bannemigratioun. Hoscheid, déi sinn net, hei ass eng Foto, déi si sinn zu Esch bei hirer Aarbechterkolonie Rue Barbourg, direkt beim Jeunesse-Terrain. An der Mëtt ass mäi Bop, deen dat klengt Kand an der Hand hält. Déi sinn 1914 op Esch komm, fir do op der Schmelz ze schaffen, sinn awer eigentlech vu Bissen. A wa mer nach méi wäit zréckginn, Doléiner, vu Brandenburg oder warscheinlech vun Houschent, vun Hoscheid, wou den Numm jo dann hierkënnt.

An och interessant ass, dat dierf een och net vergiessen, mäi Bop hat eng ganz Rei Geschwëster, mee hien ass deen eenzegen, deen eigentlech zu Esch bliwwen ass. Säi jonke Brudder, deen ass, warscheinlech fir net an de Reichsarbeitsdienst ze goen, 1941 an Algerien, an d'Friemelegioun gaang. En ass leider, bon, en ass duerno do bliwwen, en huet eng Pied-noire bestuet an huet sech an den Déngscht vun der franséischer Arméi gesat an ass leider 1962 massakréiert ginn. Massaker op deene béide Säiten zum Schluss vum Algeriëkrich. Eng aner Schwëster ass a Kanada ausgewandert. Nach eng aner Schwëster huet e Mineur vun Eroville, dat ass dann direkt déi aner Säit vun der Grenz. Soudatt ee gesäit se, datt och déi Zäit Emigratioun natierlech weiderhin e wichtege Phenomeen ass, och wa mer dat vergiessen.

Dann natierlech hu mer grad an de rezente Joerzéngten eng grouss Ännerung natierlech. Mir hu vill méi nach Migratioun. A mir hu gréisstendeels eng aner Zort. Déi Leit, déi heihinner kommen, den Här Buergermeeschter huet et ugeschwat, sinn Talenter. Et ass gréisstendeels héichqualifizéiert Immigranten, déi heihinner kommen an déi am Kader natierlech vum Finanzsecteur dann och de Wuelstand vum Land. De Bilan migratoire, hunn ech Iech, déi nei heihinner komm sinn, dat sinn 220.000 Leit méi, déi agewandert sinn, wéi déi, déi ausgewandert sinn. An dat ass nëmme vun 1989 un. An natierlech och op där aner Säit hu mir Integratiounsprozesser. Zënter 2009 hu mer 130.000 Leit, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit erworben hunn iwwert déi verschiddenste Weeër.

Ech mengen, komme mer vum Sujet eebe bei d'Grënn. Ech mengen den Här Buergermeeschter huet d'Grënn fir d'Stad Diddeleng. Ech menge fir d'Uni Lëtzebuerg, firwat d'Uni Lëtzebuerg esou ee Léierstull begréisst a wichteg fënnt. D'Uni besteet elo 20 Joer. Mir si virun allem eng Recherche-Uni. Mee mir hunn och Enseignement, mir bidden net alles un. Mir hu mëttlerweil 1.000 Doktoranden op der Uni, dat heescht, déi Recherche da maachen. Mir si mëttlerweil mengen ech och international unerkannt. Déi Doktoranden hunn och déi verschiddensten Nationalitéiten. Bei eis an eisem Zenter C2DH, mir sinn ongeféier zu 130. Mir hu keng 116 Nationalitéite wéi Diddeleng, mee mir hunn der awer 47 a vun alle Kontinenter. A wichteg ass, ech mengen d'Uni huet sech awer, mir hunn eng éischt

Phas gehat, wou mer ganz vill gewuess sinn, mee bon, och dat ass haut zu Lëtzebuerg, net méi alles ass méiglech, dat heescht, och d'Uni mécht Choixen. An eis Choixen, dat ass an den nächsten 20 Joer op dräi Domainer ze schaffen. Dat ass déi digital Transformatioun, natierlech, mer hunn elo nach en Assistant Prof accordéiert kritt, fir eis an der Artificial Intelligence mat Geschicht vermëscht.

Deen anere Beräich, wou d'Uni an den nächsten 20 Joer staark wäert schaffen, ass alles wat ronderëm Medezin a Gesondheet, mam Opbau vun engem ganze Studium ronderëm Medezin. An dann eeben de Beräich nohalteg Entwécklung a gesellschaftlech Entwécklung. An do ass natierlech d'Migratioun ee ganz wichtegen Aspekt. An et ass och eis Approche, souvill wéi méiglech zesummenzeschaffen. Mat de Leit lokal, mat der Lëtzebuerger Gesellschaft, mat Partner och um nationalen, mee och um internationale Plang. Firwat déi Chairen, déi gesponsert Chairen, firwat mécht d'Uni dat? Dat huet eng ganz Rei Grënn. Ech mengen dat erlaabt eis, déi Recherche an d'Exzellenz vun där Recherche wierklech nach méi schnell weiderzedreiwen, awer och e sozioekonomeschen Impakt ze hunn. Et erlaabt eng Relatioun, déi à long terme ass, eng dauerhaft Relatioun mat Partner, mat wichtege Partner hei am Land. Dann natierlech och ass et fir d'Partner d'Méiglechkeet, eng Visibilitéit ze kréien. Et ass awer och effektiv domat verbonnen, datt déi, déi mer ausbilden, eis Studenten a Studentinnen och eng Rei Leit da kënne rekrutéiert ginn an enger Stad eebe wéi Diddeleng. An natierlech erlaabt et och, all dat Wëssen, dat neit Wësse wat mer schafen iwwer Migratioun an Integratioun un de Partner weiderzeginn. Fir eis sinn natierlech déi Finanzementer an deene strateegeschen Domänen zentral.

Den Haaptgrond ass natierlech, an den Här Buergermeeschter huet et schonn ugeschwat, ass, datt d'Migratioun haut en internationale Phänomen ass, deem seng gesellschaftlech Bedeitung mer onbedéngt mussen analyséieren an och besser versichen ze verstoen. Et geet ëm Mobilitéiten. Ech hu mat menge Beispiller vun deene Mobilitéiten, Zirkulatioune geschwat, vun de Grënn firwat Leit heihinner kommen. Mir hunn awer och haut global Entwécklungen. Wéi, ech hu schonn dovu geschwat, d'Flüchtlingskrisen. Mir hu mëttlerweil, wéi mer wëssen, Migratioun wéinst Klimaverännerungen, déi sech och nach wäerte verstäerken. Mir hunn, mengen ech, ganz wichteg, Fuerschung ze féieren iwwer Integratioun oder Inklusioun. Mir hu jo scho geschwat, den Här Buergermeeschter huet et schonn erwäänt, ech kommen duerno nach drop zréck, d'Terminologien déi ännere mat der Zäit.

Fréier, am Ufank ass geschwat gi vun Assimilatioun, duerno vun Integratioun, haut vun Integratioun. Mee ech mengen, dass et wichteg ass, wat een dorënner versteet. An et ass e wichtege Sujet. A fir mech huet Integratioun eng ganz Rei vu Bedeitungen. Mir schwätzen, an ech menge mir musse méi doriwwer gewuer ginn, wéi et ass mat der struktureller Integratioun vu Leit, déi nei heihinner kommen. Domat mengen ech d'Integratioun an den Aarbechtsmaart, an d'Ekonomie, an eise Système éducatif, an de Logement, mee och an d'Institutiounen. Mee dat ass just ee Volet. En anere Volet ass kulturell Integratioun. Dat heescht zum Beispill Sprooche léieren, fir kënnen en aktiven, eng aktiv Roll an der Gesellschaft ze hunn. Sozial Integratioun. Dat heescht, wéi ass et um Niveau Privatbezéiungen an och do versichen, wéi gesot, en Deel vun der Gesellschaft ze ginn. Oder identifikativ Integratioun, inwiefern natierlech e Sentiment d'appartenance sech och zu nationale Strukturen a lokale Strukturen sech entwéckelt.

Mir hunn nei Entwécklungen natierlech. Dat wat een Diaspora digitale nennt. De Fait, datt Mënschen, déi an e Land kommen, natierlech haut iwwert déi digital Moyene souwuel hei wéi iergendzwousch anescht sinn. Dat heescht, ech kann eigentlech an der ganzer Welt mat menge Familljememberen, mäi Papp ass ëmmer nëmmen am Summer mat eis zréck dann an Italie gaangen. Haut kanns de digital permanent an dengem Herkunftsland oder bei Familljen, déi dann och oft verspreet sinn iwwer verschidde Länner, am Kontakt sinn. Dat heescht, wéi gesot, e ganz grousst Feld an e ganz wichtegt Feld, wou mer Recherche driwwer maachen. Dat Ganzt gesi mer wierklech wéi eng strategesch Kollaboratioun. An dofir hu mer déi Konstruktioun och vun deem Léierstull op dës Aart a Weis gemaach. Bon, et ass esou, viru kuerzem hunn ech e gewëssen Alter kritt, 60 Joer. An d'Iddi, déi an engems mat där Chaire hei verbonnen ass, déi ech déi nächst Joren, wann den Accord besteet, wäert iwwerhuelen, ass, datt dat awer och eng Méiglechkeet ass, an déi mer och gebraucht hunn, fir datt d'Uni dee Léierstull duerno perenniséiert. Dat heescht, datt wann ech an d'Pensioun ginn, datt d'Uni dee Léierstull Histoire et Migrations mat der Gemeng Diddeleng, mee datt eigentlech deen nächste Professer am nächste Plan quadriénal vun der Uni ass a vun der Uni finanzéiert gëtt. Well dat ass mir eigentlech wichteg, datt hei eppes entsteet, wou duerno bleift.

An dat ass dat wat, wou d'Uni sech engagéiert. Den nächste Plan quadriénal gëtt d'nächst Joer diskutéiert. Dat ass natierlech haaptsächlech, dat féiert zur Konventioun mat der Regierung an d'Uni wäert deen dote Poste fuerdere fir den nächste Plan quadriénal, fir datt dee weider besteet. Den Här Buergermeeschter ass och op d'DNA vun der Stad Diddeleng agaang. Op all déi Beräicher, wou d'Stad aktiv ass schonn zënter laangem. Dann den CDMH, wou ech och zënter enger Zäit am Verwaltungsrot sinn a wou mer scho ganz vill zesummeschaffen. Dat gëtt net oft gesot, well den CDMH, dat ënnerscheet e vun aneren Instituter, den CDMH huet d'Moyenen, mee natierlech net d'Moyene fir zum Beispill eng ganz professionell Kommunikatioun ze maachen. Den CDMH ass ee vun deenen Zentren, deen am meeschte mécht an am mannsten driwwer schwätzt. Mee et ass ee ganz aktiven Zenter an et ass en Zenter, dee Matbegrënner ass vun der Associatioun vun den europäesche Muséeën, déi sech mat Migratioune beschäftegt. An ech mengen dat muss ee wierklech betounen.

An, den Här Buergermeeschter huet et schonn ugeschwat, déi ganz Iddi vun deem Léierstull, vun där Konventioun, vun där Zesummenaarbecht, déi entsteet

oder ass eng Konsequenz vun der enger Saach, déi virun 30 Joer ugefaangen huet. An ech hunn Iech do eng Publikatioun, ech weess et, eng Rei vun Iech kennen se, mee 1995 fir d'Kulturjoer hunn d'Antoinette Reuter an ech selwer eng grouss Publikatioun dirigéiert, mam Numm "Itinéraires croisés Luxembourgeois à l'étranger, étrangers au Luxembourg", an dat war dat éischt Wierk, wat iwwerhaapt sech an där Form mat der Geschicht vun de Migratiounen, souwuel Immigratioun wéi Emigratioun, beschäftegt huet. An et ass och mat deen éischte Projet, wou mer da wëllen och zesumme maachen, ass eng Neioplag eigentlech vun deem Wierk, 30 Joer duerno, wéi ass et haut mam État des lieux par rapport zu deene Froen. An de leschte Joren hu mer flott, och digital, deelweis digital a Multimedia-Ausstellungen, den C2DH mam CDMH gemaach, "Être d'ailleurs en temps de guerre", Diddeleng zur Zäit, a Migratioun zur Zäit vum Éischte Weltkrich. 100 Joer Russen zu Lëtzebuerg. Am Moment leeft eng Expo iwwer Lëtzebuerger a Rumänien am 20. Joerhonnert oder rezent de Multimedia-Projet Moving Lusitalia.

Den Diddelenger Zenter huet awer och eng Bibliothéik, huet fir allem och eng Risekollektioun, en huet immens vill Archiven. An d'Gemeng Diddeleng huet immens vill Archiven, déi mat Migratioun zesummenhänken. Ech hunn elo hei eng Déclaration d'arrivée vun engem Member vun der Famill Capellari, déi Der kennt. Et ass awer schonn an den 90er Joren déi faméis Datebank Bami, laang éier jiddweree vum Digitale geschwat huet ass hei schonn eng Datebank gemaach ginn zu de Recensementen. A mir sinn amgaangen, och am Kader vun enger Konventioun mat der Gemeng Diddeleng, ze numeriséieren, d'Carte de résidents étrangers an alles wat mer vun nominative Sourcen, déi ganz wichteg sinn, fir Migratioun ze studéieren, do hu mer natierlech eng Zesummenaarbecht mat eisem digitalen Zenter, dee ganz wichteg ass.

Voilà. D'C2DH, déi Zesummenaarbecht reit sech och an, mengen ech, an déi Ziler, déi souwuel eisen Zenter huet wéi den CDMH. Ech menge mir, 2016 ass eisen Zenter gegrënnt gi fir, ënner anerem, mir hu véier verschidden Achsen, Lëtzebuerger Zäitgeschicht, Europäesch Zäitgeschicht, ëffentlech Geschicht an digital Geschicht. An der Lëtzebuerger Zäitgeschicht geet et haaptsächlech drëm, datt mer wierklech en neit Wësse schafen iwwer Phänomener, déi och net nëmme fir Lëtzebuerg interessant sinn, mee och komparativ op engem internationale Plang. A Migratioun gehéiert ganz sécher dozou. Dann hu mer awer och dat entwéckelt, wat Public History heescht. Dat heescht haut ass et esou, datt, mir sinn net an engem Elfebeintuerm, mee mir wëlle mat de Leit zesummen, mam Public op der Geschicht schaffen.

An deen drëtte Volet ass natierlech, datt mer och eng Plattform wëlle sinn, fir mat neie Methoden, ech hu vun Artificial Intelligence geschwat. Dat erlaabt eis zum Beispill ee Programm, deen Der vläicht kennt, heescht Transkribus. Dat heescht, mir huelen alles, wat hei vun Archive besteet a wat oft handgeschriwwen ass, déi Artificial Intelligence erlaabt eis haut, dat transkribéieren ze loossen, ouni datt mir et als Chercheur musse maachen. An dat sinn Dausenden, Zéngdausende Fichen, dat geet dann natierlech vill méi schnell. An dat kënne mer da mam Zenter, d'Exposition temporairen, Studenten. Ech hunn elo zwee Seminairë vu Februar un, wou mer an deem enge Seminaire wäerte schaffen op där Binnemigratioun, mol eemol eppes anescht. All déi Leit, déi aus dem Éislek, Zentrum vum Land hei op Diddeleng, mee och op Déifferdeng komm sinn. An en zweete geet ëm d'Geschicht vun eenzelnen Haiser, wou mer dann och eis Studenten hei op Diddeleng matbréngen.

Voilà, interessant ass natierlech och déi verschidde raimlech Optiken, déi mer wäerten hunn: Diddeleng, Lëtzebuerg, Groussregioun, Europa an d'Welt. Termen, déi effektiv déi ganz Terminologie, déi geännert huet, awer och eis bewosst sinn, datt den Haaptraum trotzdeem, historesch an och haut mengen ech ëmmer nach, wou Migratioun stattfënnt, schlussendlech 80 bis 100 Kilometer sinn. Dat ass wierklech hei d'Groussregioun, wou souwuel fréier wéi haut ëmmer nach en Haaptmigratiounsraum ass. Kuerz wat mer zesummen, mengen ech, maachen an den nächste Joren. Bon, dat sinn d'Publikatiounen. Et ass awer och eng Revue, déi mer wäerten um Internet hunn. Eng Revue, wou mer eigentlech all Mount wëlle souwuel Recherchë presentéieren, déi mat Migratioun ze dinn hunn, mee och Statistiken, Donnéeën iwwer Migratiounen, souwuel Lëtzebuerg wéi Groussregioun, Kaarten, mee awer och kucke Representatioune vun der Migratioun an de Medien, Informatiounen iwwer Ausstellungen a Colloquen, Fuerschungsprojeten hei an der Groussregioun.

Voilà, Elementer vun Organisatioun vun der Chaire. Dat ass, wéi ech gesot hunn, d'Chaire an enger éischter Phas géif vu mir iwwerholl ginn. Finanzéiert ginn ech vun der Uni respektiv vum Staat. Bon, ech sinn ee vun deenen, deen als Fonctionnaire 2003 op d'Uni eriwwergaangen ass, ech sinn da bliwwen. Doduerch ass et souwuel Uni wéi Staat. Duerno géif dee Professer oder déi Professorin vun der Uni Lëtzebuerg finanzéiert ginn. Dann d'Ékipp de recherche sinn zwee Postdoc, dat heescht zwee erfare Chercheuren, déi agestallt ginn op véier Joer, déi da finanzéiert géife gi vun der Stad Diddeleng. Eng Doktorandin, déi finanzéiert gëtt vun der Uni, an déi natierlech och duerno, déi eng Thees schreift iwwer Migratiounen, Geschicht, Migratiounen an déi dann no véier Joer och ka publizéiert ginn. Et ass awer och d'Iddi, wat mer bei eis am Zenter oft maachen, dat heescht, mir sinn am Kontakt mat auslännesche Fuerschungszentren. An déi luede mer a bei eis op d'Uni, fir zwee Méint, fir dräi Méint. Natierlech mussen se e Projet hunn. An hei ass d'Iddi, fir ze kucken, datt mer zesummen, ech mengen hei ginn et Lokalitéiten, datt mer, natierlech dat si scho Professeren, oder eng Mëschung kann een sech och do virstellen, Postdoc, Professeren, Doktoranden, déi op eng Projet Geschicht zum Beispill Migratioun zu Diddeleng komme bei eis, also hei dann zu Diddeleng kéinte beherbergt ginn. Dat ass eis wichteg, datt mer déi Zesummenaarbecht hunn.

Geplangt ass och e Projet, en éischte Recherche-Projet, wou ech wäert eraginn awer och mat de Kolleege vun der Uni Lorraine am FNR. Dat ass de Fonds Na-

tional de la Recherche, e CORE-Projet, wat e gréissere Projet ass, mat der Iddi, mir haten dat virun zéng Joer, do war et technesch nach net méiglech, mee eis Haaptiddi ass, e Programm ze entwéckelen, wou eis erlaabt, d'Migranten eigentlech net nëmmen an engem Land, mee eigentlech duerch d'ganz Welt ze suivéieren. Mir wëssen, oder Dir wësst dat och vläicht vun Ärer Familljegeschichten, Dir hutt zum Beispill Italieener, déi kommen op Diddeleng, mee d'Italieener wollten net op Diddeleng, déi wollten an Amerika. Dat war d'Zil Amerika. A vill ginn da weider an Amerika. Mir hunn aner Fäll, déi mer konnten iwwer d'Datebank och vun Diddeleng erëmfannen, wou Leit aus Russland, iwwer Schëffer. An dat alles gëtt et haut am Internet zum Deel. An déi Lëschten, dat sinn nominativ Lëschten, dat heescht dee Programm ass fir dat ze verfollegen.

Eppes anescht, wou mer och Ufank nächst Joer direkt eraginn ass e Projet de recherche Erasmus+. Dir kennt vläicht Erasmus+, dat ass eeben an deem Feld Migratioun an Integratioun e Projet ze entwéckele mat dem CDMH, mat awer och aneren Unien, déi awer méi praktesch orientéiert sinn. D'Kolleege vun den Uni Lorraine hunn elo zum Beispill ee Projet eraginn, wou et drëm geet, Leit ze forméieren an de Schoulen. Dat heescht souwuel Schüler wéi Proffen, wéi gi mer ëm mat där Diversitéit, déi ëmmer méi grouss gëtt? An déi Finanzementer kann ee vun der EU kréien. Expoen natierlech, Publikatiounen ass e weidere wichtegen Deel. Publikatiounen natierlech a renomméierte Revuen. Dann Enseignement. Dat si Seminaire a Master. Mir hunn ee Master an Europäescher Geschicht. A mir hunn elo en neie Master an digitaler Geschicht a Public History, wou ech eeben, elo mat deem Digitale geet et wierklech drëm, datt se en interaktiven Documentaire entwéckele ronderëm d'Geschicht vun engem Haus, wou, ob dat elo aus dem Quartier Italien oder aus der Hiel an Esch ass, dat ass dat, wat mer dëst Joer do um Programm hunn. A wou mer dann ofwiesselnd zu Diddeleng an op der Uni d'Seminaire wäerten ofhalen.
Voilà, dat ass mengen ech den Iwwerbléck vun dësem wierklech flotten a spannenden an och ambitiéise Projet.

Zum Schluss zum Budget. Do, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, eigentlech d'Politik vun der Uni ass eeben déi, datt wann esou eng Chaire finanzéiert gëtt, ass de Chiffer, deen awer elo ännert. Bon, glécklecherweis fale mir nach ënnert deen aktuelle Chiffer, dat war bis elo eng Millioun Euro, wou een huet misse ginn, fir esou eng Chaire ze finanzéieren, dat gëtt elo op zwou Milliounen Euro verduebelt. Respektiv, wann et sech ëm eng Entreprise handelt, ass de Chiffer nach méi héich. Dat ass, déi eng Millioun si wéi gesot haaptsächlech fir déi zwee Postdocen ze finanzéieren. Da bleift nach iwwereg e Fonctionnementsbudget vun ongeféier 30.000 Euro pro Joer. Dat ass dat wat d'Stad Diddeleng finanzéiert. D'Uni Lëtzebuerg finanzéiert natierlech mäi Posten. Bon, wéi gesot, ech gi vum Staat bezuelt an ech wëll lech awer berouegen, leider kréien ech net déi Suen, déi do stinn, dat ass de Coût standard.

Meng Pai ass ëmmer nach déi vun engem Lycéesproff, an ech si ganz zefridde mat där Pai. Mee et geet awer net an déi doten Héichten an. Da finanzéiere mer, och dat si Coût standarden, een oder eng Doktorandin, Student Assistant, also eis Studente kënne bis zu 15 Stonnen d'Woch, kënne se schaffen, also géint Bezuelung. An dann, wat d'Uni an dësem Fall iwwerhëlt, ass dat wat ee 25 % Overhead, dat heescht alles wat vu Käschten usteet, well d'administratiivt Personal, Benotzung Imprimanten, Computeren, déi zur Verfügung gestallt ginn, do ass et och esou, datt dat an dësem Fall d'Uni iwwerhëlt. Sou datt do eeben da mer op e Käschtepunkt vun iwwer 1,5 Millioun kommen. An dësem Fall ass och, well d'Propriété intellectuelle bei der Uni läit, de Virdeel dovunner ass, datt mer keng TVA hei brauchen ze bezuelen, dat heescht déi 17 % TVA falen ewech. Voilà. Ech hoffen, datt ech e klengen Iwwerbléck konnt ginn zu dësem wierklech passionante Projet och fir eis. Voilà. An ech huelen un et si Froen. Ech stinn zur Verfügung natierlech.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, villmools merci fir d'Erklärungen an och nach weider Explicatiounen zum deem heite Léierstull. An ech mengen, voilà, elo ass d'Diskussioun natierlech op, wa Froe sinn, Remarken dann ass elo de Moment.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci, fir d'Wuert, Merci, fir d'Presentatioun, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, Migratioun stellt net nëmme mobil Bevëlkerungsbeweegungen duer, mee eng komplex Interaktioun tëschent sozialen, wirtschaftlechen a kulturelle Facteuren. Am Fall vu Lëtzebuerg a ganz besonnesch Diddeleng, dat bekannt ass fir seng héich Migratiounsraten, huet Migratioun eng entscheedend Roll gespillt fir d'Land vu senger industrieller Revolutioun bis zu sengem aktuelle Status als Finanz- an europäeschen Zentrum ze gestalten. Wéi de Buergermeeschter scho gesot huet, gehéiert d'Migratioun zur DNA vu Lëtzebuerg an Diddeleng. Den CDMH zu Diddeleng ass eng wichteg Ulafstell fir d'Opaarbechtung vun der Geschicht vun der Awanderung zu Diddeleng an zu Lëtzebuerg. Den CDMH organiséiert Fuerschung, ausserdeem Konferenzen, Ronndëschgespréicher a villes méi. Den 22. Mäerz goufe mir doriwwer informéiert, datt d'Stad Diddeleng wäert finanziell Hëllef fir d'Gehälter an oppene Rechnunge vum Centre de Documentation sur les Migrations Humaines bereetstellen, nodeems d'Fongen ënnerschloe goufen. De Schued läit tëschent 100.000 an 200.000 Euro.

Wou si mir do mat deem Audit drun, läit deen Audit scho vir? Den Detournement weist, datt et an der Vergaangenheet e Manktem u Kontrollmechanisme gouf. D'Konventioun proposéiert keng zousätzlech Moossnamen, fir esou Problemer an Zukunft ze verhënneren. En plus steet an der Konventioun dran: Membre du Conseil scientifique vum CDMH-ASBL wier e Renouvellement en cours. Wou si mir domadder drun? Sinn déi Leit scho bestëmmt? D'Recherche spillt eng entscheedend Roll fir d'Gesellschaft, well se neit Wësse schaaft an erméiglecht, Problemer a Léisungsusätz ze entwéckelen. Si hëlleft historesch a kulturell Zesummenhäng besser ze verstoen, wat speziell am Kontext vu Migratioun a gesellschaftlecher Transformatioun wichteg ass. Ausserdeem fërdert d'Recherche Innovatioun an dréit zur Bildung a Sensibiliséierung vun der

Bevëlkerung bäi. Mat der Chaire ënnersträicht d'Uni Lëtzebuerg d'wichteg Bedeitung vun der Thematik vun der Geschicht vu Lëtzebuerg a Migratioun insbesonnesch. Grad an dësen Zäiten ass d'Sensibiliséierung iwwert d'Geschicht an d'Migratioun immens wichteg.

Doropshi stellt sech follgend Fro: Ass beim Staat, beim Kulturministère, beim Héichschoulministère nogefrot ginn, ob si déi Chaire Histoire et Migrations wéilte finanziell droen, well et grad, wéi schonn ugedeit, en nationale Sujet ass. Eng Chaire ëmfaasst Coursen op der Uni ze halen, Planungen, Fuerschung. Mir fanne Fuerschung immens wichteg. Ech mengen ech hu selwer laang Zäit an der Fuerschung geschafft. Coursen, Seminairen an Atelieren, déi am Kader vun der Chaire C2DH Luxembourg Center of Contemporary and Digital History ugebuede gi si fir d'Studenten op allen Niveaue geduecht. Doriwwer eraus ëmfaassen se Aktivitéiten, d'Iwwerwaachung vun Thesen a Memoiren. Mee mir froen eis wéisou d'Gemeng sech beim Finanzement vun dëser Chaire bedeelegt. An der Konventioun steet dran, mir géife vun der Chaire zwee Postdocs bezuelen. Wie sicht déi Postdocs eraus? Si scho Kandidaten op deem Projet, vu dass en den 1. Januar uleeft?

D'Ziler si breet gestallt, awer et feelt u konkrete Miessunge vum Erfolleg. Wéi gëtt definéiert, ob d'Kooperatioun tëschent den Acteure wierklech effikass ass? Ginn et konkret Liwwerabelen? Wat soll den FNR-Co-Project da genau bezuelen herno? De Comité de pilotage besteet aus 5 Membere mat enger breeder Verantwortung fir d'Orientéierung vun der Chaire. D'Roll vum Comité ass méi orientéierend wéi kontrolléierend. Et gëtt keng kloer Reegelung, wéi de Suivi vun de finanzielle Mëttel gemaach gëtt, besonnesch no deene rezente finanzielle Problemer. Als Conclusioun: Ech stelle fest, dass sech zu där Konventioun vill Froe stellen. D'Migratiounsfuerschung hei zu Lëtzebuerg ass weesentlech fir de soziale Fortschrëtt an de kulturelle Versteesdemech, mee de Suivi vu finanziellen Irregularitéiten ass en dréngende Schrëtt éier weider grouss Investitioune gerechtfertegt kënne sinn. Merci fir d'Wuert.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Ma spéitstens d'nächst Woch bei der Budgetsried, da wäert de Buergermeeschter nees esou maachen, wéi wann d'Oppositioun ëmmer all déi selwecht Meenung hätt a seet, et ass awer elo komesch, dass déi eng méi investéiere wëllen an déi aner manner. Da kënne mer elo scho beweisen, dass d'Oppositioun net enger Meenung ass an dass mer do ganz ënnerschiddlech Stellunge kënne bezéien. Ech wëll als Éischt villmools merci soe fir de Virtrag vum Här Scuto, deen och wierklech ganz interessant war an och weider Ablécker ginn huet an d'Iwwerleeungen, déi an déi Konventioun do mat agefloss sinn.

Jo, eng Millioun Euro op fënnef Joer, dat si vill Suen, dat muss ee sou soen. Mir krute virdrun de Budget virgestallt. Et ass elo nach net kritesch, mee wéi gesot, eng Millioun Euro, dat si vill Suen. Als déi Lénk si mir awer der Meenung, dass deen Invest definitiv derwäert ass. A mir felicitéieren och dem Schäfferot, fir de seriöen a konsequenten Effort vun der Gemeng eeben ze maachen als Bäitrag zur Fuerschung an zur Sensibilisatioun vun der Gesellschaft op dësem Dossier.

An der Konventioun hunn ech nach eng Kéier gelies, dass de Centre Doc eigentlech Ufank den 90er gegrënnt gouf als Initiativ aus der Zivilgesellschaft opgrond vun där opkommender rassistescher Stréimung, déi an den Enn den 80er Joren ëmmer méi opkomm ass. An an deem Kontext ass grad elo, mengen ech, d'Grënnung vun enger Chaire fir Geschicht a Migratioun méi wichteg wéi jee. Den Här Buergermeeschter huet virdru vu reaktionäre Kräfte geschwat. Ech schwätzen och vu rassisteschen Tendenzen, déi iwwerall ëmmer méi opkommen a méi Opschwong hunn an déi op fruchtbare Buedem aus Angscht an Onsécherheet gräifen. An dat ass natierlech alles méiglech, gréisstendeels duerch Onwëssenheet. Am November, dat ass nach net laang hier, do hu mer de Pakt vum Zesummeliewen ënnerschriwwen an deen och diskutéiert hei am Gemengerot. Och dat ass schonn ugeschwat ginn. An do hu mer och eigentlech bal alleguerte gesot, dass Migratioun eebe grad an der DNA vun Diddeleng ass.

Aleng dann elo vun 2022 op 2023 ass d'Unzuel vun den Nationalitéiten hei zu Diddeleng vun 108 op 116 geklommen. Dat heescht, mir gesinn, dass d'Migratioun enorm wichteg nach ëmmer war fir eis Stad an nach ëmmer ass. An dass et eng Realitéit ass. Eis Geschicht, eis Kultur, eise Räichtum verdanke mer deene verschiddene Wellen, an déi sinn elo schonn ugeschwat ginn, vun der Migratioun an der Geschicht. Ech hunn et interessant fonnt, well ech hunn och den Exercice gemaach wéi den Här Scuto fir de perséinlechen Hannergrond ze kucken. A wa mer eleng hei an de Raum kucken, a wa mer d'Familljennimm kucken, dann héiere mer natierlech virun allem d'Geschicht vun der staarker italieenescher Migratiounswell. Ech perséinlech muss dann do bis bei meng Urgrousselteren zréckgoen, fir italieenesch Sourcen ze fannen. Meng Grousselteren, déi sinn dann do am Banneland, soe mer mol, an den Osten ausgewandert. A meng Mamm ass zum Gléck awer och ëmmer an de Minett erëmkomm. Do sinn ech da ganz frou. Mee sou hu mir alleguerte warscheinlech heibannen eis Migratiounsgeschicht. A fir déi Erausfuerderunge fir haut an awer och fir muer unzegoen, musse mer eeben aus der Geschicht léieren. Mir mussen d'Realitéit, d'Erfolleger a vläicht och d'Schwieregkeeten, déi et an der Geschicht gouf, kennen a fir dann do eis Léieren hoffentlech dorausser ze zéien.

An dowéinst fanne mer et immens spannend, dass dann elo soll, den Här Buergermeeschter huet geschwat vun enger permanenter Ausstellung, déi da vläicht eng Kéier géif kommen, wou dat heiten den éischten Usätz wier. Da sollen awer och hei Broschüren a Konferenzen erauskommen. An dat alles menge mer, dass dat immens interessant ass an immens wichteg. Dowéinst ënnerstëtze mir d'Schafe vun dëser Chaire, déi jo dann als Supplement zur Ënnerstëtzung fir de Centre Doc ass, déi jo nach ëmmer weiderleeft, well och dat ass wichteg, dass déi Aarbecht och weidergeet, onofhängeg elo vun dëser Chaire. Ech hunn dann och an der Konventioun gelies, an et ass och ugeschwat ginn, dass eng strategesch Reorientatioun am Raum steet,

fir wierklech a Richtung vun engem nationale Musée ze goen. Ech hu mer opgeschriwwen, Zitat, "Et ass dee Musée, deen am meeschte mécht an am mannsten driwwer schwätzt". Vläicht misst een do eppes drun änneren, dass ee méi driwwer schwätzt. Well et stëmmt jo dass de Centre Doc eng international ganz grouss Renommée huet eigentlech an eng ganz wichteg an eng ganz gutt an eng ganz villfälteg Aarbecht mécht. An et ass eebe wichteg, dass déi weidergeet a sech weiderentwéckelt. A vläicht kéint et awer do schonn emol den éischte Schratt sinn, dass een d'Expositiounen net nëmmen op Däitsch an op Franséisch mécht, mee och op Englesch, fir dass een dann och do, fir dem Public méi entgéintzekommen, méi Méiglechkeete schaaft.

Ech hat mer e puer Froen notéiert. Zum engem hunn ech gelies, dass d'Gemeng Proprietär vum Centre Doc wier. Eisen Informatiounen no war dat nach ëmmer d'CFL. Do wollt ech einfach froen, ob dat an de leschte Jore geännert huet? Ob dat Gebai verkaf gouf un d'Gemeng oder verschenkt oder verlount, ech weess et net? An dann hat ech nach e puer Froen zu de Suen. Mee déi sinn eigentlech elo beäntwert ginn, nodeems mer dee Budget do gesinn haten. Deen hate mer leider net an eisem Dossier dran. Deen ass ganz interessant. Ech hat mech nämlech gefrot, firwat d'Postdocen a véier Joer ginn, wa mer fënnef Joer Lafzäit vun der Konventioun hunn. Mee dat erkläert sech dann doduerjer, dass déi eeben am Laf vum Joer e bëssen ufänken an och e bësse versat. An ech hat mech och gefrot duerch Indexéierung, ob dat den Impakt hätt op déi Suen, déi mir géingen an déi Chaire investéieren. Mee do gesinn ech, dass do den Index och scho mat aberechent ass an dass dat dann einfach, wann et Salairëméikäschten ginn, dass dat da vun de Frais de fonctionnement schéngt ofgerechent ze ginn. Dat heescht, dass mer wësse wat mer an deenen nächste fënnef Joer wäerte bezuelen, an dat ass déi eng Millioun. An da wär meng lescht Fro eigentlech: D'Uni gesäit vir, déi Chaire do ze perenniséieren. Wéi gesäit dann no Oflaf vun deene fënnef Joer Konventioun d'Zesummenaarbecht mat der Gemeng aus? Ass dann do scho virgesinn, dass déi soll verlängert ginn? Oder dass déi dann onofhängeg vun der Gemeng leeft? Voilà. Dat wär et vun eis. Op alle Fall si mir ganz frou, dat heite kënne matzestëmmen. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ma jo, merci, fir d'Wuert. Et gëtt jo ëmmer gesot, en Diddelenger kriss de net méi aus Diddeleng eraus. Do sinn ech da gespaant, herno ob dat eppes ass, wat wierklech stëmmt oder ob dat e Mythos ass, deen eis nogesot gëtt. Well d'Migratioun jo effektiv dann och dat dote beinhalt. Ech wollt op jidde Fall Merci soe fir déi flott an interessant Presentatioun. Ech sinn och der Meenung, also mir sinn der Meenung, dass dat doten eng wichteg an eng gutt Aarbecht ass, déi do am Raum steet. A virun allem am aktuelle Kontext. Ech menge mat deene beonrouegenden Entwécklungen an der ganzer Welt, Europa, Lëtzebuerg an zum Deel och vum Toun hier, deen a verschiddene Parteien, och hei am Land, och hei am Gemengerot vertrueden, herrscht, denken ech, ass et wichteg, dass d'Thema Migratioun, dass dee Pilier einfach vun eiser DNA, wéi de Buergermeeschter et gesot huet, erfuerscht gëtt an dat op wëssenschaftleche Been herno steet. An dass herno virun allem Fakte viru Virurteeler stinn an dat ze promouvéieren an dat an de gesamtgesellschaftlechen Discours mat eranzebréngen, dat schéngt eis eng immens wichteg Aarbecht ze sinn an dofir begréisse mir dat doten ausdrécklech.

Mir ënnerstëtzen an hoffen dann och, dass dat national zu engem groussen Thema gëtt. Well jo, dass sech eeben einfach verschidde Leit ganz bewosst gi vu wou mir hierkommen als Gesellschaft och, an dass dat einfach erëm eng grouss Plaz an eiser Gesellschaft kritt, dass d'Thema Migratioun, esou wéi se de facto einfach stattfonnt huet, ech mengen et ass jo de Réckbléck, den Ist-Zustand an och den Ausbléck vun der Migratioun, dass dat emol erëm eng Kéier méi an den Zentrum geréckelt gëtt an dass dann och den Discours, deen doten Discours, dee wëssenschaftlechen Discours, awer d'Comptoirsgespréicher am ëffentlechen an och am digitale Raum e bësse méi kann an den Eck stellen, well déi aner Tendenz kritt am Moment e bëssen Opwand. An ech fanne genau sou Initiativen ewéi dat doten immens wichteg, fir deem Paroli ze bidden a vläicht fir dat emol erëm eng Kéier ze cadréieren, vu wou een da wierklech hierkënnt.
Zu eise méigleche Froen, déi mer eis opgeschriwwen haten. Ech mengen d'Budgetsfroen, effektiv vun deene wou bleiwen, ass elo keng méi do. Dee Slide do war relativ informativ an zimmlech gutt. D'Fro, déi ech elo just net ganz erauskritt hunn, vläicht och well ech mat den Notizen oder esou net ganz hei matkritt hunn: Gi mir reegelméisseg och als Gemengerot au courant gehalen iwwert d'Fortschreite vun deem Ganzen, vun deem Plan d'action, deen do ofgeschafft gëtt. Gi mir do au courant gehalen oder ass dat éischter iwwert dee Site, iwwert d'Publikatiounen an iwwert déi Presentatiounen, déi stattfannen, wou mir och à jour gehale ginn? Bon, dat wier et elo mol gewiescht wat ech mer opgeschriwwen hunn. Ech soe Merci. Voilà.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Jo, merci, Här Buergermeeschter fir d'Wuert an da pardon fir meng Stëmm. Jo, villmools merci fir dee flotte Virtrag an deenen zwee Häre fir de Besuch haut. Diddeleng huet jo eng laang an interessant Geschicht, wa mer dat elo hei esou héieren hunn. Ech selwer si jo net hei gebuer. Dat heescht, ech sinn och heihinner immigréiert. Wat mer awer elo interessant geschéngt huet virdrun, well et jo och gesot ginn ass, d'Zäiten änneren, an haut ass alles an deem digitalen Zäitalter. Dat heescht, dat Hin- an Hierreesen, Plënneren, dat war virun honnert Joer eng grouss Saach, wann een dann aus engem Land, Deel vum Land heihinner komm ass. Haut ass dat net méi de Fall.

Jiddweree mengen ech heibannen huet sech awer och e bësse Gedanken iwwert esou seng eege Geschicht gemaach. Ech hunn eng atypesch Geschicht, lauter Lëtzebuerger, ech hat mäi Stammbam eng Kéier gemaach. Allerdéngs ware mir awer och dobäi, wéi am 19. Joerhonnert dann och en Deel vun eiser Famill vu Gréiwemaacher an Amerika gaangen ass. An dofir ass dat mengen ech eppes, wat Migratioun, Immigratioun, dat ass eppes mengen ech, wat jiddweree beréiert, och

betrëfft. An dofir ass et och esou eng wäertvoll Saach, mengen ech, déi hei gemaach gëtt fir eng Gesellschaft. Fir ze wësse wou komme mer hier, wie si mer, wou gi mer hin? Am Mëttelalter, am Industriezäitalter, ëmmer scho gouf et hei zu Diddeleng och Zouwanderung. Dat hu mer haut elo schonn e puer Mol héieren.

An am Ufank vum 20. Joerhonnert, dat war interessant hei erauszefannen, och an den Ënnerlagen, waren aacht vun zéng Diddelenger net hei gebuer. Si koumen aus anere ländleche Gebidder, aus der Äifel, aus der Belsch, aus der Lorraine, vereenzelt mol aus Italien oder aus Éisträich, Ungarn. Ma richteg lass gaangen ass et dann awer dunn och mat der Schmelz. An esou sinn och Quartier Schmelz an Italien mat Tattebierg quasi explodéiert. An et ass och net fir näischt, datt Diddeleng dann 1907 zu enger Stad eropgehuewe ginn ass. Esou hu mer eis ganz schnell vergréissert. A mir waren da sécher schonn deemools e regionalen Entwécklungszenter. An dowéinst hu mer dann den Titel vun der Stad kritt. A mir hunn déi Roll eigentlech ëmmer nach. Dat heescht, Diddeleng ass e wichtegen Acteur regional an och am Land. Wann et dann ëmmer erëm Geschichten och vu Messerpickereien am Quartier Italien gi sinn, sou steet deen, an och aner Quartieren, awer och fir eng multikulturell, divers an oppe Gesellschaft. Méi wéi 100 Nationalitéiten, mir hunn et haut schonn elo héieren, 116 sinn et der am Moment, liewen haut zu Diddeleng. A vun den Diddelenger vun haut hu wéinstens 67 % een Elterendeel, deen am Ausland gebuer ass. Haut gëtt Diddeleng also beschriwwen als "Cité idéale des migrations au Luxembourg qui à travers son passé a participé au mouvements majeurs". Dës gelongen Diversitéit ass de Grond, firwat d'Wëssenschaftler op Diddeleng opmierksam gi sinn. Et ass onheemlech interessant, net nëmme fir si, mee och fir eis, fir d'Zuelen emol genee ënnert d'Lupp ze huelen. Immigratioun, Integratioun. Wat ass genee passéiert fréier? A wat passéiert haut? Wat sinn d'Facteuren, wéi Integratioun funktionéiere kann? Mir begréissen och d'Sensibiliséierungscampagne mat de Bierger a freeën eis schonn op d'Ausstellungen, d'Diskussiounsronnen a Seminairen.

Als Presidentin vun der fréierer Integratiounskommissioun, déi sech haut "Commission du vivre ensemble" nennt, ass et mer eng Häerzensugeleeënheet, fir sech do genee domadder ze beschäftegen. Sech kenneléieren heescht verstoen. A béid Richtungen. Heescht Ängschten ofbauen, fir sech fireneen ze interesséieren. Esou entsteet Respekt, Toleranz a friddlecht Mateneen, trotz a vläicht grad mat kulturellen Ënnerscheeder, well et mierkt een, datt mer och Villes, ganz Villes gemeinsam hunn. Ech ka mech erënnere virun e puer Joer, do war eng Kéier hei op der Fest San Joao vun eiser portugisescher Communautéit, de portugiseschen Ambassadeur eng Kéier op Besuch. An ech hat dann och Geleeënheet, fir mat him dann e puer Wierder auszetauschen. An do hate mer och eeben driwwer geschwat, datt eis eeben als Gemeng och dee Vivre ensemble do um Häerz läit. A fir hie war deen Ausdrock nei. Deemools ass et ëmmer nach, an d'Kommissioun huet och esou geheescht, ëm Integratioun gaang, ëm Assimiléierung, eeben net dee Vivre ensemble. An ech weess, datt hie ganz beréiert war iwwert déi Astellung, déi mir deemools schonn haten an déi sech erkläert duerch eeben eis Geschicht.

Zweetens si mer awer och besonnesch frou an houfreg och drop, datt "eisen" Centre de Documentation des Migrations Humaines, deen hei virun 30 Joer als ASBL ugefaangen huet, elo e feste Partner an dëser Entwécklung gëtt, mat senger Reorientéierung zu engem zukünftege Musée national de l'Histoire des Migrations. Et gouf scho vill Guddes iwwert dee Centre gesot an do kënne mir eis just uschléissen. Mir si frou, datt esou vill Aarbecht do geleescht gëtt. A mir soen och all deene Leit, déi sech do engagéieren, en décke Merci. Mir mengen och, datt déi Suen, déi d'Gemeng Diddeleng hei bäileet, gutt investéiert sinn. Eigentlech sinn esou wëssenschaftlech duerchgefouert an akribesch opgestallt Recherchen a Statistiken net ze bezuelen. Mir kréien a relativ kuerzer Zäit e komplett Kapitel vun eiser Geschicht opgeschafft, e Puzzlestéck, wat eis da vläicht an där vill eropbeschwierten hei DNA, wéi et scho gesot ginn ass, nach vläicht gefeelt huet.

Op alle Fall kënne mer besser aschätzen, och a puncto Logement, Ekonomie an zukünfteger Entwécklung vun eiser Stad, wat nach vläicht feelt, wat mer kënne besser maachen, u wat fir enge Schrauwe mer nach kënnen dréien. Mir als LSAP, mir stëmmen op alle Fall dëse wäertvolle Projet mat. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech selwer hu mech och e bësse mat Genealogie, also Anefuerschung beschäftegt an hu misse feststellen, dass e ganze Koup vu menge Virfaren d'Land verlooss hunn, fir op aner Plaze wéi an Amerika oder am Kanada e bessert Liewen ze féieren. Op där anerer Säit ass dann natierlech och en Aascht vu menger Famill, déi de Wee aus Italien heihin op Lëtzebuerg fonnt huet an och am Quartier Italien, dee virdrun hei ernimmt ginn ass, gewunnt huet. Et war net ëmmer einfach, awer si hu probéiert, hiert Liewen esou gutt wéi méiglech ze maachen. Ech géif och soen, dass heibannen, fir net ze soen, hei a ganz Diddeleng, jidderee betraff ass, respektiv markéiert ass duerch dat Thema Zouwanderung. Sief et duerch d'Geschicht vun der eegener Famill, sief et duerch Kolleegen, déi ee markéiert hunn. Ech sinn op alle Fall der Meenung, dass dat heiten, dee Punkt hei, muss ënnerstëtzt ginn, dass all Aarbecht, déi hei investéiert gëtt, eng gutt Saach ass, an dass déi Finanzen, déi hei bereetgestallt gi fir dat ze ënnerstëtzen, e gutt Investissement si fir eis Geschicht, eiser aller Geschicht och ze sécheren. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech hu keng Stëmm haut. Dofir wäert ech net vill schwätzen. Mee Merci natierlech fir déi Presentatioun. Et ass scho ganz Villes gesot ginn. Eis bleiwe just nëmmen nach e puer pertinent Froen. Ech hu mech gefrot, wa mir déi Etüd kréien, ass et eng Status-quo-Situatioun? Oder, well ech erkläre mech, Dir hutt virdru vum Logement geschwat a vun der Educatioun, wou d'Leit eeben, wa si op Lëtzebuerg kommen, mussen integréiert ginn, wat meeschtens e Problem ass. An deenen zwee virun allem. Maacht Dir och Virschléi an der Etüd? Oder ass et wierklech just eng Saach, wou

mer gesinn, wou mer dru sinn an da kucke mer mat aner Moyenen eebe fir et an deene Saachen dat Ganzt kënne besser ze maachen? A vläicht eng aner Fro, et deet mer wierklech leed. Ech hu mech ëmmer gefrot, an dofir profitéieren ech, datt Der elo hei sidd, ënner wéi eng Kategorie ech falen? Well ech sinn a Bulgarie gebuer.

Ech hunn awer just déi Lëtzebuerger Nationalitéit, well deemools gouf et net déi duebel Nationalitéit. Sinn ech déi 52 % oder déi 48 %? Well ech sinn awer, souzesoe Lëtzebuerger an der Statistik. Mee wéi gesot, ech si guer net hei gebuer an eréischt mat zéng op Lëtzebuerg komm. An déi aner Saach war effektiv och déi, déi mer eis gefrot hunn, ob mer keng Subventioune kréie vum Kulturministère eventuell. An, Wat hunn ech mer just kuerz nach opgeschriwwen? Jo, ech mengen dat war et. Mee op jidde Fall, jo, merci fir dës Presentatioun a merci iwwerhaapt fir de ganze Projet, wat sécherlech en immens positiven Impakt wäert hunn, och fir aner Projeten, wou mer wäerte kënnen déi Zuele mat ophuelen, fir dat Ganzt natierlech besser an eng besser Richtung ze gestalten. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci, Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech mengen et huet een hei gesinn, mat vill Häerzblutt ass iwwert deen Thema geschwat ginn, Migratioun. Et ass eng interessant Thematik, et ass eng importent Thematik. Ech mengen do si mer eis all eens. Et liest een et jo och am Titel: "Migration au Luxembourg, dans la Grande Région, notamment à Dudelange". Dat ass fir Europa, Lëtzebuerg, Diddeleng, eng importent Fro. Merci och fir déi flott Presentatioun, virun allem och dee Concept Paper, deen e bëssen esou eis weist, hei mir Diddelenger, mir sinn awer wierklech och eng Wéi vun der Migratioun a mat eis kann een och flott schaffen. An dat stelle mer alles iwwerhaapt guer net a Fro.

Mee mir denken, dass dat hei awer net nëmmen en Diddelenger Projet ass, och en nationale Projet an och en europäesche Projet. Sécher kann Diddeleng dozou bäidroen, dass déi wichteg Elementer vun der Geschicht vun eiser Stad, eisem Land, beliicht ginn, wëssenschaftlech opgeschafft ginn an och dokumentéiert an diffuséiert ginn. Mir wëssen och, wéi wäertvoll d'Aarbecht vun der Recherche ass. D'Fränzi war laang an der Recherche, mäi Meedche war och laang an der Recherche. Mir wëssen, vu wat mer schwätzen. D'Universitéit Lëtzebuerg ass e wichtege Player, huet eng gutt Renommée an e Striewen no Excellence, dat begréisse mer selbstverständlech. Awer ech denken, oder mir denken als CSV, dass Dir léiwe Schäfferot awer an der Euphorie iwwer dee flotte Projet iwwert d'Zil awer erausschéisst. Mir als Stad bezuelen hei e Léierstull op der Uni. Mir bezuelen all Joer 200.000 € iwwer fënnef Joer un d'Uni. Dat ass eng Millioun total. Domat finanzéiere mer, wéi et gesot ginn ass, zwee Postdocs fir véier Joer. A mir bedeelegen eis och um Budget de fonctionnement.

An eisen Aen ass dat net d'Aufgab vun der Stad Diddeleng. Et ass och gesot ginn, mir wären déi éischt Gemeng, déi dat géife maachen, et pour cause maachen déi aner Gemengen dat net. An eisen Aen ass eise Budget net dofir do, fir sech an d'Recherche ze lancéieren. Dat ass net eis Aufgab. Dofir sinn d'Dotatioune vum Staat, d'Taxen, déi d'Leit eis bezuelen, den Impôt foncier, déi d'Leit eis bezuelen, net do. Mir hu schonn net méi vill Suen. Mir gi Prêten huelen. Mir hu Scholden. Mir bezuelen Annuitéite vun zech Milliounen. Mir musse kucken, wéi mer d'Enner zesumme kréien, wéi mer eis Projete fir Logement ze schafen, fir Schoulgebaier astandzehalen, fir Stroossebau ze maachen, wéi mer déi finanzéieren. Eis Scholde klammen a klammen. An an der Schäfferotserklärung steet, ganz kloer an däitlech: "L'endettement sera limité au projets d'envergure".

Sécher si mir als Stad Diddeleng geschmeechelt, wann d'Uni mat eis, mat Diddeleng wëll e Projet de recherche maachen. Dat hate mer jo och schonn. Mir hu mam LISER eng Konventioun iwwer zwee Joer. Do schwätze mer awer vun zweemol 75.000 Euro. D'Plattform "Développement de l'Observatoire social de Dudelange". Mir hunn och eng Kollaboratioun, mir kommen herno nach drop zréck, am Kader vun der "Promotion de la démocratie participative au Luxembourg". Mee hei geet et ëm eng "Création d'une chaire dotée", e Stiftungsléierstull. Dofir hu mir an eisen Aen, dofir hu mir kee Geld. Dat ass net dat Geld, wat d'Leit eis zur Verfügung stellen. Dat misste mer esou ausginn. Wat ass iwwerhaapt, dat Thema ass iwwerhaapt nach guer net richteg erkläert ginn, wat ass eng Chaire avec dotation? "Ce sont des postes de professeurs financés par un partenariat externe privé ou public". Säit 2006, huet d'Uni d'Uni 22 Chairen, industrielle, publique et publique-privée kreéiert. 22 Chairen, Lehrstühle, dont 16 en cours.

Eng Chaire, déi gëtt vun Atos finanzéiert: "Fiscalité européenne et internationale". Eng Chaire gëtt vun ArcelorMittal finanzéiert: "Chair of Steel construction". Et gëtt eng Chaire SES "De droit de communication satellite et de médias". Et gëtt eng Chaire Paul Wurth "Ingeniérie et processus énergétiques". Arendt, Elvinger an Hoss Prussen hunn eng Chaire "Investissement Fancelor", déi se ënnerstëtzen. Et gëtt eng Chaire UNESCO an esou weider. Wéi gesot, et ginn am Ganzen nach 16 Chairen, déi en cours sinn. An ech denken, wann Der elo kuckt, wien ech elo alles hei erwäänt hunn, dat si Leit, déi hu Geld. Dat si Leit, dat sinn Entreprisen, déi hu Geld, déi hunn och e finanziellen, eng Plus-value, wa se déi Saachen an Optrag ginn, déi Recherche och an Optrag ginn. Dat bréngt hinnen eppes. Mee ech mengen, hei ass dat hei net de Rôle vun eiser Gemeng. Deen zweete wichtege Punkt, deen hat d'Fränzi schonn erwäänt, dat ass virun allem wa mer liesen dass de Centre de Documentation sur les Migrations Humaines och hei e Partner ass. Dat ass den drëtte Partner. Dat ass elo, et däerf een net dat banaliséiere mat deenen Ongereimtheeten, déi awer am leschte Joer opgedeckt goufen.

Et ass nach ëmmer eng Auditfirma, déi gouf vum Ministère des Cultures mandatéiert, fir "en collaboration avec la commune", ech soen dat nach eng Kéier, ech referéiere mech op en Artikel am "Lëtzebuerger Wort" vun der Madame Kurschat. Eng Auditfirma gouf vum Ministère des Cultures mandatéiert en collaboration

avec la commune. "Les contrôleurs doivent chiffrer le montant exact du préjudice et examiner en détail la gestion des comptes des années précédentes. Il n'est pas clair comme des sommes d'argent ont pu disparaître pendant des années sans que personne ne s'en aperçoive. " Ech si gespaant op d'Äntwerte vum Här Buergermeeschter op dem Fränzi seng Froen. Voilà. Nach emol: Et ass en immens flotte Rechercheprojet. Mir sinn och immens frou, dass och op der Uni Sciences Sociales et Humaines och e wichtege Pilier an der Recherche sinn, an net nëmme Finanz- an technologesch Fakultéiten. A mir wëllen dat och ënnerstëtzen. A mir hu sécher guer kee Problem, wa mir als Gemeng den Zougang zum Centre DOC facilitéieren an och ënnerstëtzen.

Mee eng Chaire dotée ze schafen, e Léierstull ze schafen als Gemeng Diddeleng, dat ass net eis Aufgab, dofir si mir net do, dofir sinn eis Suen net do. Hei wär en Appell oder eng Ënnerstëtzung oder fir internationale Geldgeber ze fannen oder europäesch Funding ze maachen oder beim Staat oder beim Kulturministère ze kucken, dass Suen ausgi ginn, fir déi Chaire hei opzebauen. Awer ech denken net, dass dëse Projet onbedéngt an d'Aufgab vun der Gemeng fält. De Projet an d'Necessitéit u sech stelle mer absolutt net a Fro. Ech soen dat elo nach eng Kéier. Net dass et herno heescht, d'CSV ass dergéint, dass d'Migratioun opgeschafft gëtt. Mir ënnerstëtzen absolut moralesch a politesch dëse Projet. Mir ënnerstëtzen, wann d'Iddi opkënnt, fir en nationale Musée iwwert d'Migratioun hei op d'Diddeleng ze kréien, dat ënnerstëtze mer.

Mee mir ënnerstëtzen absolut net déi finanziell Ënnerstëtzung vun der Kreatioun vun enger Chaire. Dat depasséiert eis. Dat ass gutt fir grouss industriell Firmen oder grouss Boîtten, déi vill Geld hunn, awer net fir eng Gemeng, déi wierklech relativ vill Scholden huet oder richteg vill Scholden huet a sech do an de Projete lancéiert. Dat ass finanziell gesinn net eis Aufgab a mir kënnen eis dat net leeschten. An an der Schäfferotserklärung, et ass schonn e puer Mol gesot ginn, mir setzen alles ëm wat an der Schäfferotserklärung steet. Do steet kloer an däitlech: "L'endettement sera limité au projets d'envergure". An ech wär frou wa mer dobäi géife bleiwen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Madame Kayser. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech fir d'éischt mol d'Wuert un d'Uni ginn un den Denis Scuto, fir op déi verschidde Punkten anzegoen, wat d'Uni betrëfft. An da ginn ech op eng Rei Punkten an. Merci.

DENIS SCUTO, DEPUTY DIRECTOR OF THE C2DH (UNI.LU): Jo, villmools Merci, fir d'Remarken an d'Froen. Ech gi vläicht einfach der Rei no, wéi och d'Stellungname waren, respektiv op déi Punkten, wou ech mengen, datt mer als C2DH, als Uni kënnen äntweren. Zu deenen éischte Bemierkungen oder d'Fro no de Liwwerabelen. Liwwerabelen, ech mengen, ech hat se erwäänt. Et ginn eng ganz Rei Liwwerabelen, déi hei ustinn. Ech menge wa mer eng Doktorandin, en Doktorand astellen, ass de Liwwerabel natierlech ganz kloer d'Thees, d'Dokterthees. De Problem ass awer deen, datt mer eigentlech, mir hu jo hei den Accord nach net. Dat heescht, d'Prozedur ass déi, datt wann eng Konventioun muss fir d'éischt ënnerschriwwe ginn, da gëtt e Budgetsposten, en OTP geschaf op der Uni an dann eréischt kënne mer iwwerhaapt d'Prozedur lancéiere fir Leit ze rekrutéieren. Ënner anerem, wéi gesot, wa mer elo prezis de Fall vun Doktorand, Doktorandin hunn, mir schreiwen dee Posten aus, mir soen och do natierlech, wat mer vu Sujet, a wellechem Kader dat d'Ganzt sech soll situéieren. An da kréie mer, bon, well mer als Zenter och ëmmer méi bekannt gi sinn, kréie mer relativ vill Demanden. Do maache mer dann e Choix vun zwee, dräi Leit, déi mer op en Interview ruffen. An da gëtt deen Doktorand, déi Doktorandin agestallt. An dann huet déi Doktorandin sechs Méint Zäit, fir wat mir nennen, fir e Projet de recherche, dee méi komplett ass, auszeschaffen. Wou et sech dann innerhalb vun deem Feld beweegt, dee mer ausgemaach hunn.

Mat de Postdocen ass et d'selwecht. Dee Moment, wou mer en Accord hunn, wou d'Konventioun steet a wou mer en OTP hunn, kënne mer och do de Recrutement vun de Postdoce lancéieren, deen natierlech vun der Uni, dat heescht vum C2DH, gëtt dee Recrutement gemaach, vun e puer Persounen natierlech. Bon, aner Liwwerabelen hunn ech och schonn erwäänt. Do musst Der mer natierlech gleewen, datt mer dat maachen. Wann ech soen, mam Antoinette Reuter, mir maachen eng nei Publikatioun zu, wéi mer déi 1995 gemaach hunn, zur Geschicht vun Immigratioun an Emigratioun hei zu Lëtzebuerg, da maache mer dat net nëmme mat deene Postdocen an Doktoranden, mee mat all deenen Historiker a Historikerinnen, déi hei an an der Groussregioun op deem Thema schaffen. A mir maachen et och net méi wéi virun 30 Joer, an där Hisiicht, datt dat ee Liwwerabel ass, dee bei De Gruyter Brill veröffentlecht gëtt. Dat ass mat de weltgréisste wëssenschaftlechen Editeur am Beräich Geschicht. Dat heescht, dat ass da peer-reviewed. Dat gëtt vun anere Wëssenschaftler anonym gepréift an do ginn dann och Kommentare gemaach. Dat ass also schonn op engem héije wëssenschaftlechen Niveau.

Expoen. Mir hunn eng éischt Expo, onofhängeg dovun, wat, och wann elo d'Konventioun nach net steet, wësse mer awer elo schonn, datt mer d'nächst Joer eng Expo zesummen organiséieren, C2DH an d'CDMH iwwert d'Zwangsaarbecht, virun allem d'Zwangsaarbechterinnen, déi sougenannt Ost-Arbeiterinnen. Hei waren der natierlech och déi hei Zwangsaarbecht, dat heescht ukrainesch, wäissrussesch a russesch Aarbechterinnen, déi hei op der Schmelz hu misse schaffen an déi an engem Lager och internéiert waren. Dat ass eng Expo, déi d'nächst Joer leeft. Mir sinn elo, et ass hei ugeschwat ginn, Auswanderung no Amerika. Mir si vum Red Star Line Musée zu Antwerpen kontaktéiert ginn, fir dat Joer drop eventuell eng Ausstellung do ze maachen. En anere Liwwerabel, wou ech och erwäänt hunn, ass déi Revue mensuelle, déi mer och schonn d'nächst Joer lancéieren. D'Seminairen, wéi gesot, si weider. Wann Der de Pabeier am Detail gelies hutt, ass och geplangt e Colloque, en internationale Colloque all zwee Joer, well mer, komescherweis, mee dat ass net nëmmen zu Lëtzebuerg, mir hunn de Problem, datt zur Migratioun ausser populistesch Geschwätz a populis-

tesch Rieden, där hu mer vill, mee dee Phänomen ass esou wichteg fir eis Gesellschaft a Lëtzebuerg, mee net nëmme Lëtzebuerg, Lëtzebuerg an Europa an Zukunft, huet ekonomesch keng Zukunft, wann net Migratioun besteet. Dat ass ganz kloer. Deen Phänomen ass esou wichteg, mee en huet awer net déi Wichtegkeet an der Fuerschung an an anere Beräicher, déi e misst hunn. Dat wëlle mer mat esou Colloquen änneren an dat Ganzt och méi visibel maachen.

Dat heescht, et sinn eng ganz Rei Liwwerabelen, déi do bestinn. Déi Projeten, déi mer areechen, bon, mir sinn an der wëssenschaftlecher Welt, dat ass eng kompetitiv Welt. Dat heescht, wa mir e Projeten areechen am Fonds national de recherche, dann ass deen a Kompetitioun mat 100 anere Projeten. Dat heescht, wat mer kënne soen, mir reechen deen eran. Ob mer fir dat direkt d'Zouso kréien, eis Erfarung ass oft datt, wa mer e Projet areechen, datt déi éischte Kéier net klappt, Verbesserunge gi gefrot an da reeche mer en eran.

Projet Erasmus+ dat ass anescht, ech mengen dat si Projeten, wou zwar e grousse Bürokrat Eschen Opwand ass, fir se eranzereechen, mee wou een awer normalerweis Erfolleg huet. Voilà. Et puis, ah oui, il y avait une question sur le suivi des moyens financiers à l'université.

HERVÉ MULLER, HEAD OF OPERATIONS (UNI.LU): Concernant la gestion des moyens financiers à l'université, bien entendu, l'université est un établissement public régi par une loi. Les comptes sont bien entendu révisés chaque année, ainsi que les procédures financières en vigueur. Donc, d'abord révisés par un réviseur d'entreprises agréé. Et ensuite, l'université, comme tout établissement public, est également soumise au contrôle de la Cour des Comptes. Donc, nous avons des procédures rigoureuses de suivi. Et les budgets que nous recevons de partenaires sont clairement identifiés dans la comptabilité de l'université par un code budgétaire dédié au financement que nous recevons de ce partenaire dans le cadre d'une convention précise.
Donc, il n'y a pas d'ambiguïté, il n'y a pas de mix possible quant à l'utilisation des financements. L'argent du partenaire arrive sur ce code budgétaire et l'utilisation qui est faite de cet argent est bien entendu documentée également sur ce code budgétaire et justifiée par les pièces conformément à l'usage en matière de comptabilité. Voilà, ça c'est pour la rigueur de la gestion côté université. De la même façon que nous avons un code budgétaire dédié à un projet pour un partenaire, nous avons également un code budgétaire dédié pour les financements que l'université attribue à ce projet. Donc, nous sommes en mesure de tracer à la fois les opérations et les coûts qui sont réalisés dans le cadre du projet. Ici, ce qui nous intéresse plus particulièrement, bien entendu, la chaire. Voilà, ça c'est pour les suivis budgétaires.

J'ai entendu aussi qu'il était question du CDMH. Donc, le CDMH n'est pas géré par l'université. Néanmoins, ce qui compte pour nous ici, c'est de non seulement nous focaliser sur les aspects financiers, mais aussi surtout nous focaliser sur la possibilité de valoriser les archives qui ont été constituées par le CDMH. Et donc, c'est aussi une des raisons pour laquelle le CDMH est clairement associé à cette chaire. Voilà, concernant une autre question, il y avait également la question de l'évaluation des coûts RH qui ont été présentés et budgétisés pour la chaire. Il y avait la question notamment de l'indexation et de l'impact de l'indexation. Donc, si l'on regarde les informations détaillées, on peut voir qu'il y a une augmentation des coûts année par année. Effectivement, l'université, dans sa méthode de programmation de coûts pour estimer un projet, tient compte d'un mécanisme d'indexation généralement sur base d'informations reçues ou tirées des informations officielles de l'État. Donc, nous tenons compte effectivement d'un mécanisme d'inflation dans l'évaluation des coûts.

Au moment où on établit la Convention, bien entendu, on n'a pas la maîtrise de l'évolution effective de l'inflation et des impacts sur les salaires. Néanmoins, le mécanisme qui a été prévu dans le cadre de la Convention est qu'en cas d'évolution des coûts RH, priorité sera donnée à l'utilisation des financements reçus de la Ville de Dudelange pour les coûts RH. Pourquoi ? Parce que, quelque part, ce que la Ville de Dudelange finance ici, ce sont davantage, et en premier lieu, des expertises et des compétences. Donc, le financement reçu de la Ville sera prioritairement affecté au coût RH. Le solde du bignon qui est financé permet de financer également des activités courantes. C'est bien d'avoir des personnes, mais il faut aussi qu'elles aient les moyens de travailler. Et donc, ce montant est actuellement évalué à 144.000 Euro.

Côté C2DH, nous avons également mené des réflexions en interne. Il est clair que la chaire est une priorité stratégique à la fois pour le C2DH et également pour l'université. De fait, le C2DH sera aussi en mesure de mobiliser si nécessaire une partie de ses budgets opérationnels pour couvrir d'éventuelles dépenses complémentaires qui ne pourraient pas être couvertes par la dotation donnée, accordée et financée à ce moment-là par la Ville de Dudelange. C'est un projet stratégique et on prévoit des marges de manœuvre pour pouvoir garantir la bonne fin du projet.

DENIS SCUTO, DEPUTY DIRECTOR OF THE C2DH (UNI.LU): Voilà, da war mengen ech eng aner Fro fir d'Chaire ze perenniséieren. Ech mengen, bon déi ganz lescht Méint hu mer do natierlech och enk zesummegeschafft mam Rektorat an och den Accord vum Rektorat fir dës Chaire krut. An do ass effektiv d'Iddi, datt mer elo net déi fënnef Joer ofwaarden, mee datt mer eigentlech, wéi ech gesot hunn, dee Poste vu Chaire Histoire et Migrations soutenue par la Ville de Dudelange schonn an den nächste P4 aschreiwen an eigentlech och am Idealfall dee Professer, déi Professorin do kënnen aféieren eigentlech scho wärend där Zäit an esou och garantéieren, datt duerno déi Chaire kann direkt weiderlafen. Just, datt eeben d'Uni se vun deem Moment u bezilt. An do hu mer den Accord vum Rektorat, datt dat an den nächste P4 ageschriwwe gëtt. Dann, wat war elo nach? Jo, de Plan d'action, ech mengen dat ass, wéi gesot, ob dat elo um Niveau vun der Uni ass oder och C2DH, kollaborativ virgoen, ass fir eis wich-

teg. A wann dat de Wonsch ass vum Gemengerot, si mir natierlech frou, ëmmer erëm ze informéieren, wat de Plan d'action, deen ass jo virgesinn an der Konventioun, fir am viraus ze soen, wat d'nächst Joer vun Aktivitéite leeft, an natierlech si mer do frou, fir de Gemengerot doriwwer ze informéieren.

Dann, a jo, Lëtzebuerger Nationalitéit an, neen, neen, ech mengen Dir hutt jo d'Lëtzebuerger Nationalitéit, also sidd Der Lëtzebuerger, also sidd Der an der Statistik als Lëtzebuerger. Mee ech mengen et ass awer en interessante Sujet. An ee Volet, wou mer natierlech och musse studéieren, sinn Immigratiounspoliticken. Well Integratioun heescht och natierlech, wat huet de Staat vu Politik? Ech kann Iech och mäi perséinlecht Beispill ginn. Ech sinn 1964 gebuer. Bon, éischtens déi Zäit, dat ass nach en anere Problem, waren d'Rechter vun de Frae limitéiert, och wat d'Nationalitéit betrëfft. Meng Lëtzebuerger Mamm huet hir Nationalitéit verluer, wou se mäi Papp bestuet huet. Dat heescht, ech sinn, ouni datt ee mech gefrot huet, an obwuel ech Mammesprooch Lëtzebuerger sinn, a mer eigentlech och ni d'Fro gestallt hunn, ob ech elo, ech hu mech ëmmer als Lëtzebuerger gespuert, mee ech war Italieener, bis ech 18 Joer hat. An do koum de José Kirschens, wat den U21-Fussballnationaltrainer war, du sot deen, et wier awer wichteg, du géifs emol Lëtzebuerger ginn, dass de kanns Nationalekipp spillen am Fussball. An du sinn ech d'Lëtzebuerger ginn, an du sinn ech op d'italieenescht Konsulat gaangen, an du hunn déi mer gesot, "A jo, da bass et awer elo net méi Italieener."

Wat déi éischte Kéier war, wou ech mer d'Fro gestallt hunn, an dat huet mech dann awer genervt. Wéi ech war elo 18 Joer dat an elo dierf ech et net méi sinn?
Bon, glécklecherweis ass et haut esou, datt mer d'duebel Nationalitéit hunn. Mee an de Statistiken, ech menge wann ee Lëtzebuerger an eng aner Nationalitéit huet, gëtt en als Lëtzebuerger gezielt. Mee bon, do gesäit een, datt dat komplex Saache sinn an datt ee punkto Identitéit, do kritt een op eemol eng legal opgedrängt an et gëtt een net gefrot. A bon, fir meng Mamm nach méi, déi dann huet misse waarde bis zu 45 Joer war, duerno ass ee Gesetz komm, wou de Fraen erlaabt huet, déi Nationalitéit erëm ze kréien. Mee "Null n'est sensé ignorer la loi", et huet awer keen deene Fraen dat gesot. A meng Mamm ass dat eréischt gewuer ginn an den 80er Joren. Dat heescht, déi huet fir d'éischt gewielt als Lëtzebuergerin mat 45 Joer. Bon, wéi gesot, do gesäit ee Gesetzer oder Saachen, an där Hisiicht studéieren, bon, glécklecherweis hu mer do jo grouss Evolutiounen awer gemaach am Beräich Droit de la Nationalité a generell Immigratiounspoliticken.

Dann zu de Chairen. Ech wollt et do vläicht korrigéieren. Also et ass op d'mannst eng Chaire, déi vun enger Gemeng finanzéiert gëtt. Dat ass Esch. D'Gemeng Esch finanzéiert eng Chaire zur Stadentwécklung. A mir hunn doniewent, ass d'Chamber déi och eng Chaire finanzéiert, eng Chaire en Etude parlementaire. D'Stad Lëtzebuerg weess ech net, et ass méiglech, datt déi och eng Chaire finanzéieren. Ech weess awer do net, wat de Sujet ass. Voilà. Ech hoffen, ech hunn op Är Froe geäntwert. Wann net dann, wann ech eppes vergiess hunn, da kënnt Der mer et soen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Iech zwee och fir déi Erklärungen. Ech ginn dann och op e puer Punkten och deementspriechend an. Ech spiere jo eraus, wie méi respektiv wie manner hannert dësem Léierstull fir Migratioun a Migratiounsfuerschung ass. Fakt ass, dass mer hei, dorunner si mer awer gehalen, dat muss engem gefalen, engem net gefalen, wëll ech der CSV soen, mir setzen hei e Punkt vun der Schäfferotserklärung un. An dat ass dat, wat eis liéiert par rapport zu den Diddelenger Matbiergerinnen a Matbierger, dofir mengen ech, setze mer dat hei ëm. An ech wëll der CSV soen, wann Iech esou wichteg och gewiescht wär, dass dëse Sujet, mat deem mer hei wierklech Pionéieraarbecht maachen hei zu Diddeleng, fir deen, fir effektiv dat anzebetten am Kader vun engem Léierstull, wann deen um nationale Plang esou wichteg gewiescht wär, dann hätt Der e jo och kéinten an Äre Koalitiounsaccord aschreiwen, wat mengen ech awer, sou vill ech weess, iwwert d'Migratioun net allze vill drasteet. Dat mol zu Alleréischt.

Fir d'Zweet, wann hei och virgefouert gëtt par rapport zu de Finanzen. Jo, dat heiten ass e konsequenten Invest. Mee ech mengen Dir gesitt jo och ganz kloer, a wéi eng Richtung och den Invest geet vun der Stad Diddeleng, respektiv awer och vun der Uni, respektiv och am Kader vun der Perennisatioun. An et ass ugeschwat ginn. Et ass geplangt natierlech, wa mer hei elo den Optakt maachen, et muss een sech iergendwann eng Kéier mol lancéieren, et muss een eng Kéier mol ufänken, dass een och bei de Ministèren uklappt, bei engem Kulturministère, bei engem Héichschoulministère, mee den Héichschoulministère finanzéiert awer och d'Uni Lëtzebuerg. A sidd der Uni Lëtzebuerg, kuckt der, dass der och nach iwwert aner Wee, FNR-Projete finanzéiert, ob déi dann och bereet sinn, hir Dotatioun, wéi gesot, eropzesetze par rapport zu där doter Chaire. Wéi gesot, dat ass geplangt. Esou Diskussioune kommen. Mee ech mengen dat, wat mer elo elo hei maachen, ass ganz kloer de Projet, mengen ech emol an d'Weeër ze leeden, fir dass am Fong esou e Léierstull och d'Wierklechkeet gëtt.

A wann een hei vun Endettement schwätzt, dat steet och effektiv an der Schäfferotserklärung, do ass net limitéiert. Mee dat ass jo par rapport zu Projets extraordinaires, an den Endettement ass par rapport zu deene Projeten. Dat hei mengen ech ass ganz kloer am ordinäre Beräich. A mengen ech ass e gudden Deel vun eiser Gesellschaft. D'Migratioun ass e gudden Deel vun eiser Gesellschaft, grad wann effektiv hei vu Steierzueler geschwat gëtt par rapport zu deem Invest, dee mer hei maachen. Mir ginn hei der Gesellschaft iwwert déi heite Fuerschung eppes zréck, e Verständnes, wéi dës Gesellschaft deementspriechend och funktionéiert. Dofir engersäits ze soe moralesch a politesch ënnerstëtze mer et, mee awer net finanziell, dat ass e bëssen hypokritesch. A wann ee seet, mir maachen et moralesch a politesch, ma da soll een et och finanziell mat ënnerstëtzen, fir kredibel ze sinn, léif CSV. Ech mengen dat ass net ganz seriö vun deem, wat Der hei deementspriechend och ausféiert. Do sinn ech net

mat Iech averstanen.

A wat seet d'CSV, wat seet se net? An den Denis Scuto ass virdrun drop agaangen. D'CSV huet Léierstill hei mentionéiert, déi effektiv vu private Firme finanzéiert ginn. Mee eng Stad Esch, an den Denis Scuto ass drop agaangen, finanzéiert e Léierstull, eng Stad Lëtzebuerg, sou vill ech weess, och. Effektiv d'Chamber als Entité publique a souguer d'Ministèren. Also dat sinn Entité publiquen sou wéi eng Stad Diddeleng, déi effektiv sech en fonction vun der Thematik verschidde Chairen och deementspriechend verschriwwen hunn. Et ass hei och geschwat ginn, ech soen och Merci fir engersäits d'Zoustëmmung par rapport och zu de Liwwerabelen. Den Denis Scuto ass drop agaangen, wéi dat intern an der Uni gehandhaabt gëtt. An ech mengen ech ka mer och gutt virstellen, nieft dem Plan d'action hei am Gemengerot, fir deen hei virzestellen, dass mer natierlech och en fonctioun vun der Evolutioun vun der Chaire och déi eng oder déi aner ëffentlech Konferenz organiséieren, wou, mir ginn hei ëffentlech Geld, on doit rendre des comptes, dass een iwwert deen dote Wee och natierlech iwwert déi Fuerschung, déi hei stattfënnt, iwwert déi wëssenschaftlech Kontributiounen, dass mer déi, wa mer gären de Public wëlle sensibiliséieren, an dat steet jo an eisem Concept Paper, ma da geet et och iwwer ëffentlech Konferenzen.

Ech wëll awer jo och soen, dass viru kuerzem, viru knapp zwee Méint, hei och zu Diddeleng en europäesche Reseau ronderëm Migratiounsfuerschung hei an dëse Sall getaagt huet mam Centre Doc. Also mengen ech, dass mer hei ganz kloer och de Biergerinnen a Bierger dobausse sécherlech och Etat kënne maachen iwwert d'Evolutioun vun der Fuerschung ronderëm d'Migratioun an och, mengen ech, hei ëffentlech Konferenze fir de Grand Public och deementspriechend kënnen organiséieren. An ech weess net, quitt dass mengen ech de Projet hei Zoustëmmung jo fonnt huet, et geet sécherlech iwwert d'Migratioun hei an Diddeleng, mee net nëmmen. Ech mengen et ass jo och, d'Uni Lëtzebuerg huet jo och déi Vocatioun, den nationalen Deel vun der Migratioun, deen nationale Volet vun der Migratioun ze kucken. Do fënnt natierlech Diddeleng sech och deementspriechend dran erëm. Als mengen ech et sinn déi zwee Voleten, déi hei och ganz kloer ofgedeckt ginn, an dofir ass et grad sou wichteg, dass mir och nach eng Kéier hei am Lead sinn.

Et ass virdrun iwwert de Comité de pilotage och geschwat ginn, dass dee méi soll orientéiere wéi kontrolléieren. Dat sot d'Madame Kemp schonn, dat ass ganz gutt esou. Si huet et sou ausgedréckt, dass et méi sou e Kontrollorgan soll sinn. Bon, ech mengen déi Collaboratioun, déi mer hei uginn, déi maache mer a vollstem Vertrauen. An dofir gi mer hei a Richtung vun engem Pilotage an engem Comité de contrôle et de pilotage, fir ze kucken, wéi mer e Plan d'action kënnen opstellen an och kënnen zesumme partnerschaftlech an am Vertrauen ëmsetzen. An ech hoffen, dass mer alleguerten heibannen, ob mer eis en faveur vum Projet oder manner en faveur vum Projet ausgeschwat hunn, awer deen néidegen Estime vis-à-vis vun de Geeschtege Wëssenschaften hunn, well wann iwwert de Liwwerabele geschwat gëtt, do sinn natierlech d'Stréimunge bei de Sciences dures ëmmer méi kritesch vis-à-vis vun de Geeschtege Wëssenschaften, par rapport zu de Liwwerabelen, déi deem deementspriechend kommen. Dat ass jo ëmmer en Debat an all Diskussioun, déi een huet ronderëm d'Wëssenschaft. A mengen ech e flagrant Beispill ass haut hei an dësem Gemengerot, säitens awer vun der Madame Kemp, leider deementspriechend gewise ginn. Mee ech hoffen, dass et net esou ass, wéi Der et awer hei gesot hutt. Mee ech wollt et awer hei nach eng Kéier ganz kloer mentionéieren.

Wat mer awer wierklech ganz, ganz sauer eropstéisst, an d'CSV huet et nach eng Kéier haut hei gemaach, dass alleguerten déi Leit, déi am Benevolat an och ugestallt sinn, am Centre Doc ënner Generalverdacht gestallt goufen. Hei ass et ëm eng Persoun gaangen, déi ee Fait délictuel gemeet huet, wou denoncéiert gouf, wou Plainte gemeet gouf. De Gemengerot weess Bescheed, well mir hunn en toute transparence de Gemengerot hei gebrieft. An awer bréngt d'CSV et nach eng Kéier fäerdeg, de ganze Centre Doc, déi ganz Benevollen am Verwaltungsrot, déi ganz Professionell déi do schaffen ënnert Generalverdacht ze stellen, ënnert e schlecht Liicht ze stellen, wou mengen ech dat doten Institut, a mir si virdrun drop agaangen, iwwert all déi Joren eng memorabel Aarbecht geleescht huet, a wéinst engem Ecart gi se alleguerten an e schlecht Liicht geréckelt. Dat ass net fair vis-à-vis vun deene Benevollen. Dat ass net fair vis-à-vis vun deene Leit, déi och deementspriechend do schaffen. An et ass eebe grad duerch d'Stad Diddeleng, wou deen Audit komm ass. Ech mengen Dir wësst och, dass déi Suen zréckbezuelt goufen.

Mee elo läit de Rescht vum Dossier an Hand vun der Justiz. A mir sinn hei bei enger Séparation des pouvoirs ganz kloer an däitlech an dësem Land. An hei mécht d'Justiz deementspriechend och hir Aarbecht, wa se effektiv dann dat an engem Kader mécht, wou och hir Attributioune sinn. Mee hei, wéi gesot, e ganzt kulturellt Institut, dat souwuel vum Kulturministère wéi och vun der Stad Diddeleng matfinanzéiert gëtt esou ënner Generalverdacht ze stellen, fannen ech wierklech dramatesch. Mee wéi gesot, et vläicht jamais deux sans trois. Vläicht kënnt och nach eng Kéier esou eng Geschicht. Ech wëll dat och nach eng Kéier hei kloer betounen. Dann op déi aner Ausféierungen, déi gemeet goufen, hätt ech probéiert op alles anzegoen. Och wat no deene fënnef Joer geschitt no dësem Startschoss, dee mer ginn. Mer musse souwisou jo och reegelméisseg dat heiten evaluéieren an och kucke wéi generell d'Chaire evoluéiert.

Mir trieden hei an nei Schong eran an dofir musse mer kucke wéi dat och deementspriechend weidergeet. An dofir mengen ech wäerte mer och d'Geleeënheet notzen, fir nieft dem Startschoss och hei op dem nationale Plang och nach déi néideg "Lobbyaarbecht" ze maachen, dass mer och do e weidere Support kréien, dass och déi staatlech Instanzen, et ass ni ze spéit an d'Boot hei mat eraklammen, nodeems mer dat heiten, wéi gesot, ugefaangen hunn an och an d'Liewe geruff hunn. Ech hätt probéiert op alleguerten d'Punkten anzegoen, déi hei mentionéiert goufen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci Här Buergermeeschter. Ech däerf awer nach eng Kéier hei kuerz d'Wuert ergräifen, well Generalverdacht, also éierlech. Mir huele mat kengem Wuert d'Benevollen ënner Generalverdacht, mir wëssen, dass do eng Persoun frauduleuse war. Mee ech zitéieren nach eng Kéier den Artikel aus dem Wort: "Il n'est pas clair comment des sommes d'argent ont pu disparaître pendant des années sans que personne ne s'en aperçoive. " Voilà. Jo, an do war de Comité dran, do war d'Gemeng mat dran, do war de Kulturministère mat dran. An ech sinn och frou, dass d'Justiz elo eng Enquête mécht. Mee ech fannen et einfach net de Moment ubruecht, fir mat deem Institut. Ech stellen deenen hir Aarbecht an hir Wäertegkeet nullement a Fro. Dat hu mer schonn deemools gesot gehat, wéi mer nach no hu musse stëmmen, dass déi Leit och hire Paie géife kréien. Nullement a Fro. An ech fannen dat e bëssen. Mee bon, also, wéi gesot, mir si frou, dass d'Justiz hir Enquête mécht. An da gesi mer jo, wéi et geet.

Ech mengen et ass einfach, du klaus Suen, an du gëss se rëm zréck, an dann ass et an der Rei. An all déi aner, déi nogekuckt hu wéi dat passéiert ass, a kee weess, wéi et gaangen ass, déi kënnen och fir näischt. Majo bon, wonnerbar, ma da gi mer an eng gutt Richtung.
An da wollt ech awer nach just soen, et ass gesot ginn, och Esch huet eng Chaire, jo, Esch huet eng Chaire, déi heescht „Chaire de recherche en régénération urbaine pour Esch-Alzette". Dat ass eng reng Interesse-Chaire fir déi Stad. An dat hei ass, wat ech wollt soen, dee Léierstull, dee mir hei opmaachen, deen huet eng Envergure nationale, natierlech och communale, nationale an européenne. An dofir fannen ech, dass et net un eis ass, fir déi Chaire do an d'Liewen ze ruffen. Mee, wéi gesot, jiddwerengem säint, mir sinn an engem demokratesche Staat, jiddwereen huet seng Meenung, mee dat Wuert Generalverdacht, also wierklech, wou si mer dann hei? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Madame Kayser, ech bleiwen der Meenung, dass déi Leit, déi am Centre Doc als Benevole schaffen, vun der CSV, an och déi Professionell déi do schaffen ënner Generalverdacht gestallt ginn. A wann Är, Dir hutt dat och leschte Kéier gemaach, wann ech déi Ausféierungen héieren, d'leschte Kéier, an och haut, sinn ech ganz ze kloer, dass Der net in persona och nach deementspriechend de Rôle vum Ministère public, vum Parquet hutt. Ech sinn op alle Fall méi confiant an deenen hir Aarbecht, dass déi wierklech erausfannen, wat effektiv an deem doten Dossier geschitt ass. Et läit bei der Justiz an ech vertrauen der Justiz méi wéi effektiv de Virféierungen hei vun der Madame Kayser als Fraktiounsspriecherin vun der CSV, dass si hir Aarbecht maache par rapport zu dem doten Dossier. Merci.

Da géife mer zum Vott iwwergoen. Da géif ech proposéieren: ***Wien ass mat der Konventioun averstanen, dass mer hei de Léierstull fir Migratiounsfuerschung aféieren? Dat si Stëmme vun deene Gréngen, vun der LSAP, vun der DP, vum ADR a vun deene Lénken. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? Dat ass d'CSV.***

Villmools merci och der Uni Lëtzebuerg fir, wéi gesot, hir Presenz, fir och hir Erklärungen, déi se haut de Mueren hei konnte bréngen. Duerfir nach eng Kéier Här Scuto, Här Müller, Merci, wéi gesot, fir deen néidegen Abréngen an dëse Léierstull, dee mer schafen. A mir wäerte sécherlech nach déi eng oder déi aner Kéier hei an de Gemengerot zréckkommen, fir lech dann och d'Evolutioun vun dësem Dossier ganz kloer ze presentéieren.

# 4. FËRDERUNG VUN DER PARTIZIPATIVER DEMOKRATIE

**Approbatioun vum 2. Addendum fir den Accord de collaboration mat der Uni Lëtzebuerg fir d'Fërderung vun der partizipativer Demokratie zu Lëtzebuerg**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Mir bleiwen awer bei der Uni. Do geet et iwwert d'Kollaboratioun ronderëm d'Biergerbedeelegung, an do ginn ech dem Loris Spina d'Wuert.

DENIS SCUTO, DEPUTY DIRECTOR OF THE C2DH (UNI.LU): Mir soe Merci, natierlech, fir Är Opmierksamkeet a Merci natierlech, fir d'Bereetschaft, dëse Léierstull ze schafen. Villmools merci.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, merci, Här Buergermeeschter. Effektiv, mir bleiwe beim nämmlechte Partner a mir wiesselen e bëssen de Beräich, Biergerbedeelegung. Hei geet et drëm fir d'Approbatioun vun engem zweeten Addendum, dee mer hunn am Kader vun der Collaboratioun mat der Uni Lëtzebuerg ronderëm d'Démocratie participative hei zu Lëtzebuerg. E klenge Réckbléck. 2020 hu mer eis mat der Uni e strateegesch wichtege Partner mat u Bord geholl, deen eis op dësem Wee bei enger landeswäiter Virreiderroll begleet an ënnerstëtzt huet. Mat dësem Accord de collaboration hu mer eis déi néideg finanziell Moyene ginn, fir kloer fondéiert Instrumenter ze implementéieren, ze testen an ze evaluéieren. Wat ee jo och iwwert déi lescht Jore konnt verfollegen. 263.000 € hu mer déi lescht véier Joer fir eng méi nohalteg Strategie an der Biergerbedeelegung vun enger eeschtzehuelender Participatioun vun eise Matbiergerinnen a Matbierger hei zu Diddeleng vun haut a vu muer.

No enger éischter Konventioun vun der Dauer vun zwee Joer, déi och effektiv hir éischt Friichten da gedroen huet, ass d'Collaboratioun no engem gewëssene Succès an enger éischter Editioun vum Budget participatif an de wichtegen Erkenntnesser, déi mer doduerch an och duerch déi sëllege Biergerréit a Biergerpanelle konnte gewannen, weidergefouert ginn. De Kannergemengerot a Jugendgemengerot sinn och dobäi ënnert d'Lupp geholl ginn. Eppes wat eis et einfach gemaach huet, déi d'Collaboratioun duerch en Avenant iwwert eng Verlängerung vun zwee Joer ze verdéiwen. Dunn hate mer op der Uni, oder si haten op der Säit vun der Uni eng Vacance de poste an déi war wärend der besteeënder Konventioun vun eisem Budget résidentiel vu ronn 131.000 €, déi mir natierlech, sou wéi dat an

der Konventioun virgesi war, reegelméisseg an Tranchë bezuelt hunn. De Budgetsdetail, dee gesi mer jo och hei am Dokument.

De Virdeel dovunner war da fir eis hei zu Diddeleng, dass dat eis am Fong erlaabt huet, déi Konventioun ëm ee Joer ze verlängeren, ouni dass mer hätte missen zousätzlech finanziell eppes dozou bäidroen. Deementspriechend wëlle mer dat Joer vun der Verlängerung notze fir eng fluent Transitioun ze erméiglechen. Am Konkreten heescht dat, dass mir vun deem residuelle Budget vu ronn 82.000 € an e Postdoktorand setzen, deen eis bei dëser Transitioun ënnerstëtzt, et méiglech mécht, eng nohalteg Methodologie an Evaluatioun vun eise Prozesser ze implementéieren an eis soumat erlaabt d'Pertinenz vun eisen Instrumenter oprechtzeerhalen. Wann een elo dat léif a brav zesummerechent an ofrechent, wat mer an der Konventioun oder an de Konventioune stoen hunn, da fält Iech bestëmmt op, dass mer ronn 50.000 € nach iwwreg behalen am Solde. An déi, sou wéi et an der Konventioun virgesinn ass, gi 50:50 tëschent deenen zwee Partner beim Ofschloss vun der Konventioun opgedeelt.

Iwwert déi leschte Joren hu mer scho ganz vill erreecht an dësem Beräich an awer ass et wichteg, do konkreet um Ball ze bleiwen a mat ganz vill Pertinenz un deene verschiddene Moyenen ze schaffen, fir dass mer d'Biergerbedeelegung op deem héijen Niveau hei zu Diddeleng halen, wéi mer et elo kennen. Vläicht nach eng Kéier am Resümmee, dass mer an der Konventioun 432.360 € drastoen haten. Den Invest vun der Gemeng Diddeleng ass iwwert de Joren 263.500 € gewiescht, am Ganze komme mer do op e Budget vun 300.926. Wéi gesot, dat mécht dann ënnert dem Stréch e Solde vun 131.434 €. Wann een dann eeben dee Salaire ewechrechent, da bleiwen 49.590 €. Et ass eis awer wichteg nach eng Kéier ze betounen, firwat mer un där Verlängerung festhalen. No deene gudden Erfarungen, déi mer bis elo gemaach hunn, geet et hei drëms, eis gemeinsam Erkenntnisser ze zentraliséieren, Synergië festzestellen an eis e Gesamtbild ze gi vun der Biergerbedeelegung.

Mir passen, sou wéi Dir dat och schonn de Moien héieren hutt, eis Prozesser un a respektéieren déi jeeweileg Evaluatiounen. D'Upassung vum Budget participatif opgrond vun den Erfarungswäerter vun deenen éischten zwee Budgete wäerte mer natierlech och domadder maachen. An d'Organisatioun vun enger Konferenz zum Schluss, am Auslafe vun dëser Konventioun, wou et ëm den Austausch geet vun den nationalen, internationale Best Practicen mat de verschidden Experten, déi do wäerten hei zu Diddeleng zesumme kommen. An, wéi gesot, och déi fluid Transitioun beim Oflaf vun dëser Konventioun, déi schéngt, eis och essenziell. Voilà. Ech hoffen, ech konnt Iech elo déi néideg Informatioune ginn. An d'Diskussioun ass deementspriechend op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Dir hutt jo gesinn, an Ärem Ajoute, do war och nach eng Kéier de Paper vun der Séance publique vum 11. Dezember 2020. Vläicht hunn déi nei Memberen am Conseil sech gefrot gehat, ma wéi dann, firwat dann? Waren der dann do sou vill



net do, wéi do votéiert ginn ass? Do war d'ganz Oppositioun dann net do. An ech wëll awer just kuerz awer och nach den Historique dovun erzielen. Dat war 2020, do hat d'ganz Oppositioun de Sall verlooss aus Protest, well mer eppes ze ënnerschreiwe kritt hunn, eng Konventioun ze ënnerschreiwe kritt hunn, déi mer virdrun net gesinn hunn. Dat ware mer jo och ëmmer gewinnt, dass mer einfach esou Moutarde après dîner Saachen dohinner geluecht kritt hunn, fir ze ënnerschreiwen. Mee hei ware mer awer esou eppes vu rosen, well et haaptsächlech drëm gaangen ass, d'Konventioun fir d'Férderung vun der partizipativer Demokratie zu Lëtzebuerg a virun allem hei zu Diddeleng. A mir haten deemools gesot: "Partizipativ Demokratie, déi fänkt eeben heibannen am Sall un, wou 19 Representante gewielt sinn". An dat si partizipativ demokratesch gewielte Conseilleren. A mir hunn eis do net schrecklech gutt erëmfonnt, dass mir deen Dossier einfach net virgestallt kritt hunn, well mir hate guer keng Anung wat an där Konventioun stoung, bis mer se den Dag vun der Ënnerschrëft virgeluecht kritt hunn.

Et ass e laange Wee zënterhier, an ech muss och soen, ob et elo ass, well d'Uni mat sengem Comité d'accompagnement elo dem Schäfferot zur Säit steet oder sief et einfach vläicht och Erkenntnes, dass et effektiv och anescht geet, an der Lescht ass vill, vill geschitt. Et ass vill, vill besser ginn. Mir krute méi oft informell Gemengeréit, wou mer Projete virgestallt kritt hunn. Dat heescht och déi partizipativ Demokratie ass mëttlerweil am Gemengerot ukomm. Net ëmmer, mee awer méi oft. Ech wëll awer och nach eng Kéier drop agoen, dass et immens, immens flott ass och an deem Comité ze sinn, an deem Grupp ze sinn, deen och dee ganze Projet e bësse begleet. An do hate mer och elo dës Woch eng kleng Reunioun, wou mer e bëssen e Quack hate mat der Representativitéit vun de verschiddene Fraktiounen an deem Grupp, wat awer elo gekläert gëtt. An och nach eng Kéier villmools merci, fir déi Explikatioun, déi de Loris an de Patrick Bausch eis och ginn hunn. Dat féiert elo ze wäit, fir do auszeféieren.

Mee wéi gesot, mir sinn e Grupp, do sinn och d'Interesseveräiner mat dran an och de Geschäftsverband an och de Syndicat d'initiative an och mir vun de Gemengen, vun de Fraktiounen hei an der Gemeng alleguer. An do geet et drëm, och dat ze bewäerte wat oder och nozelauschteren, wat am Fong erauskënnt bei deem Ganzen, bei deene Recherchen, déi gemaach ginn. An ech fannen, dass dat extreem flott ass. An dat bréngt eis wierklech weider. Och do gesi mer d'Schwächte vun eise Biergerrot, Panel, Kannergemengerot, Jugendgemengerot. Doriwwer ass elo nach net esou vill ge-

schwat ginn. Mee virun allem Biergerrot, Panel an och de Budget participatif, wat virun allem d'Bedeelegung vun der Populatioun ubelaangt. An do kann ee weiderschaffen. An dat fannen ech eeben eng immens, immens flott Zesummenaarbecht.

An ech wëll awer och nach eng Kéier soen, wann ee lo kuckt hei, dat hei ass eppes, wat och Diddeleng direkt betrëfft, wou mir och domat schaffe kënnen. An och wann s de elo de finanziellen Invest vun dësem Projet am Verglach mat deem Projet vu virdrun, do si mer an enger anere Cas de figure. Ech hu just eng Fro. Also wéi gesot, mir begréissen dat heiten, dat ass ganz an der Rei. Et ass e bësse komplex mat deene Suen, déi iwwreg bliwwe sinn an hei an do. Mee de Loris huet dat awer elo relativ gutt erkläert. Mee ech fannen elo just komesch, dass am Budget vun 2025 näischt drasteet ënnert dëser Nummer. Deen ass mat Null ass deen, ass dee Posten am Budget cotéiert.

Dofir meng Fro: Wéi ass dat méiglech? Oder ass dat effektiv sou, dass mer Enn dëst Joer elo komplett fäerdeg sinn an d'Uni komplett eraus ass? An dat hunn ech elo net richteg verstan. Merci. A wéi och deen éischten Addendum, wäerte mer och deen zweeten Addendum stëmmen, och wa mer bei der éischter Ënnerschrëft vun der Konventioun net am Sall waren. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech war effektiv, wou ech d'Dokumenter gekuckt hat, sinn ech noliese gaangen, wat geschitt war, fir dass do keen am Sall gewiescht wier. Dat heescht, ech hunn d'Geschicht kannt. Ech wollt awer nach e puer Saachen elo heizou froen, well ech effektiv dee ganzen Historique dann och net honnertprozenteg nach kennen. A vun deem wat ech erausfonnt hunn, si mer nach zwou Froen dann iwwreg bliwwen. Dat wat ech flott fannen dat ass, dass d'Deliverabelen do elo drastinn an dass esou Tëscheberichter sinn do keng gemaach gi bis elo? Oder ass dat doten elo just zum Schluss wou all déi Rapporten do kommen? Dat war mer elo net ganz kloer. A wann ech richteg verstanen hunn, kuckt d'Uni jo och, also wéi et ëm d'Participatioun steet. Dat heescht op de Bléck vu wéi d'Leit agebonne ginn. Dat heescht éischter esou d'Meta-Analys vun där Saach.

An d'Projete selwer, déi gi jo net evaluéiert. Dat heescht elo zum Beispill alles dat, wat am Budget participatif kënnt, wéi dat genotzt gëtt, beispillsweis de Frigo solidaire, wéi d'Leit drop reagéieren, ob dat gebraucht gëtt oder net a wéi et do och mam Suivi vun deene Projeten ass, ob déi auslafe gelooss ginn. An no wéi enger Dauer, dass do vläicht eventuell gekuckt gëtt, okay, deen ee Projet ass vläicht ee Succès, dee bréngе mer vläicht och e bësse méi flächendeckend mat an. Also elo d'Beispill vum Frigo solidaire, dass e seet, voilà, dat huet esou gudde Succès, do maache mer en zweete Frigo op eng aner Plaz hin. Gëtt et do och ee Suivi par rapport zu den Elementer, déi dobäi erauskommen? Voilà. An dann hat ech mer opgeschriwwen, oder ob dat éischter bei de jeeweilege Gemengeservicer herno suggeréiert gëtt an do mat ënnerfält? Dat wären u sech meng zwou eenzeg Froen.
Mir wäerten dat doten och ënnerstëtzen. Merci.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Merci, Här Buergermeeschter. Ech wëll awer och nach de Félix Bonne an eiser Ronn begréissen, deen neie Mataarbechter vun deem wichtege Service. An ech géif dann och dem Félix emol direkt d'Wuert ginn. Hien huet déi eng oder déi aner Äntwert bestëmmt parat. An da géing ech duerno enchaînéieren. Merci.

FÉLIX BONNE (COORDINATEUR VUM SERVICE DE LA DÉMOCRATIE PARTICIPATIVE): Schéine gudde Mëtteg. Ech ginn der Reiefolleg no och. Also effektiv, am Budgetsartikel vum nächste Joer steet kee Montant méi dran. Duerch déi Vacance de poste, also et ass esou, datt do e Budgetsplang gemaach ginn ass, do sinn d'Depensen no Datumer opgelëscht, an no deem Budgetsplang si mir den 31. November 2024 fäerdeg mat eisen Depensen. Do gëtt et awer Stand haut dee residuale Budget, deen ass scho bei der uni.lu op de Konten. An elo wier d'Méiglechkeet gewiescht soit ze soen, dee gëtt elo 50:50 opgedeelt oder mir investéieren deen an eng Verlängerung, wat dann elo haut de Fall ass, duerch deen Avenant. An doduerjer brauche mir d'nächst Joer, also am Exercice 2025 keng Depense méi dofir virzegesinn.

Den Här Steffen huet d'Fro gestallt, a punkto Tëschebilane vun der Uni, also d'Liwwerabellen effektiv. Do gëtt et e Rapport intermédiaire, deen intern, respektiv um Niveau vun der Gemeng, publizéiert gouf. Et gëtt awer och eng Gesamtpublikatioun um ORBilu vun der uni.lu, wou de Budget participatif, déi éischt Editioun, ganz evaluéiert gouf, mat deene verschiddene Variabelen a Valeuren, wou do analyséiert goufen. Deen ass ëffentlech zougänglech, dat ass eng wëssenschaftlech Publikatioun. Op där anerer Säit ass et awer och esou, datt no dëser Konventioun am Laf vum nächste Joer wäert e gesamte Rapport kommen, respektiv eng Gesamtanalys vun der Situatioun vun der Biergerbedeelegung hei zu Diddeleng, wou och vläicht ee ka soen, datt et och eng Re-evaluatioun ass vun deene Projeten, déi de Moment lafen an och Recommandatioune vum Här Kies wäerte kommen, wéi mer do kënnen am beschte weidermaachen.

Wat de Suivi vun de Projeten ugeet, also d'Universitéit ass an engem éischte Schratt dofir do, fir de Projeten d'Analys, d'Metaanalys effektiv hannendrun ze maachen. Déi intern Analys, déi gëtt hei gemaach am Service, Service de la Démocratie Participative, da kann ech och elo e bësse Reklamm dofir maachen, dat gëtt bei eis gemaach. Dat heescht, mir analyséieren op där enger Säit, wéi ass de Workflow intern op der Gemeng. Mir analyséieren awer och wéi déi Projeten, déi mer erakréien a vläicht an enger Editioun net kënne realiséiert ginn, un déi richteg Servicer kënne weidergeleet ginn. Mir analyséieren awer och wéi et weidergeet mat deene besteeënde Projeten. Stand haut ass et awer esou, datt déi Projeten, déi realiséiert goufen, wéi zum Beispill de Frigo Solidaire, dee ganz niddreg rekurrent Käschten huet an deem jeeweilege Service ugesidelt ass an och do weiderhin ugesidelt soll bleiwen.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo, ech mengen den Här Bonne huet sou zimmlech alles gesot. Virun allem wëll ech awer alleguerten och Merci soen, dass

Der weiderhin dëse wichtege Projet esou ënnerstëtzt. An et ass effektiv, wéi d'Madame Kayser gesot huet, et ass e Prozess. An deen ass vläicht e bëssen holpereg lancéiert ginn. Bon, och do ginn d'Meenungen natierlech auserneen. Mee ech menge mir sinn eis alleguerte bewosst, dass mer engersäits mir heibannen, awer eis Biergerinnen a Bierger dobaussen an och déi concernéiert Servicer musse léieren, mat deem neie Wand am Moment, an am Momentum, deen et säit Joren an deem dote Beräich gëtt, e bëssen ëmzegoen. An ech mengen dofir war et extrem flott, dass mer all déi Joren iwwert déi Konventioun d'Uni un eiser Säit haten, déi eis awer do konnten analytesch begleeden an eis och a punkto Methodologie déi richteg Informatioune ginn, bezéiungsweis déi richteg Schlussfollgerungen.

Dir mierkt, dass déi verschidde Prozesser, déi mer hunn, ëmmer nach gutt sinn, och wa mer un där enger oder anerer Stellschrauf hu missen dréien. Ech mengen ech hat et och virdrun erwäänt, zum Beispill, dass eise Biergerrot an de Biergerpanel elo vill méi thematesch ugesidelt ginn, notamment iwwert d'Biergerbedeelegung hei zu Diddeleng, fir dass mer no deenen éischten Erfarungen, déi mer gemaach hunn, och ëmmer d'Leit dobausse froen: Majo, wéi lieft dir dat? Wéi erlieft dir dat? Wat, hutt der vläicht gutt fonnt, wat hutt der manner gutt fonnt? Wat hutt der iwwerhaapt matkritt? Wat hutt ee wat mat kritt? Wat hutt der iwwerhaapt matkritt dovunner?

Mir stieche ganz vill Suen an d'Kommunikatioun. An awer stellt een ëmmer erëm fest, dass net jiddwereen dat matkritt wat mer vu Projete sou lancéieren. Ech géif och gäre mol nokucke wien heibannen esou mat votéiert huet, beim Budget participatif. Ech si mer net sécher, ob mer do op 100 % kommen. An dat seet och schonn iergendeppes aus. An deementspriechend hu mer do nach genuch Aarbecht. Awer ech menge mir all zesummen, an och mat eisem neie Responsabel vum Service de la Démocratie Participative, ass mer do guer net baang, dass dat an déi richteg Richtung geet. An ech mengen, dass mer d'Froe beäntwert hunn. A mir wäre prett fir de Vott, Här Buergermeeschter.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer zum Vott iwwer. Wien ass hei mat der Konventioun averstanen? ***Dat ass unanime.***
Da soen ech Iech villmools Merci.



# 5. FINANZEN

**5.1. Modifikatiounen am Kapitel IV: Chancellerie – vum allgemengen Taxereglement**

**5.2. Modifikatiounen am Kapitel XXIV: Stationnement spécial – vum allgemengen Taxereglement**

**5.3. Approbatioun vum Taxereglement fir Cautionnementer bäi Aarbechten entlaang der Voire publique**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Déi nächste Punkten, déi mer hei hunn, do geet et ëm d'Modifikatioun vun enger ganz Rei Taxen. An et sinn der dräi Stéck. An ech géif proposéieren, dass ech se zesummen huelen. Da kënne mer se och herno zesummen diskutéieren, dat ass vläicht méi einfach. Déi éischt Tax, do geet et am Fong ëm d'Taxe de chancellerie, do geet et ëm d'Baugeneemegungen. Et ass jo esou, an Dir wësst et, dass et elo säit 2010 déi leschte Kéier war, wou mer eis Baugeneemegung an d'Taxe ronderëm d'Baugeneemegungen och deementspriechend modifizéiert hunn. Also säit gutt 14 Joer gouf déi net méi gehéicht. Sief dat fir eng Maison unifamiliale, sief dat fir eng Maison de rapport, an och, wéi gesot, fir d'Annexe Garagen, fir Maueren, Monuments funéraires. Wéi gesot, dat ass schonn eng Zäitchen hier, wou déi d'Applikatioun sinn. An d'Iddi ass, haut hei eng Rei Ännerunge virzehuelen.

A fir déi virzehuelen, an och déi Montanten, déi mer elo hei proposéieren, bon, déi kommen net vun ongeféier. Mir hunn natierlech e bësse gekuckt wéi aner gréisser Gemengen, wéi si d'Autorisatioun, d'Baugeneemegung, wat déi fir eng Tax dropmaachen, an déi meescht, déi sinn tëschent 20 € a 50 € an de Gemengen. An dofir hu mer hei effektiv d'Propos gemeet, e bëssen eropzegoen, eis an deem Kader ze orientéieren.

Dofir ass hei d'Propos effektiv bei Annexe Garage trop important, vu 24 op 50 eropzegoen, bei der Maison unifamiliale vu 50 op 150, bei der Maison de rapport vun 150 op 250, bei Clôture mur, Enseigne lumineuse vun 12 € op 25 €, vu Monument funéraire, Echafaudage vun 12 op 25, vum Lotissement Morcellement vun 12 op 50. Bon, och dat well awer mer ëmmer mierken, dass d'Dossieren ëmmer méi voluminéis ginn, dass d'Komplexitéit och ëmmer méi grouss gëtt vun eise Mataarbechter a Mataarbechter, déi déi Dossiere verschaffen. Also hei am Fong dann eng Verdueblung. Mee bon, et bleift awer nach a ganz abordabele Paragen, wann een dat natierlech kuckt, mat deene Mon-

tanten, déi investéiert da gi fir déi Baulechkeeten och deementspriechend ze maachen. An dofir mengen ech dann déi Propos, dat hei ze héijen.

Da komme mer op deen nächsten. Dat ass de d'Taxe Stationnement spécial. Bon, Dir wësst, dass mer am PAG, virun allem am Zentrum, eis jo ëmmer déi Méiglechkeet ginn hunn, dass wann ee muss Parkplaze schafen, respektiv wann een net ka Parkplaze schafen, grad eeben am Zentrum, dass ee sech do ka fräikafen. Déi Méiglechkeet ass, war am viregte PAG an der Zone centrale, a mir hunn dat elo weider jo och am aktuelle PAG am Zentrum, ass jo d'Zone mixte urbaine, dat ass jo den Zentrum vun Diddeleng. A bis elo war déi Tax ëmmer bei 9.500 €. Mir hunn e bëssen an anere Gemenge gekuckt. Do ass et da 15.000 €, awer och emol 20.000 €, och emol 40.000 €. Do hu mir gemengt, dass een déi 9.500 op 15.000 € kéint och deementspriechend erhéijen. An et trëfft virun allem dann awer och manner Privatleit, déi esou Projeten hunn am Zentrum, effektiv dann éischter, wéi gesot, Entreprisen. Dat war am Fong déi Propos.

An dann déi nächst Propos, dat ass d'Cautionnement. Dat ass eppes ganz Neies, wat mer aféieren. An dat sinn och eng Rei Erfarungswäerter, déi mer déi lescht Jore gemeet hu wa Privatleit oder Entrepreneuren oder Promoteuren um privaten Terrain Aarbechte maachen an awer och en contact si mat der Voirie publique, déi do niewendru gemeet ginn. A wann da mol Degâte waren, bon, dann si mir natierlech aktiv ginn, dann hu mer da misse schreiwen a soen, do sinn Degâten entstanen, do musst der natierlech dofir opkommen, dat musst der reparéieren. Wa se asiichteg waren, da kee Problem, mir maachen dat. Oder du hues zwee, dräi Courriere misse maachen. Also heiansdo och net onproblematesch. Dat geet vu Fissurë bis Crevassen, bis Pavéen, déi futti sinn oder déi schlecht alignéiert sinn. Also vu Surface, déi net riicht ass, mee wou effektiv en Niveausënnerscheed ass, oder och carrement vum Revêtement du sol, wou eng Degradatioun carrement stattfonnt huet, oder awer och Ilôten, wou Beem sinn. Also et gi verschidde Cas de figuren, déi aus der Praxis weisen, dass mer och an esou Situatioune waren.

An dofir wollte mer dat Cautionnement aféieren, déi een natierlech muss och da bezuelen. A wou mer natierlech och fräiginn, nodeems mer dat Ganzt natierlech och kontrolléiert hunn. Dat ass eise Service Architecture et Domaines, deen dat mécht. Wa kee Problem ass, da gëtt natierlech déi Kautioun zréckbezuelt, déi abezuelt gouf. Wa geweigert gëtt, se ze bezuelen oder d'Aarbechten ze maachen, bon, dann hu mir awer eng Kautioun, déi mir kënnen huelen, fir déi Aarbechte maachen ze loossen, dat war bis elo net de Fall. An da gëtt se eeben net zréckbezuelt. An déi aner Méiglechkeet ass, wéi gesot, dass si d'Aarbecht sécherlech da maachen. An da kann een nawell och d'Kautioun zréckbezuelen. An dat wär den drëtte Cas de figure, dat wär jo dann och nach en einfachen. Dofir ware mer hei der Meenung, dass déi Kautioun, déi mer aféieren, wann et bei enger Maison unifamilliale ass, dass mer do 5.000 € froen, bei enger Maison plurifamilliale 15.000 €, bei engem Immeuble mixte commercial, artisanal ou industriel 15.000 €, a bei enger Tankstell 15.000 €. An dat heescht do muss dat ausbezuelt ginn da wann och d'Baugeneemegung ausgestallt gëtt, da muss ee se, wéi gesot, hunn.

Eis Servicer kontrolléieren dat. A wann alles konform ass, gëtt se entweeder zréckbezuelt, wann net, da gëtt se agehalen. Voilà. Dat bësse méi en neie Prinzip, dee mer hei, wéi gesot, wëllen aféieren. An och do hu mer eis e bëssen un anere Gemengen inspiréiert. An et ginn emol méi grouss, méi kleng Gemengen, déi och esou Kautiounen agefouert hunn. Dat heescht, och hei ass et elo direkt fir eis zwar elo en Novum, mee insgesamt bei anere Gemenge keen Novum. Dat heescht, mir probéieren dat hei iwwert deen dote Wee opzefänken. Ech mengen dat waren déi Erklärungen, déi ech heizou wollt ginn. D'Diskussioun ass op. Wa Froe sinn, ass dat kee Problem.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools merci. Just eng Prezisiounsfro, wou Der virdru geschwat hutt vun de Plazen, wou ee sech ka fräikafe wa Logementer gemeet ginn an ee keng Parkplaz huet. Wéi ass et mat deenen Haiser, déi wou elo esou Chamberen, esou eenzel Zëmmere verlounen herno a wou relativ vill Logementer drakommen? Wéi gëtt dat do gehandhaabt? Zielt dat do pro Zëmmer, wat ech mer jo net ka virstellen, oder wéi leeft dat do? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Ech mengen do kann eise Service Architecture et Domaines Iech déi ganz Erklärungen dozou ginn, kee Problem.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Jo, ech hätt eng Fro zum Cautionnement. Also mir verstinn d'Logik, fir esou eppes anzeféieren, dat ass kee Problem. Ech hu mer just eng praktesch Fro gestallt, well och an der Deliberatioun steet, dass dann d'Servicer vun der Gemeng d'Implantatioun kontrolléiere ginn, den Niveau vun der Dall kontrolléiere ginn, d'Enveloppe thermique kontrolléiere ginn. An da muss jo en État des lieux virdru gemaach ginn an duerno, zum Schluss, fir eeben och ze kontrolléieren, ob dann déi Kautioun muss abehale ginn oder net an ob do muss eppes reparéiert ginn oder net. An ech froe mech einfach ganz praktesch, ob dat net extreem vill Opwand gëtt fir déi Servicer, wann ee sech elo denkt, dass all Kéiers, wann e Chantier ass op der Voie publique, voilà, ob dat iwwerhaapt machbar ass fir eis Servicer?

An da just nach eng Fro zur Terminologie. Am éischte Punkt, mam Bautereglement, do steet Maison unifamiliale an da Maison de rapport. Ech hunn dee Begrëff net kannt, dee steet och net an eisem Bautereglement. An ech hu mech gefrot, ob dat net einfach Maisons plurifamiliales misste sinn. Dat ass nämlech och déi Terminologie, déi och hei elo beim Cautionnement benotzt gëtt. An ech mengen et ass méi richteg, well eng Maison de rapport, déi gëtt jo am Fong just verlount an net Appartementer verkaaft, just eng Klengegkeet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Jo, merci fir déi pertinent Remark, effektiv. Soss nach een? Neen, dat ass net de Fall. Bon, da géif ech vlä-

icht dem Cathy Mambourg, de Christophe Carreira, déi kënnen op eng ganz Rei Punkten Erklärunge ginn, wéi mer dat exekutéieren.

CHRISTOPHE CARREIRA, AUTORISATIONS DE BÂTIR ET POLICE DES BÂTISSES: Jo, Här Martini, also wat d'Chambre meubléeën ubelaangt, wann e Projet an enger Mixed US elo sollt geplangt ginn, da kënnen déi och déi Taxe compensatoire bezuelen. An et ass esou, dass bei de Chambre meubléeën, do froe mer jo pro dräi Kummeren eng Parkplaz. Dat heescht, wann een elo e Projet huet mat, jo, 9 Kummeren, da misste se dann eeben dräimol déi Tax bezuelen. Dat ass awer just méiglech am Mixed US. Fir elo op d'Fro vun der Madame Thoma zréckzekomme wéinst den État des lieuxen an och d'Implantatiounen, wou mer solle kontrolléiere goen. Do ass et esou, dass wann de Maître d'ouvrage d'Baugeneemegung siche kënnt, do hu mer eng Fiche, déi mer de Maître d'ouvrage ënnerschreiwe loossen. Do ass da genau erkläert, wéi dat soll verlafen, wann zum Beispill d'Implantatioun elo soll stattfannen. Do ass et esou, dass de Maître d'ouvrage eis och e Plang vun engem Geometer ka schécken, dass mer net direkt op d'Plaz musse goen. Mir maachen et, wann et gefrot gëtt.

D'Receptioun vun der éischter Dall, do ass et esou, dass mer oft de Maître d'ouvragë mussen nolafen. Dat heescht, dat ass och net ëmmer evident. Mee mir hunn zwee Bautepolizisten, déi fueren awer reegelméisseg ronderëm an déi gesinn dat. An da gi se dat och kontrolléieren. Wat d'Enveloppe thermique ubelaangt, do ass et och esou, dass mer d'Fiche techniquen och ëmmer per Mail beim Maître d'ouvrage nofroen. Do mierke mer och an der Lescht, dass mer déi net ëmmer kréien. Dofir denke mer, dass sou eng Kautioun, dass dat och en Drockmëttel ka sinn, fir dass se awer do e bësse kooperéieren.

An, jo, an dann éier mer d'Gebai fräiginn, wann d'Leit sech dann och wëllen umelle kommen, da biede mer de Maître d'ouvrage, sech och bei eis ze mellen, fir dass mer dat da kontrolléieren, ob se och déi richteg Unzuel un Unitéite geschaf hunn, ob d'Kummeren déi richteg Dimensiounen hunn. Dat maache mer awer dann och, wa se eis dann och ruffen. A soubal se hei sech hei wëllen umellen, da gi mer op d'Plaz. Dat sinn zwou voll Tâchen. Et ass och e bëssen Neiland fir eis, et ass net ëmmer evident. Mee, mir maachen do eis d'Bescht.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Et ass op all Froe geäntwert ginn. Wa keng méi sinn, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Maache mer a separate Vott. Wien ass mam neie Règlement-taxe fir d'Baugeneemegungen averstanen? ***Dat ass unanime.*** Mam Reglement fir de Stationnement spécial? Respektiv fir d'Aféierung vun enger Kautioun? ***Och unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. An Iech och Merci fir Är Presenz an Är Erklärungen.

**5.4. Resiliatioun vum Contrat de bail commercial mat der Société coopérative "Maison du Peuple" fir de Local commercial op 31-35, avenue Grande-Duchesse Charlotte**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Gutt, da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Hei ass am Fong d'Resiliatioun vum Bail, dee mer ënnerschriwwen hu mat der Société Cooperative Maison du Peuple. Dee resiliéiere mer hei. Deen ass jo am Fong den 1. November, wéi gesot, ugelaf. Normalerweis leeft en den 31. Dezember aus. An natierlech si mer hei an der Situatioun, wou mer jo Locataire sinn, respektiv hei jo d'Sous-locatioun gemeet hunn un de Commerce, un den ALBUM. Et ass esou, dass do déi Sous-locatioun, déi mer hei gemeet hu fir dräi Joer, dass déi zum Schluss kënnt a mer kierzlech och eng Reunioun haten, ënner dräi Parteien, Vertrieder vun ALBUM, vun der Maison du Peuple, respektiv also den OGBL an d'Stad Diddeleng, wou mir eis aus deem heite Projet kënnen zréckzéien als Locataire. An dass am Fong hei d'Maison du Peuple mat der Société ALBUM direkt e Contrat de bail maachen ab den 1. Januar 2025, wou se am Fong da weiderfueren.

Dat heescht, hei kann ee soen, mir zéien eis als Gemeng eraus. Mission accomplie, plus qu'accomplie. Well dräi Joer laang, wou den ALBUM hei mat Succès besteet, e funktionéiert. A wéi gesot, hei hu mer jo eent zu eent de Loyer weiderginn. Eise City Manager huet dat Ganzt begleet, encadréiert. Lo steet den ALBUM no dräi Joer op eegene Féiss. Ech mengen dat ass e Commerce, dee vill Initiativen hëlt och mat anere Geschäftsleit, wat jo positiv ass a wat och positiv ass, wann ee sou Initiativen hëlt, wou een e Coup de pouce gëtt wärend dräi Joer, an elo kënne se selwer iwwerhuelen. An ech mengen, dass dat an deem Sënn och deementspriechend esou ass, wéi et soll beschtefalls funktionéieren. An, wéi gesot, eisen, deen ass elo net hei zur Approbatioun, mee eise Contrat de bail mat ALBUM, dee leeft aus. Dat ass eis Sous-locatioun. Voilà. Dat zu den Erklärunge vun dësem Contrat de bail. Jo, Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci fir d'Wuert. Dat heescht, mir hate jo mat ALBUM de Sous-locatiounskontrakt, dee leeft jo elo am Fong aus den 30.11.2024. Ass dat dat, wat Dir elo gesot hutt? Deen hu mer lo net hei virleien.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Neen, dee leeft aus.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dat ass einfach, da brauche mer dat net ze aviséieren. Neen. Dann hu mer awer am Fong mat der Associatioun Maison du Peuple hate mer jo e Kontrakt fir 9 Joer. Fir 9 Joer, dat heescht dat ab 1.11.2021. A, bon, ech fannen dat awer och nëmmen normal, dass wann elo de Proprietär direkt mam Sous-locataire eens gëtt, dass mir eis dann do zréckzéien, dann hu mer déi Suen, déi mer do virgestreckt hunn, quitt dass de Loyer, dee mir bezuelt hunn, dass deen och vum Sous-locataire ganz iwwerholl ass, dass mer déi Suen da kënnen anescht investéieren.

D'Fro ass: Hu mer schonn en anere Lokal vläicht en vue, wou mer och vläicht eng Kéier kënnen op dee Wee goen, dass mer eppes lounen an dann och als Pop-up weiderginn? Déi zweet Fro ass: An der Enceinte vun ALBUM hat och dat Kanner-Spillsaachegeschäft Papillon en Ënnerdaach fonnt. Wësst Dir, ob déi dann awer elo nach do bleiwen oder ob déi enzwousch anescht ginn? A wéi gesot, jo, dat heiten ass fir eis kee Problem, fir dat ze accordéieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Soss nach weider Froen? Bon, punkto déi éischt Fro, punkto Pop-up. Du war jo kierzlech eng Aweiung vun engem Pop-up, dee Käerze verkeeft. Ech mengen dat ass jo den Esprit, den Etat d'esprit vun een, zwee, dräi Méint. Dat hei war jo e bëssen an engem Esprit vu Contrat de bail vun 3 Joer, dat ass jo e bëssen eng aner, dat ass jo kee Pop-up hei, dat ass jo e bëssen eng aner Approche. An déi Coffres à papillons an ALBUM zesummen, déi wäerten dat elo weiderféieren, zu zwee weiderféieren eeben als Locataire vis-à-vis vum Proprietär Maison du Peuble.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): A just, hu mer nach schonn en anert Lokal iergendwéi ugebuede kritt?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Also eise City Manager ass ëmmer amgaangen ze kucke wat Lokaler sinn, déi an eng interessanter Lag sinn, wou ee kann uloune respektiv duerno weiderverlounen. Dofir ass et wichteg, Kontakt ze hu mat de Proprietären. Mer hunn nach näischt de Moment konkreet, mer hunn e bëssen d'Füler ausgestreckt, mee bon, et muss ee jo och soen, dass insgesamt, dat hat ech och de Muere gesot am Budget, mir hunn e bëssen e Leerstand, awer net allze vill Leerstand hei zu Diddeleng am Verglach zu der nationaler Situatioun. Also hei ass e bei 7 %, national ass e bei 14 %. Also mir sinn, mengen ech, zimmlech gutt hei. Ass de Gemengerot hei mat där Resiliatioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**5.5. Approbatioun vun engem Acte notarié mat de Consorts Terreri fir d'Acquisitioun vun enger Emprise op 15, Rue de la Fontaine**

**5.6. Gratis Cessioun vun enger Terrainsparzell op 7, Rue Théodore Thiel un d'Société anonyme "Oceane Group S.A.", d'Société civile "Ichiro s.c.i." an déi bestuete Koppel Francisco Brito Correia – Filomena Maria Monteiro Lopes Correia**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer eriwwer op e puer Acte notariéen. Also, den éischten, dat ass an der Fontainesstrooss, 15 bis 17, Rue Fontaine. D'Proprietäre sinn d'Dammen Terreri. A wéi gesot, mir kafen dat of fir d'Integratioun an d'Voirie publique, dat ass ëmmer 700 € den Ar, 0,24 Ar sinn et. An hei bezuele mer 168 €. Dann den nächste Punkt, dat ass an der Théodore Thiel Strooss, 7, Rue Théodore Thiel. Do ass de Syndicat vun de Koproprietären, Oceane Group, S. A., Ichiro, s.c.i., Francisco Brito Correia a Filomena Monteiro Lopes Correia. Hei sinn et 0,03 Ar, 500 €. Et läit an enger HAB1.

An hei ass et am Fong esou, dass eng Cessioun gratuite gemeet gëtt, well si wëllen am Fong Proprietär vun där Parzell ginn, well déi Trape vun där Proprietéit effektiv do op der Voirie publique sinn. Mir hate schonn deemools op Nummer 5, Théodore Thiel, eng Cessioun gratuite gemaach. Dat war mat der Famill Neisius, dat war e bëssen déi selwecht Situatioun. An dofir och hei d'Propositioun dass, wann een dat mécht, dass als éischt muss reklasséiert gi vun engem Domaine communal public an en Domaine communal privé an da kënnt der réischt am Fong d'Approbatioun maache vum Acte notarié fir eng Cession gratuite. Also mir hate jo schonn e puermol där Situatiounen hei am Gemengerot, wou een dann dat muss da switchen. Dat war alles zu deenen zwee Dokumenter do.

Ass de Gemengerot mat der, mam Acte notarié mat de Consorts Terreri averstanen? ***Jo, dat ass unanime.*** Dann, beim Punkt 5.6. ass de Gemengerot domadder averstanen, dass mer d'Parzell vun engem Domaine communal public an den Domaine communal privé ëmwandelen oder reklasséieren? ***Dat ass unanime.*** An dann den zweete Vott. Sidd Der domat averstanen, dass mer dann déi Cession gratuite maachen? ***Dat ass och unanime.*** Villmools merci.

**5.7. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Infrastrukturaarbechte fir d'Extensioun vum Reseau vun der Fernwärme en vue vun der Ubannung vun dem neie Schoulgebai Baltzing**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer bei en Devis estimatif vu 530.000 €. Ech begréissen hei an eiser Ronn den Nic Krumlovsky an de Pascal Steichen. Well hei geet et ëm de Reseau vun der Cogeneratioun. An et huet se di mam Neibau vu Balzeng, wou jo an der Planung ass vun der Balzenger Schoul. An natierlech eng nei Schoul, e Plang vun där Envergure, dat gëtt eng Extensioun vum Reseau an am Fong och vum Chauffage. An do ass am Fong hei d'Iddi, déi virläit, dass mer dat effektiv ubannen un d'Cogeneratioun. D'Cogeneratioun, Dir wësst un d'Fernwärmenetz dat am Hartmann ass. Dat jo säit 2023 eng nei Ausriichtung kritt huet, vu dass et net méi mat Gas fonctionéiert, mee mat, wéi gesot, mat mat Pellets. Virun allem, quitt dass de Gas nach do ass fir ze hëllefen, wann et effektiv mat Pellets net géif duergoen.
An d'Cogeneratioun, dat wësst Der, ass do engersäits fir de ganze Quartier Brill. Si ass do fir d'Kooperativ Brill, fir Servior, fir de Lycée Nic-Biever, fir de Centre sportif René Hartmann, fir d'Schoul Brill natierlech, och d'Maison relais, Schwämm. An hei wär natierlech och, well mer déi néideg Capacitéiten hunn, dat och un d'Balzenger Schoul och unzebannen, well, wéi gesot, déi néideg Capacitéiten do sinn.

Dat ass e bësse méi en techneschen Dossier, wou mer och eng kleng Presentatioun wollte maachen, respektiv eng Rei Erklärungen. An dofir, mengen ech, géife mer souwuel dem Nic Krumlovsky an dem Pascal Steichen d'Wuert gi fir eng Kéier kuerz duerch hei dat Dokument, wat technescher Natur ass, vu Schroeder et associés duerchzegoen, fir dat ze erklären. Dofir Nic, Pascal, ech ginn Iech d'Wuert.

NIC KRUMLOVSKY, INGÉNIEUR DE LA VILLE: Merci, gudde Mëtteg. Et ass esou, d'Eckdate vum Fernwärmenetz, dann ass et esou, dass d'Cogeneratioun eng Firma ass, wou d'Gemeng och mat Aktionär ass.

D'Wärmeproduktioun, dat gëtt mat Pelletskessele gemaach, 2 x 900 kW. An d'Spëtzelaaschtkesselen, dat ass 2 x 2.100 kW, déi gi mat Gas bedriwwen. Firwat déi esou héich sinn an iwwerhaapt nach do sinn dat ass, dass mer déi al Kessele recuperéiert hunn, déi mer fréier am Centre Hartmann haten. Et sinn déi nämmlecht, déi sinn nach gutt. D'Gesamtlängt, dat si plus/minus 9 Kilometer, wou d'Leitungsnetz laang ass. An dat geet vun Duerchmiesser 40 bis op 150 Millimeter. D'Wärmeproduktioun, déi deelt sech am Fong an zwou Kategorien op. D'Grondlaascht, déi gëtt ausschliisslech mat Pellets gemaach. Pellets, dat entsprécht in etwa 86 %. An dee gielen Deel, deen Der am Diagramm gesitt, dat ass de Gas awer nach. De Gas gëtt geholl wa Revisioun gemaach gëtt um Pelletsuewen, e gëtt awer och geholl wann am Wanter wärend méi laangen Deeg d'Temperaturen ënner 5 Grad minus sinn. Am Summer gesäit een hei och, dass de Gas nach mol aspréngt. Dat ass awer nëmmen, well mer mat de Pellets, well mer déi net esou kleng erofgesteiert kréien, dass et mat der Leeschtung géif duergoen. Dat heescht mir hunn ze vill Leeschtung an deem Moment. D'Temperaturen am Netz, déi sinn am Virlaf 90 Grad Celsius an am Récklaf 65 Grad Celsius.

Hei ass elo e Schema, wou ee gesäit, hei ass elo d'Parzell, wou d'Schoul stoe kënnt, d'Balzengerschoul. An do ass et virgesinn, hei wou ech elo mat der Maus hei fueren, duerch d'Théodore-Thielstrooss bis bei d'Pasteurstrooss, a vun der Pasteurstrooss Direktioun Dupontstrooss, well dat ass dee Wee wou d'Leitung fir d'Altersheim, wou déi ropgeet. Do wollte mer do e Piquage maachen, fir dass mer, mir hunn d'Leitung relativ no an der Géigend leien. D'Uschlosslängt, dat wären am ganzen 340 Meter an d'Leeschtung vun der Schoul, dat sinn eigentlech just 135 Kilowatt, dat ass net vill. A mir hu genuch Reserven, fir dat mat unzeschléissen. Dat Ganzt ass en Devis estimatif gerechent ginn. Do ass de Bureau d'Etudes mat deene 60.839,02 € ouni TVA awer. D'Ausféierung selwer, den Devis, dat sinn 390.000 € ouni TVA, soudass mer géife proposéieren, dat als d'Gesamtkäschte mat TVA 530.000 €. Déi 530.000 €, dat beinhalt d'Gruewaarbechten, d'Bureau d'études, do ass d'Leitung, déi verluecht gëtt net dobäi, well déi bezilt d'Cogeneratioun S.A., dat kascht d'Gemeng näischt. Dat war am Fong d'Presentatioun.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci fir déi doten Erklärungen. En technesche Projet, mee deen awer wichteg ass, well mer hei effektiv d'Balzenger Schoul dann awer un d'Cogeneratioun ubannen. Wann elo Froe sinn, da mengen ech ganz gären. Här Steffen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci, also merci fir d'Presentatioun. Ech hätt just eng Fro, well ech u sech wierklech och net vill dovunner kennen. Mee um Plang huet et ausgesinn, wéi wann déi Réier schonn aus der Kennedystrooss kommen an do hunn ech mech gefrot, ob et net méi gënschteg géif ginn, well déi méi kuerze Wee duerch d'Rue Jean Eiffes wier, ass dat keng Méiglechkeet? Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Elo dee leschte Saz, wou den Nic gesot huet, wat d'Cogeneratioun ugeet, hat ech net richteg matkritt, wann en dat vläicht nach eng Kéier ka widderhuelen?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: D'Leitung. D'Pose vun der Leitung. Dat mécht d'Cogeneratioun. D'Wuert weider rëm un den Nic Krumlovsky.

NIC KRUMLOVSKY, INGENIEUR DE LA VILLE: Et ass esou, mir hunn e bësse Problemer fir Plaz ze fanne fir d'Leitung nach ze leeën. Dat heescht, an der Flemingstrooss, wou d'Leitung och duerchgeet, do ass keng Plaz méi fir eppes Neits hinzeleeën. Mir hunn och Proufläćher gemaach, dat huet Der vläicht gesinn, wann een duerch Diddeleng gefuer ass. Mir fänken un, ëmmer méi Problemer ze kréien, dass keng Plaz méi weeder am Trottoir nach an de Stroossen ass fir d'Infrastruktur hinzeleeën. Dat ass am Fong eng Erklärung, firwat mer deen dote Wee gesicht hunn. Déi zweet Erklärung ass, mir hunn och e bëssen um Verkéier opgepasst, dass wa mer hei duerch d'Théodore Thiel fueren, well eng Säitestrooss awer ass a wou de Verkéier net derduerchgeet, do blockéiere mer a mir behënneren d'Bierger manner.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Wann dat esou kriddeleg ass, musse mer da vläicht eng Kéier drun denken, eng zweet Cogeneratiounsanlag ze bauen oder wéi? Wa mer net méi mat de Leitungen duerchkommen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Déi Cogeneratioun ass jo voll funktiounsfäeg.
Ass de Gemengerot mat deem Devis hei averstan? Wien ass dofir? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools merci an ech soen och dem Nic Krumlovsy an dem Pascal Steichen Merci fir hir Presenz.

**5.8. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Reamenagementsaarbechten am Schoulhaff vun der Schoul Wolkeschdall**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer op den nächste Punkt iwwer. Do geet et ëm den Devis estimatif fir de Schoulhaff vun der Schoul am Wolkeschdall, fir dee frësch ze reamenagéieren. A mir begréissen do d'Andrea Weier an de Mica Da Silva. An ech ginn d'Wuert hei och direkt weider un d'Josanie Di Bartolomeo-Ries.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo, voilà, villmools merci. Dir hutt hei en Devis virleie fir de Schoulhaff Wolkeschdall ze erneieren. Dat ass e Schoulhaff, ech hat et schonn de Moie gesot, deen awer relativ an d'Jore komm ass, an dee mer elo wëlle fréschmaachen. Et ass jo esou, datt mer och konsequent eigentlech schonn iwwer Joren ëmmer eis Schoulhäff e bësse probéiere méi Natur eranzebréngen, well et effektiv ganz oft nach vill Bëton ass. An ech mengen hei ass och e Projet, dee sech no der Gafelt-Butschebuerg awer och elo um Strutzbierg an dat Ganzt areit. An duerfir wollte mer Iech am Fong elo dee

Projet presentéieren. Vläicht kann een awer soen, dat ass zesummen och mam Personal, déi och d'Besoine vun de Kanner rabruecht hunn. Mir waren och des éftere sur place mam Mica an och mat der Madame Weier, fir ze kucken, well et läit bëssen, een Deel läit e bëssen am Hang, wou d'Kanner oft duerch de Bulli sprangen, an do géife mer och elo Sëtzgeleeënheete maachen. Wat awer och ass an deem Projet dann, duerfir gëtt en eigentlech och e bësse méi deier, mee ech mengen d'Madame Weier wäert dorobber agoen, dat ass, datt mer de Schoulhaff kënne vergréisseren. Mir sinn elo bei e bëssen iwwer 600 m2, wat dee Schoulhaff huet. A mir géifen dann duerch d'Erweiderung, déi Plaz, déi mer am Fong bis elo net genotzt hunn, an L-Elementer, déi mer setzen, géife mer eng iwwer 200 m2 bäikréien, wat natierlech vu Virdeel ass an esou engem Schoulhaff. Mee ech mengen d'Madame Weier soll eis elo mol de Projet erklären an da fir weider Froen.

ANDREA WEIER, BUREAU WEIER: Schéine gudde Mëtteg. Villmools merci, datt mir Iech däerfen dee Projet hei presentéiere kommen. Et geet ëm de Reamenagement vun der Schoul Wolkeschdall, wou mer de Projet ausgeschafft hu fir do dat méi kannerfrëndlech an och e bësse méi natierlech duerzestellen. Well mer an deem Schoulhaff am Moment, wéi Der et och elo op deene verschiddene Fotoe gesitt, relativ vill Pavé hunn, mir hu syntheetesch Materialien, mir hunn eng kleng Rutsch, a mir hunn ee Vëlosparcours, deen op de Pavé gezeechent ass, mir hunn och nach ee klengt Päerdchen, wat an d'Jore komm ass.

Hei gesitt Der nach e puer Fotoe vun der Situation existante. Also si hunn dat Bescht natierlech aus deene Surfacë gemaach, déi se zur Dispositioun hunn. Si benotze verschidde Beräicher, fir mat de Bäll ze spillen. Si hunn e klengen Dësch amenagéiert. Si hunn och probéiert e bësse Faarf, den Dschungel mat an den Haff eranzebréngen andeems d'Maueren eeben ugemoolt gi sinn. Mir hunn op der lénker Säit, gesitt Der ganz liicht ugedeit, den Talus, deen awer och just als Talus do läit, mat e puer Sträich dran an eeben dat Spillelement mat der Sandkëscht ënnert de Weeden.
Hei e puer Amenagementer, déi am Laf vun der Zäit dobäikomm sinn. Een Nid d'abeilles, een Insektenhotel an eeben och déi Héichbeeter, wou d'Kanner eebe kënnen och mat an den Asaz kommen. Och vu baussen hu mer dee roude Pavé, dee sech iwwert de ganze Projet zitt, deen d'Amenagement mécht, deen e bëssen, jo, aus verschiddene Qualitéiten zesummegesat gëtt, e bësse gestéckelt ausgesäit. A mir hunn eng Bänk virun der Entrée vun der Schoul. Hei ass dat, wat elo grad scho gesot ginn ass, dat ass am Gréngen duergestallt, déi Surface, déi am Moment dem Schoulhaff déngt, wou d'Kanner kënne spillen.

An dee bloe Beräich ass deelweis duerch den Talus an duerch déi bestoend Heck einfach zum groussen Deel och occupéiert, well se relativ vill Surface fräigelooss hu par rapport zur bestoender Clôture. An no vir eraus géinge mer am Kader vun dësem Projet eeben eng Extensioun mat virzegesinn. Soudatt mer, wa mer alles zeréckgebaut hunn herno an amenagéiert hunn, hätte mer praktesch een Drëttel vun der Surface, déi mer géinge bäigewannen.

Dat Ganzt geet awer leider net ouni Soutènement, vu que dass mer d'Topografie an dësem Fall och musse consideréieren. Dat heescht mir komme vu 652 m² plus déi 225 op ongeféier 880 m². Hei gesitt Der de Projet, deen Iech mengen ech och am Virfeld scho gi ginn ass, wou Der gesitt, dass den Amenagement awer och scho virun der Schoul ufänkt. Mir géingen dat ganzt Gebai, souzesoen, deem neien Accessibilitéitsgesetz upassen. Mir géingen de Foussgängerwee upassen, d'Bordüren entspriechend op den Niveau setzen an dat Ganzt eebe mat deenen Dalle podotactilë gestalten, fir datt och ee Mënsch mat enger Séibehënnerung ouni Problemer ka bis bei déi Schoul kommen.

Am viregte Beräich géinge mer dann eeben och d'Extensioun vum Schoulhaff no vir zéie bis bei d'Strooss. Dat bréngt natierlech mat sech, dass mer mussen d'Bushaische liicht decaléieren. A gewannen awer doduerjer eeben déi Metercarréë fir de Reamenagement. Laanscht d'Limitt vum Lycée géinge mer L-Elementer abauen, eebe fir den Terrain opzefänken an dann deen zousätzleche Raum eeben ze gewannen. Mir hunn am viischte Beräich hei eng grouss Spillplaz mat verschiddenen Haisercher, Rutschen a Kloterelementer, wou d'Kanner eeben och kënnen ënnendrënner sech ophalen. Mir géingen eng Nestschaukel mat virgesinn. An dat klengt Päerdchen, dat géife mer rafistoléieren, fir et eeben am Kader vum Projet ze reintegréieren.

Wa mer da laanscht d'Schoul eropginn, wou mer och de Pavé da frëschmaachen, hätte mer eng kleng Plaz mat enger Picknickbänk, wou d'Kanner eebe kënnen dann och am Summer dobaussen hire Snack zou sech huelen an eng Bänk fir d'Proffe mat engem Ombrage solaire, fir datt se net an der praller Sonn eebe sëtzen, wa se mëttes do mussen d'Surveillance maachen. Am ieweschte Beräich, wou mer am Moment dat Spillgerät hu just mat der Rutsch, géinge mer ee Kloterelement mat integréieren, wou eeben awer d'Psychomotricitéit vun de Kanner gefuerdert ass mat deene verschiddenen Elementer, wéi se och mat der Schoul ofgeschwat gi war. Dat heescht mir hu Wippebalken a mir hunn Hängebrécken, soudatt verschidde Funktioune vun de Kanner wierklech ervirgehuewe ginn.

D'Sandkëscht géing op hirer Plaz am Moment bäibehale ginn. An den Hiwwel zum Noper hin géife mer mat Gradinen amenagéieren, soudatt d'Kanner dann och kënne bei schéinem Wierder mol zesummen dobausse sëtzen an dass se wierklech an der Grupp kënne sech dobaussen am Schoulhaff ophalen. Déi zwou Mauerelementer, déi mer hei ënnendrënner hunn, déi géinge mer gären esou amenagéieren, dass se kéinten als Kloterwand genotzt ginn an dass d'Kanner do kéinte vun där enger Säit drop kloteren, dofir och e bësse syntheetesche Belag hei ënnert dem Preau an déi anerer Säit hate mer zwee Basketskierf, wou da kéint wierklech och mam Ball gespillt ginn an do aner Aktivitéiten eebe stattfannen. Den Abris, dee bleift bestoen, gëtt eeben awer och herno an engem anere Kader da frësch gestallt.

Voilà, hei e puer Detailer zu deenen Elementer, déi mer erausgesicht haten. Dat heescht mir géingen eng Kombinatioun hu vu verschiddenen Tiermercher, déi

matenaner verbonne si mat verschiddene Bréckenelementer. Mir hätten eng Rutsch, mir hätten en Netz fir eropzeklammen oder och e Bamstamm, fir eeben op déi iewescht Niveauen ze kommen a géinge gären am ënneschte Beräich eeben och, wéi et op der ënneschter Foto ze gesinn ass, liicht Bänken installéiere fir datt d'Kanner wierklech op deenen zwee Niveaue kënnen hir Rollespiller spillen an dass do eeben en Echange entspriechend ka stattfannen. Dat anert Element geet an dës Richtung eran. Dat heescht mir hätten déi Wippebalken a Wippebrécken, déi mer do géinge mat integréieren a kucken dass mer dat eeben dann och ugepasst kréien iwwert den Eck vum Schoulhaff.

Hei sinn déi aner Iddien an Elementer vum Mobilier. Dat heescht de Mobilier urbain ass deen, dee mer e bëssen an deene verschiddene Projeten erëmfannen, fir datt eeben och do eng gewëss Identitéit tëscht deene verschiddene Schoulen entsteet. An d'Iddi vun de Gradinen, wéi se eeben och um Budersbierg ausgefouert ginn ass, respektiv den S-Schaukel, wéi se géing och installéiert ginn. A just als Iddi esou déi Kloterwand, déi mir eis dann op deene bestoende Elementer géinge virstellen. An hei nach eng Kéier zwee Detailcouppen, wou Der eebe gesitt zu där Limitt vum Lycée wéi déi Extensioun vum Terrain ausgesäit. Also ab enger gewësser Héicht fält den Terrain eebe staark erof an dann am hënneschte Beräich nach méi staark. An do steet eeben och mattsen dran eeben déi Heck am ieweschte Beräich, sou datt ee gudden Deel vun deem Terrain am Moment eeben net ze benotzen ass. An dat kënne mer eebe garantéieren, doduerjer, dass mer op d'Limitt vum Terrain géingen L-Elementer setzen a géingen dann awer och nach eng Kéier eng Heck zrécksetzen, déi natierlech méi no un d'Clôture, dass mer de Maximum vum Espace gewanne fir d'Kanner, fir datt si kënne spillen.

Hei an dësem Fall eeben och fir déi zwou Spillplazen, si mer mat engem Buedembelag vun Holzhackschnitzel eigentlech ënnerwee. An dann d'Iddi vun de Gradinen op der lénkser Limitt zu den Noperen, wéi mer eis eeben do virgestallt hunn, den Terrain opzefänken, deen am Moment just iwwert déi blo Linn erofflält. Dass mer do wierklech och hei maximal den Terrain kënnen notzen an d'Kanner kënnen och bei schéinem Wieder sech dobaussen ophalen. Voilà, da kënnt dee méi spannende Part, mee ech mengen deen hat Der elo grad schonn affichéiert fir déi verschidden Aarbechten, déi am Kader vun dësem Projet misste realiséiert ginn. Do hate mer eeben déi Virbereedungsaarbechten an Terrasséierungsaarbechte fir 85.000 €. Mir hate Bëtonsaarbechten a Steenaarbechte fir 57.000 €. Kanalaarbechte fir 18.000 €. Dann eng nei Beliichtung fir 16.000 €. Dat ganzt Revêtement, dat mer géingen erneieren an eeben och konform maache mat 80.000 €. Dann alles wat d'Construction métallique a Menuiserie ass, wéi d'Clôturen, déi mer musse versetzen, L-Elementer dropsetze mat 27.000 €. An dann de Mobilier an d'Spiller fir 82.000 €, mat enger neier Plantatioun vun 18.000 €. An dann hate mer nach an der Estimatioun e bësse Regie fir 800 €.

Dat heescht, mir hunn e Gesamtbudget vun 383.800 € hors TVA an engem Arrondi da vu 450.000 €. Do dozou kommen dann och nach eis Honoraireskäschte mat 70.000 € am TTC arrondi. Voilà. Ech soen Iech merci, fir Är Opmierksamkeet. A wa Froe sinn, kënnt Der déi gäre stellt.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Als Éischt och merci fir d'Presentatioun, wou ech dat do gesinn hunn, also ech war positiv iwwerrascht, wat een alles aus där doter Plaz konnt eraushuelen an dat fannen ech richteg flott. Virun allem, well mer ëmmer erëm soe fir méi Beweegung an der Schoul, fir méi Beweegung iwwerhaapt ze hunn, dass een dann nach eng Kéier 200, also 225 m2 do kann erauschloen op där doter Plaz, dat ass wierklech, wierklech ganz flott. Och den Amenagement, méi naturno, dat begréisse mer natierlech. Déi eenzeg Fro, wou sech mer gestallt huet, elo am Laf vum Moien, well ech e bëssen d'Budgetsried vun der Madame Dall'Agnol gelauschtert hat, ganz erfreet driwwer war ze héieren, dass iwwerdaachte Vëlosstännere geplangt wieren, an dat och an de Recommandatioune vum Ministère bei Vëlosstännere kommen, wou Leit fir länger Zäit sech sollten hi parken. Da wier meng Fro, logescherweis do bei de Stännere fir de Vëlo, ob déi dann och iwwerdaacht direkt sinn oder net? Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools merci fir déi flott Presentatioun. Et ass natierlech ëmmer schéin, wann ee gesäit, wéi flott d'Schoulhäff gemeet ginn a wéi eng Spillméiglechkeeten d'Kanner dann och kréien doduerch. Ech muss just eng, zwou Gedankesaachen nach dozou soen. Dat eent ass, déi Spiller déi der gemeet hutt, dat ass Holz. Dir hutt se e bësse mat Butschebuerg verglach, do muss een oppassen, jee nodeem wéi se ausgeriicht sinn, do si Spillschoulskanner, déi wou do sinn zu engem groussen Deel jo, déi dropginn. An et ass immens glëtscheg. D'Saache gi glëtscheg, déi hëlze Poteaue wou Der hutt, driwwer ze lafen. Ech pake keng Kanner a Watt an, meng Kanner, déi falen och oft, a se solle jo och spillen a falen. Mee effektiv, ech fannen, et huet e bësse geféierlech ausgesinn, dat wat Der gewisen hutt, do kéint ee vläicht eng Kéier kuerz drop agoen ob dat net awer eng Rutschpartie do gëtt, wann een do driwwer leeft.

Zu Butschebuerg hate mer e bëssen nogebessert plazeweis, fir dass een net soll rutschen. Voilà jo, et ass just, well am Ufank sinn der jo vill do gefall gewiescht. An dann, wat ech awer am Allgemengen, just als Denkustouss, net ze vill als Kritik ophuelen, e bësse vermëssen, dat ass, dat huet dës Woch nach e Papp mer gesot gehat, dat allgemengt, einfacht Spillen, dat geet awer vill verluer. Eng Wiss mat zwee Goler, déi mer soss iwwerall mol haten, dat geet ewechgeholl, also net ewechgeholl, mee dat fanne mer néirens méi rëm. Et gëtt Villes mat Spillplazen, mat Animatiounen, mir animéieren d'Kanner ëmmer méi. An dat fräit Spillen, wou s de der Ball hëls an deng Goler vläicht mol selwer opriichts mat Pottoen, dat sinn alles Saachen, déi wou verluer ginn, duerch eis immens kreativ Iddien, déi mir Erwuessener hunn, déi mer dann de Kanner dann och zur Verfügung stellen.

Ech wollt dat just als Gedankespill sou rasetzen, ouni dee Projet ze kritiséieren, well de Projet ass ganz

schéin. An zu Butschebuerg ass et och gelongen. An awer mierke mer als Elteren, wann ee Kanner an engem gewëssen Alter huet, dass verschidden Elementer verschwannen, déi eis immens Spaass gemeet hunn. A wa lo d'Kanner schonn ufänken ze soen: Oh, dat do feelt mer awer e bësselchen oder dat do ass awer flott. Déi ganz einfach Saache fir ze spillen, wou ee sech selwer muss seng Reegele setzen a säin Terrain anzeechnen. Jo, dat geet e bësselche verluer. Wéi gesot, just als Gedankenustouss esou, fir vläicht zukünfteg Projeten oder wann ee verschidde Projete weider ausbaut. Mee fir de Rescht kritt Der eis d'Zoustëmmung selbstverständlech fir de Projet.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, merci och vu mir. Merci fir d'Presentatioun. Et gesäit wierklech flott aus, an ech gi menge Virriedner Rescht, dass awer do nach vill erausgeholl ginn ass aus deem Site. An effektiv och déi Surface, déi do dobäikënnt, ech mengen, also méi optimiséieren ass bal net méi dran. An et gesäit och wierklech ganz flott aus. Wou ech mer d'Pläng ugekuckt hunn, war ech e bëssen erschreckt iwwert déi Mauer, wou op där enger Säit geklotert gëtt an där anerer Säit Basketskierf hänken, wou ech elo einfach mech froen, ech ginn dovunner aus, dass do de Risiko ageschränkt gëtt, dass de Basketball de Kanner op där anerer Säit op de Kapp fält. An dann hätt ech just nach eng Fro, well mer hu jo elo hei och nees déi Gradins en pierre naturelle. An do war jo och eng Foto vum Schoulhaff zu Butschebuerg, wou déi benotzt gi sinn, an dat ass jo och effektiv immens flott, eng flott Léisung, fir och méi Plaz ze generéieren. Mee fir Butschebuerg, dat ass, mengen ech souguer den nächste Punkt, do hu mer en Devis remanié, an do stoung am Justificatif eebe grad d'Regiesaarbechten, fir déi Gradinen do ofzeschläifen. An elo hei an der Regie hu mer 800 Euro virgesinn. Dat geet warscheinlech net duer. Dowéinst wollt ech just froen, ob mer aus dem Projet Butschebuerg geléiert hunn, an dass elo hei déi néideg Aarbechte virgesi sinn, dass mer net alt erëm an zwee Joer mussen en Devis remanié stëmmen? Merci.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci villmools fir d'Wuert. Ech hu just eng ganz kleng Prezisiounsfro. Also ech sinn och an zwou Sekonne fäerdeg. Ech wollt just wëssen, Dir hutt vun deem nouvel Abri de jardin do geschwat. Gëtt deen an enger zweeter Phas eréischt gebaut oder ass deen do schonn am Devis mat dran? Merci villmools.

MARC MEYER (DP): Jo, wéi den Här Martini gesot huet, mir haten deemools op där dote Plaz eise Fussballsterrain, wou mer gespillt hunn, wou et natierlech och ëmmer flott war. An herno, well do roude Buedem ass, si mer natierlech och ganz rout heemkomm. Mee ech muss awer soen, dass dat, wat do geplangt ass, wierklech super ausgesäit, de Kanner warscheinlech immens vill Freed wäert maachen an och absolutt meng Zoustëmmung wäert kréien. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci. Ech hu just eng Fro. Am Devis estimatif ënnendrënner steet: Valeur du devis remanié selon estimation des bureaux. Dat heescht, et gouf schonn en éischten Devis. Ech wollt just froen: A wéi engem Lapse de temps gouf et deen éischten Devis? Wéini gouf et deen Devis remanié? Firwat froen ech dat? Well ech, wéi mer d'Presentatioun hate vun dësem Budget bei eise Membere vum Comité vun der CSV, do ass gefrot ginn: Ma wéi ass et da mam Devis Schoulhaff Brill? Do sollt jo och nei amenagéiert ginn. An do huet et och geheescht: Do kréie mer d'Devisen net richteg erbäi. Do wollt ech nach eng Kéier nofroen, am Numm vu menge Leit, wéi et mam Schoulhaff Brill ass? Wéini dass mer do och de Projet virgestallt kréien? Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Madame Weier fir d'Presentatioun vun deem flotte Projet. Hei hu mer effektiv nees dee ganz flotte Projet, méi kannerfrëndlech, méi naturno, sou wéi mer et vun Iech gewinnt sinn, virleien.
Ech fannen déi Extensioun do vu gutt 225m2 vum Haff zum Parking vum LNB hin, genial. Ech war mer et gëschter nach eng Kéier ukucken. Déi Pente ass wierklech immens grouss, an do wäert warscheinlech vill Material och musse erbäigefouert ginn, fir op de selwechte Niveau ze komme vum Haff. Mee et erkläert awer och e bëssen d'Héicht vun de Fraise vun der Maçonnerie, kann ech mer virstellen.
Wéi gesot, duerch dës Verbreederung, duerch dës Extensioun hu mer elo wierklech eng optimal Ausnotzung vum Raum. Mee dat gëtt och eng ganz aner Méiglechkeet fir méi grouss Spiller dohinner ze setzen, wat fir de Moment jo absolutt onméiglech war. Kletterspiller, Dir hutt se selwer opgezielt, wou Motorik gefuerdert gëtt. Also, wéi gesot, et ass super, dass dat do méiglech gëtt.
Och déi Extensioun bis vir un den Trottoir, also wou dann d'Bushaischen effektiv e bësse muss no vir geréckelt ginn. Dat ass awer, mengen ech, elo kee grousst Theema. Dat hunn ech mer gëschter och nach ugekuckt.
Eppes, wat mer aus anere Schoulhäff kennen, déi Dir scho geplangt hat, ass d'Rouzon an dann d'Gradinen aus Natursteen, déi bei Schoulfester oder aneren Aktivitéite wéi Liesungen oder Theateropféierunge kënne genotzt ginn, grad wéi och d'Nestschaukel, déi jo hei och erëm hir Plaz fënnt. Dat ass och d'Kloterwand.
D'Madame Thoma hat elo grad dat gesot gehat, mat de Basketskierwerscher. Ech weess net, ob dat elo wierklech esou geduecht war, dass déi sollen esou héich schéissen, fir effektiv déijéineg do ze treffen. Mee d'Madame Weier huet bestëmmt do eng Erklärung.
Och wäert dee groe Bëton asphaltique da jo ersat ginn, deen nach do besteet. En ass jo awer schonn elo e bësselche plazeweis nuancéiert mat rout a gro, mee egal. Ech hunn en dann op dem Plang gesinn, an eise Pièecen, déi mer hunn, dass do e liewegen, e liewege Pavé dohinner e bësselchen dat Bild soll erfrëschen.
Da gëtt och schonn, wéi op aner Plazen, notamment zu Butschebuerg, zäitlech profitéiert vum Reamenagement vum Schoulhaff fir d'Kanalisatioun an d'Beliichtung ze erneieren. Mir sinn och ganz frou, dass dëse ganze Projet erëm eng Kéier, wéi ëmmer, tëschent eenzelnen Acteure vu Schoul a Maison relais mat ofgeschwat ginn ass.
Ervirzehiewen ass dann awer och d'Mise en conformité vum Foussgänger-Iwwergang, déi zwar net an dëse Budget falen, wann ech dat richteg verstanen hunn.

Déi hunn näischt mat dësem Budget ze dinn, d'Mise en conformité?
Also alles an allem kann ech jo nëmme soen, dass et e flotte Projet ass a mir natierlech eis Zoustëmmung zu dësem Devis estimatif ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci, Här Zuang. Ech kucken nach eng Kéier hei an d'Ronn. Keng weider Remarke méi? Villmools merci. Da géif ech d'Wuert weiderginn un d'Andrea Weier, respektiv dann och herno un d'Josiane, respektiv un de Mica.

MICAEL DA SILVA, COORDINATEUR CHANTIERS TRAVAUX PUBLICS: Moien a merci fir d'Wuert. Also ech probéieren op déi verschidde Froen anzegoen. Wa mer elo eng vergiessen, sech einfach mellen. Déi éischt Fro, punkto iwwerdaacht Vélosstänner. Jo, dat ass an deem Projet hei net mat virgesinn. Dat war u sech esou geduecht, dass déi Vélosstänner, déi haut do sinn, och bestoe bleiwen. Du war nach d'Fro, jo, mat de Goler am Schoulhaff. Bon, hei ass et effektiv en zimmlech klenge Schoulhaff, wou mer, wa mer elo nach Goler opstellen, déi Fläch net hunn, fir kënnen nach do eng Fussballsfläch ze maachen. Et ass och esou, mobil Goler ass, laut Luxcontrol, net erlaabt an engem Schoulhaff. Dat heescht, all Element, wou an engem Schoulhaff gesat gëtt, muss och fixéiert ginn. Voilà, déi Flexibilitéit hu mer leider net.

Dann hate mer nach eng Fro iwwert d'Klettergerüst, wou mer u sech wollten un déi zwou Stëtzmauere setzen. D'Klettergerüst, dat ass esou, dat gëtt jo ënner een Iwwerdaach gesat an et ass e Panneau, deen u sech déi ganz Mauer plus dee Sputt tëschent deenen zwou Maueren zoudeckt, bis op den Iwwerdaach. Sou dass, wa vun där anerer Säit Basket gespillt gëtt, da kënnt de Ball quasi, also onméiglech op déi Säit wou d'Kanner kloteren. Dann hate mer nach d'Fro iwwert den Abri de jardin. A sech d'Gaardenhaischen ass haut schonn net an engem ganz gudden Zoustand. En ass och scho bestallt. Mir hunn en elo just net agesat, dat gëtt an Eegeregie gemaach, well mer eebe wëssen, dass mer uganks d'nächst Joer, also d'Mëtt d'nächst Joer mat deem Projet ufänken, da maache mer dat am Kader vum Chantier mat. Voilà. Dofir ass deen och net an deem Devis hei mat dran, well en ass scho längst bestallt.

Dann déi kleng Note mam Devis remanié, dat ass e Feeler vu mir, dat sollt guer net do drastoen. Voilà. Dat heescht hei gouf nach ni en Devis gestëmmt, och kee remanié gestëmmt. Et ass eng Note, déi mer soss ëmmer setzen, wann en Devis remanié gestëmmt gëtt, dass dat eeben op Basis vun Estimatioune vun deem an deem Bureau d'Etude sinn. Voilà. Dann hate mer nach, ech mengen do drop kanns de vläicht agoen op déi, jo, op d'Regie fir d'Schläife vun de Gradinen.

ANDREA WEIER, BUREAU WEIER: Bon, fir op dee Punkt vun den Natursteng zréckzekommen, also mir stellen eis Natursteng vir. Et kéint natierlech och am Bëton realiséiert ginn. Mee fir op déi Fro vu Budersbierg zréckzekommen, dat war e bëssen d'Problematik, dass mer an der Exekutioun net déi Steng kruten, déi mer gär gehat hätten, well eis dat an den Delaien nach komplett zeréckgehäit hat. An dofir huet d'Entreprise eng Optioun fonnt vu Steng, a wéi mer déi bis um Terrain haten, hu mer festgestallt, dass déi extreem oneeben an onreegelméisseg waren an dass mer déi hu missen zousätzlech beschaffen, wat initial net virgesi war. An dohier kommen alt och do déi Regiestonnen, déi zousätzlech do op dee Projet mat dropgefall sinn. Dat war initial net esou ugeduecht. Jo, fir da just op den Abri de jardin. Dat wat mir elo am Budget virgesinn hunn ass eng nei Dalle ze géissen, dat ass am Projet mat virgesinn. Mee wéi de Mica scho sot, d'Opstelle vum Abri gëtt separat gemaach. Voilà.

An zum Schoulhaff Brill kann ech näischt soen, mee, jo, an dann d'Rutschfestegkeet vun den Elementer. Bon, mir schaffe gäre mat Holz an ech mengen och d'Gemeng ënnerstëtzt dat wierklech fir déi Projeten, déi mer mat hinnen zesummen ausschaffen. Effektiv war et zu Budersbierg esou, dass déi Stänn, déi se geliwwert hunn, doduerjer, dass se wierklech ronn waren an der Surface, rutscheg waren. An natierlech gëtt och Holz bei fiichtem Wieder, ass et net dat rutschfeststt Material. Mee ech mengen do kënne mer awer och kucke fir mat de Fournisseuren et esou ze realiséieren, dass mer do net an e Konflikt kommen. Also mir hunn net déi selwecht Situatioune wierklech wéi zu Butschebuerg, wou mer déi Wackelstämm hunn, wou dat effektiv e bëssen en Hindernis ginn ass. Dat ware mer eis herno och bewosst ginn. Dat hate mer e bëssen ënnerschat. Voilà.

Jo, fir nach eng Kéier op d'Ballspill do zréckzekommen. Also am Moment huele mer hinnen déi Plaz, déi se hu fir mam Ball ze spillen hannert dem Preau eigentlech net ewech. Also et schwätzt näischt dergéint ze soen, okay, mir bréngen och erëm dee Retraçage vun de Gole mat op de Pavé. Mee, wéi gesot, d'Opstelle vun engem richtege Gol ass an dësem Schoulhaff bal net méiglech. Also fir do wierklech eppes ze realiséieren, wat herno dann och mat de Reculle conforme ass. Mee, mir wëllen awer d'Kanner op alle Fall net dorunner hënneren, fir hiert fräi Spill och weiderhin an dësem Schoulhaff stattfannen ze loossen. Mir kënnen natierlech keng Plaz erbäizauberen. Dat geet net. Déi ass einfach e bësse beengt an dësem Fall.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci fir déi doten Erklärungen. Mir hunn nach eng Zousazfro, Här Steffen? Okay. An da kann d'Madame Di Bartolomeo och Stellung huelen, well si wollt nämlech och äntweren, no deene Froen déi gestallt goufen, dass si awer och kann äntweren. A respektiv d'Madame Dall'Agnol och.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Okay. Ech wousst elo net méi wien. Voilà. Nee, ech wëll och ganz kuerz, also ech mengen ech wëll elo net méi laang doriwwer schwätzen. Butschebuerg, et ass richteg, do sinn am Ufank vill Kanner gefall. Ech mengen awer, datt se zu Butschebuerg esou frou waren, endlech e schéint Spillgerät an hirem Schoulhaff ze hunn, datt se och ganz vill geraibert hunn an deem Schoulhaff an doduerch dann eeben och mol deen oder deen anere gerutscht ass.

Goler, dorobber ass d'Madame Weier agaangen, ech muss éierlech soen, jo, effektiv et kann een och mat Kräid mol einfach zwee Strécher molen a soen, do ass de Gol, dat ass jo hei nach méiglech, dofir d'Iddi ass awer ganz gutt. An da just nach de Schoulhaff Brill. Wéi ass et do mat Devis? Majo, do si mer net sou wäit, an ech hunn dat och schonn oft gesot, mat deenen, mir kënnen net siwe Chantiere matenee maachen, wa mer virun der Dier Chantier hunn, am Gebai selwer Chantier hunn, kënne mer net och nach de Schoulhaff. Wéi gesot, dat wäert ausgeschafft ginn. An da kritt Der dee selbstverständlech och presentéiert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, just ee Saz zu den iwwerdeckte Vëlosstänneren, wéi de Mica richteg sot, dat kann och guer net an deem Projet do mat dra sinn, well mir sinn eis eréischt an der Woch eens ginn iwwert e Modell. An zwar ass dat e Modell, deen nämmlechten, dee mer schonn um Däich hunn an dee mer an Eegeregie maachen. An Dir kënnt lech jo virstellen, datt wa mer mussen 100 Vëlosstänneren an Eegeregie maachen, datt mer do wäerte Prioritéite setzen an déi mussen no an no setzen, soudatt mer eebe musse kucken au fur et à mesure wéi se fäerdeg ginn, wouhinner mer se als éischt setzen. An natierlech wäert do och eng Kéier en iwwerdeckte Vëlosstänner hikommen, mee ee konnt net am Projet mat dra sinn, well mer bis dohinner, bis en Dënschdeg, mengen ech, war et, eis nach net op e Modell eens gi waren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Claudia. Villmools merci och fir Är Froen an och Remarken. Da géif ech proposéieren, dass mer hei zum Vott géifen iwwergoen. Wien ass hei mam Devis estimatif iwwert de Projet sou wéi en hei presentéiert gouf, averstanen? ***Dat ass unanime.*** Do soen ech lech villmools Merci.

### 5.9. Approbatioun vum Devis remanié fir d'Reamenagementsaarbechten am Schoulhaff vun der Butschebuerger Schoul

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Ech wéilt do eigentlech ganz kuerz just e puer Wuert soen. Ech mengen d'Madame Weier kann eis herno de genauen Detail ginn. Butschebuerg, do hu mer e Remanié virleien, deen elo 135.000 € méi deier gëtt wéi virgesinn. Ech mengen déi eng Erklärung ass scho komm firwat, dat Ofschläife vun de Steng en régie. Ech mengen déi aner Erklärunge wäert d'Madame Weier lech selwer ginn. Ech muss awer hei soen, wa mer lo grad de Wolkeschdall gestëmmt hunn, mat 450.000 €, fir 800 m2, oder e bësse méi wéi 800 m2, dee Butschebuerger Schoulhaff huet dat Véiertfacht vum Wolkeschdaller Schoulhaff. Ech wëll dat net excuséieren, mee ech mengen do ginn et awer e ganze Koup Erklärungen, firwat dat méi deier ginn ass. Merci.

ANDREA WEIER, BUREAU WEIER: E puer Erklärungen ouni Bild leider. Mee mir hunn, wéi mer de Projet exekutéiert hunn oder amgaange waren, hu sech eeben op der Plaz e puer Saachen erausgestallt, déi och misste gemaach ginn. An dat war notamment, vu datt d'Limitt vun der Residence, war deen Zoustand vun der Mauer wierklech net an enger gudder Verfassung, soudatt mer do eeben och hu missen déi grouss Clôturen erofhuelen, fir kënnen déi komplett Mauer ze rafistoléieren a frëschzemaachen, well mer déi net wollten an hirem initialen Zoustand si loossen. Dat huet mat sech gutt, datt mer nach hunn Dalles de trottoir missen do virdrun op den Niveau propper setzen. Do si lauter sou kleng Aarbechten am Kader vun deem Projet dobäikomm, déi mer initial wierklech warscheinlech sous-estiméiert haten oder respektiv och vun deenen, wou mer net wousst en. Wéi zum Beispill mir hu jo ganz grouss Sockele fonnt bei der Terrasséierung, déi och hu missen erausgerappt ginn. Dat huet natierlech einfach an den Terrassement mat eragespillt, awer och an d'Demolitioun mat dem entspriechende Material.

Da koum dobäi, dass mer och dës Schoul hei, initial net virgesinn, awer dann un d'Accessibilitéitsgesetz ugepasst, konform gesat hunn. Mir hunn en Austausch mat der ADAPTH gehat a mir hu gekuckt, wéi brénge mer wierklech och ee Mënsch mat enger Séibehënnerung an dëst Gebai eran. An do war eebe festgehale ginn dann, fir do déi Dalles pododactillen duerch de Schoulhaff erop op d'Haaptentrée ze féieren. An dat hu mer dann och hei dann direkt mat an deem Projet matgemaach, fir dat net mussen dann elo an deenen nächsten zéng Joer ze realiséieren.

Da war d'Idée initiale, dass mer de Mobilier urbain an och d'Spiller géinge recycléieren am Kader vun deem Projet. Leider hu verschidde Spiller der Konformitéit net méi entsprach, wéi mer se bis demontéiert haten, doduerjer hu se mer se misse remplacéieren, wat natierlech mat Zousazkäschte verbonnen ass. A wéi mer du praktesch fäerdeg waren, war och à la base net virgesinn, dee ganze Schoulhaff ze fräsen an och alles wierklech uniform a propper ze maachen. An och dat war decidéiert gi fir dat am Kader vum Projet ze realiséieren. Dobäi koum dann awer och à la base, dass mer bei den Terrasséierungsaarbechten, datt de Béton asphaltique polluéiert war, datt mer do eeben zousätzlech Fraisen och haten, fir dat Material fachmännesch ze recycléieren an ze evakuéieren. Voilà.

An dann donieft war och à la base virgesinn, dass mer géinge probéieren, souvill wéi méiglech d'Material, wat mer um Terrain haten, wéi eeben de Concassé an och de Buedem erëm anzebauen. Mee leider huet et eis e bësse awer u Plaz gefeelt, soudatt mer hu missen evakuéieren an erëm zousätzlecht Material erbäiféieren. Ee Supplement ass dann och nach entstanen doduerjer, dass mer ëm d'Beem uewen de bestoenden Elasto-Pave frëschgemaach hunn, well deen och net méi an engem gudden Zoustand war. Dat war à la base och net mat virgesinn. An da koumen eeben déi Aarbechten un deenen Natursteng, déi mer hu misste maachen, well mer eeben aner Steng geliwwert kruten, wéi dat wat mer och hei ugeduecht haten. An da spillt leider Gottes eis Zäit och e bëssen do mat eran, wou mer dann nach e Supplement haten iwwert d'Révision de prix fir d'Material an d'Main d'oeuvre iwwert deen Zäitraum nom Coronavirus an den entspriechenden Indexen an alles wat do mat drageschloen huet. An doduerjer hu mer do ee Supplement op deem Projet leider vun deenen 135.000 €.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, merci. Just ganz kuerz, well eigentlech déi meescht Froen, déi ech mer opgeschriwwen hätt, déi si mëttlerweil beäntwert ginn. Ech hu just e bëssen elo esou eng änlech Fro wéi d'Madame Kayser virdrun. nämlech, hei steet och "valeur du devis remanié selon estimation", mee vum richtege Büro dës Kéier, wou ech mech einfach gefrot hunn, déi Aarbechte si jo elo fäerdeg, dat heescht, hu mer do net awer schonn déi definitiv Käschten, dass dat heiten elo just eng Estimatioun ass? Voilà, dat war just eng Verständnisfro. Merci.

ANDREA WEIER, BUREAU WEIER: Neen, ma mat dem Opstelle vun de Käschte wësse mer genau wou mer hikommen. Mir hunn et eeben an deem Moment, wou mer et alles virbereet haten, war nach e bëssen e Vague dran. Mee dat huet sech awer alles elo gekläert. Fir eeben den Arrondi trotzdeem nach hei haut dobäi.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: D'accord. Villmools merci och fir déi doten Äntwert. Da géif ech proroséieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem heiten Devis remanié, sou wéi en hei presentéiert gouf, averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. An da soen ech och dem Andrea Weier an dem Mica Da Silva Merci fir hir Presenz.

**5.10. Approbatioun vum Devis remanié fir de Reamenagement vum Hall vum Lokomotiv-Atelier op NeiSchmelz**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. An dat ass och en Devis remanié, wat de Lokomotiv-Atelier ugeet op NeiSchmelz. An ech begréissen do hei an eiser Ronn vum Architektebüro CBA d'Sala Makumbundu a vun eisem Service Architecture et Domaines d'Cathy Mambourg an den Ivica Repusic. Häerzlech wëllkommen hei. Voilà, den Devis remanié, deen Der virleien hutt, geet ëm de Lokomotiv-Atelier op NeiSchmelz. Den Devis remanié vu 5.440.000 €. Wa mer e bëssen den Historique maachen, mir waren den 11. Dezember 2020 hei am Gemengerot, do hate mer un Devis gestëmmt vu 590.000 €, wat de Reamenagement ugeet. Bon, et ass jo e Gebai, dat am Inventaire supplémentaire ass, wat zum industrielle Patrimoine gehéiert. Bon, wou ee jo och dee Moment wéi de Vott hei war jo net wousst, wou d'Rees géif higoen, punkto Renovatioun a Remise en état.

Den 10. Dezember 2021, do ware mer der Realitéit e bësse méi no komm. Do hu mer de Devis remanié hei gemeet vun 3.250.000 €. Dat war och déi Period, wou mer den Appell gemeet hu fir och an déi Richtung ze goen, fir Gastronomie do unzesidelen, respektiv d'Mikro-Brauerei. Do war jo en Appel au public. An haut do hu mer en Devis virleie vum 18. November 2024 vu 5.440.000 €. Also par rapport zu 3 Joer e Plus vun ronn 2,2 Milliounen Euro. Do wëll ech och hei d'Erklärunge ginn, dat heescht den Architektebüro, respektiv eise Service wäert déi néideg Erklärunge ginn. Grosso modo, ass dee Surplus respektiv, dass mer deen Devis hei musse stëmmen, bon, engersäits sinn natierlech d'Alentouren, d'Amenagement vun den Alentouren, wou erweidert gouf, awer och de ganze Coût ronderëm d'Matières premières, do effektiv d'Fluktuatioun och ronderëm d'Präisser.

Dann natierlech eng Rei Choixen, déi mer hu misse maachen, wat engersäits eng Rei Normen ugeet, souwuel d'Normes environnementales, wéi awer och d'Sécherheet am Gebai selwer, well et fréiere Lokomotiv-Atelier och ass. An ech mengen dat huet och domat ze dinn, dass generell, et war jo e Lokomotiv-Atelier, dat heescht d'Affektatioun, déi dat Gebai ëmmer hat, eng ganz aner ass wéi se elo och huet. Dat heescht elo eng nei Destinatioun, dat Gebai kritt och eng aner Exploitatioun wéi en Hall industriel. Dofir waren och d'Haaptentréeën, déi aner Sécherheetsnormen hu missen entspriechen, déi nach dobäikomm sinn. Wou och d'Diskussioune ware mat der ITM, dat muss een hei soen. Eng länger Zäit, wou mer mat hinnen diskutéiert hunn, wat d'Sécurisatioun ugeet, och punkto Desenfumage, respektiv och ronderëm d'Präisser. Déi maachen natierlech, dass och dat heite méi deier ginn ass. Mee fir elo e bësse méi am Detail nach eng Kéier drop anzegoen, ech wollt Iech elo e bëssen hei an der Introduktioun soen, firwat dass déi Evolutioun hei vun de Präisser stattfonnt huet.

Mir wëssen, dass et sécherlech net super ass, dass mer hei mussen en Devis remanié maachen, zemools an där doter Envergure. Och wann ee weess, dass dat doten eng Plaz ass, déi mengen ech akzeptéiert ass, déi och ganz vill genotzt gëtt. Mee dat heite war mengen ech och e Choix, dat dote Gebai ze renovéieren, respektiv dann och eng aner Affektatioun deementspriechend ze ginn, wat mengen ech ganz, ganz positiv ass. An awer si mer hei an enger Situatioun, wou mer mussen nostëmmen. Dofir ass et vläicht wichteg, Erklärungen ze ginn. An ech wäert herno zum Schluss éier ech dann d'Wuert weidergi fir d'Remarken och nach e puer Remarke soe par rapport zu de Subsiden. Mee elo vläicht éischter mol eng Rei Erklärungen, wat den Devis remanié ugeet. An ech ginn elo d'Wuert ganz gäre weider un eis Mataarbechter an un d'Sala Makumbundu. Merci.

ANJA ADLER, SIMON-CHRISTIANSEN & ASSOCIÉS SALA MAKUMBUNDU, CBA ARCHITECTS: Villmools merci fir d'Wuert, e schéine gudde Mëtten. Ech ginn Iech elo e bësse méi Detailer, firwat déi verschidde Positioune sech verännert hunn. Et ass effektiv scho gutt erkläert ginn, wat de Kader an deem Projet war, wat hei e bësse speziell och war, war datt mer de Projet lancéiert hu vun den Aarbechten a parallel eeben nach Etüden intensivéiert hu fir déi Notzung Brauerei plus Gastronomie, wat eng spezifesch Kombinatioun ass, well mer souwuel Produktioun wéi och Lieu ouvert au public kombinéieren, an dat huet vun der Sécherheet effektiv eng ganz Partie Challengë mat sech bruecht. Voilà, fir unzefänken. Also elo ass et schonn op der nächster Säit. Ech fänken awer vir beim Gros oeuvre un. Dat ass am Fong een Deel vun den Aarbechten, wou méi gemaach ginn ass wat de Raccordement betrëfft.

D'Hal selwer war jo Gros oeuvre do, dat heescht, an deem Marché Gros oeuvre war haaptsächlech Rac-

cordementer: Waasser, Gas, Elektresch, Reewaasser, mee och dann den zousätzleche Parking, deen ursprénglech net am Projet war, deen awer mengen ech haut ganz wäertvoll ass, fir datt d'Leit wierklech nobäi kënne parken. An den Amenagement vun der Terrass, déi effektiv méi grouss ginn ass, wéi mer esou am Ufank geplangt haten, fir dem Exploitant do méi Surface ze ginn. Dat waren u sech déi Haaptpunkten am Gros oeuvre.

Beim Daach ass et u sech eigentlech esou, datt den Daach gemaach gi war vum Fonds du Logement, dee jo zu deem Zäitpunkt nach Proprietär vum Gebai war, awer ouni déi néideg Sécherheetsekipementer. Wëll heeschen, alles wat mam Désenfumage ze dinn huet. An do ass e Brandschutzgutachte gemaach ginn, dat d'Gemeng beoptraagt hat, an aus deem Gutachten huet da missten den Désenfumage vergréissert ginn. Dat gesäit elo hei als negativ Nouvelle aus, mee et ass u sech awer eng gutt Nouvelle, well dat Brandschutzgutachten eis erlaabt huet, op dee Compartimentage bannen ze verzichten, an dee war richteg deier, dee war bal eng hallef Millioun. Wat awer näischt drun ännert, datt den Désenfumage méi deier ginn ass, well mer Clapeten hu misse bäisetzen an duerch déi Form, déi déi Daachandeckung huet, hu mer do och speziell Kadere misste fabrizéiere loossen. Bon, dat ass esou en Trapeezblech.

Voilà. Et ass scho gesot ginn, dat Gebai ass um Inventaire supplémentaire. Do ass dann och mat INPA zesummegeschafft gi fir d'Renovéierung vun de Fënsteren a vun de Fënsterscheiwen, déi ersat gi si fir awer eng thermesch Verbesserung hei ze kréien. Wat do zousätzlech komm ass, ass datt mer awer festgestallt hunn, datt obscho renovéiert ginn ass, déi al Kaderen op verschiddene Plazen net zefriddestellend waren, an deem Sënn datt awer net 100 % Dichtegkeet war, do hu mer noschaffe gelooss, wat dann effektiv e Méipräis mat sech gezunn huet. An hei ass och ee Poste wou mer leider, duerch d'Evolutioun vun de Präisser, och Haussen haten, notamment um Glas. De Poste 4, dat ass dann déi nei Portailen. Wann Der den Hall e bësse vir Iech gesitt hutt Der jo op der Nordan op der Südsäit grouss Portailen. Op der Nordsäit geet e grouss op fir d'Liwwerung vun der Brauerei, op der Südsäit geet ee grouss op fir den Evenementiel. Dat heescht, déi Fassade si komplett ënnen nei, mat neien Diere gemaach ginn.

Wat do och matgespillt hat ware leider och d'Präishaussen, notamment vum Aluminium, dee ganz am Ufank vun der Kris an der Ukrain richteg deier gi war. Wat awer och eng Roll gespillt huet war, datt mer déi Fassaden an zwou Phase gemaach hunn an doduerch hu missten eng provisoresch Fermeture maachen. Dat hat domadder ze dinn, datt mer ee Moment gesot hunn, mir géife gär déi Lokomotiv eranhuelen, schlussendlech hu mer se awer bausse gelooss. An doduerch hu mer do e Phasage geännert fir déi Fassaden, wat dann eeben eng Fermeture provisoire no sech gezunn huet. Stolaarbechte bannen. Dir gesitt jo bannen hu mer do eng Struktur agezu mat Plateau fir d'Brauerei. Do si Leeschtunge bäikomm, déi aus der Exploitatioun sech erginn, well do méi Chargë gefrot gi sinn, fir an der Brauerei déi verschidde Plateaue besser kënnen ze exploitéieren. Dat waren dann zousätzlech Putteren, déi hu misste bäigesat ginn, Ouverturen, déi gemaach gi sinn, an och hei leider de Stolpräis, dee staark evoluéiert hat. Sou datt och do eng Hausse de prix vun de Matières premières leider dobäikomm ass.

Bei der Technik, bon, ech si lo keen Techniker, mee ech kann Iech awer dat meescht erklären. Do si verschidden Adaptatioune gemaach ginn, déi notamment och mat der Kichen ze dinn hunn. D'Kichen ass jo an deene Containeren, déi mer an den Hall gestallt hunn, an do ass effektiv eng Surface vergréissert ginn. Am Ufank waren dat zwee Containere fir d'Kichen, et sinn der elo dräi. An dat huet natierlech bei der Technik och dann nogezunn, datt do méi Ekipementer hu misste gemaach ginn, Raccordementer vun de Frigoen, déi nach bäikomm sinn a verschidde Sécherheetsbeliichtungen, déi gefuerdert ware vun der Securitéit hier. Mee och eng Ergänzung vun der Beliichtung vum Gebai selwer, fir datt sech dat awer dann owes besser duerstellt an net ze vill däischter no bausse wierkt.

Baustellenheizung war ee Posten, dee sech do och erhéicht hat. Fir d'Containere selwer, do gëtt et en Ënnerscheed, dee sech och engersäits doduerch begrënnt, datt mer méi Containeren, wéi gesot, bäigesat hunn. Zum Beispill fir d'Kiche sinn insgesamt véier Containere bäigesat ginn, och am Beräich vun der Brauerei. Do sinn déi Containeren dann éischter fir d'Technik, fir hir Material ze stockéiere virgesinn. An déi Transformatioun vun deene Containeren, déi jo gréisstendeels benotzte Containere sinn, ass awer méi deier gewiescht wéi an der éischter Estimatioun, well mer am Buedembelag méi Aarbechten haten, fir déi Plättchen eranzebréngen, well mer Exigenzen haten op der Sécherheetssäit, wat de Compartimentage betrëfft, deen dann an de Containeren huet misste realiséiert ginn a verschidde klenger Surfacen, déi mer nach verbessert hunn. Wat bei de Containeren och ass, dat gesitt Der gutt op der Plaz, déi Trap, déi do säitlech eropkënnt, déi war eigentlech anescht virgesinn, déi hu mer geännert, fir méi Plaz der Gastronomie ze ginn. Dat huet e klenge Supplement och no sech gezunn.

Bon, beim Cloisonnement gesitt Der, do ass e manner grousse Posten, dat ass einfach doduerch ze erklären, datt dat an de Containerposte mat eragesat ginn ass. Dat heescht, déi Differenz ass einfach en Transfert. Echafaudage. Do ass d'Längt vum Chantier geschollt, datt mer do d'Stee hu misste méi laang stoe loossen duerch de Phasage a verschidden Elementer, déi net esou geliwwert gi si wéi eigentlech virgesinn, doduerch ass dee méi laang stoe bliwwen. An am Punkt 10, bei den Divers et Imprevuen, do gesitt Der eeben, datt do d'Plättchen an der Kichen dobäikomm sinn, déi ursprénglech net virgesi waren, well d'Kichen eeben elo méi grouss ass. An datt de Buedembelag an der Brasserie nach eng Kéier geännert ginn ass, dat war och fir dem Exploitant do eng Verbesserung vun de Konditiounen ze ginn. Eng Bün war ursprénglech net virgesinn, déi ass dann och bäigesat ginn, fir déi Polyvalenz vun deem Beräich awer ze vergréisseren. Voilà, dat waren u sech déi Haaptpunkten zu deene verschiddene Corps de métieren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Okay, villmools merci fir déi doten Erklärungen, déi lech e bëssen e Abléck gi firwat dass den Devis remanié hei virläit. Bon, ech mengen et wollt nach vläicht nach eng Kéier e bëssen op d'Subsiden agoen. Well, souwuel beim Lokomotiv-Atelier, wéi och beim Gebai vis-à-vis, beim VEWA, déi jo um Inventaire supplémentaire sinn, wou mer normalerweis jo 25% Subsid vum INPA kréie fir d'Renovatioun, respektiv d'Instandsetzung. Ech mengen et ass ëmmer domadder, wou de Staat ee lackelt, awer wierklech lackelt. An ech muss soen, ech sinn e bësse rosen driwwer, well et sinn am Fong jo net 25 % vun dem gesamte Projet, et sinn ëmmer 25 % wou effektiv op verschidde Positiounen, wou een da mat hinne muss negociéieren a biedelen, fir e bësse Subsid ze kréien. Ech ka just soen, dat wat mer vum Gesamtmontant, wann ech et elo hei beim Lokomotiv-Atelier sinn, vu Subsid vum Staat kritt hunn, dat mécht, an zwar vläicht op deem, wat subsidiabel ass oder wou si gesinn, ganz wéineg aus. Dat war just bei de Fënsteren, beim Vitrage, wou mer eppes kritt hunn. Mee dee Gesamtsubsid, dee mer do kritt hu par rapport zum Gesamtbudget, mécht net 25 % aus, mee 2,5 %.

Wa mer eriwwer ginn an de VEWA. Fir just als Beispill virzehuelen, well een ëmmer gelackelt gëtt mat deene 25 % mécht de Subsid par rapport zu deem Gesamt. An do war jo eng aner Affektatioun, do bleift jo méi eng rudimentaire Affektatioun, do ass jo net Gastronomiebetrib. Do ginn natierlech kulturell Aktivitéite gemeet. Dat heescht den Amenagement bannen ass jo e ganz, ganz anere wéi lo am Lokomotiv-Atelier. Bon, do ass de Subsid e bësse méi héich wéi am Lokomotiv-Atelier, do ass en dann 3,5 %. Firwat soen ech lech dat? Well de Staat een ëmmer mat deene schéine Subside lackelt an am Endeffekt d'Realitéit eng aner ass. An ech fannen et ëmmer schéin a gutt an och wichteg, an déi Decisioun, déi hu mer jo hei am Gemengerot geholl, dass natierlech an der Entwécklung vum Projet NeiSchmelz, dass do ëm déi 85 % vun de Gebaier erhale bleiwen.
Dass mer och deen industrielle Cachet an och dee Patrimoine wäertschätzen, renovéieren, valoriséieren an och eng nei Affektatioun ginn. Onofhängeg ob dat elo de Fonds du Logement ass, onofhängeg ob dat elo d'Gemeng ass.

Mee wann ee weess, wat ee vu Subside kritt, an hei si mer an der Realitéit, ech si elo net op d'Église Saint-Martin agaangen, wat e Monument national ass, do ware mer och net bei deene 50 % um Gesamtbudget, da muss ee sech an Zukunft zweemol iwwerleeën, aus finanzieller, mat aller Suerg, déi een huet, fir d'Revalorisatioun vum Patrimoine industriel, muss ee sech wierklech d'Fro stellen. Wann ech lech soen, op dem Gesamtbudget 2,5 % zum Lokomotiv-Atelier, 3,5 % par rapport zum VEWA. Bon, da weess een, dass de Rescht vum Invest d'Gemeng gestemmt huet, a soss keen aneren. Dofir mengen ech, muss ee sech wierklech gutt iwwerleeën, wann ee Bestand renovéiert. An do sinn ëmmer Iwwerraschungen, zemools beim Patrimoine industriel. Dat gesäit ee jo och hei. Dat sinn al Gebaier, déi eng ganz flott Valeur hunn, déi e ganz flotte Cachet ginn, déi eng ganz flott Atmosphär och duerstellen, wa se bis renovéiert ginn. Dat gesäit ee jo souwuel beim VEWA, wéi och beim Lokomotivatelier. Mee et gesäit een awer och, wat den Invest ass, wann een esou e Patrimoine mat all Subsid, deen een da ka kréien oder net ka kréien, wat esou eng Renovatioun am Fong kascht a wéi deier dass se ass. Och, wéi gesot, wann een et fir wichteg fënnt. A mir sinn och frou, dass mer déi doten zwee Projeten och, mengen ech, op där doter Plaz och flott liewen, an de Site NeiSchmelz erabruecht hunn.

Mee et gesäit een awer och, wat de Präis ass, deen een dofir ze bezuelen huet a wéi wéineg Support een awer op där anerer Säit vum Staat huet, wou een ëmmer coûte que coûte all Positioun muss negociéieren, fir dat ze maachen. Obwuel jo awer och de Staat respektiv den INPA jo an déi Richtung gaangen ass, fir eis ze soen hei, dat sinn déi Gebaier, déi wichteg sinn ze erhalen. Ech mengen do war jo e ganzt Gutachten, wat jo och gutt ass, e fachmännescht Gutachten, dat opgestallt gouf fir dass dat do sollt op den Inventaire supplémentaire kommen. Mee dann erwaart ee sech och méi Ënnerstëtzung, wéi gesot, vun de staatleche Stellen. Ech wollt dat einfach als generell Remark ginn, well mer deenen heiten zwee Gebaier dat awer elo e bëssen duerchexercéiert hunn an och, mengen ech, déi Erfarung elo hei och deementspriechend maachen.

An och wann een esou Gebaier instandsetzt, dat si jo Gebaier, déi ganz no beim industrielle Patrimoine bleiwen. An och do maache mer näischt Extravagantes draus. Och bei deenen heite Renovatiounen, nieft de Sécherheetsmoossnamen, déi geholl goufen, déi néideg waren, ass am Bestand, wéi gesot, renovéiert ginn. Et ass net, dass elo nach extravagant Saachen dobäikomm si par rapport zu der Renovatioun. Voilà. Dat e bëssen als generell Remark awer zum Ofschloss vun dëser Diskussioun, an ech mengen elo kënnt Der ganz gären dozou och Är Remarken maachen a Stellung huelen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci. Ech wollt just soen, wann ech dat richteg verstanen hunn, an ech mengen den Ivi kann dat confirméieren, ass d'Lokomotiv awer méi bëlleg gi wéi virgesinn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Jo, e klengen Trouscht.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci fir d'Wuert. Villmools merci och fir d'Presentatioun. Esou stelle mer eis dat vir. Wann en Depassement ass, dee wierklech substanziell ass, dass mer wierklech Poste fir Posten erkläert kréien. A villmools merci fir déi Explikatiounen, dat ass alles nozevollzéien. Ech hunn zwou, dräi Froen. Effektiv, ech hat mer dat och opgeschriwwe mat de Vitren. Well dat hat den Ivi deemools scho gesot gehat, dass mer d'Fënstere géife subventionéiert kréien. A bon, wann ech elo héieren, dass dat esou eng mickreg Zomm ass. Ech hunn nach eng aner Fro, wat mer och deemools beschwat haten, dat war mam Chauffage. Do hat et geheescht, mir hätten eng Chaudière installéiert am Fong iwwergangsweis, well mer jo ëmmer nach hoffen op d'Geothermie. An do wollt ech froen, wéi et elo domadder ass? Mat wat hëtze mer momentan? A wann ech mech net ieren,

hate mer och gesot, mir hunn eng Foussbuedemheizung eragezu gehat. Ass dat och nach ëmmer esou de Fall? Ass do eppes, wat sech nach wäert änneren, bezéiungsweis wann elo effektiv en anere Chauffage kënnt, musse mer dann nach eng Kéier rechne mat zousätzleche Fraisen? Wéi gesäit et domadder aus? Ech hat nach d'Fro gestallt, de Jemp sot, ech soll se awer net stellen, ob d'Lokomotiv dann awer elo en Daach kritt? Well ech weess de Jemp, deem läit dat awer um Häerz, an dat war och ëmmer ugeduecht. A voilà. Jo, voilà. Se gouf versprach.

Ech si ganz beim Här Buergermeeschter, wann e seet, dass effektiv dat Lackelen an dat schéi schwätzen net an der Rei ass. Ech mengen hei ware mer jo och souwisou an engem, am Fong an eng ganz, ganz anere Cas de figure ganz am Ufank. Am Ufank huet et geheescht, de Fonds du Logement, deen iwwerhëlt e groussen Deel, dofir hate mir jo am Ufank nëmmen déi 590.000 € an de Budget eragesat gehat 2020/2021. An dunn hu mer gesot, ah neen, komm, dat gëtt awer sou e bëssen eng schappeg Renovatioun, dat war jo nëmmen eng Mise en conformité oder esou, pour limiter les dégats, souzesoen. An do si mir jo zesummen, unanime, alleguerten e Schrëtt weidergaangen, fir dat wierklech och flott ze renovéieren. An et ass effektiv immens, immens flott ginn, souwuel déi Mikrobrauerei wéi och de Restaurant, deen eng immens Beléiftheet huet.

Meng Fro ass just, huet een do da keng Méiglechkeet zum Beispill beim Tourismusministère nach e Subsid unzefroen? Et ass just eng Fro. Oder beim Mëttelstandsministère oder wat weess ech? Mee ech huelen un, Dir hutt dat schonn alles ausgelot, mee et ass meng Fro, well dat jo awer och eppes ass, wat awer och fir den Tourismus wichteg ass. An och, wéi gesot, fir de Mëttelstand ass dat jo awer och eng Plus-value, wann do eng a Mikrobrauerei en Handwierk erëm do erakënnt. Meng Fro just. Wéi gesot, merci fir d'Explikatiounen. Mir bäissen an de saueren Apel a mir stëmmen dat hei mat, well mir de Projet immens gutt fannen a mir stinn och voll do derhannert. Wat e bësselchen, warscheinlech och vill méi deier ginn ass, Dir hutt et elo net genau gesot, wéi vill dee Parking eis kascht huet. Dir hutt gesot, dat ass bei de Gros oeuvre derbäi. Vläicht kann een dat wierklech chiffréieren? Just well d'Leit eis och dat vun do bausse mol gefrot hunn. Merci villmools.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, ech wollt och Merci fir d'Presentatioun soen an och fir déi Erklärungen. Well effektiv, ech war net dobäi, wou dat do déi éischte Kéier zur Debatt stoung an déi zweete Kéier och net. Dat heescht, ech sinn effektiv nokucke gaangen, wat gesot ginn ass. A meng Kolleegin ass jo och grad krankheetsbedéngt elo net dobäi, dat heescht, do hätt ech mech elo nach kënnen e bëssen hei ofschwätzen dann, wat elo nach gesot ginn ass. Effektiv, et ass schued, dass déi dote Subventiounen net esou komm sinn, wéi se dann ugeduecht waren. Perséinlech fannen ech dat och elo net OK, dass een dann domat gelackelt gëtt an dann herno geet een awer quasi eidel aus. Dat ass scho schued. Wou ech mech awer gefrot hunn, wou ech déi Devise gekuckt hunn, dat ass elo éischter esou eng méi technesch Fro dann eeben, dat mat der Renovatioun, dass déi klimatrei renovéiert misst ginn. Dat waren da gréisstendeels d'Fënsteren, wann ech dat richteg verstanen hunn, dat mat der Chaudière, dat ass dann och nach ëmmer aktuell. Okay, tipptopp. Dat war nämlech dat, wou ech mer bei den Devisen erausgekuckt hat. Dann hätt ech awer nach eng allgemeng Fro zu där Saach elo an der Erklärung. A vu, dass ech déi zwou lescht Kéieren dann eeben net dobäi war. Dat heescht, also den Devis remanié, deen éischten Devis remanié, deen ass gestëmmt gi wou nach Etüden amgaange waren, fir ze kucke wat machbar wier a wat do alles faisabel wier? Zu deem Zäitpunkt hätt ee jo theoreetesch kënnen, wann ee gesi gehat hätt, OK, dat doten dat sprengt elo nach d'Rumm fir do eng Brauerei dran ze maachen, hätt ee jo dann, wann ech net falsch leien, hätt ee jo nach kënnen d'Brems zéie fir ze soen, hei, da loosse mer d'Brauerei vläicht op der Säit a mer maache just d'Gastronomie do dran. Oder wier dat zu deem Zäitpunkt schonn net méiglech gewiescht?

Dass de Parking bäikomm ass, ech mengen do hate mer schonn eng Kéier am Gemengerot dozou Stellung geholl, dass mer gesot hunn, OK dat do ass e grousse Cadeau am Fong, e Parking hinzemaachen deen net payant ass, well do steet kee Parkautomat. Do hu mer gesot kritt, mir kucken elo mol, wéi sech dat entwéckelt. E läit e bëssen abseits. Dat wär esou déi Fro effektiv, déi d'Madame Kayser och gestallt huet, wéi vill datt de Parking dann elo finalement kascht? Dann allgemeng och, also säit ech elo am Gemengerot sinn, war ech bei zwou Budgetsrieden dobäi, do ass ëmmer gesot ginn, mir maache keng Prunkbauten, keen Nice to have, mir maache wierklech dat wat néideg ass.

Wa mer mierken, dass wärend der Zäit, wou dat Ganzt gestëmmt ass, an et lafen nach Etüden, wann ee mierkt, dass dat esou aus dem Rudder leeft, wier meng Fro gewiescht: Hätt een dann do net awer kënnen iergendwann d'Brems zéien? Well wann een dat do elo esou e bësse kuckt, do ass jo dann eng Bün bäikomm, déi eigentlech net virgesi war, do sinn dann nach déi Installatioune vun der Brauerei, déi méi deier gi sinn, wou dann och elo den Exploitanten zegutt kommen. Wann een dat e bëssen esou héiert als, als quasi nach neien oder extern an deem dote Projet, huet dat e bëssen de Pop-up-Charakter. Dat heescht, den Objet ass elo vill méi deier, fir dat wat mer elo schlussendlech verlounen, well awer déi ganz Installatioun eigentlech e rise Gefale fir den Exploitant ass, mat deem een u sech guer net gerechent hat am Ufank.

Do ass e bëssen d'Fro, wéi de Schäfferot dat doten da gesäit, wéi en déi Situatioun aschätzt. Ech menge mer ware schonn alleguerten op deem dote Site, en ass genial gelongen, en ass wierklech richteg flott. Et ass flott, Zäit do ze verbréngen, et sinn ëmmer super Evenementer do. D'Fro fannen ech allerdéngs trotzdeem vun der Oppositioun ubruecht, fir eng Kéier d'Fro ze stellen, ob een do net trotzdeem hätt misste soen, wëssend, dass mer awer all Kéiers elo, ech menge mir hunn elo nach e Prêt, dee mer musse matstëmmen, d'Fro ass do, ob een dann net awer hätt d'Verantwortung gehat fir do d'Brems éischter ze zéien. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Jo, ech soen och emol Merci fir déi Erklärung do. Wann ech dat jo elo richteg verstanen hunn, da war bei der éischte Kéier d'Notzung jo nach net ganz kloer. An ech mengen hei hu mer wierklech en aalt Gebai, dat zu deenen Zäite ganz anescht gebaut ginn ass wéi haut, an ech mengen do war et eis jo och wichteg, dass mer de Patrimoine erhalen. A wéi gesot, ech fannen et och schued, wéi et elo schonn a puermol ugeklongen ass, dass mer vum Staat do net déi Ënnerstëtzung kréien, wéi mer se sollte kréien. Dass se gär hätten, dass mer de Patrimoine erhalen. an eis awer dann net déi Ënnerstëtzung ginn, déi se eeben ass. Bon, zu de Renovéierunge soen ech, et ass ganz vill an d'Sécherheet investéiert ginn. An ech menge wann d'Notzung ännert, an do ass et och ganz wichteg, dass an d'Sécherheet investéiert ginn. Ech schwätzen hei vun engem Brandschutzkonzept. Ech mengen ech weess, wat esou Konzepter ausmaachen, an ech weess och wat d'Präisser si vun deene Konzepter. An ech mengen déi sinn och ganz wichteg.
Ech menge mir hunn hei e Projet, deen a mengen Aen och ganz wichteg fir Diddeleng ass, fir d'Diddelenger Leit. Ech mengen et ass e flotte Projet. An dofir géif ech soen, dass mer als LSAP dat heite géife matstëmmen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, villmools merci. Mir hunn haut dräi Devis remaniéën um Ordre du jour stoen, déi alleguerten elo 2020, 2021, 2022 bis lancéiert gi sinn. Zwee dovunner leie bei Haussen ëm déi 30 %, wou ee ka soen, okay, dat ass plus ou moins den Index, deen eeben an där Zäit esou erhéicht ginn ass. Hei leie mer bei enger Hausse vu 67 %. Dat ass awer schonn, dat ass scho seriö. Mir ass och bewosst, dass Bauen am Bestand zum engen ëmmer méi deier gëtt an zum aneren ëmmer Erausfuerderunge sech wärend dem Chantier stellen, wou een einfach net konnt virausgesinn a wou een herno muss dropleeën. Ech mengen dat ass ganz kloer. Ech hu mech awer e bësse gewonnert, dass, et war och elo gesot ginn, an et steet och an der Deliberatioun, dass “Ajustement dans les choix techniques dû aux nouvelles exigences en matière de normes environnementales et de sécurisation”. Sinn do souvill Normen an deene leschten dräi Joer geännert ginn, dass do esou vill aner Sécherheetsvirkéierunge musse getraff ginn? Dat huet mech e bësse gewonnert.

An dann, wat mech gewonnert huet, dat ass déi Geschicht mam Daach. Dat heescht, de Fonds du Logement huet deen Daach fräschgemaach, ouni awer déi néideg Sécherheetsmesuren ëmzesetzen? Dat ass jo dann eigentlech duebel ëffentlech Geld e bëssen zur Fënster rausgehäit, wa mir als Gemeng dann nach eng Kéier mussen den Daach fräschmaache fir den Désenfumage ze vergréisseren. Also dat fannen ech e bëssen ongléckklech. An elo einfach wann ech d'Finance publique am ganzen an den Ae behalen. Ech soen awer och villmools Merci fir d'Erklärungen, well do ware wierklech vill méi Erklärungen dobäi an dat huet Villes e bësse méi kloer gemaach. A wéi gesot, verschidden Haussen, déi kënne mer wierklech novollzéien. Ech hunn awer d'Gefill, dass e ganz grousse Deel vun den Haussen dobäikomm ass, net well se technesch néideg waren, mee well et politesch Decisioune waren. Also d'Gewiicht fir d'Brasserie, d'Mikrobrauerei. Ech hunn nämlech och, ech war net an der initialer Diskussioun 2021 am Gemengerot. Dat heescht, ech hu mer déi lescht Deeg déi Diskussioun vun deemools nach eng Kéier ugelauschtert. An déi Brauerei, dat war schonn alles virgesinn. Do war kloer gesot ginn, mir sinn an der Soumissioun. A Projeten, déi keng Brasserie wäerten dobäihunn, déi wäerten ecartéiert ginn, dat war esou gesot ginn. Dat heescht, dat war schonn alles virgesinn.

Wa mer elo soen, mir wollte méi Chargen erlabe fir déi Brasserie, mir wollten d'Kiche méi grouss maachen, mir wollte méi Frigoe maachen, mir wollte méi Containeren dowéinst maachen a mir hunn och nach e Parking gemaach a mir hunn nach d’Terrass méi grouss gemaach. Dann ass dat vläicht net schlecht, mee dann hunn ech awer d'Gefill, dass den Exploitant relativ gutt negociéiert huet an dass dat awer politesch Decisioune sinn, fir deem eeben e Gefalen ze maachen. An do froen ech mech awer, wa mer en Devis gestëmmt hunn, also net mir, mee allgemeng wann en Devis gestëmmt gouf, da fannen ech dat awer e bëssen ongléckklech, wann duerno esou vill politesch Decisioune getraff ginn, wou dann eng Hausse vu 67 % oder komm mir soen dann awer nach, wa mer d'Präishaussë raushuelen, nach eng anstänneg Zomm awer drop geschloe gëtt.

An, voilà, ech hunn d'Gefill, mir vermëschen hei e bëssen. A mir versti ganz kloer, dass Präishaussen do waren, mee et ass awer net nëmmen dat. An dat fanne mer awer e bësse problematesch, wann duerno d'Präisser sou explodéieren, well de Projet nach sou vill evoluéiert, da misst ee vläicht awer effektiv e bësse kucken, awer iergendwann eng Kéier am Budget ze bleiwen.

IVICA REPUSIC, SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES: Da fänken ech dann un. D'Madame Kayser hat d'Fro gestallt iwwert och de Vitrage an déi Saachen, déi mer do hunn. Jo, sécher. Mir hunn de Vitrage an d’Rei gemaach, mir hu probéiert e wierklech och dicht ze maachen. Wat dobäi komm ass, fréier wéi d‘Lokal wor, ech mengen der Arbed war et net grad esou wichteg, dass de Vitrage richteg dicht ass an do bléist et nach eran. A mir hunn elo missen noschaffen, fir dass dat awer och angeneem ass, fir do ze sëtzen. Wann een nämlech no bei der Fënster sëtzt mierkt een awer, et ass awer net grad esou dicht an et grad esou enk. Fréier, wou en do dra geschafft huet war dat eppes anescht. Dunn hutt Der d’Fro gestallt zum Container. Jo, de Container, dee steet nach ëmmer virun der Dier. Et ass e Gascontainer, et gëtt mat Gas gehëtzt am Moment, dat ass dat Eenzegt, wat mer um Site fonnt hu fir kënnen eppes ze maachen. De Gascontainer ass och virgesinn, soubal eng Geothermie oder eng Niddertemperatur hei zu iergendeppes kënnt, dass mer dee Container kënnen ewechhuelen.

De Container, also wéi gesot, d'Produktioun, d'Chaudière mécht d’Produktioun baussen a bannen am Gebai hu mer en Echangeur, dee steet um zweete Stack, an am Prinzip musse mir eis just un deen Echangeur uschléissen. Et ass virgesinn, dass keng weider gréisser Aarbechte musse gemaach ginn, ausser deen Uschloss, soe mer dee Rouer, dee vum Echangeur muss

an déi nei Situatioun ugeschloss ginn. An da kënnt de Container erëm fort. Dat ass dann net méi mam Gas. An da kommen ech dann och op d'Fro zréck, den Daach vun der Lokomotiv. Mee leider kréie mer do keen Daach dohin, well et immens opwenneg wor, en Daach ze maachen. Mir hunn de Statiker, dee mer op der Plaz hate gefrot: Wat kënne mer do maachen? Do uewe bléist et relativ staark, dat heescht, mir hätte missen onheemlech Féllementer an de Buedem maachen, mir hätte missen d'Gebai mat ubannen, mir hätte missen immens vill Saache maachen. Et wier immens deier ginn, fir och awer ze wëssen, dass an e puer Joer dat Ganzt ewechgeholl gëtt. Wann elo eng einfach Léisung do gewiescht wär, wéi mer verschidde Saache gekuckt hunn, dann hätte mer dat och gemaach. Mee fir eppes riseg Stabilles ze maachen, wat d'Sécherheet och betrëfft, sécher, well de Fonds du Logement, dee muss jo nach do schaffen, ronderëm d'Gebai. An dofir gëtt dat jo och alles och erëm eng Kéier deelweis virum Gebai och geréckelt.

Dofir ass et awer och net fir dann ze soen, mir bauen elo fir deiert Geld, fir dann an e puer Joer, wann do Bodenmanagement gemaach gëtt virum Gebai, dann huele mer dat ewech, da geheie mer dat op de Koup. Dat wollt mer awer och vermeiden. Dat wollte mer awer och elo net hunn. Jo, effektiv, mat de Subsiden, d'Tourismus, Mëttelstand déi hu mer, muss ech lech éierlech soen, net gefrot. Ech wousst net, datt een dat kéint froen, dat kënne mer awer nach roueg gäre maachen. Ech weess net, ob mer do eppes ze gutt hunn, ech weess et net, ob een dat ka maachen? Vläicht weess den Här Buergermeeschter dat. Ech mengen net, dass mer do eng Chance hätten eppes ze kréien. Mee wann ee mengt, déi Demandë kann een ëmmer maachen. Méi wéi Nee soen, kann een net.

Dann d'Käschte vum Parking. Do si mer mer bei ronn 45.000 €. Dat ass deen, fir de Parking riicht ze zéien, fir déi grouss Plaz do riicht ze maachen, fir déi Steng laanscht Gebai ze maachen, well et jo e bësse méi héich ass wéi d'Gebai selwer. Virdrun, wou der laanscht gaange sidd, do wore mer ënnen op Null an do ass dat biergop gaangen. A fir de Parking e bëssen anstänneg ze maachen hu mer dat dann awer och riicht gemaach, dofir sinn déi Käschten opkomm. Wat och elo ugeschwat ginn ass, déi Präisdeierecht oder dat ganzt Konzept. Effektiv, deen éischten oder den zweeten Devis, dee gestëmmt ginn ass, do wousste mer, dass eng Brauerei dra kënnt. Also dat gëtt sou eng Mikrobrauerei, eng kleng Brauerei, sou eppes Klenges. Do hu mer och eng Soumissioun gemaach, wien do kéint drakommen an dunn hu mir och e bësse bäigeléiert, muss ech ganz éierlech soen, wat dat bedeit eng Brauerei, wat ee muss hunn, fir ze funktionéieren. Wa mir eng Brauerei drasetzen, déi net funktionéiert dann hu mer och missen e bëssen op den Exploitant, deen eenzegen, dee mer dunn haten, deen zréckbliwwen ass, well op der Plaz hate mer eng Partie Leit, déi wollten eppes do maachen, mee déi dann awer ofgesspronge sinn am leschte Moment, wou se gesot hunn, dat do, dat kréie mer net gestemmt.

Do hate mer een Exploitant, deen et geholl huet. A mir sinn deem awer och e bëssen entgéintkomm. A mir hunn awer och e bësse mat deem, ech soen ech perséinlech och, geléiert, wat dat heescht, eng Brauerei ze plangen a wat eng Brauerei mécht. Dat ass ganz kloer. Dat huet dann eeben och mat sech bruecht, dass mer eeben dem Exploitant, kann een elo soen oder net, Saache gemaach hunn, déi vläicht net virgesi waren, och mat deene Gewiichter um éischte Stock, well dat huet jo och e bësse geännert. Am Ufank sollte just ënne Brautanks sinn an d'Lagertanks, dat sollt alles ënne sinn. Dann hu mer awer gemaach, OK se kënne se awer eropmaachen, dass se e bësse méi grouss sinn, dass se e bësse méi eng Chance hunn eppes ze maachen. Dat war dann, jo, wou mer hinnen entgéintkomm sinn. Dat waren eeben déi Saachen, déi mer do haten.

Dann nach eng Fro mat der Norm, mat den Normen. U sech hunn d'Normen net geännert, mee duerch déi Gréissten do vun deene mer schwätzen, si mer an aner Klasse gefall heiansdo. An dat ass, wou mer hu missen d'Normen upassen oder un aner Norme goen, fir dat ze hunn. Zum Gléck hate mer dann awer déi Méiglechkeet, fir mat engem Bandschutzexpert eppes erauszekréien, dass mer konnten erëm e bëssen erofgoen. Mee et huet awer alles, de ganze Prozess, huet awer och eppes kascht. Dat ass eeben d'Problematik bei deene Saachen, déi mer do haten. Dann hu mer nach déi Saach vum Daach. Jo. Do huet, wéi gesot, de Fonds du Logement huet eis den Daach gemaach. Mee de Fonds du Logement huet eis en zouent Gebai ginn. An da wor et un eis, eppes draus ze maachen. An doduerch, dass mir dat gemaach hunn, wat mer gemaach hunn, sinn déi Saachen, hu mir dat missten dropmaachen an noschaffen.

SALA MAKUMBUNDU, CBA ARCHITECTS: Den Daach selwer ass awer net zweemol gemaach ginn. Dat heescht, wat gemaach gëtt, ass dann an deen Daach, deen de Fonds du Logement gemaach huet, Ouverturen eranzemaachen, fir dann déi Opsätz ze maache fir den Désenfumage. Ech hoffen, mir hunn elo näischt vergiess.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo, just ee Saz zum Parking, well den Här Steffen gesot huet, mir hätten deemools gesot, jo, mir kucken emol. Mir hunn deemools gesot, well hei am Gemengerot erwäänt ginn ass, ech weess awer elo net méi, ob dat vum Här Steffen war oder och nach vun anere Leit, well dee Parking gratis wär, do huet een hei gesot, et ka jo awer sinn, datt elo Leit vu Wäitem dohinner parke kommen, fir den Zuch, de Bus ze huelen oder fir an d'Duerf ze goen an deen da géifen ausnotzen, well keen Horodateur do wär. An do ass gesot ginn, mir géifen dat am A behalen. An dat huet sech bis elo awer net erausgestallt, datt dat groussaarteg de Cas wär. An dofir hu mer och keen Horodateur bis elo dohinner gestallt. Et bleift dobäi, wann sech dat eng Kéier géif erausstellen, datt do Abus géif gedriwwe ginn, da kann ee schnell noräschten. Ech wollt dat awer just nach eng Kéier preziséieren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci. Da ginn ech nach vläicht op zwee dräi Punkten an. Hei ass d'Demande komm oder d'Fro op-

geworf ginn, ob den Tourismusministère respektiv de Mëttelstandsministère Subsid géif kënne ginn. Menges Wëssens sou net. Et kann een natierlech nach ëmmer nofroen. Mee firwat? Wann ech kucken, dat Lescht, wat mer hei subventionéiert kritt hu vum Tourismusministère, dat war de Floater. Mee dat ass e Bâtiment à vocation touristique. Dat ass net de Fall vun deem dote Gebai, wou mer e Gastronomiebetrib dran hunn, respektiv eng Mikrobrauerei. A mir mengen och net, dass elo hei de Mëttelstandsministère d'Gemenge subventionéiert.

Wa mengen ech do eng Hëllef kënnt, da geet et vläicht direkt un d'Entreprisen iwwert verschidde Mechanismen oder iwwert eng SNCI, iwwert de Wirtschaftsministère. Mee dat ass net vläicht direkt d'Gemeng, déi hei elo Proprietär gëtt vun engem Gebai an iwwert e Contrat de bail engem Exploitant dat zur Verfügung stellt. Also menges Wëssens no, aus menger Erfarung eraus, net. Mee wéi gesot, et kann ee ganz gären nach eng Kéier nofroen. Mir kënne se effektiv do saiséieren oder respektiv bei de Beamten aus dem Ministère sondéieren, ob et do eng Méiglechkeet gëtt.

Bon, dann, par rapport zu de generelle Remarken, effektiv par rapport zur Evolutioun och vum Projet. Et hätt ee kéinten d'Brems zéien, ass hei gesot ginn. Bon, et muss ee jo wëssen, dass mer hei awer an enger Prozedur waren. Nieft dem Fait, dass mer engersäits dat heite renovéiert hunn, hu mer eng Prozedur lancéiert, wou mer en Appel public gemeet hunn. An am Appel public stoung ganz kloer Gastronomie a Mikrobrauerei. Dat ass scho richteg, wat d'Madame Thoma gesot huet, dat war e politesche Choix, e politesche Choix, dass mer dohinner Gastronomie wëlle kréien an och eng Brauerei. Dat heescht, da kann een en cours de route och net op eemol d'Konditioune vun der Stee änneren an dann d'Brems zéien an dann deem Ganzen eng aner Orientéierung ginn. Well wann een en Appel public mécht, da verflicht ee sech. An doropshi melle sech effektiv Interessenten oder si melle sech net. Dofir mengen ech ass dat net esou einfach, Här Steffen, wéi Dir dat hei virféiert, well et ass een awer, mengen ech, un deen Appel public gebonnen. Dofir hu Leit decidéiert kucken ze kommen a keng Kandidatur ze stellen a keen Dossier eranzereechen. An effektiv een huet dat och deementspriechend dann awer gemaach.

An et däerf ee jo och net vergiessen, en cours de route, nieft dem Appel public, och dat wëll ech awer hei nach eng Kéier preziséieren, Här Steffen, par rapport och zu där Remark, déi Dir gemeet hutt, do kann een d'Brems zéien. Et gi jo och Engagementer iwwert de Contrat de bail. De Gemengerot huet hei e Contrat de bail jo och gestëmmt, wou een engem dat zouschwätzt. Dat heescht, wou een dann nieft dem Appel public ganz kloer och seet: Hei du kanns do d'Exploitatioun maache vun engem Restaurant an du kanns do d'Exploitatioun maache vun enger Brauerei. Dat heescht, et gi jo och Engagementer an déi och eng juristesch Valeur hunn. An och do kann een dann en cours de route och net d'Destinatioun deementspriechend änneren, well een effektiv dann och dorunner gebonnen ass.

A wann een och seet, bon, et war jo gewosst, dass eng Brauerei soll kommen. Jo, et war gewosst, dass eng Brauerei soll kommen. Mee och an deem Appel public, an ech mengen d'Erklärunge si jo gi ginn, et war e Choix politique fir wëllen eng Brauerei dohinner ze kréien. Wat awer vu Material alles néideg ass, fir dass déi Brauerei effektiv do kann no den Normen opgebaut ginn, ass erëm eng aner Saach. An ech mengen do hätt keen d'Erfarungswäerter par rapport zu deem dote Projet. An dofir, déi Opdeelung, déi mer elo fonnt hunn, wéi gesot, ass mengen ech ideal. An ech kann Iech awer och nach soen, ech hat virdrun eebe scho gesot, dass mer Diskussiounen hate mat der ITM. Mir ware bei d'ITM, d'Madame Thoma huet vun Norme geschwat, wou d'Fro gestallt gouf, well och fir d'ITM dat heiten eppes komplett Neies war, fält dat dote klassesch a Kommodo-Inkommodo, wou de Buergermeeschter d'Autorisatioun gëtt, well et e Gastronomiebetrib ass? Oder fält en, dat waren Diskussiounen, well eeben och eng Brauerei dobäi ass, a well dat nach zousätzlech Sécherheetsdispositioune muss geholl ginn, ënnert d'Industrie? Da si mer an engem ganz anere Cas de figure. Do gëtt de Buergermeeschter keng Geneemegung méi, do gëtt op eemol och de Minister se.

Also dat ware wierklech ganz, ganz schwéier Diskussiounen, wou ech soen, et gi keng nei Normen. Also hei ass et awer ëm d'Norme gaangen, punkto Sécherheet, well och eng ITM éischter dat heite Richtung Industrie ageuerdent huet, obwuel et awer kee klasseschen Industriebetrib do ass, et bleift awer éischter an der Gastronomie, och wa mer eng Brauerei do deementspriechend hunn. Also, wéi gesot, dat ware ganz, ganz schwiereg Diskussiounen, awer konstruktiv Diskussiounen, muss ech awer och soen, déi mer haten, souwuel mat de Mataarbechter wéi och mam Direkter vun der ITM am Kader vun enger Reunioun, déi mer proaktiv opgesicht hunn. Och dat ass nach dobäi komm, an dat wollt ech och nach hei als Erklärung ginn. Dëst gesot, mengen ech hätte mer probéiert, op all Är Froen ze äntweren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da géif ech elo proposéieren, dass mer zum Vott géifen iwwergoen. ***Wien ass mat deem heiten Devis remanié averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun der LSAP, vun der CSV a vum ADR. Wien ass dergéint? Wien enthält sech? Dat sinn déi Gréng, d'DP an déi Lénk.*** Villmools merci.

**5.11. Approbatioun vum Devis remanié fir den Neibau Schoul Strutzbierg C – Schwämm a Gymnase**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Gutt, da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass de Strutzbierg. Do begréissen ech och hei an eiser Ronn, ronderëm de Centre Complexe sportif Strutzbierg, d'Sala Makumbundu, dat wéi gesot bei eis bleift. Och eis Mataarbechterin d'Cathy Mambourg an de Bureau d'études Siegel Schleimer, dann d'Madame Adler vun MDL, den Här Gerardi, a vu Simon-Christiansen, den Nicolas Grand-Claude an och de Paul Kussmann vun eisen Servicer. Voilà, si wäerten och duerch déi verschidde Punkten hei goe vum Complexe sportif

Strutzbierg, dee wéi gesot funktiounsfäeg ass, wou d'Kanner schwamme ginn an och kënnen an der Hal Sport maachen. En ass kuerz no der Allerhellegevakanz opgaangen, sou wéi mir dat hei beschwat haten. Mee haut geet et virun allem drëm, och en Devis remanié ze stëmme vu 26 Milliounen Euro. Hei ass e Projet, dee mer an der Covidkris ausgeschriwwen hunn, wéi gesot, am Joer 2020. Mir haten och hei den Devis, de 25. September 2020, do war den Devis, wéi gesot, 19.550.000 € fir d'Constructioun vun deem Complexe sportif, wéi gesot, eng nei Hal, en neie Gymnase, wéi gesot, an och eng nei Schwämm, kee Léierbecke méi, mee e 25-Meter-Becken, nach eng Kéier pour mémoire. An haut hu mer dann den Devis remanié virleie vu 26 Milliounen Euro, also e Plus vun 6,4 Milliounen Euro par rapport zu deem dote Projet. Hei mengen ech och, muss ech soen, am Verglach zu deem virege Projet, hei eng ganz batter Pëll, déi mer schlécken, ongär muss ech och soen, fir awer en néidegen a wichtege Projet fir eis Schoulkanner a fir eis Veräiner.

Bon, d'Gebai steet, et gëtt gutt akzeptéiert, gëtt och genotzt, ass natierlech modern am Verglach zu deem, wat aus de 70er Joren do stoung. An awer musse mer hei säfteg nostëmmen an ech ginn och kuerz drop a firwat dass mer dat hei musse maachen. Ech wëll och soen, dass mer hei normalerweis e Subsid kréie vu ronn 6,9 Milliounen Euro an och awer nach eng Kéier à charge gaange sinn un de Sportsministère, fir eis awer e bësse méi Subsid ze ginn, par rapport och zu der Hausse vum Projet. Mee bon, déi Äntwert steet nach aus. Mir hunn awer de Sportsministère mat enger zousätzlecher Demande saiséiert. Och hei mengen ech dass déi global Präishausse en direkten Impakt och huet, wat d'Materialer och deementspriechend ugeet. D'Käschtenerhéijung natierlech, wéi ech schonn och gesot hunn, ass och ënnert d'Konsequenze vum Covid-19 gefall. Bon, dann natierlech och déi ganz Indexéierung vun de Käschten. An awer, an ech mengen dofir mengen ech, ass et och wichteg, dass d'Erklärungen hei kënne gi ginn, dass natierlech Ecarte waren tëschent den Devisen an der Commande, tëschent deem wat ausgeschriwwe war an natierlech och deem, wou den Zouschlag kritt huet. Mee bon, dat huet alles och mat deem Kontext ze si vun uewe genannten Argumenter, vun der Hausse vun der Covidkris a vun der Indexéierung vun de Käschten.

An déi zwee Haaptadjucatiounen, déi zwee Haaptmarchéen, déi waren effektiv doduerch natierlech e gudde Krack méi deier. Quitt dass natierlech probéiert ginn ass, och nach bis zum Schluss weider ze kucken, wat sinn d'Plus-valuen, wat sinn d'Moins-valuen an där doten Diskussioun. Bon, elo kann een natierlech och soen, hätt een net kéinten higoen an dat Ganzt, ech gesi jo déi Fro kommen, stoppen, respektiv eng Annulatioun maache vum Marché public? Jo, hätt een theoreetesch kéinte maachen, mee ech mengen da wär d'Gebai haut net funktiounsfäeg. Ech mengen eis ass drëms gaangen, virun allem mat alle kriteschen Diskussiounen, déi mer nach haten, mat de verschiddenen Corps de métieren, well mer awer hei nach de Präis e bësse konnten erofdrécken, par rapport zu deem wat initial geplangt war, dass d'Kanner, dans les délais impartis, solle kënnen an hirer Hall erëm Sport maache, respektiv erëm solle kënne schwamme goen. Voilà. Dat e bësse méi generell zu den Ausféierungen, wat effektiv dësen Devis remanié ugeet, firwat dass et zu Méikäschte komm ass. Mee lo geet et awer och drëms, wéi beim viregte Projet, Iech méi am Detail déi verschidde Positiounen duerzeleeën. A voilà, dofir hu mer hei déi verschidden Architektebüroe respektiv Bureau d'étude, déi dat maachen. An ech ginn hinne stellvertriedend d'Wuert dem Sala Makumbundu. Sala.

SALA MAKUMBUNDU, CBA ARCHITECTS: Merci fir d'Wuert. Jo, hei si mer an enger Configuratioun, wou mer en Groupement de maîtrise d'oeuvre sinn, wou mer véier Büroe si fir déi verschidden Disziplinnen ofzedecken an de Projet eeben zesummen entwéckelt a begleet hunn. Ech féieren Iech duerch d'Presentatioun, mee natierlech si mer alleguer zesummen och dann zur Verfügung, fir Froen ze beäntwerten. Mir hu fir d'éischt e klengen Historique gemaach, fir dat Ganzt nach eng Kéier an den zäitleche Kader ze setzen a fir och méi verständlech ze maachen, wéi déi Soumissiounen enchaînéiert sinn. Den Här Buergermeeschter huet et scho gesot, am September 2020 an der Covid-Zäit ass den APD gestëmmt ginn. Mir hunn dann dat Joer drop, vu Mäerz bis September 2021, mat de Preparatiounsaarbechten ugefaangen. Dat war am Fong d'Demolitioun vun der besteeënder Schwämm, Paschtoueschhaus. Virdrun hu mer missten eng Asbestsanéierung maachen. Mee et war och dee Moment, wou mer verschidden technesch Uschlossraim gemaach hunn, déi Der haut gesitt, tëscht dem Projet an der Maison relais. Déi hu mer an der Phase préparatoire gemaach.

Juni 2021 hu mer déi éischt Soumissioun gemaach. An deem heite Projet hu mer de Choix gemaach, am Fong zwee Makroloten ze schafen. Dat heescht déi éischt Soumissioun war de Gros oeuvre Clos et Couvert. Dat heescht de Réibau, den Daach, déi komplett Fassad fir d'Gebai zouzekréien. De Lift war och an där Soumissioun mat dran, well dat en Impakt op de Réibau hat an de Réseau enterréen am Gebai. Bei där Soumissioun hu mer véier Offere kritt. An déi bëllegst Entreprise war Villemen deemools, elo LG Lux. An déi zweet Soumissioun ass dann am Fong deen zweete grousse Pak gewiescht am selwechte Joer, am Dezember, wou mer dann de ganzen Innenausbau an déi ganz Haustechnik dran haten. Ech wëll elo näischt behaapten, mee an där Soumissioun war nëmmen eng eenzeg Offer an dat war de Villemen. An e war leider däitlech iwwert dem Devis. Dofir hu mer zesumme mat der Gemeng d'Commission des soumissions consultéiert. An dann ass déi Soumissioun annuléiert ginn, fir datt mer konnten negociéieren.

A mir hunn dann dat Joer drop relativ laang, vu Mee bis Oktober 2022, eng Negociatioun gefouert mat der Entreprise, déi eis erlaabt huet, do awer de Präis ëm eng kleng hallef Millioun nach eng Kéier ze reduzéieren. An haut si mer eeben amstand, wou mer elo am Décompte provisoire sinn, wou mer Iech déi Chifferen awer kënnen elo am Detail presentéieren. Ech hoffen Dir gesitt et gutt, Dir hutt et awer och an Ären Dossieren. Fir d'éischt emol als Iwwersiicht, Dir gesitt ëmmer am bloen déi éischt Zuel APD, an der Mëtt dann déi Com-

mande, déi gemaach ginn ass an da ganz rieds den Dekont, sou wéi mer en elo haut kennen. Ënnendrënner am gréngen hu mer Iech dann d'Evolutioun vun den Indicen ëmmer als Verglach eng Kéier dobäigeschriwwen. An am rosa, dat wat leider bei verschiddene Lousen da relativ staark ausfält, sinn dann Hausse de prixen, dat heescht d'Hausse de prix salarial an d'Hausse de prix matériaux, déi déi verschidden Entreprisen, wéi dat hiert Recht ass am Marché public dann och geltend gemaach hunn.

Voilà, zu den Travaux preparatoiren ass am Fong net ganz vill ze soen. D'Commande war eigentlech ënnert dem Devis. Mee do hu mer da festgestallt, bei der Demolitioun an notamment och bei deene Locaux de raccordement, datt duerch d'Demanden och deelweis vun de Concessionnairë verschidden Erweiderungen néideg waren, soudatt mer den Ofschloss méi héich hate wéi d'Commande, awer ënnert dem Devis do konnte bleiwen. Den éischte Marché, Gros oeuvre, Clos et Couvert, do war et esou, datt mer ronn 4,6 Milliounen an der Estimatioun vum APD haten. Mir haten en Devis-soumissioun, dat steet elo hei net, gemaach, wou mer scho probéiert hunn der Evolutioun vum Marché Rechnung ze droen. Do ware mer op 5,2, pardon, 5.235.000. D'Realitéit war dann awer nach méi héich. Dee Moment hu mer awer decidéiert gemeinsam ze soen, okay, mir kucken, datt mer de Projet mol un d'Lafe kréien, deen Depassement ass nach am Kader, a mir kucken dann, datt mer awer probéieren, Ekonomien ze fannen.

Stand haut si mer dann op 5,9 Millioune vun Dekont. Ech erklären herno am Detail, wat do déi grouss Differenze sinn. An et kënnt elo vun der Entreprise eng relativ substantiell Ufro vun Hausse salariale an Hausse de prix dobäi. Vun deenen 915.000, déi hei stinn, sinn 100.000 ronn Hausse de salaires an de Rescht ass alles Material. Voilà. An Dir gesitt dann ënnen, datt mer an deem Marché och da méi héich ofschléissen, par rapport zur Entwécklung vun den Indicen. Deen zweete grousse Marché ass dann d'Technik a Parachèvement. Dat hu mer dann e bëssen opgedeelt, datt ee ka gesinn, wat den Deel Technik ass a wat den Deel Parachèvement ass. Do war déi däitlechst Hausse effektiv am Beräich vum Parachèvement. An dat war och deen Deel, wou mer am meeschten negociéiert hunn. Dat heescht déi kleng hallef Millioun, déi ech virdru gesot hunn, déi mer an der Negociatioun konnte reduzéieren, dat ass reng op dem Parachèvement gewiescht. D'Technik, wéi Der Iech kënnt virstellen, notamment mat enger Schwämm, do war et schwéier eppes ze reduzéieren an enger Negociatioun. Dat heescht, alles wat reduzéiert ginn ass vu Präisser, war am Parachèvement.

Do si mer Stand haut, zesummen och mat substanziellen Haussë vu 600.000 fir Hausse des salaires an Hausse de matériaux, op engem Gesamtstand fir de komplette Marché vun 8.635.000. Wëssend, datt mer net 100 % ofgeschloss hunn an deem dote Lous, mat den Dekonten, mat der Entreprise. Dat heescht, fir déi Punkten, déi nach en Travail de vérification sinn, hu mer do och eng kleng Reserv dragelooss fir datt mer sécher sinn, datt dee Montant och korrekt ass.

Voilà, hei vun deene 607.000 Haussë si ronn 400.000 Material an de Rescht ass Salaire. Dat heescht, dat war déi Zäit vum zweete Marché, wou relativ vill Indices de salaire komm sinn, dofir ass et hei méi héich.
Et gëtt ee separate Marché. Dat hate mer bewosst erausgezu wéinst der Technicitéit, dat ass Hydrokonzept. Dat ass fir den Hubboden. Mir hu jo an där Schwämm en Hubboden, fir verschidde Configuratioune kënnen ze maachen.

An et gëtt en zweete Marché, dee mer erausgezunn hunn. Dat war d'Photovoltaik um Daach. Wat d'Entreprise Schramm da gemaach huet, fir do onofhängeg ze si vun enger grousser Entreprise générale. Dat ass dann de leschte Volet op dëser Säit. Do feelt lo leider eng Zeil, dofir soen ech dat mëndlech dobäi. 1.900.000 war dann den APD. Adjugéiert war fir 956.000. An elo am Dekont ass 1.015.000. An och hei sinn Haussen ugefrot gi vun den Entreprisen, sou wéi Der se do hei gesitt, fir Materialien a Salaire. Den Aménagement extérieur, dat ass e separate Marché, deen hate mer net an d'Entreprise générale ginn, well dat ze vill defavorabel war an eisen Aen, well do méi héich Präisser ze erwaarde waren. An doduerch ass dat dann e separate Marché gewiescht, deen un d'Entreprise Sopinor gaangen ass. Och do gesinn ech feelt eng Zeil. Dat gesi mer dann och am Detail. Do ass am Devis APD, wann Der dat gekuckt hutt, war dovunner ausgaange ginn, datt mer dat an zwou Phase géife maachen. Schlussendlech hu mer dat net gemaach, mir hunn dat an enger Phas gemaach. Dofir war am Devis, déi zwou Zifferen, déi muss een dann additionéieren. Dat sinn da ronn 1.250.000 gewiescht. Adjugéiert war fir 1.100.000 an eppes. An elo, Stand haut, si mer an engem Dekont vun 1.183.000.

Dir wäert herno am Detail gesinn, mir haten am APD d'Opstellung vum Devis esou gemaach, datt dat entspriechend der DIN 276 ass. Dofir gouf et e relativ grousse Posten, deen hei steet, mat Décor et Oeuvres d'art. An Dir hutt warscheinlech scho gesinn am Dossier, datt déi Punkten, déi do am APD, déi Posten, déi do am APD budgetiséiert waren, herno transferéiert gi sinn an aner Corps de métieren. Sou datt do eigentlech ze soen ass, datt déi 817.000 vum APD dowéinst dann ënnerschratt gi sinn, well en Deel transferéiert ginn ass an an aner Marchéen. Dofir dann Adjudicatioun nëmmen 351.000 an en Dekont vun 391.000 Stand November vun dësem Joer. A wann een dat Ganzt da global kuckt, integréiert mat all deenen Haussen, déi mer hunn, fir d'Materialien an de Salaire, komme mer da schlussendlech op e Budget final vun 22.082.000 hors TVA an 25.000.000 bal 25.500.000 TTC.

Mir hunn dat elo e bëssen am Detail opgelëscht, fir datt Der méi genee kéint gesinn, bei deene verschiddenen Adjudicatiounen, wéi sech dat duerstellt. Ech menge bei de Mesure préparatoirë si mer relativ séier. Dir gesitt datt do par rapport zum APD e gewëssenen Transfert ass. Dat huet domat ze dinn, datt déi verschidde Chapitren an de Soumissiounen e bëssen anescht opgedeelt gi sinn. Awer global, wéi scho gesot, si mer an deem Deel relativ gutt, well mer do nach ënnert dem Devis bleiwen. Fir den éischte Marché, dat heescht d'Gros oeuvre, Clos et Couvert, do wëll ech

just gären agoen op déi wichtegst Punkten. Wéi gesot, mir haten do och den Devis Soumission adaptéiert. A mir haten och, dat kann den Här Grandclaude dann och vläicht detailléieren, wann dat gewënscht ass, an der Soumissioun virgesi Varianten, fir ze kucken, datt mer déi gënschtegst Konstruktioun géife kréie fir déi Hallen. Dir gesitt jo haut, mir hunn eng Stolstruktur bei der Schwämm an eng hëlze Struktur bei der Sportshal. A mir haten do an der Soumissioun verschidde Varianten opgelooss, Stol oder Holz, fir dann déi méi gënschteg kënnen ze huelen, déi dann eeben och elo geholl ginn ass. Dofir zwou ënnerschiddlech Materialien.
Trotzdeem hu mer do verschidde Posten, wou mer Stand haut musse soen, datt zousätzlech zur Soumissioun nach e Supplement bäikomm ass, notamment beim Terrassement.

An et ass e Supplement bäikomm, also Terrassement ass ongeféier 210.000 an et ass e Supplement bäikomm bei der Fassad. Dat ass e Choix. Mir hate verschidden Zonen an der Fassad, déi accessibel sinn am Rez-de-chaussée mat méi staarke Blecher virgesinn. An déi Zon hu mer erweidert, do wou et Richtung Maison relais geet, déi Trap an d'Rampenanlag erop, fir do eng gréisser Sécherheet ze hunn. Dat ass am Fong déi Differenz, d'Haaptursaach fir déi Differenz tëscht der Adjudicatioun an dem Stand vum Dekont. Bei deem zweete Marché, do ass et bei verschiddene Poste méi substanziell gewiescht tëschent dem APD an der Soumissioun. Dir gesitt dat notamment bei der Installation de chantier. Mir haten et esou kalkuléiert, datt keng separat Installation de chantier ze maache war. D'Entreprise hat de Calcul e bëssen anescht opgestallt an huet am Fong all déi Fraisen, déi si hunn als Gestion d'entreprise générale par rapport zu hire Sous-traitanten an dee Posten eragesat. Doduerch erkläert sech do dee relativ grousse Chiffer, gesitt Der déi 736.000, déi hei uewe stinn.

Wat do och war an deem Parachèvementskapitel, dass bei Schräiner- an Tischlerarbeiten de Lous 11, do gesäit et elo esou aus, wéi wa mer wäit iwwert dem Devis wieren. Dat ass ze erklären doduerch, wat ech virdru gesot hunn, an der Kostengruppe 600 Ekipement an Dekor ware Saachen dran, déi mer an der Soumissioun bei de Schräiner gesat hunn. Zum Beispill d'Tribün fir de Sportssall, alles wat Mobilier intégré ass, dat ass alles beim Schräiner. An dat erkläert ongeféier 200.000 do vun der Differenz. Dat war awer trotzdeem, muss ee soen dee Lous, wou mer vill hu missten negociéieren, well d'Präisser extreem héich waren. Mir hunn et fäerdegbruecht, am Laf vum Projet, do e bëssen ze reduzéieren, duerch verschidde Vereinfachungen, déi mer am Laf vun dem Chantier konnte maachen. Awer dat bleift trotzdeem an deem Punkt en Depassement. An de groussen Depassement an deem Marché do waren d'Plättercher. Dat hu mer méi genee kontrolléiert, och mat de Fournisseuren. Do war eng extrem Hausse de prix gewiescht, scho bei der Soumissioun an och nach eng Kéier no der Soumissioun.

Dat heescht, d'Plättche war an deem Fall contraignant, well déi kënne mer net einfach austauschen an enger Schwämm, an an den Duschen hu mer keen anere Choix wéi Plättchen ze maachen. Dat ass dann dee Poste vum Louss 14, wou Der hei gesitt déi 1,5 Millioune Plättchen. Wat mer awer gemaach hunn, ass all déi Nieweraim, wou mer eigentlech Plättche wollte maachen, hu mer se do ewechgeholl an do duerch eng Chape an Epoxy ersat, fir dann net an Stockage-Raim onnéideg Suen auszegi fir de Buedembelag. Doduerch ass dann am Schluss am Dekont awer do eng Reduktioun, déi mer konnten erreechen. An och bei de Sportgeräter, well dat gesäit natierlech och e bësse gelungen aus, et war natierlech net Null an der Soumissioun, mee et war am Budget och Ekipement. Dofir ass och do richteg ze verstoen, mir haten effektiv virgesinn an den Ekipementer 100.000 € fir Sportgeräter. An dat ass och déi Gréisstenuerdnung, déi et ginn ass. Dat heescht do war kee Supplement eigentlech ze verzeechnen.

Wat d'Haustechnik ubelaangt, dat sinn déi grouss Voleten Heizung, Lëftung, Sanitär, Elektro a Kommunikatiounstechnik, déi dann awer integréiert ginn ass bei d'Elektresch. Do hate mer an der Soumissioun en Depassement, dee mer och leider an der Negociatioun net konnte reduzéieren. An elo um Niveau vum Dekont si mer do eng ronn 150.000 € méi héich. Wat gréisstendeels an der Sonorisatioun sech erkläert. Do kann d'Anja awer vläicht nach méi erklären, wann dat gewënscht ass. Voilà. Déi aner Marchéen, Hydrokonzept, Schramm. Do gesitt Der, fir Hydrokonzept si mer eigentlech plus ou moins an de Chiffere bliwwen. D'PV-Anlag ass e bësse méi deier ginn, doduerch datt dat eng méi speziell Konstruktioun ass. Mir si jo uewen am Daach op engem Portikus, dat war e bësse méi opwenneg ze maachen.

A last but not least Aménagement extérieur. Do gesitt Der notamment dann tëschent der Soumissioun an elo e Supplement. Do si verschidden Adaptatiounen op der Plaz gemaach gi fir Verbesserungen ze erreeche fir d'Circulatioun vun de Kanner. Do ass nach eng Reserv dra vun 20.000 €, well mer eng Diskussioun hu mat der ADAPTH, respektivement mam Ministère wat déi Trapen- a Rampenanlag betrëfft, déi vum Strutzbierg Eingangsniveau erofgeet bei d'Maison relais. Do ass duerch déi nei Norm eng Exigenz komm, déi mer bis elo net ausgefouert hunn, well mer wierklech diskutéieren ob dat néideg ass. Mee do soll e Gelänner bäikommen. Mir hunn awer hei eng Reserv virgesinn. Wa mer et musse maachen, sinn déi Moyenen do mat agerechent. Voilà, an dann eeben de Volet Ekipement, dee fält eeben doduerch elo méi gréng aus, well do en Transfert an déi aner Louse gemaach ginn ass. Dat heescht, dat ass am Fong net richteg eng Erspuernis, dat ass en Transfert de budget.

Wat kann ee soen am Resümmee? Déi éischt Differenz hate mer bei de Soumissiounen. Ronn eng Millioun bei der éischter Soumissioun, Clos et Couvert. Eng ganz däitlech Hausse da bei der Soumissioun Enn 21, wou mer dann, trotz Negociatioun, en Depassement vun 2,5 Millionen hunn. A wat extreem an de Budget eraschléit, sinn déi ganz Haussen, déi déi verschidden Entreprisen elo agereecht hunn, wou mer bei 1,6 Millionen insgesamt vum Haussë leien, Salaire a Material zesummegeholl. An dat ass u sech dann d'Explikatioun vun der Differenz op dem gesamte Projet vun de ronn

5,2 Milliounen. Voilà. Et ass relativ vill Zuelen a vill Detailer. Wann eppes net verständlech war, wannechgelift einfach froen. Villmools merci.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Ech hu just eng kleng Fro. Ganz am Ufank hutt Der gesot, dass bei der Ausschreiwung just eng eenzeg Firma matgemaach hat, déi lech am Präis ze héich war a wou dann duerno och d'Soumissiounskommissioun kontaktéiert ginn ass, fir dann eeben de Marché opzeléisen. Meng Fro ass déi: den initiale Präis vun der Firma am Rapport zu deem Präis, dee mer elo hunn, also no der Erhéijung, wéi leien mir dann do elo?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, merci. Merci och fir d'Explikatiounen. Dat waren elo wierklech ganz vill Zuelen, also ech mengen net, dass se iergendee lo hei alles matkritt huet, mee et huet awer wierklech gehollef, fir nach eng Kéier e bëssen d'Iddien hannendrun ze verstoen. Mee dat hei ass esou e Projet, wou eis och kloer war, dat ass einfach deen Zäitraum vun 2020 - 2024, wou mer wëssen, dass einfach souwisou schonn d'Soumissiounen extreem héich waren, well deemools d'Entreprisen einfach voll Bicher haten a sech et konnten erlaben. A mir wëssen, wéi déi ganz wirtschaftlech Situatioun sech entwéckelt huet. An et ass elo net fir d'éischt, dass mer aus där doter Zäit elo Devis remaniéen hunn. An et erkennt ee jo wierklech gutt mat der Evolutioun vum Index, dass, wann een dat arechent, kee groussen Ënnerscheed méi eigentlech ass.

Dowéinst wollt ech awer profitéieren, fir ze soen, dass d'Hal awer ganz flott ginn ass. An dass net nëmmen d'Kanner do däerfe Sport maache goen, mee dass och den Dëschtennis ganz frou ass, do däerfen an enger Hal Sport ze maachen. De Moment ass nach eng Funktionalitéit bäikomm. Et kann een d'Hal nämlech och als Sauna benotzen, well nämlech d'Ventilatioun schonn net méi esou richteg funktionéiert. An do war dann, vu dass ënnen eng Schwämm ass, gëtt et dann, ouni Ventilatioun, uewe relativ waarm. An dat war am Fong da just meng Fro. Ech ginn dovunner aus, dass dat elo nach iergendwéi op Assurance oder Décennale oder iergendwéi esou leeft vun der Entreprise, dass dat net elo nach zousätzlech Käschte mat sech bréngt. A soss sinn dann och nach e puer aner Kannerkrankheeten. Mee ech mengen dat ass ganz normal.

Mee am grousse Ganzen ass et wierklech e flotte Projet. A mir sinn och domadder d'accord, dass eeben net an där Phas vun der Soumissioun dunn ofgebrach gouf, well mer awer mengen, dass et och virun allem fir d'Kanner um Strutzbierg an och déi aner Schoulen, déi dohinner schwamme ginn, awer wichteg war, fir do nees eng Hal ze hunn an eng Schwämm nees ze hunn. Sou dass mer dann och mat engem Knuet am Hals dann awer dat och musse matstëmmen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Ech géing mech am Fong deem uschléissen, wat d'Madame Thoma elo just gesot huet. Ech mengen och hei si mer der Meenung, dass déi Annulatioun vum Marché public net a Fro géing kommen, well do ass dréngend benéidegte Sportsraum. Ech mengen ech kann net als zweete Gemengerot no enger drëtter Sportsstonn froen an dann hei eppes drun aussetzen. Vun dohier, wéi et elo just gesot ginn ass, ech mengen et ass alles méi deier ginn, et ass an eng domm Zäit gefall. Mee dat do ass sécher eppes wat gebraucht gëtt, eppes wat wichteg war, dass et gemaach ginn ass. An och e grousse Merci un deen detailléierte Rapport vun deem, wat alles méi deier ginn ass. Dat huet et fir de Laien an deem doten Dossier, well och dat doten net aus menger Zäit am Fong ass, awer novollzéibar gemaach, dass eeben de Marché dat dote verlaangt huet. Dat heescht och dat dote wäerte mir matstëmmen. Villmools merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci fir d'Wuert. Jo, also wéi ech dee Saz geliest hunn: “Constatant en outre l'écart important entre le devis estimatif et la commande, plus précisément l'écart de l'ordre de 3,5 Milliounen, entre le dévis estimatif initial de la commande effective, écart dû à la réévaluation des coûts”, an esou weider, do hunn ech mech natierlech gefrot, ma firwat ass dann esou laang geträntelt ginn? An ech mengen d'Explikatioune krute mer entre autres, dass eeben och eng Soumissioun annuléiert gouf. A merci och fir d'Explikatioune vun der Evolutioun vun de Präisser, vun de Salairen an esou weider, vun den Haussë vun de Materialien. Dat ass mëttlerweil jo och scho bekannt. Mee wat mir awer bedaueren, dat ass, dass mir awer ëmmer esou e bëssen dat hei presentéiert kréien, wa mer et musse votéieren.

An dat ass eppes, wat mir als Oppositioun, ech mengen och an alle Borden ëmmer erëm soen: Firwat gi mer dat net eng Kéier en cours de route gewuer? Zum Beispill mat där Soumission annulée, keng Anung, wosst ech net bis haut. Dann, mir kënnen als Oppositioun, am Fong déi eenzeg Indikatioun, dass eng Deierecht vun eise Projets votés kënnt, dat ass wa mer de PPF kucken, de Plan pluriannuel. Dat ass eis eenzeg Source, well do kréie mer ëmmer d'Estimatioun vun de Projet votéen duergeluecht an awer och ouni Commentaire vum Schäfferot. An da wurschtele mer eis do derduerch a mir vergläichen dat da mat deene Plan pluriannuelle vun deene Jore virdrun, an da soe mer, oh hei, dee gëtt esou vill méi deier. Oh, dee gëtt esou vill méi deier. Den Atelier gëtt esou vill méi deier. An d'Déierenasyl gëtt esou vill méi deier. An d'Brillerschoul gëtt esou vill méi deier.

Firwat net, en Appell un de Schäfferot, net einfach mol eng Kéier en cours de route, mir si jo awer lo säit 2020 hei mat deem Projet amgaang, eng Kéier an enger Finanzkommissioun oder souguer an engem informelle Gemengerot oder an engem Huis clos wéinstens emol erwänen, firwat dass déi Saach net virugeet. A virun allem op wat sech déi Deierecht begrënnt. Dat ass eppes, wat mer bedaueren. An, jo, do ass awer nach, il y a du pain sur la planche, wat den Dialog tëschent dem Schäfferot an dem Gemengerot awer ubelaangt.
Zur Saach selwer, zum Projet selwer, bon, wéi gesot, mir sinn och frou, dass d'Kanner erëm kënne schwamme goen, virun allem schwamme goen. Turnen ass och wichteg, mee schwammen, et si sou vill Kanner, déi net méi schwamme kënnen, wat awer extreem bedauerlech ass. An do hu mer natierlech och Possibilitéite lo mat eiser neier Piscine.

Dass do eng Sauna illegal agebaut ginn ass, dat wosst ech net, mee bon, dann huele mer dat sou zur Kenntnis. Fréier hate mer emol hei e Conseiller, dee wollt ëmmer eng Sauna iwwerall abauen. Dee wär immens frou, den Här Schiffmann. Mee elo, bon, wéi gesot, nee, Spaass bäisäit. Jo mir hoffen jo, dass dat och nach dann awer erëm an d'Rei bruecht gëtt, dass dat awer elo net ze waarm gëtt. Wéi gesot, merci fir d'Explikatiounen. Mir bedaueren, dass et sou deier ginn ass. A virun allem bedauere mer, dass mer en cours de route net informéiert ginn. Mee mir wäerten trotzdeem awer dat heite matstëmmen. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Jo, Villes ass och elo schonn hei gesot. Ech menge just nach am Numm vun eiser Fraktioun si mer awer och elo frou, datt mer hei ganz transparent elo informéiert gi sinn iwwert déi Hausse. An ech mengen, wa mer elo kucken, natierlech ass et eng batter Pëll. Mee et ass jo schonn e puermol hei ugeklongen, et ass mengen ech eppes, wat an eng Zäit gefall ass, wa mer elo kucken, den Datum vum Devis estimatif, dat war de 25. September 2020, an elo haut, dat si genau déi véier Joer, wou ganz, ganz vill passéiert ass wat net an eiser Muecht war. An ech sinn awer och elo frou, datt d'Diskussiounen deementspriechend an eng Richtung ginn, datt mer endlech, awer mengen ech och an där Hisiicht enger Meenung sinn.

Ech hat nach am Virfeld e bësse gekuckt, fir mech ze preparéieren hei. Do ass mer och nach en Artikel virun d'Ae gefall, hei vum 27. Januar 2023 vum Reporter iwwert de Baupräisindex mat der Iwwerschrëft "Historescher Anstieg der Baukosten". Deen Artikel huet elo mëttlerweil schonn zwee Joer. Mee do ass eng Kéier fir alleguer déi, an Tëschenzäit gouf jo hei ganz, ganz vill gezweifelt, datt dat e globale Problem ass a keen Diddelenger, mee do ass awer mol eng Kéier ganz kloer an am Detail, an ech kann do e puer Sätz, a wéi gesot, deen Artikel huet zwee Joer, mol einfach nëmmen hei zitéieren: "Über ein Jahr betrachtet hat der Baupreisindex allerdings um ganze 15,9 % zugelegt. Eine derartige Entwicklung gab es zuletzt im April 1975. " Oder: "Der Grund ist laut Statec die Verteuerung verschiedener Materialien für den Mauerwerksbau, insbesondere von Zement. " An da geet et weider mat: "Stark ausgeprägt ist weiterhin der Preisanstieg im Bereich der Fermeture du Bâtiment, sprich Fenster, Garagentore, Fassaden. Innerhalb von zwölf Monaten nahmen die Preise hier um 18,6 % zu." Also dat, wéi gesot, ass schonn zwee Joer hier, gell. Dat ass dann nach esou weidergaangen.

Also nëmmen, fir eng Kéier ze soen, jo, et ass eng batter Pëll, mee op där anerer Säit si mer awer och, mengen ech heibannen eis eens, et war zu kengem Moment eng Optioun fir dat Ganzt ze stoppen. Ech mengen, wann een an esou enger globaler Kris stécht, da muss een derduerch. Mee ech muss awer och e ganz décke Kompliment maachen un d'Ekipp, déi hei un deem Devis an un där Ausféierung geschafft huet. Well hei gesäit een, datt mat ganz, ganz vill Responsabilitéit a ganz vill, jo, Perseverance dru geschafft ginn ass, fir nozehaken, fir net labberzeloossen, fir dat Bescht erauszeschloe fir Diddeleng a fir eis Steiergelder hei.

An dowéinst, jo, et ass net einfach, déi Präiserhéijungen, ech mengen do si mer eis all eens heibannen. Mee et ass jo och kee Wonner, datt ech soen, datt mir als Fraktioun natierlech deen Devis remanié matstëmmen. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Pardon, ech hat eng Fro virdru vergiess, well ech mer déi ganz ënnen notéiert hat. Dat war dat mat der Sonorisatioun, well do war eppes am APD virgesinn an herno war et op Null gefall. An Dir hat gesot, do kéinten nach zousätzlech Explikatioune gi ginn, an dat géing eis interesséieren. Merci.

SALA MAKUMBUNDU, CBA ARCHITECTS: Jo, villmools merci fir d'Froen. Also déi éischt Fro war jo fir de Präis vum zweete Marché LG Lux, déi do den eenzege waren, déi do ofginn hunn. Déi Soumissioun hu mer opgemaach de 7. Dezember 2021 mat 8.397.719. Nodeems dat dann annuléiert ginn ass, hu se eng nei Offer gemaach, déi war méi héich 8.635.999. a vun do u si mer dann an der Verhandlung erofkomm op 8.187.000. Si haten nämlech dann entretemps gesot, jo, dat ass jo erëm méi deier ginn, de Präis vun der Soumissioun hale mer net, et ass nach méi deier. An déi Deierung war esouwuel bei der Technik wéi och bei dem Parachèvement, awer proportional méi beim Parachèvement. Voilà, ech menge fir d'Sauna musst du schwätzen, Anja.

ANJA ADLER, SIMON-CHRISTIANSEN & ASSOCIÉS: Also, dieses Problem bezüglich Sauna in der Sporthalle ist durchaus bekannt. Vielen Dank auch für die Anmerkung. Wir sind mit der Firma, die das Ganze gebaut hat im Kontext, da sind auch Termine angesetzt. Es sind auch schon Probleme festgestellt worden, wahrscheinlich am Lüftungsgerät. Da gibt's auch schon einen Termin, wann der Hersteller vor Ort kommt, um das zu prüfen. Das sollen in den nächsten Tagen, Wochen, auf jeden Fall geschehen. Der Termin ist schon festgesetzt. Und mir stehen da eigentlich ständig in Verbindung mit der Firma, weil da ein eigentlich sehr gutes System eingesetzt wurde, was wir uns auch beim Hersteller angeschaut haben und haben vorführen lassen. Und demzufolge waren wir natürlich auch sehr enttäuscht, dass das jetzt zur Eröffnung problematisch war, weil dieses Problem eigentlich erst drei, vier Tage nach der Eröffnung aufgetreten ist. Aber wir arbeiten auf jeden Fall daran.

Bezüglich dieser Sonoanlage war die Situation ganz am Anfang des Projektes eigentlich so, dass man davon ausgegangen ist, dass eine Sonoanlage, also Beschallungsanlage jetzt nicht unbedingt notwendig ist. Aber im Verlauf des Projektes, als man dann auch über diese ganzen verschiedenen Arten der Nutzung der Halle gesprochen hat, ist man dann zu dem Ergebnis gekommen, dass es vielleicht doch sinnvoller und idealer ist, um eine Sonoanlage einzubauen, um einfach diese Nutzung dieser Halle besser zu gestalten. Dadurch kam eben auch ein Mehrpreis von ca. 120.000 € zustande, wo aber dann dieses, also das ganze Planungsteam und auch die Gemeinde der Meinung war, dass das doch sinnvoll wäre, das einzusetzen.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Also wann Der nach vun der Pop-up-Sauna wëllt profitéieren, da

maacht et virum 11. Dezember, well dann ass d'Interventioun effektiv sur place virgesinn, an der Hoffnung, dass mer dann de Problem an de Gréff kréien.
Ech wëll awer och nach dovunner profitéieren, wann ech schonn de Mikro hunn, fir dat nach eng Kéier ervirzehiewe wat d'Madame Kayser gesot huet: Eis Kanner zu Diddeleng sinn effektiv privilegéiert, dass se vu jonkem un dierfen alleguerte schwamme goen. Dat ass nach laang net iwwerall esou hei am Ländchen. An deementspriechend hëlleft dat doten eis natierlech mat der zousätzlecher Schwämm deem doten nach besser kënnen nozekommen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci. Ech wollt vläicht op e puer Punkten agoen. Mir sinn eng vun deenen eenzege Gemengen oder vun enger Rei Gemengen, net an all Gemeng ass dat de Fall, dofir si mer och mat der Situatioun konfrontéiert, déi Responsabilitéit iwwerhëlt, andeems se Sportinfrastrukture baut an dem Staat och deelweis zur Verfügung stellt. Et gi Gemengen, wou dat net de Fall ass, wou de Staat baut an de Staat der Gemeng Lokalitéiten zur Verfügung stellt. De Centre sportif René Hartmann, respektiv wa mer jo och hei am Hartmann, respektiv mat deem heite Complexe sportif bauen, da kënnt dat jo och effektiv de Schoulkanner zegutt am Kader vun der Organisation scolaire. An dat wat mer vum Staat och kréie vun Indemnitéiten, vun eise Schwammmeeschteren, déi do dobäi sinn, dat ass wierklech absolutt net bemierkenswäert.

Ech wëll do mol reagéieren, well jo och kierzlech an der Press eng Diskussioun war, wéi wäit d'Gemengen eng Contributioun gi par rapport zu Sportsaktivitéiten, respektiv par rapport zum Schwammen. An et ass och doropshin, wou mer och nach eng Kéier op déi Äntwert, op dee Presseartikel, deen do war am Kader vun enger Question parlementaire, dass net genuch Gemenge Responsabilitéit iwwerhuelen, et ass och an deem Kontext, wou mer nach eng Kéier de Sportminister saiséiert hunn, fir ze froen, eebe well mer grad Responsabilitéit als Stad Diddeleng huelen, mat de Sportsinfrastrukturen, déi mer dem Staat zur Verfügung stellen am Kader vum Enseignement fondamental, dass en do nach eng Kéier vläicht soll iwwert de Subsid kucken, deen en eis kann zur Verfügung stellen. An do nach par rapport zu der Hausse hei an zum Devis remanié och nach vläicht eng soll drop setzen, wat eis géif zegutt kommen. Well wann de Staat géif baue wier d'Situatioun sécherlech eng aner. Dat ass einfach e bëssen als generell nach Remark.

Ech si frou, dass de Projet awer par rapport zum Devis remanié, och wann en effektiv esou héich ausfält, Zoustëmmung fënnt. Ech wollt just eng Kéier eppes opgräifen, wat d'Madame Kayser gesot huet, si huet gefrot: Firwat huet et esou laang gedauert, ass esou laang geträntelt ginn? Oder et geet et net virun. Bon, eebe grad net. Ech mengen, Dir hutt jo hei ganz kloer erausheéiere vun den Erklärungen, dass et jo virugaangen ass, mee dass een déi Weeër, déi ee muss aschloen, wann een esou Situatiounen eeben huet anerer sinn, wou een d'Weeër muss maachen, bei enger Soumissiounskommissioun, fir et ze annuléieren, fir effektiv Negociatiounen ze entaméieren. Also, mengen ech, et ass ganz kloer net geträntelt ginn, et ass virugaangen, well mer jo och en Timing haten, dee mer wollten anhalen an dee mer, mengen ech, plus minus awer, mat enger klenger Verschibung, awer agehalen hunn. An ech mengen, dass et awer gutt gelongen ass. An och dat ass en Zeechen effektiv awer, dass een zesummen un engem Strang zitt. Dann, par rapport zu der Demande, fir de Gemengerot ze informéiere wann Depassementer sinn. Ech verstinn déi Remark säitens vun der Oppositioun, fir do méi au courant gehalen ze ginn. Mee eebe mat der Komplexitéit vu sou Situatiounen ass dat natierlech net evident, well een an engem Prozess ass, wou ee jo och nach diskutéiert mat deene verschiddenen Entreprisen, déi den Zouschlag kritt hunn. Wou kann een nach, wou ginn et ze vill Plus-valuen, wou ginn et Moins-valuen?

Et ass jo e kontinuéierleche Prozess. Dat heescht, wann een hei zu engem gewëssene Moment an de Gemengerot kënnt, da kann ee just eng Foto presentéiere vun enger Situatioun, a sécherlech net den definitive Chiffer. An da géif ech, wann ech an der Oppositioun wär, an ech maache jo säit engem Joer déi Erfarung, géif ech d'Fro da stellen: Ma ass dat do da wierklech dee leschte Chiffer, deen eis hei presentéiert, evoluéiert dat doten net an déi eng oder déi aner Richtung? Kommt wannechgelift zréck wann Der kloer Zuelen um Dësch leien hutt, dass mer wësse wou d'Rees definitiv ganz higeet. Also, wéi gesot, wéi een et mécht, ass et dann net richteg. Ech verstinn Är Iwwerleeung, ech si ganz bei Iech. Mee ech mengen ech géif dann och aner Froe stellen, wann ech zu engem gewëssenen Zäitpunkt géif heihinner kommen. A wou een awer keng Äntwert huet, ausser ze soen: Et ass en Depassement. Et huet e gewëssen Ordre de grandeur. Ouni awer ze wëssen, ob een deen nach ka reduzéieren zu 10 %, 20 %, 30 % oder méi, well dat eeben nach Objet vun Negociatioune sinn. Also, wéi eng Formule een do fënnt, weess ech nach net. Mee ech huelen et op alle Fall ganz gären op, an deem Sënn, par rapport zu deene Remarken, déi Der gemeet hutt. Ech mengen dat, par rapport zu der Diskussioun, déi, wéi gesot, hei gefouert gouf.

Ech spieren hei eng breet Zoustëmmung. Duerfir géif och proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem doten Devis remanié averstanen? ***Dat ass unanime.*** An da soen ech Iech villmools merci. An och der Ekipp merci, dass se hei war a fir Wuert an Äntwert och hei present war. Villmools merci.

**5.12. Approbatioun vum Prinzip fir en Emprunt vu 15.000.000.- € opzehuelen**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà. Da géife mer weidergoen op den nächste Punkt. Dat ass de Budget 2024, den Emprunt. Ech mengen Dir wësst, mer haten et virdrun der Budgetserklärung gesot, dass mer am Initial en Emprunt virgesinn hate vun 43 Millioune fir eng ganz Rei Projeten ze finanzéieren, déi Der kennt, sief dat d'Gafelter Schoul, Brill, sief dat d'Kanalisatioun zwëschent der Rue des Champs an der Lëtzebuergerstrooss, sief dat d'Rue des Écoles, d'Rue de l'indépendance, awer och, mengen ech, Containeren, d'Déierenasyl, d'Rue Nic Bodry, effektiv och

mat Logements abordables, déi nei Atelieren, hei effektiv de Strutzbierg. Ech hat am Kader vum Budget gesot, dass mer déi 43 Milliounen net brauchen. Mee dass et éischter dann op 35 Millioune geet. 20 Milliounen, wéi gesot, hate mer jo schonn hei am Gemengerot, wou de Feu vert gi ginn ass, déi mer och gezunn hunn. Hei ass am Fong dann d'Propos, 15 Milliounen ze zéien, eis de Feu vert ze ginn, dass mer dann hei déi Banken hei zu Diddeleng uschreiwe mat der Konditioun, dass et en Emprunt ass vun 20 Joer, dass se eis eng Propos maachen, wat den Taux d'intérêt variable 3 oder 6 Méint ass vum Euribor oder den Taux d'intérêt fixe. An dann, wa mer dann do Offere kréien, wéi gesot, da kënne mer den Zouschlag maachen. Voilà, dat als Erklärung elo zu deene, wéi gesot, 15 Milliounen Euro Emprunt, déi hei um Ordre du jour stinn. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci, Här Buergermeeschter. Merci fir d'Wuert. Jo, wéi gesot, ageschriwwen hate mer 43 Millioune Emprunt an 20 hu mer der geholl. An elo huele mer der gären "nëmme" 15, wuel wëssend, dass mer jo awer och relativ iwwerrascht waren, dass eise Budget rectifié awer vill besser ausgefall ass wéi mer geduecht hunn. Dass mer do awer elo ee substantielle Boni hu vu 7,3 Millioune. Wichteg ass och vläicht ze erwänen, dass mer an eisem Budget och nach Subsiden ausstänneg hu vum Ministère an der Zomm vun 13 Millioune, dat ass jo net näischt. Dofir ass eis Iwwerleeung, firwat net ofwaarde bis mer eisen Dekont hu vun 2024 an dann eréischt de Prêt zéien? Firwat ass elo déi Urgence?
Da kommen ech op dee Punkt, wou mer scho virdru gesot hunn. Kënnt Dir eis elo och scho soen, wéi vill méi deier ginn déi Projeten, déi hei virgestallt gi sinn, fir déi dëse Prêt sollt geholl ginn? Wéi vill méi deier leie mer do?

Dir sot, Dir sot eis dat net gären, well da kritt Der herno virgeworf, wann Der et depasséiert. Mee wësst Der, wann Der et reduzéiert, da gitt Der sécher net iergendwéi vun eiser Säit kritiséiert. A mir soen einfach, schwätzt einfach mat eis. No bausse wierkt dat och besser. Dat ass eng besser Transparenz. Natierlech ass d'Präisentwécklung e kontinuéierleche Prozess. Mee da kommt da maache mer och e kontinuéierlechen Dialog. Mee et ass einfach déi Roserei, déi mir dann ëmmer hunn, beim Plan pluriannuel vu Joer zu Joer, ginn déi verschidde Projeten, déi mer scho votéiert hunn, ginn déi einfach méi deier agesat. An da musse mir dat dann eis do zesummen aus de Fangere suckele firwat dat alles méi deier ginn ass. Firwat net dat einfach vill méi transparent eis matdeelen?

A wéi gesot, eis Propos, komm mer waarden of, bis mer Dekont hunn, komm mer waarde mol of, wéi et ass mat de Subsiden. Et sinn nach Subside vum Staat, jo an der Héicht vun 13 Millioune fir all déi Projeten, déi mer elo schonn um Lafen hunn, déi sinn nach ausstänneg. A wéi gesot, wann een déi och nach derbäi géif zielen, déi wäerte jo elo iergendwann awer eng Kéier kommen, dann hu mer vläicht awer d'nächst Joer nach Zäit vläicht fir de Prêt ze maachen. Dann hätte mer mol ee manner. Well de Prêt, et ass sécher wichteg, dass mer dat maache fir d'Infrastrukturen, déi och fir d'Zukunft wichteg si fir Diddeleng, mee och de Prêt, deen huele mir op, an eis Kanner an eis Kandskanner mussen dee bezuelen. An dofir si mir elo der Meenung, dass et vläicht elo grad esou gutt wär, wa mer elo mol géifen ofwaarden a vläicht dee Prêt eréischt d'nächst Joer zéien. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter. Jo, hei geet et jo ëm deen neien Emprunt do an der Héicht vu 15 Millioune an dat op eng Dauer vun 20 Joer. Mir fannen et richteg, dësen Emprunt fir 2024 elo bis Enn des Joers gewaart ze hunn, well am Laf vun dësem Joer och d'Scholdzënsen nach eng Kéier erofgaange sinn. Dat gesäit een och un der Entwécklung vum Eurobor. Den Eurobor ass en Zënssaz bei Empruntere tëschent Banken an Eurowärung. Deen ass op dräi Méint gerechent vun 3,25 % Ufank Oktober op 2,87 % Ufank Dezember erofgaangen. Eng gutt Saach fir eis. No 20 Millioune, elo deen zweeten Emprunt vu 15 Millioune ass scho gesot ginn, am Total also 35 Millioune, bei Gesamtausgabe bei Investissementer vun 63,7 Millioune laut Budget rectifié 2024. Datt 8 Millioune Euro manner geléngt musse gi wéi geplangt ass eng gutt Noriicht, besonnesch well dat net mat dem Sträiche vu Projeten ze dinn huet. An do si mer ganz houfreg drop, well mir sinn eeben net fir de Stëllstand, mee fir eng antizyklesch Investitiounspolitik ze maachen.

Mee et baséiert op enger besserer Finanzsituatioun vum ordinäre Gemengebudget 2024, dat gesi mer aus de Pabeieren. Wor och nach gemengt ginn, de Budget ordinaire initial 2024 wier sou gutt wéi am Equiliber, ergëtt sech elo aus den Donnéeë vum Budget rectifié 2024 en Iwwerschoss vun Einname vun ëmmer hir 15,5 Millioune Euro. Dës zousätzlech Verschëldung vu 15 Millioune Euro ass also ze verkraaften. A wat elo d'Subsiden ubelaangt, do kann ech nëmme soen, och aus anere Beräicher, also wann een op d'Subside waart, da muss ee Gedold hunn, an do weess een och ni wéini se kommen. A leider ass een dann awer op esou Chifferen, dat ass jo net näischt, ugewisen. An dofir mengen ech ass et richteg a gutt, sech als Gemeng och eng gewësse Flexibilitéit ze loossen an net last minute en catastrophe mussen op eemol eppes ze maachen. An dofir mengen ech ass dat hei eng wäitsichteg Politik, fir a Rou finanztechnesch hei deen Emprunt ze zéien. An d'LSAP-Fraktioun stëmmt natierlech mat Jo.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci, Madame Kohn, fir d'Zoustëmmung. Soss weider Froen? Dat ass net de Fall. Da géif ech vläicht op e puer Punkten agoen. Dat heescht dann déi proposéiert Punkten, déi d'Madame Kayser gesot huet. Ech mengen, dass hei de Subsid net 43 Millioune ass fir de Budget 2024, mee 35 Millioune huet jo domadder ze sinn, an ech mengen dofir ass et jo wichteg, dass mer esou laang gewaart hunn, well, nieft dem Rectifié, wou iwwert staatlech Dotatioune méi erakomme ass, jo och de Kont vum Joer 2023 en aneren ass, wéi dee wou mer effektiv am Initial haten. Dat spillt jo och mat, wou och dann deementspriechend mat sech bréngt, dass mer e manner groussen Emprunt brauchen opzehuelen, wat jo u sech positiv ass, wéi dat, wat initial

virgesinn ass. An dann, eng kleng Blague à part, also par rapport zu de Projeten, wa mer elo reduzéieren, wann et net sou deier kascht, da géift Der eis soen, Dir hutt et ënnerschat. An dat anert ass iwwerschat. Also deemno wéi een et kann dréien. Also voilà, à sa guise. Also sou oder esou kann een dann domadder spillen, ob een et ënnerschat huet oder iwwerschat huet, deemno wéi dann den Devis ausfält, respektiv wann d'Ausschreiwung gemeet gëtt.

Just par rapport awer zu de Subsiden. Einfach als generell Erklärung, well mer och op déi Subside waarden. Mee mir sinn do net eleng. Et kann ee soen, dass mer och als Syvicol och scho méi wéi eng Kéier monéiert hu bei deene staatleche Stellen. De Sportsministère mécht dat jo säit Joerzéngte ganz praktesch, dee bezilt de Subsid aus an Tranchen. A mir hu scho méi wéi eng Kéier bei deene verschidde Ministèrë gesot: Majo kënnt Der net op en änleche System wéi de Sportsministère? Dat hëlleft awer och an de Gemengen um Niveau vun de Liquiditéiten, déi s de dann hues. Well déi Projeten, déi hei opgezielt sinn, dat si Projeten, déi jo amgaange sinn, do komme jo och, do komme jo permanent Facturen eran. A wann een déi Subsiden, déi kommen iergendwann eng Kéier, mee déi meescht Subside ginn eréischt zum Schluss vum Projet, wann e fäerdeggestallt ass, ausbezuelt an eeben net an Etappen en cours de route, zum Beispill, wéi de Sportsministère.

Dat heescht, do gi mer eis net midd, och als Syvicol, an Diskussioun, déi mer mat de Ministèren hunn, als Aspekt Press op deen dote System ëmzeklammen, deen et jo scho säit Joerzéngte gëtt an deen en faveur ass vun de Gemengen. A wéi gesot, nieft dem Versteesdemech, dee mer kréien als Daachverband vun de Gemengen huet awer nach keen et esou richteg gemeet, esou dass ech awer mengen, dass mer hei op deen Emprunt awer zréckgräifen, fir engersäits déi Subsiden, déi mer kréien, déi séchergestallt sinn och säitens vum Staat. Mee voilà, déi awer, wéi d'Madame Kohn och gesot huet, op sech waarde loossen. A mir hunn awer hei très recurrent déi, déi erakommen duerch déi Konstruktiounsprojeten, déi mer hei hunn. An ech mengen et gëllt awer och dann déi Facturen ze honoréieren.

Ech géif proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem Emprunt hei averstanen? Dat sinn déi Gréng. ***Dat ass dann unanime.*** Gutt, villmools merci fir déi doten Zoustëmmung.

### 5.13. Allocatioun vu Subsides extraordinaires

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da ginn ech nach op de leschte Punkt iwwer éier mer op d'Presentatioun gi vun de Rapport d'activité vum Office Social, dat si Subsiden. Et ass engersäits ee Subsid, wéi all Joers, vun 30.000 € un "Diddeleng Hëlleft". Et ass ee Subsid vun 200.000 € un déi verschidde Veräiner, déi bei der Editioun 2024 beim "Summer, Spill a Spaass" matgemeet hunn. Et ass ee Subsid vun 211 € fir d'Amis des Brigades internationales. An et ass ee Subsid fir vu 6.000 € fir d'Amicale des Enrôlés de force, fir engersäits d'Ouverture vum Musée kënnen ze garantéieren, respektiv awer och, de Lycéesstudenten, déi och an de Projet mat erageklomme sinn, am Kader vun de Visite guidéeën. Froen dozou? Här Steffen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, merci fir d'Wuert. Ech hätt zwou kleng Remarken. Déi eng, dat wär eng Fro, an zwar Richtung vun der ASBL vun den Amis des Brigades internationales. Do hu mer 211 € stoen. Do hate mer awer och eng Kéier an engem Gemengerot gesot, mir géifen éischter op déi ronn Zomme goen a mir géingen do einfach opronnen. Do wollt ech einfach froen, ob dat doten nach gewollt ass oder op do éischter och 250 méiglech wier do? Dat war déi eng Fro. A bei där anerer Saach, do ass et am Fong esou, also déi 30.000 € un "Diddeleng Hëlleft", déi ënnerstëtze mer selbstverständlech, déi maachen eng ganz wäertvoll a wichteg Aarbecht. Dat fanne mer super. Mir fannen déi Projeten och gutt. Ech war op der leschter Assemblée générale, an ech weess och, dass hei zwee Leit am administrative Kommitee do sëtzen. An d'Memberen haten deemools op der AG gesot, si hätte keng Invitatioun kritt fir op d'Assemblée générale ze kommen.

An do war opkomm, dass et keng Lëscht eigentlech géing ginn, wou richteg d'Memberen all kéinte kontaktéiert ginn. Dofir hätte si iwwert e Facebook-Post, hätte si zur AG opgeruff. An do hunn ech mer eng Kéier d'Fro gestallt. Ech sinn eng Kéier kucke gaangen op den Internetsite, ob dat mëttlerweil behuewe wier. An dat ass et mëttlerweil nach ëmmer net. Ech ka via Digicash einfach drop klicken, da sinn ech Member einfach via Cotisatioun bezuelen. A vu dass mer awer vun den ëffentleche Gelder hei 30.000 € ofginn, wär meng Demande einfach, fir vläicht ze kucken, ob dat fir déi nächst AG dann esou géing gemaach ginn, wéi dat eigentlech virgesinn ass och vum Regëster hier.

Well do muss een, a jiddereen heibannen ass an enger ASBL, do muss een un den RCS alles och schécke vun Numm, Virnumm, Adress a souguer d'Nationalitéit froe se. An einfach esou, dass een och d'Leit dann, déi Member sinn, och ka convoquéieren op déi Assemblée générale. Ech mengen et ass eng flott Saach an et wier schued, wann op eemol d'Leit dobausse géinge soen, voilà, ech sinn net op déi AG invitéiert ginn, ech sinn awer elo do Member, ech géing awer gär wësse wat do lass ass. Dat einfach als zweet Fro oder Remark vläicht, fir matzehuelen dann. Mee mir ënnerstëtzen déi dote Subsiden awer och. Voilà, merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, merci. Ech hätt och eng kuerz Fro, awer dann zur Amicale des Enrôlés de Force. Dir hutt Iech et scho bal geduecht. Also mir hate jo am Mäerz schonn e Subsid extraordinär vu 5.000 € gestëmmt. An deemools hat ech gefrot, wéi et da weidergeet, well effektiv jo d'Amicale geschriwwen hat, dass se finanziell Problemer hätt. Wat ee jo och novollzéie kann, dass do eigentlech an der Logik schonn ass, dass se net méi Membere kënne kréien an éischter Membere verléieren an dowéinst et e bësse schwiereg ass, fir vum selwen ze iwwerliewen. An deemools war gesot ginn, mir ginn elo mol fir dëst Joer déi 5.000 € an da kucke mer, wéi et weidergeet. An et géing iwwerluecht ginn, fir dat vläicht einfach an de Budget

fir d'nächst Joer da matzehuelen, dass d'Gemeng dat einfach iwwerhält. Elo stëmme mer da fir dëst Joer nach eng Kéier 6.000 €. Dat heescht, mir sinn elo beim Duebelen. Ech hunn dat awer nogerechent. Also dat si keng geckeg Zomme wann ee rechent, wéi vill Stonnen an der Woch de Musée op ass. Dat si jo dräi Deeg d'Woch, dräi Stonnen. Also et ass kee Problem fir eis, dee Subsid ze bezuelen. Ech hu just eeben am Budget gekuckt an ech hunn awer och elo do näischt gesinn, dass do lo iergendeppes bäikomm wier. An ech wollt einfach froen, ob schonn d'Diskussioune vläicht mat der Amicale viru sinn. An ob ee weess, wéi et do elo an den nächste Jore wäert weidergoen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Okay, da probéieren ech op déi verschidde Punkten anzegoen. D'Amis des Brigades internationales, déi 211 €, ech mengen dat ass e bëssen de Calcul anhand vun der Fiche, déi si eragescheckt hunn, déi eise Service de Comptabilité gemeet huet unhand vun deenen Donnéeën, déi se ginn hunn an duerch déi Matrix, wou gemaach gouf, do ass deen heite Montant erauskomm. Si hunn eisem Comptabel dat eragescheckt, dem Här Poull, an deen huet doropshin d'Berechnung gemeet.
Dann, par rapport zu deenen 30.000 € vun "Diddeleng Hëlleft", wou zwou Persoune betraff sinn, déi och hei am Gemengerot sëtzen, op alle Fall als Membere vum Verwaltungsrot, et ginn och d'Memberen, déi hei am Gemengerot sëtzen, déi Member si vun där ASBL. Also et gi jo zwou verschidde Saachen, an ech mengen Dir hutt déi zwee awer e bësse vermëscht mam RCS.

Also statutteméisseg si mer eis amgaange par rapport zum neien ASBLs-Gesetz konform ze setzen, souwéi all aner ASBL. Dat huet elo näischt direkt mat enger Invitatioun ze dinn, déi e Member soll kréien iwwert Courrier oder en Appell iwwert Facebook. Dat ass mer awer an deem Sënn friem. Ech mengen d'Statutte sinn eng Saach, dat ass d'Statutten, déi eng ASBL sech gëtt wéi se se fonctionéiert mat hirem Verwaltungsrot. A wéi gesot, do si mer amgaang, eis am Kader vun deem neie Gesetz iwwert d'ASBLen ze konforméieren.
Dat anert ass, dass et scho wuel eng Memberslëscht gëtt vun deenen, déi iwwerweisen, mee ech mengen, d'leschte Kéier ass einfach vergiess ginn, déi Memberen ze invitéieren. Dat war iergendwéi am Äifer des Gefechts schifgaangen. A mengen ech fir déi nächst Generalversammlung huet dat an deem Sënn ze klappen. Also wéi gesot net weider dramatesch. An et ass och elo net, dass, well mer mer déi 30.000 € hei ginn, dass do net sollten d'Memberen invitéiert ginn.

Dann, par rapport zu deene 6.000 €, par rapport zu den Enrôlés de force. Also et ass eng ASBL, déi wéineg Suen huet, an déi jo kierzlech och probéiert huet, eng Kollekt vu Fongen ze maachen. Si ware jo e bëssen à l'initiative vun engem net oninteressante Film deen d'lescht Woch OpderSchmelz gewise ginn ass, also am CNA, am Starlight, wou och ganz, ganz vill Leit waren. Wou och d'Entrée gratis war, mee wou se dann duerno en Appel à dons gemeet hunn. Dat heescht, si probéieren och nei Memberskaarten op där anerer Säit ze verkafen. Ech mengen et ass dee Wee, deen et ass, fir dann och kënnen awer och iwwert deen dote Wee Suen, et ass elo kee Veräin, dee muer bei iergendengem Supermarché Thüringer verkafe geet, mat där Missioun an där Vocatioun, déi een och deementspriechend huet. An och, mengen ech, ass awer wann een hei kuckt, wat awer déi Orientatioun ass. An ech mengen dat mécht mer wierklech Mutt par rapport zu der Asbl, wann ee weess, wat Grënnungsmembere waren, déi Memberen, déi elo nach do sinn, déi e gewëssenen Alter hunn, déi net méi, duerch den Alter, och net méi à même si verschidden Aktivitéiten ze maachen.

An hei hu mer awer e Renouveau, well mengen ech déi Membere, déi am Moment do sinn och Kontakt gesicht huet mam Lycée Nic-Biever, wou och elo e Geschichtsproff ganz aktiv mat dobäi ass. Wou och Schülerinnen a Schüler ganz aktiv mat dobäi sinn a sech och natierlech do mat abréngen. Nieft den zwou Dammen, déi och do d'Ouverture garantéieren an eng kleng Indemnitéit kréie par rapport zu där Ouverture. An der Woch hunn zum Beispill d'Studente sech engagéiert, an dat war am Fong nach net virgesinn, d'Studente sech engagéiert och samschdes d'Ouverture ze maachen, zweemol de Mount, vum Musée. Dat heescht, dat bréngt zousätzlech Fraisen.

An ech mengen, wa mer schonn eng Synergie do hunn, wou och iwwert den Diddelenger Lycée, Geschichtsproff mat Schüler, an doriwwer eraus och nach aner Schüler de Musée kucke ginn, wou mer jo och Suen dran investéiert hunn, fir effektiv och komplett neizemaachen. Ech mengen da sinn dat heite kleng Montanten, déi sécherlech hëllefen e Coup de pouce ze ginn. An dofir hu mer deen nach eng Kéier hei och op hir Demande dra gesat. A fir d'nächst Joer 2025 ass e Montant am Budget dran. Dat heescht, mir brauchen dat dann net méi an deem Sënn ze verbuchen. Voilà, dat war jo och nach eng Fro. Voilà, ech mengen ech hätt déi néideg Erklärunge ginn, par rapport zu de Subsiden.

Da kënne mer zum Vott iwwergoen. Wien ass mer de Subsiden averstane? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

# 6. OFFICE SOCIAL



**Presentatioun vum Rapport d'activité vum Exercice 2023 an Approbatioun vum Budget rectifié vum Exercice 2024 a vum Budget initial vum Exercice 2025**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da gi mer riwwer op den Office social. An ech begréissen hei d'Vertrieder vum Office social a géif hinnen dann och direkt ganz gären d'Wuert ginn, ausser wann de René Manderscheid als Sozialschäffe wéilt nach e puer Wierder zum Office social soen. Dat ass net de Fall. Da géif ech dem President vum Verwaltungsrot, dem Romain Zuang, d'Wuert ginn.

ROMAIN ZUANG (PRESIDENT VUM OFFICE SOCIAL): Merci, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech begréissten Iech ganz häerzlech hei an dëser Ronn. Mir sinn an där aler Constellatioun. Ech hat Iech d'lescht Joer ëm dës Zäit gesot gehat, dass ech Iech gären eise Chargé de direction presentéiert hätt an en hat awer deemools en Accident de travail. An dës Kéier, gesitt Der, ass nach keen do, well mer eis vun deem Mann getrennt hunn. Ech hoffen dann elo, dass wa mer herno zum Engagement komme vun deem neien Direkter, dass mer d'nächst Joer dann hei an enger anerer Constellatioun sëtzen. Néanmoins maache mer dann den Exercice wéi ëmmer. Mir maachen eng kuerz Presentatioun vum Rapport d'activité. Dir hutt dat ganzt Dokument jo kritt an Ären Ënnerlagen. Mir zéien eis ëmmer eng Partie Sliden eraus, wou mer ganz kuerz op déi wëllen agoen. An da maache mer och nach d'Presentatioun vum Budget rectifié a vum Budget initial 2025. Voilà. Da fänke mer mam Rapport d'activité un. De Jacques Hansen mécht dat. Merci.

JACQUES HANSEN, OFFICE SOCIAL: Merci, Här President. Mir kommen dann zum Rapport d'activité 2023 vum Office social. Fir d'éischt fänke mer u mat dem Nombre de prestations non financières. Dat ass am Fong mol déi alldeeglech Aarbecht, déi d'Assistants sociaux an der Aide sociale maachen. Do sinn d'Zuelen, déi variéiere mol méi, mol manner. 50 % vun der Aarbecht dat sinn administrativ Aarbechten. Duerno komme Renseignementer ginn, Informatiounen, Orientatioune bei aner Strukturen oder Servicer, déi drop spezialiséiert sinn. Aide matérielle maache gi se och. Dat sinn da Bonge fir an den Cent-Buttek oder an de Kleederschaf an esou weider. An dann och d'Aide sociale. Dorënner versti mer d'Enquêten, d'Visitten och am Kader vun der Adresse de référence an och Accompagnement social fir déi Leit, déi an der Gestioun sinn.
Nombre de Prestations financières. Dat sinn all déi Demanden, déi finanzielle Charakter hunn, déi duerch de Verwaltungsrot ginn. Do hate mer eng Progressioun vun 9 %. Mee den Taux vun den Demanden, déi accordéiert ginn a refuséiert goufen, déi waren iwwert déi lescht Joren onvariabel.

Dann déi Prestations financières accordées. Dat si jo dann déi Secoursen, déi am Verwaltungsrot accordéiert goufen. Do hate mer och eng Progressioun vu 7 % vun 2020 un. Dat ass och dat éischt Joer 2023, wou mer déi Barre vun 200.000 € iwwerschratt hunn, mat 201.192 €. Do hat mer d'Joer virdrun 2022 nach 160.000 € Secoursen ausbezuelt. D'aides financières, déi sinn an dräi Beräicher agedeelt. Logement, do hate mer ronn 83.000 € bezuelt. D'Santé, knapps 75.000 € bezuelt an dann de Besoins quotidiens, iwwer 43.000 Euro bezuelt, deen ass och ferm an d'Luucht gaangen. Dobäi ass och ze erwänen, dass mer awer och niewent deenen do Secoursen och Hëllefe ginn hu géint Remboursement. Eng Zomm vu 84.205 €. Soudass mer op en Total insgesamt kommen op 285.000 €.

Komme mer zum Logement. Do hate mer eng Progressioun par rapport zu de Jore virdru vu 7 %. De Gros, wéi déi Jore virdrun, dat mécht de Loyer aus, e grousse Problem. D'Loyere sinn ze héich par rapport zum Akommes. D'Leit stellen eng Demande de Secours vun engem bis dräi Méint Loyer, déi se en retard sinn. Dat erkläert och dee Chiffer vun iwwer 38.000 €. An Autres aides, do ware vill Hotelsrechnunge vu Leit, wou mer Déguerpissement haten, respektiv duerch aner Ursaachen op d'Strooss gesat goufen. Mee och Kommissiounsfraise vun Agence immobilièren. De Santésberäich. Wat do klëmmt, dat ass den Tiers payant social. Do hate mer eng Progressioun vun 63 % insgesamt. Dee Chiffer, bon, do si mer op 27.000 €. Wat och weiderhi vill maachen, dat ass eng Weiderversécherung vu Leit, déi keng Krankekeess hunn, 22 %. Do hu mer iwwer 16.000, also knapp 17.000 € bezuelt.
An da Part patient bei 14 %, wat do elo eng Zuel vun 10.614 € ass. Dat ass dann déi Part, déi mer vun der Krankekeess net erëmkréien. Mee do musse mer awer och soen, dass mer awer insgesamt un Dokteschrechnunge bezuelt hunn e Montant vun 102.867 €, wat och en Héchststand war fir 2023.

Besoins quotidiens. Wéi scho gesot, dee Beräich ass och staark an d'Luucht gaangen. Knapps 70 % huet d'Täschegeld ausgemaach. Dee Chiffer vu knapps 30.000 €, dat verdeelt sech op 35 Beneficiairen. Dorënner sinn och dräi Famillen, wou duebel Täschegeld bezuelt gouf, respektiv Montanten an der Héicht vun den Allocations familiales. Donieft hu mer och nach fir iwwer 17 % also Crèchëfacture bezuelt. D'TPS, wéi mer scho virdru gesot hunn, dat wiisst. 60 % vun den Demandeure si Fraen, mee och den Taux vun de Kanner ass och geklommen op 13 %. Comptabilité, Gestion financière volontaire. Mir hu jo zwou Zorte Gestiounen, déi an der Aide sociale an och déi an der Gestion locative sociale. Wat hei opfält ass, dass hei d'Recettë manner si wéi d'Depensen. Normalerweis ass et ëmgedréit. Dat erkläert sech och doduerjer well an der GLS,

fir eng Wunneng ze kréien, muss een eng Gestioun akzeptéieren an och eng Epargne maachen. An hei 2023, do ware vill Konventiounen, déi à échéance komm sinn, wou dann och e bëssen Departe waren. An och déi Leit, déi fortgaange sinn d'Epargne matgeholl hu fir kënnen a Kautioun ze goen an och de Loyer ze bezuelen um private Marché.

Komme mer bei d'Activités d'insertion professionnelle. Den Office Social huet jo eng Konventioun mam ONIS ARIS vum Familljeministère. Dat ass och e Chiffer, deen all Joer variéiert. Do hate mer der, déi Aarbechtsleit schaffen am Kader vum REVIS, déi do eng Aarbecht, en Travail social musse maachen. Do waren der 123, déi en Travail d'utilité collective gemaach hunn. 109 ware momentan sans activité, déi hunn dann entweeder Coursë gemaach, fir kënnen herno, oder an enger Stabilisatiounsphas, medezinesch, therapeutesch, fir kënnen dann do an eng TUC eriwwer ze goen. An dovunner waren der dann och nach 16 carrement dispenséiert.
Komme mer bei d'GLS. 2023 do goufe 34 Demandë gestallt. 23 Demandë vu Fraen. D'finanziell Situatioun, 13 waren am REVIS, 12 haten e Contrat à durée indeterminée. Déi meescht Demanden natierlech Famillje mat Kanner. Et ware 26 Demanden.

D'Evolutioun vum Logement, d'GLS. Do hate mer 2023 en Total vu 64 Wunnengen. Dovunner waren der 50 a privater Hand a 14 vun der Gemeng. Do muss een awer och soen, dass der zwee Wunnengen am Laf vum Joer 2023 zréckgaange sinn un d'Gemeng, fir hire Service Logement. Dat war et zum Rapport d'activité 2023. Ech soe Merci.

ROMAIN ZUANG (PRESIDENT VUM OFFICE SOCIAL): Mir géifen dann direkt weiderfuere mat der Presentatioun vum Budget rectifié an duerno dem Budget initial 2025. An da géife mer dann duerno d'Froen, wann der do sinn, beäntwerten. Okay? Merci.

CAROLE WAGNER, OFFICE SOCIAL: Wéi gesot, ech gi ganz séier eng Kéier duerch de Budget, ech ginn elo net op alleguerten d'Zuelen hei an. Wéi all Joers hunn ech eng Kuerzfaassung vum Budget gemaach an engem Excel, dat heescht mat eise verschiddene Konventiounen, wou mer hunn am Ganze sechs Stéck. Fir de Budget rectifié 2024 hu mer am Ganzen am Budget virgesinn, Recettë vu 5.374.353 € an Depensë vun 5.222.381,93 €. Soudass mer do e Boni behale vun 151.971,07 Euro. Mam Boni vun eisem Kont 2023 vun 125.820,68 € hätte mer e Boni presumé fir 2024 am Rectifié vun, am Ordinaire fir 277.791,75 €.

Am Extraordinaire, do ass just d'Konventioun mat der Gemeng, do hu mer Recettë vun 238.590 € an Depensë vun 2.590 €, e Resultat vun 236.000 €, wat u sech eng Provisioun ass fir de Compte épargne-temps. Den Depensen, déi stinn eng Kéier, déi 2.590 €, dat ass de Fonds de roulement, dee steet eng Kéier esou gutt an der Recette wéi och an der Depense. Dat ass d'Evolutioun vun der Populatioun, déi 7 € pro Habitant an dat waren da fir 2024, 370 Habitante méi, déi bäikomm sinn.

An zum Budget 2025, do ass et am Total vum Budget, hu mer virgesinn an de Recettë 5.291.373 € an an den Depensë 5.115.473 €, mat engem Resultat vun 175.900 €. Mam Boni presumé vun 2024 vun 277.791,75 € wäre mer op engem Boni presumé fir 2025 vun 453.691,75 €.

Am Extraordinaire fir 2025, do hu mer an de Recetten erëm d'Evolutioun vum CET vun 2024 op 2025. Do hu mer virgesi fir 42.000 € plus de Fonds de roulement 630 €. An an den Depensen hu mer hei virgesi 700.630 €, do ass eeben déi 630 € de Fonds de roulement a 700.000 €, wou mer der Gemeng rembourséiere vun eisem Boni fir Finanzement vum Logement abordable.
Soudass mer an eisem Extraordinär fir 2025 e Boni nach hätte vu 651.940,12 €.

Op der zweeter Säit kommen ech nach eng Kéier zu den Haaptposten eebe vun der Gemeng. D'Participatioun vun der Gemeng Diddeleng fir 2024 an der Konventioun 0. Dat ass d'Konventioun vun der Aide Sociale, 50 % Gemeng a 50 % Ministère de la Famille. Do wär d'Participatioun vun der Gemeng 668.294 €. Dat géif ausmaachen 30,44 € pro Habitant.

Fir de Budget 2025 wär d'Participatioun vun der Gemeng Diddeleng 589.369 €. Dat géif ausmaache 26,73 € pro Habitant. Do hunn ech eng Kéier kuerz opgeléscht, wéi all Joers, wat u sech an där Konventioun 0 dran ass. Do ass eeben den Haaptposten d'Aide aux nécessiteux. Also d'Coordination administrative ass d'administratiivt Personal vum Office social fir 2025, bal 400.000 €. An déi Partie Aide aux nécessiteux, hei ass eng Kéier par nature opgeléscht, dat sinn eng Kéier d'Frais de fonctionnement vum Office social fir 126.000 €. An dann hu mer d'Personnel social, wou agestallt ass vum Office social selwer, dat sinn d'Assistante sociallen, fir 318.000 €. Mir hunn nach eng Assistante sociale, wou vun der Gemeng agestallt ass a wou detachéiert ass un den Office social, fir 136.000 €.

Fir d'Secourse wou accordéiert ginn, hu mer virgesi fir 2025, 197.000 €. An dann nach eng Kéier och eng Partie fir de Compte épargne-temps, eng Provisioun, am Fall wou eng Demissioun wär. An der Konventioun 1, dat ass déi 100 % Gemeng. Do hu mer ee grousse Posten haaptsächlech, dat ass eeben de Logement à prix réduit, wat am Office social alles ass, wat d'Gestion locative sociale ass, wou mer virgesinn hunn Depensë vun 1.103.500 €. A fir an der Konventioun 1 ass d'Participatioun vun der Gemeng Diddeleng fir 2025, 413.500 €. Wat och Personalkäschte sinn, dat ass, wéi gesot, eisen neien Direkter an d'Personal vun der GLS, eng Assistante sociale an en hallwen Administrativen. Voilà, dat war et fir meng Part. Merci.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Mécht d'Gemeng do och Mesuren, datt d'Leit fäeg si sech finanziell selwer ze assuméieren? Wéi zum Beispill de Leit hëllefen, eng besser Qualifikatioun ze kréien duerch d'Formatiounen an eng Aarbecht ze kréien? Dat wär eiser Meenung no eng proaktiv Aufgab vum Office social fir de Leit, déi am Besoin sinn ze hëllefen, an datt hir finanziell Situatioun

sech dann och verbessert an och d'Gestioun vun de Finanzen, souwéi och d'Gestioun vum Haushalt, Propretéit an Hygiène. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools merci, Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Villmools merci dem Romain an där ganzer Ekipp, zum Enge fir de Virtrag, dee wéi ëmmer ganz detailléierten Aktivitéitsbericht an och der ganzer Ekipp, déi d'ganzt Joer jo eng Aarbecht mécht, déi mengen ech net ëmmer ganz einfach ass a ganz schéin ass. Et ass jo elo déi zweete Kéier, wou mer, also zumindest déi Nei hei am Gemengerot, den Aktivitéitsbericht gesinn. Do hunn ech mech am Ufank ameséiert, d'Zuelen ze vergläichen, an do sinn ech awer relativ schnell op de Schloss komm, dass dat net esou einfach ass, well et zum enge relativ kleng Zuele sinn a wann dann eng Situatioun ännert, dann ännert de Prozentsaz extreem. An heiansdo, mengen ech, ass och ee Joer einfach an enger Situatioun speziell.

An ech mengen awer, dass een deelweis Trends kann erkennen, wann een och déi lescht Jore matenee vergläicht. Als Éischt wollt ech awer wierklech nach eng Kéier der Ekipp felicitéieren. Well ech mengen, also de Stigma, deen ëmmer ronderëm deen Aarmebüro war, deen hëlt wierklech, also deen ass net méi do. An et erkennt ee jo och, dass et eigentlech keen Aarmebüro ass, wann ee gesäit, dass d'Majoritéit vun den Demandë jo  Prestations non financières sinn. Dat heescht, et geet éischter ëm Informatiounen. An, anescht wéi ech elo e bëssen d'Gefill hat, dass dat bei menger Virriednerin ugeklongen ass, ass den Office social jo och net do just fir Aarmut ze verwalten, mee eebe grad fir de Leit eeben nees hëllefen op d'Been ze kommen. Wat jo zum Beispill an der Logik vun der GLS mam Liewensprojet, deen dohannert ass, ganz staark erauskënnt. Ech weess awer, dass d'Office sociauxen do anscheinend ganz ënnerschiddlech Approchen hunn. Do gëtt et vu Gemeng op Gemeng ganz ënnerschiddlech Saachen. Mee ech mengen, dass hei zu Diddeleng wierklech awer ganz positiv dorunner erugaange gëtt.

Wann ee sech d'Clientèle ukuckt, da gesäit een, dass d'Zuel lues a lues klëmmt. Mee effektiv net immens vill. An dass se awer och lues a lues ëmmer méi al gëtt. Déi eeler Leit, déi froen dann zwar virun allem Informatiounen a finanziell Hëllef wat d'Santé ugeet. Mee et entsprécht awer, mengen ech, engem nationalen Trend, dass den Aarmutsrisiko am Alter einfach extreem an d'Luucht gaangen ass an de leschte Joren. Nämlech an de leschten zéng Joer vun 3,9 % op 10,7 %, also well explodéiert ass. An ech mengen dass deen Trend och an den nächste Jore wäert weidergoen. An dowéinst hoffen ech, dass déi absurd Diskussiounen ëm Pensiounsreforme geschwënn ophalen.

Awer och d'Unzuel u finanziellen Hëllefen, déi klëmmt steeteg. Déi ass elo erëm ëm 10 % geklommen. An et ass fir mech awer e bëssen erschreckend, dass virun allem den Undeel u Besoins quotidiens, also un Täschegeld, esou massiv an d'Luucht geet. Well dat weist awer, mengen ech dass, Aarmut ass net, dass d'Leit op der Strooss sinn. Mee d'Leit hunn einfach keng Suen. An Aarmut ass, dass een net méi ka participéieren, dass een net méi weess, wéi säi Frigo fëlle kann. Ganz alldeeglech Saachen. An ech mengen dat hëlt ëmmer méi zou an dat ass awer scho besuergneserreegend. Ech war awer och erschreckt, dass den Undeel u Garde, Kannerbetreiung zimmlech krass an d'Luucht gaangen ass. Ech weess net, ob et dofir eng Erklärung gëtt? Bon, mir wëssen, dass mer och hei zu Diddeleng natierlech ëmmer e bëssen e Mangel u Crèchen nach hunn. Dat ass, wärend soss alles ganz gutt fonctionéiert, hu mer do vläicht e klenge Mangel, mee dat huet mech wierklech e bësse schockéiert, wéi dat an d'Luucht gaangen ass.

An do ass mer awer och opgefall, wou ech déi zwou Slide 15 vun dësem Joer a leschtem Joer verglach hunn, dass Frais d'études net méi opgezielt ginn. Do wollt ech froen, ob et dofir eng Erklärung gëtt? Bon, an dann, mir wëssen, de grousse Problem dat ass nach ëmmer de Logement. An dowéinst begréisse mer awer och wierklech déi Initiativ vum Office social, dass en do déi 700.000 € dann un d'Gemeng zeréckt gëtt, fir dass d'Gemeng dann och nees ka weider investéieren a Logement abordable. Ech fannen dat ass wierklech eng, also d'Gemeng gëtt jo relativ vill duerch déi Konventiounen och, wou ee gesäit, dass den Office social ëmmer quasi e positive Boni huet, ech weess, dass dat an anere Gemengen anescht ass. An dowéinst fannen ech dat eng flott Symbiotik, wann dann den Office social och nees Suen huet fir déi kënnen zréck un d'Gemeng ze rembourséieren.

An ech weess, dass grad do och d'Erugoënsweis vun den Office sociauxe ganz verschidden ass, wat zum Beispill d'Virstrecke vu Loyeren ugeet. Ech weess, dass dat a verschiddene Gemengen anscheinend guer net gemaach gëtt. Dat heescht, wann d'Leit hire Loyer net kënne bezuelen, bon, dann haten se Pech. An anere Gemenge kréie se emol ee Mount virgestreckt, vläicht och emol e puer Méint. Op verschiddene Plaze kréie se och einfach da guttgeheescht. Fir dass d'Leit erëm kënne Fouss faassen. Do wollt ech eng Kéier froen, ob et do wierklech eng Strategie gëtt oder ob dat hei e bëssen no cas par cas gekuckt gëtt, wat do d'Logik ass? An dann hunn ech gemierkt, ech weess elo net ob dat e Schreiffeeler ass oder net. Ech mengen dat ass d'Folie 13, do steet "Autres aides". A beim leschte Joer war dat "Autres aides liées au logement" an dës Kéier ass et "Autres aides liées à la fourniture d'énergie". An do do wollt ech just froen, ob dat dann effektiv dës Kéier, dee ganze Prozentsaz do just Fourniture d'énergie ass?

Bon, mir gesinn och, dass Energie, Gas, dass dat wierklech riseg an d'Luucht gaangen ass an do wësse mer, dass do wierklech, dass d'Leit elo scho wierklech vill Problemer hunn, fir nach d'Fourniture d'énergie ze bezuelen an dass dat natierlech d'nächst Joer dann nach wäert warscheinlech massiv an d'Luucht goen, wann nämlech de Plaffong opgehuewe gëtt. An dass do nach ganz vill Leit wäerten an d'Laberente kommen. Da sinn ech ganz frou, dat ass just eng Klamer, dass ech awer elo confirméiert krut, dass déi Leit, déi eng Adresse de référence kréien no der leschter Diskussioun, déi mer hei haten, dass déi op de Registre principal ageschriwwe ginn. Mee 45 Demanden dëst Joer, dat ass enorm, fannen ech. Ass dat sou einfach, dass

ee Joer einfach ganz vill Leit kommen an dann ee Joer keen? Well da gëtt et elo net wierklech en Trend, deen ee kann erkennen, mengen ech. Dat ass einfach esou wéi d'Leit kommen a wéi se d'Demandë stellen. An déi 45 Leit, dat si jo och Demanden, déi goufen net alleguerten akzeptéiert oder goufen déi alleguerten akzeptéiert? Neen.

Voilà. An der GLS gesäit een och, do kann ech dann och nach eng Kéier mat menger Virriednerin äntweren, dass 35 % vun deene Leit, déi eng Demande gestallt hu fir an der GLS, déi hunn en CDI. Dat heescht, do geet ee jo eigentlech dovun aus, wann een en CDI huet, dann ass een net an engem prekären Aarbechtsverhältnis, da misst een eigentlech eens ginn. An et mierkt een awer, dass déi Leit net méi eens ginn. An och dat ass e Problem, deen ëmmer méi an d'Luucht geet. Working poor ass jidderengem e Begrëff. Mee dat heescht, dat sinn net alles Leit, déi keng Aarbecht hunn an déi net op eegene Féiss stinn. Mee dat si Leit, déi eigentlech an der Realitéit sinn, an et geet awer net duer. An ech mengen dat ass wierklech de grousse Problem, deen ëmmer méi, méi grouss gëtt. A mir ass opgefall, dass d'Grënn, firwat d'Leit sech bei der GLS mellen och geännert hunn. Nämlech, dass net méi, d'lescht Joer waren der ganz vill, wou einfach Fin du bail war. Dat heescht, se hu missen eraus an se hunn eng aner Méiglechkeet fonnt. Mee elo ass et einfach, hire Logement ass net adaptéiert, en ass ze kleng an en ass insalubre.

An och dat ass mengen ech eppes, wat ëmmer méi zouhëlt, dass d'Leit an deelweis ganz problematesche Situatioune mussen, zum Deel hausen, well se einfach näischt Aneres fannen. An dat ass nach méi problematesch, wann ee weess, dass dat zum gréissten Deel Famille mat Kanner sinn. Voilà. Also dowéinst, ech fannen et ëmmer immens spannend, déi ganz Diskussioun, well een awer do vill gewuer gëtt, wéi d'Situatioun ass. Och hei zu Diddeleng, wou et eis jo eigentlech relativ gutt geet. A mir gesinn awer, dass awer vill Leit nach vill Problemer hunn. Dowéinst wollt ech awer mat enger positiver Nott ophalen. Den Undeel un Accorde bei der GLS, deen ass an d'Luucht gaangen an den Delai d'attente, deen ass erofgaangen. An dowéinst wollt ech dann e leschte Merci lassginn, an dat ass een un déi Privatleit, déi och ëmmer méi hir Wunneng oder hiert Haus eeben zur Verfügung stelle fir an der GLS. Well ech mengen och dat hëlleft jo dann deene Leit, déi et wierklech néideg hunn. Villmools merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. No esou enger kompletter Analys vun der Madame Thoma bleift mer net méi ganz vill ze soen zu deem doten Theema ausser mech eeben och de Mercien unzeschléisse fir d'Presentatioun, fir d'Aarbecht am Alldag, well ech mengen et ass elo grad och gesot ginn, wéi wichteg déi ass. Ech hat den Dossier Ufank der Woch eng Kéier gekuckt gehat. D'Madame Ahmedova hat eng Stellungnam dozou preparéiert, hir Stëmm huet se am Laf vum Dag verlooss. Dat heescht, ech kucken elo eng Kéier kuerz duerch hir Notiz hei ze kommen. Wat mir Ufank der Woch op alle Fall nach eng Kéier kloer ginn ass, wat ech mir erausgeschriwwen hat, dat war déi Panoplie einfach, déi Der ubitt u verschiddene Servicer fir d'Leit. Et ass, wéi d'Madame Thoma grad gesot huet, et ass net mat iergendengem Klischee méi behaft, bei iech ze kommen, wann een eppes brauch.

Ech mengen do si vill Renseignementer, déi gefrot ginn, vill Informatioun, déi gebraucht gëtt. An ech mengen dat ass wichteg, well dat och hëlleft, d'Dier e Stéck wäit opzemaachen, fir déi Leit, déi dohinner ginn, fir déi Gêne ewechzehuele fir einfach déi Etapp ze huelen a bei Iech ze kommen, well et eng Normalitéit ass, bei Iech ze komme wann een eng Hëllef brauch. Ech mengen dat ass e ganz wichtege Service, deen do ugebuede gëtt. An dat ka just derzou bäidroen, dass, jo, déi Cohésion sociale do awer nach méi gefestegt gëtt hei zu Diddeleng, wéi se souwisou schonn ass. Dann zwou Saachen hei nach, déi mer erugedroe gi sinn. Ech mengen d'Madame Romaine Goergen sëtzt och bei Iech am Verwaltungsrot. Déi huet eis do och en zimmlech ausféierleche Bericht gemaach vun all deene Slides vun der Presentatioun, déi si dann hat. Och vun hir nach eng Kéier. Super, wéi dat doten opgestallt ass.

D'Fro eeben och vun deem Direkteschposten, deen elo grad ugeschwat ginn ass, och deen ass ganz begréissenswäert, well d'Hoffnung stécht wierklech dran, dass do e Coordinateur social och nach eng Kéier doranner kënnt, deen d'Ficellë beieneen hält, fir an deem Office social déi verschidden Demanden ze koordinéieren an eeben och deene verschiddenen Demandë gerecht ze ginn. Ech mengen dat ass am Moment ganz, ganz schwiereg mat deene Moyenen, déi een huet, dat doten ze assuréieren an där Qualitéit, wou dat och gemaach gëtt. An dass do warscheinlech och nach wäerten Initiativen da vun him kommen, dat stellt eis dach awer positiv och fir mat Ausbléck op d'nächst Joer.

Wat eis och gutt gefall huet, dat ass, dat wat op deem viregte Slide ze gesi war, déi 700.000 €, déi erëm zréckginn, fir an abordabele Wunnraum ze investéieren. Ech mengen och dat ass e Gedanken, wou een einfach d'Suen an d'Hand och hëlt fir an d'Zukunft ze kucken, fir nach weider déi Offer auszebauen. An ech mengen dat ass e ganz wichtegt Zeeche wat Der do gitt. A voilà, villmools merci. A merci fir d'Wuert.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter. Och vu mir aus nach e puer Remarken an natierlech och e Merci vu Säite vun eiser Fraktioun, well ech hunn déi grouss Éier säit e puer Joer schonn am Verwaltungsrot ze sëtze vum Office social. Dofir hunn ech vläicht nach méi en interne Bléck op all déi Dossieren. Mir hunn elo grad d'Zuel héieren 3722 Dossieren, dat sinn 3722 Schicksaler. Dat heescht do gëtt och net einfach esou mam Kamp driwwer geschuer, mee do gëtt sech wierklech Zäit geholl, ob dat schonn d'Assistante sinn oder d'Mataarbechter oder ob et de Verwaltungsrot ass. Et gëtt sech ëmmer ganz, ganz vill Méi gemaach fir drop ze kucken. An da si mir natierlech och e puer Saachen an d'Ae gefall, souwuel wann een am Alldag am Verwaltungsrot sëtzt, mee awer och wann een hei lo mol nach eng Kéier dee flotte Rapport d'activité huet, da falen engem och Saachen op. D'Madame Thoma huet scho ganz vill gesot.
Mee och ass et nach eng Kéier wichteg eeben drop ze kucken. Well wann een elo déi Zuele kuckt, da sinn

63 %, dat heescht, quasi zwee Drëttel vun de Leit, déi Hëllef sichen um Office social elengstoend. Egal a wat fir engem État civil, also si se vu celibataire gescheet, verwitwet, egal. Mee dat weist eis, datt d'Liewen einfach immens schwéier ass, wann een eleng do steet. Besonnesch wann een dann och nach Kanner huet. Mee all dat ze stemmen, wat de Moment op een duer kënnt, mat enger Pai, dat gëtt ëmmer, ëmmer méi schwiereg.

Vun all de Beneficiaire gehéieren 73 % och theoreetesch zu der aktiver Bevëlkerung, well hiren Alter läit tëschent 25 a 60 Joer. An trotzdeem komme si net ouni Hëllef aus. Net nëmme finanziell, mee awer och déi administrativ Demarchen, Demanden etc. fir un Hëllef ze kommen, fir eens ze ginn am administrativen Dschungel, dat iwwerfuerdert ëmmer méi Leit. Dofir, aus iergendwellechen Ursaachen si se deem dann net gewuess. An dat sinn dann och 2023 waren 1885 Demandes administratives an 1362 Renseignementer, bezéiungsweis Informatioune gefrot ginn. An hei gesäit een och, datt ganz, ganz vill Leit eleng gelooss ginn an net eens ginn och mat der Digitaliséierung vun eiser Gesellschaft. Dat heescht, si hunn zwar Recht op verschidden Hëllefen a Mesuren, mee si ginn awer eleng och net eens. An dofir ass eng Ulafstell, wéi den Office social, eigentlech net méi ewech ze denken.

Och fir déi finanziell Ënnerstëtzung ze kréie féiert kee Wee laanscht den Office Social. 2023 ware 427 Leit drop ugewisen. Dat waren der nach 40 méi wéi 2022. 41 % dovunner waren Demanden am Logementsberäich, a 37 % am Gesondheetsberäich. An dat ass och eppes, wat mer um Häerz läit. Mir hunn et virdru gesinn, déi Demanden, déi sinn immens an d'Luucht gaangen, wat den Tiers payant social ubelaangt, den TPS. An do gesäit ee wéi wichteg dat wär, datt den TPS eigentlech generaliséiert misst ginn. Well wa mer elo, wann ee weess, wéi laang een hautdesdaags waarde muss, bis datt ee rembourséiert gëtt, da kann ee sech vläicht ausmolen, datt fir een, dee sech esou schonn um Enn vum Mount um oder ënnert dem Existenzminimum lieft, da kann dat zu existenzielle Problemer féieren. Séier kann et da passéieren, datt aner Rechnungen eeben net bezuelt ginn an den Däiwelskrees hëlt säin Ufank.

Gëschter stoung awer dann an enger Zeitung ze liesen, datt elo soll alles besser gi bei der CNS, an dat wier da mol e gudde Virsaz fir dat neit Joer. E ganz wichtegt Instrument bei der Aarmutsbekämpfung ass och zum Beispill d'Allocation de vie chère. Dës Majoritéit hat jo d'Allocation de compensation pour taxes communales nach eng Kéier ëm 5 % gehuewen. Op 50 % vun deem wat de Staat ausbezilt. A säit 2020 gëtt et och nach dann d'Prime Energie. An trotzdeem gesi mer, datt et nach ëmmer schwiereg ass fir Leit, déi net esou vill verdéngen oder déi einfach duerch e Schicksalsschlag oder aner Ëmstänn a Problemer komm sinn am Liewen, datt déi sollen d'Enner beienee kréien. Den Office social hëlleft natierlech och beim Ufroe vun der Allocatioun, well och hei géife vill Leit net dovunner profitéieren, wäre si op sech eleng gestallt.

En anert wichtegt Thema beim Office social sinn och déi Adresses de référence, déi schonn direkt an indirekt mam Logement ze dinn hunn. Géif et déi net ginn, da wären nach vill méi Leit ausgeschloss. Ouni eng Adresse de référence, wär et zum Beispill net méiglech, verschiddene Saache wéi de Chômage oder de REVIS unzefroen. Eng Adresse de référence, déi gëtt et awer nëmme fir sechs Méint, déi duerch den CA vum Office social all Kéiers cas par cas gekuckt an och accordéiert gëtt. Do gëtt natierlech och gekuckt, an ech soen dat, well heiansdo gëtt dobausse gemengt oder heibannen och, datt d'Leit beim Office social alles nogehäit kréien, ouni dass se sech missten dofir ustrengen. An dat ass net wouer. Ech mengen et muss een e Projet de vie hunn, et muss ee weisen, datt ee matschafft. Et muss een eebe gudde Wëlle sinn, wann een dohinner geet. An dann ass dat och kee Problem mat der Adresse de référence.

Den Däiwelskrees ass bekannt. Ouni REVIS, dann op eemol kritt ee keng Aarbecht, keen CDI, da kritt ee kee Bail. Mir kennen de Problem. An d'Leit sinn heiansdo gezwongen, well se keng Wunneng fannen, op déi sougenannte Cafészëmmeren oder aner zäitlech begrenzte Locatiounen zréckzegräifen. An do wëll ech elo mol hei eng Kéier menger Roserei e bësse Loft maachen, well et ginn och Businessleit an eiser Gemeng, déi ganz bewosst vun der verzweiwelter Lag vun de Leit profitéieren. Och hei ginn et Leit, déi Zëmmere verloune vu bis zu 1.600 € de Mount an a Kaf huelen datt de Leit domat Waasser bis zum Hals steet.

Zréck zum Office social. Vun den Hëllefen, déi den Office social accordéiert, well et ginn der och refuséiert, mussen der och ganz, ganz vill vun de Beneficiairen zréckbezuelt ginn. Do beweege mer eis awer am Kader vun engem Gesetz. Mee den Här Zwang wäert dat sécher herno erklären. An och 91 % vun de Kautiounen am Logementsberäich mussen esou zréckbezuelt ginn. An da wäre mer och scho bei der GLS. Vun de 24 Demandë fir eng Sozialwunneng waren hei och erëm 23 Fraen an 11 Männer. Et ass och näischt Neies, wa mer gesot kréien, datt een, deen eleng am Liewe steet an déi Käschten all muss stemmen, mat engem Akommes et am schwéiersten huet. Wéi gesot et sinn 62 %.

Am Joer 2023 huet d'GLS 50 Logementer vu Privatproprietäre verwalt a 14 Logementer vun der Gemeng Diddeleng. An deene Wunnenge goufen et 20 Entréeën ze vermierken an 12 Sortien. A virdru war et och schonn ugeklongen. Mir sinn immens frou, datt och do d'Zäiten, wou ee muss waarde fir an esou eng Wunneng ze kommen, méi kleng gi sinn an datt ëmmer méi Leit dovunner profitéiere kënnen. Eng gutt Nouvelle ass och elo, datt mir, ech wëll awer elo dem Gemengerot net virgräifen, mee hoffentlech dann elo mat deem neien Direkter, Tom Mossert, en Direkter kréien, deen déi super an engagéiert Ekipp do uewen an der Maison sociale completéiert.

Ech wëll zum Schluss nach eng Kéier e ganz, ganz décke Merci soe vun eis all fir déi super Aarbecht, déi Dag an Dag aus geleescht gëtt vun der Administratioun bis zu den Assistanten, der Direktioun, dem CA ënnert der Leedung vum Romain Zuang. Ëmmer gëtt

genee gekuckt, fir déi beschte Léisung ze fanne fir de Leit ze hëllefen. Mir kënnen op alle Fall all heibannen zu Recht houfreg sinn op eisen Office social a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech soen Iech Merci fir d'Wuert. Meng Ried wäert weesentlech méi kuerz ausfalen. D'Madame Kayser huet sech jo elo entschëllege gelooss, well se muss op d'Aarbecht fueren an et ass normalerweis si gewiescht, wou dann och Positioun geholl hätt. Op alle Fall vun onser Säit aus vun der CSV soe mir Iech villmools Merci, fir déi gutt Aarbecht, déi Dir iwwert d'ganzt Joer leescht. An Äre Service ass mat Sécherheet ee vun deene wichtegsten, déi mer hunn. Firwat? Ma ganz einfach, well ech a Länner war, wou et keen Office social gëtt. Ech hu Länner a Stied gesinn, wou et den Office social einfach net gëtt, an do mierks de wéi d'Spiral vun der Aarmut a Kriminalitéit no ënne geschloe gëtt. An dofir ass et wichteg, dass de de Leit alleguerten op allen Niveauen ënnert d'Äerm gräifs, déi wou Hëllef brauchen. Wann s de Familljen hëllefs, wou an der Noutlag sinn, hëllefs de forcement schonn de Kanner an dem Nowuess an domadder evitéiers de ganz kloer, dass d'Spiral vun der Aarmut weidergeet an et soll een am Fong alles Méigleches drusetze fir déi Spiral no ënnen ze ënnerbriechen.

Jo, déi elengstoend Familljen, déi elengstoend Leit mat Kanner, déi sinn immens betraff, deene geet et net esou gutt, déi falen och éischter an dat Schema eran, déi wou Hëllef brauchen, well effektiv de Logement e grousse Problem ass, wéi d'Madame Kohn et och gesot huet virdrun. Jo, et ass schwéier fir mat enger Pai iwwert d'Ronnen ze kommen. An dofir soe mer Iech Merci, dass mer jiddwereee kënne bei Iech schécken. Ech schécke vill Leit bei Iech. Ech roden ëmmer de Leit un, déi wou iergendwou an eng prekär Situatioun kommen, dass se bei Iech kommen an ech kréien ëmmer de Feedback, dass se si gehollef kruten. An et ass dat, wat wierklech wichteg ass, an et ass dat, wat mer och brauchen. A just fir d'Madame Kohn ze berouegen, déi Saach mam Tiers payant, déi leeft. Dat hu mer grad nogekuckt nach hei. An et si scho 491 Dokteren, déi wou den Tiers payant direkt dann adaptéieren. A wéi Der gesinn hutt, och op der Gesondheetskeess geet alles positiv weider.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Als Éischt emol e grousse Merci fir deen detailléierte Bericht. En Office social, deen do ass fir de Bierger, déi e Besoin hunn, ze hëllefen an ze kucke fir dass dës Leit erëm op d'Bee kommen, kann nëmme gelueft ginn. A sécherlech ass et och fir si net ëmmer ganz einfach, wann déi Leit, déi si opsichen, vun hire Schicksaler erzielen. Aarmut, an awer och Aarmutsrisiko, ass eng Problematik, déi allgéigewäerteg ass, an et gesäit een ëmmer erëm, dass d'Zuelen an dësem Kader leider nëmmen an eng Richtung ginn, an zwar net an déi, déi mir eis wënschen. De Problem mat der Wunnengsnout ass och bekannt. An et ass traureg hei ze héieren, wéi d'Madame Thoma et och richteg gesot huet, dass Bierger, déi schaffen, also eng bezuelten Aarbecht hunn, et net méi all hikréie fir sech eng Wunneng ze beschafen. Et freet mech ze héieren, dass och an dësem Dossier eisen Office social awer alles druleet, fir de Bierger an Nout dobäi ze hëllefen, fir en Daach iwwert de Kapp ze kréien. Dofir Iech all e ganz grousse Merci fir déi wäertvoll Aarbecht, déi Dir verriicht. An ech sinn op alle Fall mol dofir, dass Dir all déi Ënnerstëtzung sollt kréien, déi Dir braucht, fir Är Aarbecht beschtméiglechst kënnen auszeüben. Villmools merci.

ROMAIN ZUANG (PRESIDENT VUM OFFICE SOCIAL): Voilà, merci. Merci och fir déi vill Mercien an déi vill Luewen, déi dir eis erëm eng Kéier dëst Joer ginn hutt. Mir huelen déi selbstverständlech mat dorobber an d'Maison sociale, do wou eis Leit sëtzen. Hei sëtzt een Deel, do uewen sëtzen der nach, an do huele mer ganz gären déi Luewen do mat. Effektiv, hutt Der och gesinn un de Chifferen, mat de Passagen, bei den Nombre de prestations non-financières 3722 par rapport zu 3307. Also gesäit een, dass sech net do gelangweilt gëtt. Et kommen awer wierklech vill Leit erop, fir nëmme Saachen ze froen. Renseignementer, wéi gesot, mir hunn dat erkläert, fir eng Aide matérielle oder eng Aide sociale ze kréien an esou weider. Also et ass scho relativ vill Passage. Dir hutt och gesinn, dass eis Zuel vun de Prestation financièren och eropgaangen ass vum leschte Joer op 40 Unitéiten. Dat ass esou, eng Populatioun wiisst, vill Leit kommen op Diddeleng bäi. An dat sinn och vill Leit eeben och, déi eebe Secourse brauchen, déi eeben dann och op den Office social direkt da kommen. Voilà. Also domadder steigeren natierlech sech och d'Zommen, déi mer ausbezuelen. Ech mengen Dir hutt déi Saach selwer alleguerte gutt analyséiert.

A beim Logement, wéi gesot, do hu mer och, dat ass eist Suergekand Nummer 1. Wéi gesot, dee Problem Nummer 1, deen ass de Logement an dee bleift en och nach warscheinlech eng gewësse Zäit. Och do hu mer, wéi gesot, e Plus vu 7 % vun Ausgaben, wou mer de Leit hëllefen. Wéi gesot, do ass deelweis gefrot ginn, mat de Loyeren, wéi dat gemeet gëtt. D'Madame Thoma, mengen ech, hat déi Fro gestallt. Ma dat gëtt effektiv au cas par cas analyséiert. Also et ass esou, mee wéi gesot, wann ee kënnt, deen endlech eng Wunneng fonnt huet. Oder en huet e Problem, dass en zum Beispill eng Kéier net op e Rendez-vous war an da kritt en dräi Méint de REVIS gestrach. Dann hu mer d'Situatioun, dass natierlech, deen nächsten, d'Rad dréint da weider, da kommen d'Leit natierlech erëm zréck op den Office social an da bezuele mir natierlech déi Leit do, an dat ass dann och ganz oft contre Remboursement. Wann dann effektiv erëm den normale REVIS kënnt, da kënnen d'Leit jo och dann erëm eng Partie zréckbezuelen. Dat heescht, dat gëtt ëmmer mat der Assistante sociale dann ausgehandelt. Et gëtt natierlech net déi ganz Zomm beienee gefrot, mee natierlech Parten, jee nodeem wéi hiert Gehalt et ausweist. Et kënne Montante si vun 30, 50 €, jee nodeem wéi d'Famill verschëlt ass oder ob se nach genuch Moyenen huet, fir nach de Rescht ze couvréieren. Voilà. Also, wéi gesot, kee Fuedem, wou einfach Jo oder Neen ass, a wierklech Analys, cas par cas.

Da war och gefrot ginn no de Frais d'études. Do war effektiv kee Fall méi do. Mir haten do eng Kéier dee Fall do, wou mer e Kand ënnerstëtzt hunn, dat seng Etü-

den an England gemeet huet, wou et hierkomm war. Voilà. An dofir war dee Montant deemools entstanen. An, voilà, et ass elo keen esou e Fall méi do. Also et si vill Saachen, déi net einfach systematesch sinn. Et ass ëmmer eng Iwwerraschung, wann e Client kënnt, en neie Client kënnt, da weess een am Fong geholl net, firwat, dass e kënnt. Mee wéi gesot, et gëtt gehollef, wou et nëmme méiglech ass.

D'Garde d'enfants, jo, dat ass effektiv och e Problem, dass d'Leit ganz oft hire Montant, dee se ze bezuelen hunn, hei zum Beispill bei der Gemeng, wou awer jo awer trotzdeem de Chèque service eng enorm wichteg Roll spillt. Also wéi gesot, déi kréien do de Montant ausgerechent, dee se musse bezuelen, an dat si ganz, am Fong geholl, minimal Chifferen. Mee do gëtt gewaart a gewaart a gewaart, bis dat dann op eng Kéier en décke Chiffer ass, an da komme se erop fir da gehollef ze kréie fir deen dann ze bezuelen. Anstatt direkt ze intervenéieren, direkt ze kommen. Neen, da gëtt gewaart, bis ee Joer, zwee Joer… bis dann, jo, dat ass net gutt. Do sinn d'Leit ganz einfach heiansdo liddereg. An dann hues du der awer och anerwäerts, déi an enger Crèche sinn, jo gutt, déi musse 60 Stonne bezuelen. Déi kréien och zwar de Chèque service do, awer nëmme fir 20 Stonnen. Dat ass natierlech eng aner Saach, gell. Natierlech falen do aner Zommen dann un. Mee och och do, wéi gesot, gëtt heiansdo ze laang gewaart.

Dann, wat war nach esou ugefall? D'Madame Spagnuolo hat nach nach no där Formatioun gefrot. Jo, den Office Social kann natierlech keng Formatioun ginn, d'Gemeng och net. Mee awer mir drainéieren d'Leit natierlech bei eise Service Emploi. An déi, nodeems se d'Analys da gemaach huet, wat d'Leit kënnen oder net kënnen, kënne se dann a verschidde Formatioune weiderschécken. Voilà. Ech mengen dat ass fir d'Leit eng Hëllef dann, deemno wouhin ze geschéckt ginn. A wéi gesot, wa se an der GLS sinn, da musse mer jo e Plan de vie erschaffen. An andeems gëtt, wéi gesot, déi puer Schrëtt do schonn direkt initiéiert, dass d'Leit sollen direkt kucken, dass se direkt d'Sprooch léieren. Eng Sprooch mat där se sech kënnen hei debrouilléieren. An dann, wéi gesot, dann och nach déi Geschicht fir sou schnell wéi méiglech op den Aarbechtsmaart ze kommen, wann et nëmme méiglech ass. Voilà.

Dann hu mer, mat der Adresse de référence, jo, 45 Stéck waren d'Joer 2023 der vill. Och do gëtt et keng Reegel. Do kann d'Dier opgoen, all Dag wéi ee seet. Bon, Diddeleng war ëmmer relativ grousszügeg an der Vergab vun Adresses de référence. Mir haten, ech hat Iech dat d'lescht Joer scho gesot gehat, op der Journée sociale 2022 hat d'Madame Monti do en Appell gemeet hat, dass een do soll e bësse méi flësseg mat där Saach ëmgoen. Jo, dass d'Gemengen, d'Offices sociauxe respektiv, jo, d'Gemengen och, well et muss een oppassen, eng Adresse de référence, do mécht den Office social zwar d'Analys, d'Demande gëtt och effektiv an der Maison sociale gemeet, mee mir maache just en Avis. Den Avis un d'Gemeng. An d'Gemeng kann nach ëmmer sech do natierlech iwwert deen Avis setzen. Wann do gesi gëtt, dass den Avis vum Office social vläicht ze streng war oder esou, da kann d'Gemeng awer nach ëmmer een zouloossen oder net. Anerwäerts, wéi gesot, da kritt de Client eebe keng Adresse de référence. Dat huet awer ëmmer seng Ursaach. Dat gëtt elo wierklech och net einfach esou gemeet, mee wierklech muss ee kucken, dass och do eng gewëssen Zilsetzung ass.

Wéi gesot, mat där Geschicht mat deene sechs Méint um Territoire, do, do si mer eis och net alleguerten eens. Also am grousse Ganze misst dat Gesetz vun der Adresse de référence och eng Kéier richteg op de Leescht geholl ginn an eng Kéier richteg Consignë sinn, dass all Mënsch, all Office d'social, all Gemeng sech am Fong geholl an engem gewëssene Kader kann, kéint beweegen. Voilà.

D'CDI-Geschicht, jo, effektiv, wann een dat gesäit, da seet een, déi hunn dann en CDI. Jo gutt, en CDI bei deene Loyeren, déi's de dann hues. Kuck emol eng Famill mat zwee Kanner, mat dräi Kanner, véier Kanner, déi musse ganz oft dann d'Allocation familiale bäirechnen, d'Kannergeld bäirechnen, dat ass de Problem. An dat soll jo net dofir geduecht sinn. Mee leider Gottes ass dat awer d'Realitéit. Een CDI geet net duer. Dat heescht, do misst schonn effektiv dann och d'Fra, dee Moment an deem Stot och en CDI hunn, dass se iwwerhaapt, an dann nach, ech hat Iech dat och schonn d'lescht Joer gesot gehat, déi meescht Locatioune lafen iwwer Agencen, an d'Agencë kréien den Optrag fir hire Client. Sich mer een. Sich mer dee Beschten, deen s de fënns natierlech. An do ass déi grouss Hürd do dass keen do fräiwëlleg seet, hei, et kann och roueg emol eng Kéier, dach, wann d'Haiser relativ um Enn sinn, hate mer schonn, dass dann effektiv gesot gëtt hei, dat Haus do gëtt ofgerappt, et dauert eeben nach e Joer zum Beispill, da kann déi Famill nach e Joer dohinner goen.

An da si mer op eng Kéier erëm mat der Salubritéit an der Securitéit an der Geschicht, wou's de der seess, hei déi gi wierklech dohinner. Da ginn et der awer och ganz vill déi laanscht eis ginn, déi wierklech iergendwou an enger Wunneng wunnen, wou se am Fong geholl gebengelt ginn. Dat heescht, wou se dann einfach dee Loyer bezuelen, obschonn dass se a ganz schlechte Konditioune sinn. D'Haaptsaach denken d'Leit sech dann, mir hunn eppes. Dat ass de Problem. Déi ginn dann och ganz oft net ugemellt op deene Plazen an, an, an. Also dat ass schonn net evident.

Voilà. Den Här Steffen, deen huet jo, effektiv vum Coordinateur social geschwat, dass dat eng gutt Saach wär. Dat stëmmt och. Dass den Incentive do kënnt. Ech mengen et ass net um President fir dat deeglecht Geschäft do ze leeden. Ech mengen et ass wierklech wichteg, dass e Mann vum Fach do ass, dee sech där Saach do bewosst ass, an deen effektiv nei Initiative kann huelen. Wat eise Chargé, vun deem mer eis eebe getrennt hunn, eeben net konnt, net fäeg war, net realiséiere konnt.

Jo, déi 700.000 €. Ganz kuerz e Wuert dozou. Firwat ass et dës Kéier kee konkrete Projet? Dir erënnert Iech, 2017, fir déi eeler Semesteren, déi nach heibanne sinn, hat de President deemools e konkrete Projet

ginn. Dat war 37 bis 39, Rue du Commerce. Et ass awer elo esou, dass mer als Office social net méi kënnen, also net Bailleur social wëllen a kënne sinn. An doduerch mer elo kee konkrete Projet méi hunn, wou mer selwer kënnen exploitéieren. Zum Beispill déi zéng Zëmmeren, wou mer jo am Fong geholl gesot haten, dass mer déi gären hätte fir eise Service Jeunes. Deen hu mer dann effektiv elo och dem Service Logement iwwerdroen, vu dass mer dann am Service Logement eeben déi Kontrakter do, wou eng Aide à la pierre war. Voilà, dat maache mer och elo mat anere Wunnengen, déi mer vun enger Institutiounen hunn, déi eng Aide à la pierre kruten. Déi wëlle mer och der Gemeng an dem Service Logement da ginn. Hate mer och gefrot, ech mengen den Här Gangler weess schonn, wouvun ech schwätzen. Dat gesi mer dann d'nächst Joer nach e bësse méi konkreet. Voilà, ech weess net, ob nach ee soss eng konkreet Fro huet? Ob ech vergiessen op eppes ze äntweren? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools merci op alle Fall fir d'Äntwerten an och d'Explikatiounen. Da sinn op alleguerten d'Froe geäntwert ginn. Dofir och e ganz grousse Merci dofir. An da géif ech proposéieren, dass mer, mengen ech, no der Presentatioun an och Diskussioun zum Vott hei deementspriechend iwwerginn. Dass mer dann och déi Konten an de Rapport d'activité 2024 an den Initial 2025 hei kënne guttheeschen. An dofir dann d'Fro: Wien ass mat der Situatioun, der finanzieller Situatioun esou wéi se hei presentéiert an diskutéiert gouf averstanen?
***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

Voilà. Ëm sechs Auer ass d'Ouverture vum Chrëschtmaart. Mir sëtze scho laang hei. Mir hunn nach eng Gemengerotssitzung nächste Freideg. Mir hu jo d'Stellungnam, wéi gesot, vun de Conseilleren aus Majoritéit an Oppositioun. An ech géif och proposéieren, dass déi aner Punkten, dat dauert net méi allze laang, dass mer déi dann do dobäisetzen. Sou dass mer an deem Sënn, fir haut no laange Sitzungen, déi mer hei haten, erléist sinn. Villmools Merci a bis gläich. •

## Wéilt och Dir eng schéi bléiend Blummewiss bei Iech hunn?
## Nom Wanter geet et lass: Mäerz bis Abrëll ass et nees Zäit fir unzeséien!

Fir d'Bestëbser an d'Biodiversitéit ze ënnerstëtzen ass eng qualitativ héichwäerteg Geseemsmëschung mat Wëllplanzen aus eiser Regioun gëeegent. De Naturschutzsyndikat SICONA an de Naturmusée hunn viru puer Joer zesumme mat weidere Partner eng Lëtzebuerger Someproduktioun vu Wëllplanzen opgebaut. D'Baueren vun der *Wëllplanzesom Lëtzebuerg*-Genossenschaft produzéieren dëst Geseems vun heemesche Wëllplanzen op hire Felder. D'Planze ginn no ökologesche Krittären ugebaut, de Som gëtt recoltéiert an d'Firma Rieger-Hofmann stellt d'Geseems dann zu verschiddene Wëllplanzemëschunge fir Lëtzebuerg zesummen.

Jiderengem, deen eng Blummewiss bei sech doheem am Gaart oder op ëffentleche Gréngflächen uleeë wëll, recommandéiere mir d'LUX-Mëschunge vum *Wëllplanzesom Lëtzebuerg*. Dës Mëschungen enthalen nëmmen Aarten, déi zu Lëtzebuerg natierlech virkommen a wichteg Fudderplanze fir eis heemesch Päiperleken an aner Insekte sinn.



E Feld vum *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* fir d'Produktioun vu Geseems.



Déi véier LUX-Mëschungen fir de Siidlungsraum. D'Qualitéit gëtt duerch eng Zeritifizéierung séchergestallt.

Kommt Iech en Echantillon vun enger LUX-Mëschung an de Guichet vun Ärer Gemeng sichen!

## Wou kann ee LUX-Mëschunge kafen?

Fir Flächen ëm 25 m² an den Dierfer a Stied kennen méi grouss Tute vun de véier Mëschungen LUX-Blumenwiese, LUX-Blühender Schotterrasen, LUX-Bunter Saum & Schmetterlingspflanzen an déi nei Mëschung LUX-Fugenmischung bei follgende Partner an Ärer Ëmgéigend kaaft ginn:

- Angelduerf, Barenbrug Luxemburg
- Bartreng, a.c.i.e.r. Luxembourg
- Bartreng, co-labor
- Colmer-Bierg, De Verband V Shop
- Diddeleng, Fondation Kräizbierg
- Dippech, Mon Jardin
- Kockelscheier, Haus vun der Natur
- Léiweng, De Verband V Shop
- Ollem, Naturschutzsyndikat SICONA
- Réiden op der Atert, Op der Schock
- Réiden op der Atert, Waasserhaus
- Steesel, Bamschoul Becker
- Useldeng, Tourist Info Wëlle Westen

Weider Verkafsplazen a vill zousätzlech Informatiounen zum *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* fannt Dir op: www.wellplanzen.lu.

All d'LUX-Mëschunge kënnen och a gréissere Quantitéite bei der Firma Barenbrug zu Angelduerf oder online am Web-Shop vun der Firma Rieger-Hofmann (www.rieger-hofmann.de) ënnert „Mischungen für Luxemburg" kaaft ginn.



### Fir déi richteg LUX-Mëschung auszewielen, berode mir Iech gären.

Naturschutzsyndikat SICONA
12, rue de Capellen L-8393 Olm
T : (+352) 26 30 36 25
E : administration@sicona.lu

one world. one humanity.
gender equality
grow together.

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# FEMMES* & CULTURE

## Participez aux rencontres et échanges !

## FRAUEN* & KULTUR

**Beteiligen Sie sich an Begegnungen und Austausch!**

**Programme**
Programm

**sega-dudelange.lu**